

INFO °08 19 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 18. SEPTEMBER 2019
A VUM 9. OKTOBER 2019

Séances du 20 novembre 2019

- [Séance du 29 octobre 2019](#)
- [Séance du 9 octobre 2019](#)
- [Séance du 28 septembre 2019](#)
- [Séance du 17 juillet 2019](#)
- [Séance du 25 juin 2019](#)
- [Séance du 5 juin 2019](#)
- [Séance du 15 mai 2019](#)
- [Séance du 20 avril 2019](#)
- [Séance du 14 décembre 2018](#)
- [Séance du 5 décembre 2018](#)
- [Séance du 25 novembre 2018](#)
- [Séance du 17 octobre 2018](#)
- [Séance du 22 septembre 2018](#)
- [Séance du 11 juillet 2018](#)
- [Séance du 6 juin 2018](#)

Conseil communal du 20 novembre 2019

Conseillers présents

Christiane Bressel-Ransoh (bourgmestre, déléguée), Tom Uebbing (1^{er} échevin, CSV), Paula Aguiar (échevine suppléante, déléguée), Georges Uebach (échevin, délégué), Robert Mangin (échevin, CSV), Guy Altmeppen (LSAP), Fred Bernardi (LSAP), Gary Diderich (1^{er} échevin suppléant, LSAP), Serge Goffinet (LSAP), Jerry Harlang (CSV), Félix Meisch (DP), Eric Müller (LSAP), Lucas Poggas (dé. group.), Youan Rickerts-Nilles (dé. group.), Ali Ruckert (KPP), Christiane Seest (DP), Yvonne Schwachtgen (dé. group.), Guy Tempels (CSV), Nicole Wohl (1^{er} échevin suppléant)

Ordre du Jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.



2. Premier discours d'un conseiller communal.



3. Nouveau tableau de présence du conseil communal.



4. Projets communaut.

1. Plan cyclable national PC# – Analyse, jonction et autres projets à Madsdorf et Differdange – dev. c., article budgétaire 4914221311009;
2. Extension et transformation de l'École Our Bod à Ockingen – plans et devis définitifs, article budgétaire 4914221311009

Infos & renseignements







Liens rapides

- [Agenda](#)
- [Annuaire](#)
- [Carte du citoyen](#)
- [Départements administratifs](#)
- [Formulaires administratifs](#)
- [Galerie photos](#)
- [Informations](#)
- [Ma zone locale](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFOBLAT⁰⁸¹⁹

COMPTE-RENDU DU 18 SEPTEMBRE 2019

3-64

COMPTE-RENDU DU 9 OCTOBRE 2019

65-76

CERTIFICATS

77

DÉCLARATION DE DÉCÈS

77-78

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
 Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Mirko Mengoni

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
 L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 08/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 18 SEPTEMBRE 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)	Serge Goffinet (LSAP)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	Jerry Hartung (CSV)
Christiane Brassel-Rausch, échevine remplaçante (déi gréng)	François Meisch (DP)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)	Erny Muller (LSAP)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Laura Pregno, (déi gréng)
Paulo Aguiar (déi gréng)	Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)	Ali Ruckert (KPL)
Fred Bertinelli (LSAP)	Christiane Saeul (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
	Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux : réaménagement de la rue Belair et de la rue Pasteur à Differdange – plans et devis, article budgétaire 4/624/221313/18012.
3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :
 - a. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit « Parc des sports » à Oberkorn conformément aux dispositions de l'article 30 bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;
 - b. Plan d'aménagement particulier au lieudit « Entrée en ville — Tower » à Differdange, convention et plans d'exécution.
4. Finances communales : première modification ordinaire de l'exercice 2019.
5. Actes et conventions :
 - a. Contrat de réservation de 80 logements dans un immeuble en futur état d'achèvement situé dans le projet Gravity (PAP « Entrée en ville — Tower ») à Differdange ;
 - b. Acte notarié visant acquisition d'un appartement avec jardin au lieudit Grand-rue à Differdange ;
 - c. Acte notarié visant acquisition d'une vaine au lieudit Michenfeld à Niederkorn ;
 - d. Contrat de bail d'une maison située dans la rue Duchscher à Oberkorn avec le syndicat intercommunal SIKOR et son AIS Kordall ;
 - e. Résiliations de contrats et nouveau contrat de bail d'un espace au 1535° Creative Hub ;
 - f. Contrat de bail avec Modell Truck Frënn ASBL concernant une partie de parcelle située à Lasauvage ;
 - g. Convention de mise à disposition d'un terrain situé le long de la rue Duchscher à Oberkorn.
6. Dénomination du nouveau hall polyvalent à Oberkorn.
7. Règlements communaux :
 - a. Règlement des taxes, tarifs et prix — ajouts au sein du chapitre B — Culture ;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
8. Changements au sein des commissions consultatives — entre autres nomination d'un nouveau président pour la commission des bâtisses.
9. Questions des conseillers communaux.
10. Interpellation portant sur des travaux au lieudit Gréidebiérg.

1. Communications

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance du 18 septembre. Il espère que les conseillers communaux ont passé de bonnes vacances. Il passe aux communications.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

demande si le point 5c peut être retiré de l'ordre du jour. Car il jouxte le terrain au sujet duquel le conseil communal demande des explications.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

n'est pas d'accord. Mais la proposition peut être soumise à un vote. Pour Roberto Traversini, il s'agit d'un acte normal.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

remercie le bourgmestre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose de maintenir l'ordre du jour tel qu'il est.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

demande des éclaircissements.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que les conseillers communaux souhaitant que l'ordre du jour ne change pas doivent voter oui. Ceux voulant une modification doivent voter non.

(Vote)

CAROLE FRIEDRICH (SECRÉTAIRE)

constate qu'elle a oublié M. Aguiar. Le résultat est de 11 votes oui et 8 votes non.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux communications.

TOM ULVELING (CSV)

tient à remercier les collaborateurs ayant réussi à rénover l'école du Woiwer en un temps record. Ils ont réussi à rénover deux étages en deux mois, éclairage et armoires compris. Un grand merci à M. Schammo et M. Schenkels. La façade de l'école du Fousbann a aussi pu être terminée dans les délais. Tom Ulveling remercie les collaborateurs.

M. Beni a, quant à lui, réussi à terminer le nouveau Hall de la Chiers à temps. Tom Ulveling

BUERGERMEESCHTER ROBERTO**TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie fir eis Gemengerotssitzung vum 18. September. Ech hoffen, Dir hat eng schéi Vakanz an datt Der gutt erholl sidd, fir dat neit Joer zesummen unzufänken, am Interêt vun eiser Stad.

Mir hunn dräi Kommunikatiounen matzedeelen, ier mer zum Ordre du jour kommen. Déi éischt Kommunikatioun, Här Ulveling, deelt Der eis déi mat.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt eppes zum Ordre du jour froen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO**TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Kënne mer de Punkt 5c zum „Minchenfeld“ erofhuele vum Ordre du jour? Well deen direkt bei deem Terrain ass, wou mer haut driwwer diskutieren a wou mer Opklärung brauchen. An ech et net opportun fannen, doriwwer ofzestëmmen, ouni déi Opklärung ze hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO**TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee, ech fannen net. Wann Dir dat gär hätt, da ginn ech dat zum Vott. Dann ass et de Gemengerot, deen decidéiert, ob deen drop bleift oder net. Dat heescht, et ass en normalen Akt. Ech sinn der Meenung, datt dee soll drop bleiwen.

Okay. Dann zum Vott vum Ordre du jour, fir den Akt erofzehuelen. D'Propos ass, datt den Ordre du jour esou bleift, wéi en ass.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Nach eng Kéier méi kloer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO**TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'Fro ass, ob den Ordre du jour esou bleift, wéi Dir en heemgeschéckt kritt hutt. Deen, deen der Meenung ass, e soll esou bleiwen, stëmmt mat Jo. A wien der Meenung ass, e soll net esou bleiwen, seet Nee.

Le conseil communal décide avec 11 oui et 8 voix non de ne pas modifier l'ordre du jour.

Domadder bleift den Ordre du jour, wéi en ass. Mir géifen dann zur Kommunikatioun kommen. Här Tom Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt haauptsächlech haut dovunner profitieren, fir eise Leit hei Merci ze soen, déi wierklech an enger super Zäit déi ganz Schoul vum Woiwer komplett renoviert hunn. An zwee Méint. Wou mer am Fong net geduecht hätten, dass et méiglech wär. Mä si hunn et fäerdegbruecht. Dat heescht, déi ganz Schoul, op zwee Stäck ass vun uewe bis ënnen alles nei gemaach ginn, vun der Beliichtung bis zu de Schief. Dat alles an zwee Méint. Dat ass wierklech sportlech.

Dofir wëll ech dem Här Schammo an dem Här Schenkels Merci soen. Datselwecht fir d'Fassad vun der Schoul um Fousbann. Déi ass och termingerecht fäerdeg ginn. Dofir och hinnen e grouse Merci. Datselwecht dem Här Beni – do wäert ech duerno nach drop zrëckkommen –, deen eisen neien Hall de la Chiers, dee mer dann haut anescht wäerten nennen, och fristgerecht fäerdeg kritt huet. Ech wollt eise Leit emol eng Kéier eng Unerkennung aussprechen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO**TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Dat ass och gutt gesot. Den Här Georges Liesch huet och eng Kommunikatioun.

1. Communications / 2. Rues Belair et Pasteur

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Eng ganz kleng fir eis Bierger: An der Entrée en ville, lénks a riets, wann een an Déifferdeng kënnt, sinn elo zwou Plaze fräi ginn duerch de Reamenagement vun der Kräizung. Do war nach esou e bësse Broochland, wat net ganz schéi war. Do gëtt am Moment de Makadam ewechgemaach.

Zesumme mat eiser Gäertnerequipe hu mer e Plang ausgeschafft, wéi mer déi Plaz amenagéieren. Do wäerten also an deenen nächste Wochen Aarbechte kommen. Soudass dat eng flott, accueillant Entrée en ville gëtt. Wann d'Leit sech solle froen, wat do entsteet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmoos Merci. Déi drëtt Kommunikatioun, Dir kënnt Äre Calepin eraushuelen: Mir hunn decidéiert, den 9. Oktober nach eng Gemengerotssitzung ze maachen, moies um aacht Auer. D'Erklärung ass folgend: Wéi Der sécher an der Press matkritt hutt, hunn ech geschter e Recommandé vun engem Affekot kritt. Et geet ëm eise PAG. Dat, well ech um Vott deelgeholl hat.

Am Nachhinein hu mer gesinn, datt net nëmme ech eleng betraff sinn, mä och nach en anere Conseiller. Et gëtt gesot, ech hätt net dierfen un deem Saisine-Vott deelhuele. Elo gëtt et zwou Méiglechkeeten. Déi eng Méiglechkeet ass: Et gëtt eng Jurisprudenz, déi ganz kloer seet, datt dee betraffene Conseiller an ech selwer hätte kéinten um Vott deelhuele. Dat ass eng Jurisprudenz. Ech kann Iech déi ausdeelen. Ech hunn déi vum Inneministère geschéckt kritt. Déi Jurisprudenz seet kloer, datt mir do kee Feeler gemaach hunn.

Ech mengen, datt et de Bierger an de Biergerinnen hiert gutt Recht ass ze soen, dat ass net richteg. Mä wa mer prozesséieren, verléiere mer Zäit. Da gëtt dee ganze PAG blockéiert a wäert méintelaang schleefen. Fir deem aus de Féiss ze goen, proposéiere mer, den 9. Oktober de Vott vum Juni ze annulléieren an en neie Vott direkt déiselwecht Seance ze huelen.

Domadder verhënnere mer, datt et zu enger Geriichtsaffär kënnt – wat ech

grad erkläert hunn, mat der Jurisprudenz, datt dat an der Rei ass. Mä esou kréie mer kee Blockage. Mir verléieren héchstens dräi Méint. Wann et op d'Gericht géif kommen, verléiere mer éischstens emol vill Zäit an zweetens vill Käschten, Affekotskäschten. Wou ech der Meinung sinn, datt een dat sollt si loossen.

Dofir maache mer den 9. Oktober – Dir kënnt Iech et opschreiwen – eng Gemengerotssitzung. Dir kritt déi Jurisprudenz nach ausgedeele, datt déi zwee Conseillere, déi d'Saisine gestëmmt hunn, hätte kéinten dobäi bleiwen. Dat ass déi drëtt Kommunikatioun.

Elo géife mer zur Dagesuerdnung vun eiser Gemengerotssitzung vun deem heiten Dag kommen. Mir fänken u mat engem ganz flotte grouse Projet, eise Belair. Mir haten do vill Biergerversammlunge gemaach. An ech mengen, datt et kee Feeler war, datt mer d'Leit mat eragezunn hunn. Do ass e flotte Projet erauskomm. Den Tom Ulveling wäert eis d'Erklärungen dozou ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll Iech de Projet vum Chantier Rue Belair a Rue Pasteur virstellen. Wéi Der wësst, hate mer d'Populatioun den 22. Mee an eng öffentliche Sëtzung geruff, fir hinnen dräi Varianten, déi eis Servicer ausgeschafft haten, virzestellen an ze beschwätzen. Am Gespréich mat de Bierger gouf d'Variant dräi vun enger ganz grousser Majoritéit, bis op e puer Leit, déi dat net esou wollten, ugeholl. Et sollt deemno eng Zon 20 ginn an eng Spillstrooss.

Wat geschitt elo? Scho laang ass driwwer geschwat ginn, dass d'Strooss Belair net méi den haitege Gegebenheeten entsprécht. Do besteet de Problem, datt nach Bläiverbindungen an de Raccorde sinn. Dat muss onbedéngt behuewe ginn. Soudass mer e Projet ausgeschafft hunn, dee summa summarum eng 4,6 Milliounen Euro TTC wäert kaschten.

Wat geschitt elo genau? Dee ganze Stroosseraum vun ongeféier 10.000 m² gëtt renovéiert. 1.200 m² si Stellplaze fir Autoen am Eco-Pawee, dee waasser-

voulait leur exprimer sa gratitude.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique qu'à travers le réaménagement du carrefour de l'entrée en ville, deux terrains se sont libérés à droite et à gauche. Le service jardinage a élaboré un plan pour embellir ces sites. Les travaux commenceront au cours des prochaines semaines.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) annonce qu'une séance du conseil communal supplémentaire aura lieu le 9 octobre à 8 h. En effet, il a reçu une lettre recommandée d'un avocat hier parce qu'il a pris part au vote sur le PAG. Il n'est pas le seul membre du conseil communal concerné.

Il reste deux options. Une jurisprudence autorise clairement le bourgmestre et le conseiller communal en question à prendre part au vote. Roberto Traversini l'a reçue du ministère de l'Intérieur. Les citoyens ont le droit de ne pas être d'accord, mais la commune n'a pas commis d'erreurs. Cependant, lancer une procédure judiciaire retarderait fortement l'adoption du PAG. C'est pourquoi Roberto Traversini propose d'annuler le vote de juin et de soumettre le PAG à un nouveau vote le 9 octobre.

Il rappelle que la jurisprudence donne raison à la commune. Mais il ne veut pas bloquer le PAG. Soumettre celui-ci à un nouveau vote fera perdre trois mois tout au plus alors qu'une procédure judiciaire coûterait beaucoup de temps et d'argent à la commune. La séance supplémentaire aura lieu le 9 octobre.

Roberto Traversini passe à un projet dans la rue Belair. Plusieurs réunions d'information ont eu lieu et le collège échevinal a réussi à convaincre les riverains.

TOM ULVELING (CSV) présentera le projet de la rue Belair et de la rue Pasteur. Le 22 mai, le collège échevinal a présenté trois variantes à la population. Une majorité d'habitants a opté pour la variante numéro 3. Le site de-

2. Rues Belair et Pasteur

viendra une zone 20 et un espace de jeu.

En l'état actuel, la rue Belair ne correspond plus aux normes contemporaines. Les raccordements contiennent encore du plomb. En tout, le projet couvrira 4,6 millions d'euros TTC.

Concrètement, la route sera rénovée sur 10 000 m². Des places de stationnement écologiques sont prévues sur 1200 m². Le macadam sera coloré sur 4100 m². Mille-cinq-cents mètres carrés sont destinés aux fleurs et aux arbres. Les trottoirs seront recouverts de pavés antiques. Aux croisements seront installés deux plateaux surélevés pour réduire la vitesse des voitures. Des chicanes réduiront la vitesse du trafic dans les rues, où les enfants pourront jouer. Les escaliers des rues Metz-kimmert et de la rue Belair seront refaits et les canalisations rénovées. Les différents raccordements ainsi que 35 réverbères sont également prévus.

Un des objectifs était de perdre le moins de places de stationnement possible. Actuellement, il y en a 118. À la fin des travaux, il en restera 113.

Les cerisiers ont été analysés par M. Drouart, le spécialiste des arbres de la commune. Ils sont tous atteints de champignons et se trouvent en fin de vie. Des 171 arbres sur place, seuls 48 seront conservés, mais 111 nouveaux arbres vont être plantés. Un système d'arrosage est également prévu.

Le devis pour l'ensemble des tâches se monte à quelque 4,6 millions d'euros TTC. Les honoraires s'élèvent à 350 000 €.

La soumission aura lieu en automne 2019. Les travaux commenceront en 2020 et devraient se terminer au printemps 2022. Ils se dérouleront en cinq tranches: entre le cimetière et la rue Belair, la partie haute de la rue Belair, la partie basse de la rue Belair, le reste de la rue et enfin la rue Pasteur. La commune fera son possible pour que les riverains puissent accéder à leurs garages. Avec ce projet, la Ville de Differdange investit dans la qualité de vie de ses citoyens. Tom Ulveling

duerchlässeg ass. 4.100 m² sinn als Stroosseberäich mat gefierfem Makadam virgesinn. 1.500 m² Realisatioun vu Blummen a Baminselen si virgesinn. An 3.200 m² Trottoiren am sougenannte Pavé antique si virgesinn.

Op de Pläng gesitt Der zwee erhéichte Plateauen op de Kräizungsberäicher Rue Belair a Rue Pasteur, fir dass do net ka gerannt ginn. An de Stroosse gi Schikanen agebaut, vu dass et eng Spillstrooss ass, soudass een do net schnell fuere kann.

Et ass e Blanneleitsystem virgesinn um Busarrêt beim Kierfecht mat héije Borduren. An d'Erneierung vun der Trap Rue Metz-kimmert/Rue Belair. Dee ganze Kanal gëtt erneiert, en neie Mëschkanal, d'Erneierung vun den Haususchlëss souwéi de Siphonen am Stroosseberäich.

Et ginn e ganze Koup Leitunge verluicht: Waasserleitungen, Gasleitungen, elektresch Leitungen, Postkabelen, Antennkabelen, alleguer ëmmer mat den Haususchlëss, d'Stroossebeliichtung: 35 Luuchte si virgesinn.

D'Parkplazen am Strooseraum, dozou wëll ech soen, dass mer ganz laang no enger Léisung gesicht hunn. An deenen dräi Varianten ass gekuckt ginn, esou mann wéi méiglech Parkplazen ze verléieren. Dat ass eis gelongen. Am Ganze, wann een déi Parkplaze virun de Garagë matzielt, hu mer 118 Parkplazen. Wa mer fäerdeg sinn, bleiwen der nach 113. Dat heescht, mir verléiere fënnf Parkplazen.

Eng aner grouss Diskussioun waren déi flott Kiischtebeem an deem Quartier. Déi hu mer analyséiere gelooss vun eise Bamspezialist. An, leider, wat mer scho woussten, sinn déi all vum Pilz befall, oder e groussen Deel dervun. Déi sinn, wéi de Pilzspezialist, den Här Drouard seet, en fin de vie.

Am Moment sinn 171 Beem vorhanden. 48 kënnen mer stoe loossen. Déi aner 123 ginn ewechgeholl. Et ginn awer natierlech 111 nei Beem gesat. A fir dass mer déi ganz Problematik, wann et esou dréchen ass, mam Netzen net méi hunn, wäerte mer eng Berisungsanlag do installéieren. Soudass mer, wann et fäerdeg ass, 169 Beem,

also zwee Beem manner wäerten hu wéi bis elo.

Den Devis fir déi ganz Aarbechte beleeft sech op ongeféier 4,6 Milliounen Euro TTC. D'Honorairë sinn 350.000 Euro.

Wéini soll dat lassgoen a wéi ass dat geplangt? D'Soumissioun wäert elo am Hierscht 2019 gemaach ginn. 2020 wäert kënnen ugefaange ginn. An et ass virgesinn, dass et 2022 am Fréijoer soll fäerdeg sinn.

Et wäert an Tranchë geschafft ginn. Et si fënnf Tranchë virgesinn. An enger éischer Phas tëschent dem Kierfecht an der Rue Belair. Déi zweet Tranche wär d'Rue Belair, d'Partie haute hei uewe sinn, déi riicht geet. Déi drëtt Phas ass d'Rue Belair, déi Partie, déi no ënnen geet. Déi véiert Phas d'Rue Belair bis ganz zum Schluss. An déi fënneft ass d'Rue Pasteur, d'Rue Belair an d'Avenue Charlotte, fir de Joint do ze maachen.

Mir wäerten natierlech versichen, dass d'Leit esou gutt wéi méiglech während den Aarbechte bei hir Haiser respektiv an hir Garagë kommen. Et ass vläicht net ëmmer méiglech. Mä mir wäerte versichen, Léisungen ze fannen, fir dass déi Leit net einfach am Ree stoe gelooss ginn.

Dir gesitt, et ass e grouse Projet, wou mer als Stad Déifferdeng an d'Liewensqualität vun eise Bierger investéieren. Ech wär frou, wann Der eis dee Projet hei géift stëmmen, dass mer esou schnell wéi méiglech kéinten ufänken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling fir déi exzellente Explikatiounen. Da géife mer d'Ronn opmaachen. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollege vum Schaffen- a Gemengerot ...

2. Rues Belair et Pasteur

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

De Mikro. Ënnen.

ERNY MULLER (LSAP):

Et ass esou laang gewiescht vun där leschter Sitzung bis elo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat geduecht, et wär d’Nervositéit vun haut.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, dat och vläicht. Awer ech sinn och schonn e bësse méi al!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, léif Vertrieder vun der Press an aner interesséiert Zuhörer, déi mer haut hei am Sall hunn, Merci, dass ech däerf zu deem Projet Stellung huelen. Et geet hei ëm d’Rue Belair/Rue Pasteur, eise berühmte Quartier Belair, ee vun deene schéinsten nach ëmmer an eiser Gemeng.

Wéi eis scho méi laang bekannt ass, huet d’Post drop gedrängt, fir de Glasfaser am Quartier Belair ze verleeën. Dat ass schonn e puer Joren, wou déi do hannendru sinn. Mir wëssen, dass dat kommunaalt Waasserleitungssystem ganz schlecht ass an d’Leitunge mussen ersat ginn

D’LSAP begréisst, dass et elo net nëmmen zu Infrastrukturen ënnert dem Buedem kënnt, mä eng komplett Erneuerung vum Quartier virgeholl gëtt. D’Stroosseféierung gëtt verkéiersberouegt realiséiert. Am ieweschten Deel gi Parknischen queesch zur Fuerbunn ubruecht. Den Här Ulveling huet eis gesot, dass och eng Zon 20 virgesi wär.

An deenen zwou Stroossen, Rue Belair a Rue Pasteur, bleiwen am Ganzen 111 Parkplazen. Mir hunn dat nogezielt. Dir hutt vläicht Chifferen, déi e bëssen differéieren. Ech hu grad héiere vum Här Ulveling, mat de Beem. Ech wëll awer emol meng Chiffere soen, déi ech aus de Pläng geholl hunn. Duerch

de Projet falen am Ganze fënnf Parkplazen ewech. Wat mer bedauern.

D’Strooss selwer gëtt am agefierfte Makadam realiséiert. Wat fir eis Gemeng nei ass. Mir wëllen drop hiweisen, dass d’Verleeë vu Placken op Sand, wat eng Variant gewiescht wär, zum Beispill am Duerfkär zu Nidderkuer, net zu engem vun deene beschte Resultater gefouert hätt, well d’Fuerbunn permanent asackt an dat dann herno zu Problemer gefouert hätt. Trottoiren am Pawee an d’Alentoure sollen de Quartier opwäerten.

Mir kéimen zu de Beem, dem Charme vum aktuelle Belair, iwwee Joerzénngen. Fir de Moment sinn 171 Beem am Quartier geplazt. Et ginn der 125 ewechgeholl, laut menger Lëscht, wat ech nogekuckt hunn. Et heescht, si wäere krank, Pilzbefall. Dat hu mer haut nach eng Kéier confirméiert kritt.

Laut der Beschreibung am Devis ginn der 110 ersat. Da bleift ëmmerhin nach en Delta vu 15 Beem, déi dem Projet zum Affer falen. Wat mir bedauern a wat mer fir e grénge Schäfferot onüblich fannen. Mir haten éischter geduecht, dass der nach e puer géife bäkomen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Sot eis wou, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Da wollt mir nach froen, wat fir Esenze bei deenen neie Beem berécksiichtegt ginn an ob de Schäfferot bereet ass, ähnlech Beem mat Kiischtebléien amplaz ze setzen.

An dann nach zur Erklärung, et ginn och nach Bänken opgeriicht, aacht Stéck. D’LSAP stëmmt dësen Devis an d’Pläng vun ëmmerhi 4,6 Milliounen Euro. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. D’Madamm Richartz, w.e.gl.

demande au conseil communal de l’approuver.

ERNY MULLER (LSAP) *commence son allocution.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *lui signale que son micro est éteint.*

ERNY MULLER (LSAP) *plaisante sur le fait que la dernière séance remonte à loin.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *pensait que M. Muller était anxieux à cause de la séance d’aujourd’hui.*

ERNY MULLER (LSAP) *répond que c’est le cas en partie. Mais il est aussi plus âgé.*

Il rappelle qu’il est question du quartier Belair, un des plus beaux de la commune. La Poste souhaite aménager de la fibre de verre depuis quelques années. Par ailleurs, les canalisations doivent être refaites.

Les socialistes saluent la rénovation complète du quartier parallèlement aux travaux souterrains. La circulation sera maîtrisée à travers des niches de stationnement. M. Ulveling a expliqué que le quartier deviendrait une zone 20.

Il restera 111 places de stationnement dans le quartier. M. Ulveling a mentionné des chiffres, mais le conseiller communal va se baser sur ceux qu’il a dans son dossier. Cinq emplacements vont disparaître, ce qui est regrettable.

Le macadam sera coloré, une nouveauté dans la commune. Erny Muller rappelle que la variante constituée de plaques sur du sable n’a pas conduit à de bons résultats à Niederkorn. Les pavés sur le trottoir revaloriseront le quartier.

Pour ce qui est des arbres, qui font le charme du quartier depuis des décennies, 125 vont disparaître. Ils seront remplacés par 110. Erny Muller regrette que 15 arbres ne soient pas remplacés, chose étonnante de la part d’un collègue échevinal vert.

2. Rues Belair et Pasteur

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M. Muller où il aurait planté davantage d'arbres.

ERNY MULLER (LSAP) *demande des informations quant à l'espèce d'arbres choisie.*

Il rappelle que huit bancs vont être installés. Le LSAP approuvera le devis de 4,6 millions d'euros.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

constate que M. Ulveling a déjà tout dit.

Elle se réjouit du fait que les riverains aient participé aux discussions. Ils sont contents qu'on les ait écoutés.

Yvonne Richartz-Nilles se demande si la commune ne pourrait pas profiter des travaux pour raccorder le quartier jusqu'à la dernière entrée du cimetière en concertation avec Gaart an Heem et la protection des animaux.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

constate que le quartier Belair est paisible et agréable comme son nom le laisse entendre. Dans les années 1940, il était prisé des instituteurs et des fonctionnaires. Les maisons ont du style, notamment en haut à droite, mais aussi en direction de la rue Pasteur.

Au début des années 1950, Hadir a commencé à y construire des maisons pour ses ingénieurs et employés.

Une rénovation est nécessaire et portera sur quelque 10 000 m². Le quartier deviendra un « shared space » et la vitesse sera limitée à vingt kilomètres à l'heure. Le revêtement des places de stationnement est écologique. Le macadam sera coloré et les trottoirs seront recouverts de pavés antiques.

Cinq places de stationnement vont disparaître. Même s'il n'y a pas tous les jours un enterrement au cimetière, deux emplacements avec disque ne suffisent pas pour les visites.

Christiane Saeul mentionne ensuite le système pour aveugles, l'arrêt de bus, la piste cyclable, les îlots de fleurs et d'arbres, les travaux souterrains, les canalisations, les raccordements, les conduits électriques, les câbles de la Poste, les antennes, l'éclairage

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, léif alleguer, den Här Ulveling huet elo schonn esou vill gezielt, ech hat mer alles hei notéiert. Virun allem sinn d'Awunner, déi an deem Quartier wunnen, matabezu ginn an eis Versammlungen. Si sinn immens frou doriwwer gewiescht, dass hinnen nogelasschert ginn ass.

Ech hätt eng Fro: Wann een elo schonn an deem Quartier am Gaang ass ze schaffen, ob et net méiglech wier virunzefuere vun der leschter Entrée vum Kierfecht an do Garten und Heim an den Déiereschutz mat anzebezéien, fir déi Uschlëss ze maachen. Wann ee schonn am Gaang ass, da géif dat vläicht an engem goen. Dat war meng Fro. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kollegeinnen a Kollegen, Madamm, Dir Häre vun der Press, Dir Hären, zum Reamenagement vum Quartier Belair, e rouegen an e schéine Quartier, sou wéi den Numm et am Belair schonns verréit.

Schonn an de 40er Jore beléift fir ze wunnen, fir elo awer keen ze nennen, vun de Schouljofferen, Schoulmeeschteren, Beamten als Beispill. Haiser mat Stil, wéi mer se haut nach kënnen, zum Beispill, uewe riets am Belair bewonnenen. Awer och d'Strooss erof op d'Pasteurstrooss. Ufanks de 50er Joren huet d'Hadir ugefaangen, Haiser ze baue fir hir Beamten an Ingenieuren am Ufank vun der Pasteurstrooss. En Erneiere vum ganze Stroosseraum ass néideg, dat wäre plus minus 10.000 m², well d'Infrastrukturen iwwer- an ennerierdesch vereelt an net méi adequat sinn.

Virgesinn ass e Shared Space am ganze Quartier, dat heescht mat 20 km/h fueren. Auto a Foussgänger si gläich.

D'Parkinge fir d'Autoen am waasserduerchlässegen Eko-Parvis, emol riets, emol lénks versat am ieweschte Belair.

Dat kéint och en Hin an Hier fir de Foussgänger ginn. Majo, et ass jo e Shared Space. De Stroosseberäich ass am faarwege Makadam. D'Trottoiren am Pawee Beton type antique.

Am Ganze wäerte mer, wéi scho gesot, fënnf Parkplaze verléieren. Parkplaze beim Kierfecht sinn e Manktem. Et ass net all Dag e Begriefnis, awer all Dag komme Leit op d'Visitt bei hir Verstuerwen. Déi zwou Parkplazen, déi mat Disk do gemaach gi fir déi Leit, déi op Visitt kommen, si knapp.

Vläicht wär et méiglech, déi Plaz, déi méi breet ass – hei hunn ech eng Lösung fonnt –, bis bei d'Enn vum Kierfecht ze restrukturéieren, fir e puer weider Parkplaze fir d'Visiteuren, soit fir Begriefnis oder Kierfecht.

Realiséierung vun engem Blannesystem a Busarrêt beim Kierfecht mat héije Borduren. De Vëlosverkéier an der Rue Pasteur tëschent dem Kierfecht an der Rue Belair am Contresens réalisieren. Realiséierung vu Blumen- a Baminseelen. Hei géife mer dann och no enger Quell siche fir déi Beem, datt se sech selwer versuerge kéinten.

Ennerierdesch Erneierungen, wéi Mëschkanal fir jiddwereen, iwwerall en Haususchloss, Waasserleitungen, Gasleitungen, elektresch Leitungen, Postkabelen, Antennekabele souwéi Stroossebeliichtung. D'Detailer hu mer vun eise zoustännege Schaffen Tom Ulveling kritt.

Mir géifen eis uschlëssen. D'DP stëmmt dese Punkt, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Madamm Saeul. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, an diesem Quartier vun Déiffendeng kucke mer schonns méi laang, wéi dee soll nei gestalten ginn. Um Enn bloufen dräi Alternativen.

2. Rues Belair et Pasteur

Virun e puer Méint hat de Schäfferot op enger ëffentlecher Informatiounsversammlung virun den Awunner dës verschidde Méiglechkeete presentéiert. De Projet, dee mir haut stëmmen, ass deen, den Här Ulveling sot et schonn, fir deen déi meescht Leit sech ausgeschwat hunn. Et ass och deen, dee mir als CSV am flottsten an am sënnvollste fannen.

Zum enge behält dëse Quartier säi flotte Cachet, mat de ville Beem an der Begrëngung. Des Weidere suergen déi Schikanen derfir, datt de Verkéier lues muss duerch dëst Wunnegebitt goen. Béd Punkte maachen, datt d'Liewensqualität héich bleift.

Zum aneren ass et gelongen, vill Parkraum ze erhalen, andeems een d'Parkplazen an d'Gréngflächen integréiert huet. Soudatt Plaz fir d'Autoen do ass, déi awer net d'Landschaftsbild dominéieren, well se deelweis duerch d'Beem verdeckt sinn.

Als CSV si mer frou, datt et mat dësem Projet elo richteg lassgeet. Mir stëmmen en natierlech mat, wollte just nofroen: Am Devis steet näischt vu Projektione fir ronderëm déi 169 Beem. Do misst ee vläicht kucken, ob dat net sënnvoll wär.

Ofschlëssend wollte mer nach nofroen, wéi et ausgesäit mat dem Changement vun der Rietsvirfaart um Enn vun der Rue Kondel. Well wann d'Barrière zou ass, an dat ass jo leider oft de Fall, verschiddener duerch d'Pasteurstrooss an de Belair fueren, fir Virfaart ze kréien. Mir sinn der Meinung, dëst sollt een ennerbannen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen aus dem Gemenegerot, ech freeë mech drop, dass déi Strooss, an där ech meng Kandheet verbruecht hunn, renovéiert gëtt an erëm zu deem gëtt, wat se emol war. Et war ëmmer eng Spillstrooss. An et ass och nach zum Deel eng Spillstrooss. Mä dat

Amenagement, wat elo hei virgesi gëtt, entsprécht méi deem Zweck. A stellt sécher, dass d'Elteren an d'Kanner sech méi sécher spieren an den ëffentleche Raum deementspriedend voll ka genotzt ginn.

Bei de Beem wollt ech dat nämmlecht froen, wat den Här Muller scho gefrot huet. Vu dass déi Kiischtebléie charakteriséierend waren an am Moment nach si fir dee Quartier, ass déi nämmlecht Zort virgesinn? An da wollt ech froen: De Chantier mécht, wéi scho gesot ginn ass, den Uschloss an d'Avenue Charlotte, grad op där Plaz, wou am Fong d'Unterführung herno kënnt. An do froen ech mech, wéi d'Chantieren zesummelafe vum Timing hier. Net dass mer do elo den Uschloss maachen an dann erëm oprappen. Mä ech hu jo héieren, dass deen do Deel ganz zum Schluss gemaach gëtt. Wa mer Chance hunn, da leeft dat jo iwwereeneen.

Da wollt ech och nofroen: D'Madamm Richartz huet nogefrot an déi eng Richtung, ob do net direkt och alles gemaach gëtt, ech froen dann an déi aner Richtung, de Metzkeimmert. Ob dee Wupp net och an engems kéint gemaach ginn oder ob do eppes virgesinn ass, dass dat fléissend anenee leeft.

Am Prinzip ënnerstëtze mir déi dote Renovatiounen, mat deene Froen, déi mer awer nach gestallt hunn, fir den Detail ze wëssen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei eis Zoustëmmung bréngen zu deem Projet, dee verwierklecht gëtt. D'Leit waarde scho laang do drop. Dat hätt scho laang misste geschéien. Elo hu mer e Projet virgeluecht kritt, dee ganz interessant ass a wou d'grouss Majoritéit vun de Leit d'accord ass, datt dat esou verwierklecht gëtt.

Ech géif mer wënschen, dass an Zukunft bei all esou Projeten, déi an de

rage... M. Ulveling a fourni tous les détails.

Le DP approuvera le projet.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que la commune réfléchit depuis longtemps à la façon de rénover ce quartier.

Finalemt, trois options ont été présentées aux habitants il y a quelques mois lors d'une réunion d'information publique. Le projet ayant obtenu le plus d'approbation a finalement été retenu. C'est aussi le préféré des chrétiens sociaux.

Le quartier conservera son cachet avec de nombreux arbres et des espaces verts. Les chicanes forceront les automobilistes à rouler lentement.

L'intégration des places de stationnement dans les zones vertes a permis d'en préserver beaucoup. Mais les voitures ne domineront pas le panorama, car elles seront voilées en partie par les arbres.

Jerry Hartung se réjouit du lancement de ce projet. Le CSV l'approuvera. Le conseiller communal se demande cependant s'il ne faudrait pas prévoir une protection autour des arbres.

Jerry Hartung rappelle par ailleurs que pour profiter de la priorité de droite, de nombreux automobilistes passent par la rue Pasteur et la rue Belair lorsque la barrière est fermée. Il faudrait trouver une solution.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) est content que la rue dans laquelle il a passé son enfance soit rénovée. Le réaménagement rassurera les parents dont les enfants jouent dehors.

Comme M. Muller, Gary Diderich se demande si les nouveaux arbres seront des cerisiers.

Il constate que le chantier concernera aussi le croisement avec l'avenue Charlotte, à l'endroit où sera construit le passage souterrain. Le phasage permettra-t-il d'éviter que les travaux ne se déroulent en même temps?

M^{me} Richartz-Nilles a demandé si le chantier ne pouvait pas être prolongé d'un côté. Gary Diderich pose la même question pour

2. Rues Belair et Pasteur

l'autre côté, c'est-à-dire en direction du MetzKimmert.

En principe, déi Lénk soutient le projet.

ALI RUCKERT (KPL) *soutient ce projet au nom du parti communiste. Les riverains attendaient ce moment depuis longtemps. Par ailleurs, le projet a été approuvé par une majorité de riverains. Ali Ruckert espère qu'à l'avenir, les riverains seront consultés systématiquement pour ce type de travaux.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *est du même avis.*

ALI RUCKERT (KPL) *ne sait pas quels arbres seront plantés, mais il préconise les espèces autochtones.*

Il espère que les travaux seront terminés dans les délais.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *souhaite poser une question concernant ce projet très apprécié.*

M. Ulveling a parlé de 111 places de stationnement. A-t-on tenu compte des sorties de garage des riverains? Car s'il s'agit de sorties, la commune ne peut pas y aménager des places de stationnement. Il faut que les propriétaires de garages puissent sortir leurs voitures.

FRED BERTINELLI (LSAP) *signale qu'en tant qu'ancien habitant du quartier, il se réjouit des rénovations. Cependant, il souhaite des garanties de la part du collège échevinal que des cerisiers y seront plantés. Ces arbres font le charme du quartier. Tous ceux qui y ont vécu savent à quel point les printemps y sont beaux. Les gens venaient y prendre des photos. Comme le dossier ne précise pas l'espèce d'arbres retenue, Fred Bertinelli voudrait en être sûr.*

Fred Bertinelli regrette par ailleurs que l'option de construire un parc de stationnement dans le quartier n'ait pas été retenue. Le terrain du commissariat actuel appartiendra bientôt à la commune. Il s'agissait d'une occasion unique.

Stroosse gemaach ginn, d'Leit esou gefrot ginn an dass déi Projeten zesumme mat de Leit opgestallt ginn. Dat féiert derzou, dass éischtens d'Leit ganz zefridde sinn iwwert dat, wat an hirem Quartier passéiert an, wéi gesot, se dat dann ze appreciéiere wëssen, wat do gemaach gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech hunn elo net wierklech gesinn, wat fir Beem do solle geplanzt ginn. Meng Iddi ass ëmmer, dass eenheemescht Holz geholl gëtt, fir an d'Stroossen ze stellen, an net onbedéngt exotescht.

Ech soen, mer sollen dee Projet hei unhuelen a kucken, dass en an den Delaie verwierklecht gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hätt eng kleng Detailfro zu deem ganze Projet, dee berechteterweis esou vill gelueft ginn ass. Mer schwätze vun 111 Parkplazen, wéi den Här Ulveling erkläert huet, mat Garagen.

An deem Total vun 111 respektiv 113, op dee klengen Detail kënn et net un, sinn do d'Garagen, d'Ausfaarte vun deene Leit, déi do wunnen, déi eng Garage hunn, matagerechent ginn? Um Plang sinn d'Parkplazen ofgeschrägt, wat eng gutt Saach ass am Sens unique. Mä net dass déi ofgeschrägte Parkplazen zu enger Garage féieren an dann am Fong keng Parkplaze méi sinn, mä eng Ausfaart vun enger Garage sinn.

Ech wier frou, wann ech kéint matgedeelt kréien, ob dat wierklech respektéiert ginn ass, dass déi Leit, déi eng Garage hunn, erauskommen. Respektiv, dass déi Plazen, déi agezechent sinn,

déi zum Total vun 111 bäidroen, och wierklech Parkplaze sinn a keng Ausfaarte vu Garagen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Et sinn e puer Froe gestallt ginn. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir déi ze beäntwerten.

Pardon. Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass vill rieds gaangen. Ech begréissen natierlech als ancien Awunner vum Belair, et sinn der jo e puer heibannen, datt dee schéine Quartier erëm nei gemaach gëtt. Mä hei steet jo net definitiv dran, wat fir eng Beem dohinner kommen, ech wär frou, wa mer d'Garantie géife kréien, datt do Kiischtebeem géife bliwen.

Et bliwen esou vill Beem do stoen. Dat war de Charme vun där ganzer Strooss. Een, deen dat weess, deen do gewunnt huet an am Fréijoer déi Bléie gesinn huet, wéi wonnerschéin dat war. Do si vill, vill Leit vun ausserhalb souguer Fotoe maache komm, wéi flott déi Strooss mat deene Beem war. Ech wier frou, wann dat an deem Kader géif bliwen. Net, datt herno, well et net festgehalten ass, aner Beem do géifen amplaz kommen. Wat ech relativ schued géif fannen.

Dat anert bedauern ech e bëssen als vieregte Verkéiersschaffen. Hei wier eng gutt Occasioun gewiescht, fir e Quartiersparking ze maachen. Mir hunn um Wee vum Belair eng Strooss, déi erageet, wou och incessamment sou peu e Gebai eist wäert ginn am Kader mam neie Police-Gebai. Do wär eng eemoleg Occasioun gewiescht, fir dee ganze Quartier bis hei bei d'Gemeng e Quartiersparking ze realiséieren. An där Form, wéi mir se ëmmer gemaach hunn.

Et ass elo schonn e bësse Chaos mat deene Parkingen, déi bestinn. Wa mer do nach am Belair Parkingen ewechhuele ginn – dat ass déi Affär mat deene

2. Rues Belair et Pasteur

Residenzen, déi mer dohinner gebaut hunn, wou Leit sinn, déi och keng Stellplaz oder Garagen hunn, wat déi Urgence do bruecht huet. Wann ee sech dat ukucke geet, wéi enk et bemooss ass mat de Parkingen. Och wann et nëmme fënnef sinn, déi verschwannen, ass et awer elo schonn e ganz, ganz komplizéierten Akt, fir do eng Parkplaz ze fannen. An och déi um Kierfecht.

Do sollt een awer nach eng Kéier nodenken iwwer ee Quartiersparking. Dee géif op där Plaz menges Erachtens och net stéieren. Dee kéint ee souguer mat deenen Infrastrukturen, déi elo scho bestinn, ënnerierdesch maachen. Duerfir géif ech de Schäfferot eng Kéier bieden, dee Plang, wat de Parking am Quartier ugeet, nach eng Kéier ze kucken. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wëll Iech direkt drop äntwerten, Här Bertinelli. Dir hutt richtig gesot, datt do eng Baulück ass. Mä déi Baulück gehéiert net der Stad Déifferdeng. Déi Baulück gehéiert nach ëmmer dem Staat. An no de leschten Informationen ass et net méi esou, datt se mat der Stad Déifferdeng tausche wollten. Mir haten eis awer virun e puer Woche mat hinne getraff a gesot, dat géif eis schrecklech vill interesséieren.

Dat heescht, mir sinn net Proprietär. Wa mir bis Proprietäre sinn, da musse mer kucken, wat mer mat der Baulück maachen. Ob mer eventuell Parkinge maachen. Oder ob mer do zwee oder dräi Haiser bauen. Mä nach eng Kéier: Am Moment ass de Staat net bereet, eis déi Baulück ze verkafen oder ze tauschen.

Den Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dem Här Altmeisch seng Fro. Déi Parkplazen, déi ech genannt hunn, dat sinn déi, déi meng Servicer mir gesot hunn, dass déi géifen do entstoën. An ech huelle jo un, dass déi ziele kënnen.

Dat anert, wat Der gesot hutt, wat richtig ass, ass, dass mer de Leit op der Versammlung gesot hunn, mer géifen déi

Parkplazen eng Kéier um Tarmac opzezeichnen. Da ka jiddweree kucken, ob e mat där Parkplaz nach eran oder eraus aus sengem Garage fuere kann. Fir dass mer sécher sinn, dass mer net eppes do bauen, wou duerno kee méi eran- an erauskënnt. Also dat soll gemaach gi mat den Awunner zesummen. Dat gëtt fir d'éischt opgezeechent mat Kräid oder mat e bësse Faarf. Dat soll getest ginn.

Zu de Beem, ech mengen, do kann den Här Liesch vläicht besser äntwerten. D'Ueschlëss fir Gaart an Heem an Déiereschutz, d'Fro vun der Madamm Richartz, dat muss ee kucken. Am Moment ass dat net dran. Do muss een eng Extensioun maachen. Dat musse mer kucken.

Datselwecht wat den Här Diderich gesot huet, fir eventuell weiderzefueren an de Metz kimmert. Da gëtt de Projet natierlech e ganz aneren. Ech mengen, mir sollten elo emol deen heite Projet stëmmen, wa mer dee fir gutt befannen. An de Rescht solle mer kucken, ob mer déi Saachen do nach kënnen drunhängen an zu wat fir engem Käschtepunkt. An deemno wéi musse mer dann erëm eng Kéier an de Conseil kommen, fir déi Pläng hei virzestellen.

Ech mengen, dat waren all déi Froen, déi mir gestallt goufen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Déi Fro zu de Beem. Eise Bamexpert huet sech doriwwer Gedanke gemaach. Et ass esou, wéi den Här Bertinelli gesot huet, dass d'Awunner op der Versammlung gesot hunn, si wëilten eigentlech déiselwecht Beem. Wéi Der richtig gesot hutt, wann déi bis bléien, dat ass e winnerschéint Bild. Mir als Gemeng hätten éischter tendéiert, wéi den Här Ruckert gesot huet, eenhemesch Beem ze huelen. Mir mussen e Kompromëss fannen.

Da bleift nach d'Fro, dass mer Beem eraussichen, déi net ze vill Knascht maachen, well do jo Parkinge sinn,

Fred Bertinelli affirme que la situation est déjà chaotique à cause des résidences où tous les habitants n'ont pas de garage. Déjà maintenant, il est difficile de trouver une place de stationnement. En supprimer cinq n'arrangera rien. C'est pourquoi il faut réfléchir à l'aménagement d'un parking de quartier. Celui-ci pourrait même être souterrain.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) admet que le site comprend un terrain à bâtir. Mais ce terrain n'appartient pas à la Ville de Differdange, il appartient à l'État. Or celui-ci n'est pas intéressé à un échange. Le collègue échevinal a rencontré le ministre il y a quelques semaines.

Dès lors que la commune deviendrait propriétaire, elle pourrait réfléchir à un projet. Roberto Traversini propose deux ou trois maisons, ou alors effectivement un parking.

TOM ULVELING (CSV) répond à M. Altmeisch que le nombre de places de stationnement cité provient du service technique. Il suppose que celui-ci sait compter.

Les emplacements seront dessinés à la craie sur le Tarmac afin que chacun puisse tester s'il arrive encore à sortir du garage.

M. Liesch répondra à la question concernant les arbres.

Le raccordement de Gaart an Heem et de la protection des animaux n'est pas possible en ce moment.

La même remarque vaut pour le Metz kimmert. Si l'on étend le chantier, le projet changera du tout au tout. Dans ce cas, le collègue échevinal devra demander de nouveaux devis et présenter le nouveau projet au conseil communal le cas échéant.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que l'expert de la commune s'est intéressé à la question des arbres.

Comme l'a souligné M. Bertinelli, les riverains souhaitent que la commune plante la même espèce d'arbres. Au printemps, ils offrent une image magnifique du quartier. Le collègue échevinal, en re-

2. Rues Belair et Pasteur / 3. PAG et PAP

vanche, est du même avis que M. Ruckert et privilégie des espèces autochtones. Il faudra donc trouver un compromis. La commune veillera aussi à ce que les arbres choisis ne salissent pas excessivement les voitures. La taille constitue aussi une contrainte. De ce point de vue, les cerisiers étaient idéaux, mais ce n'est pas une espèce autochtone. Après réflexion, le collègue échevinal aurait plutôt tendance à satisfaire les doléances des riverains.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

remercie le conseil communal au nom des habitants de Belair.

Il passe au PAP Maxim's dans la rue du Parc-des-Sports.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

précise qu'il s'agit d'une modification de ce PAP. Celui-ci était pratiquement fini. Mais des discussions ont eu lieu avec l'exploitant de la piscine. Actuellement, les services de secours et les livreurs passent par la même entrée que les clients, ce qui n'est pas idéal. C'est pourquoi le collègue échevinal a demandé des modifications au promoteur. Finalement, il a été retenu que le nouveau bâtiment serait construit deux mètres et demi plus loin afin de laisser un passage pour les services de secours et les livraisons.

Le promoteur soutient cette modification. Le ministère a remis un avis positif. L'erreur matérielle que le ministère a signalée a été corrigée.

ERNY MULLER (LSAP)

rappelle qu'il est question de la construction d'un hôtel-restaurant sur le site de l'ancien Maxim's à Oberkorn. La modification proposée n'est pas substantielle.

Le LSAP l'approuvera. Il est temps de lancer ce projet.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

espère lui aussi que le projet avancera rapidement. Les servitudes en question faciliteront le travail des services de secours.

Frenz Schwachtgen s'inquiète cependant pour la survie du magnifique saule pleureur. Les plans

d'Autoe stinn. Knascht, deen dann op d'Autoe fällt an esou weider. Dat sinn alles Contrainten, déi mer kucken. Och de Wuesstum vun de Beem. Net dass se ze schnell wuessen oder vläicht ze vill dicht wuessen.

Déi Kiischtebeem waren an deem Sënn eigentlech ideal. Si ware relativ kleng. Si hu flott geblitt. Mä si sinn eben net eenheemesch. Iergendwou musse mer e Kompromëss fannen. An ech denken, dass mer éischter an d'Richtung ginn, well mer dee ganze Projet mat de Bierger gemaach hunn, dass mer éischter de Bierger nolauschteren an op hir Wënsch aginn. An eis Doleancen e wéineg zréckstellen, dass mer soen, da muss et eben net en eenheemesche Bam sinn an dësem Quartier hei.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Sinn nach Froen? Nee.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen, wa keng Froe méi do sinn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis relatifs au réaménagement de la rue Belair et de la rue Pasteur à Differdange.

Villmools Merci. An ech mengen och am Numm vun den Awunner vum Belair.

Da géife mer zum drëtten Punkt kommen. En neie PAP an der Rue Parc des Sports beim Maxim's, wéi mir et nennen. An do ass et den Här Liesch, deen eis d'Erklärung gëtt. Här Liesch, Dir hutt eng Projektioun, ass et esou?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Merci fir d'Wuert. Gudde Moien och vu menger Säit un Iech alleguerten hei am Sall. Et geet em eng Modifikatioun vun engem PAP an der Avenue des Parc des Sports. Den Numm Maxim's ass scho gefall.

Et ass esou, de PAP war jo fäerdeg an och an der Rei. Du waren awer Gesprécher, notamment mat dem Schwämmbedreiwer, dee gesot huet, dass am Moment d'Secoursen, an och wa Liwwerunge gemaach gi fir hir technesch Installatiounen, am Fong duerch déiselwecht Entrée erauskomme wéi d'Visiteuren. Wat net ëmmer ganz glécklech ass.

An do hu mer gekuckt, ob mer mam PAP a mam Promoteur, deen hei wëll bauen, eis net kéinten eens ginn, fir dat e wéineg ze änneren. D'Iddi, déi mer elo zréckbehalen hunn, ass dass dat Gebai zwee an en hallwe Meter eriwerrutscht. Soudass tëscht dem Maxim's an deem Gebai niewendrun e Passage entsteet, exklusiv fir Rettungsdéngschter a fir Liwwerunge fir d'techesch Installatiounen vun der Schwämm. Esou hätte mer déi zwee Fluxe getrennt, eng Kéier d'Visiteuren an eng Kéier déi aner.

De Promoteur war domat averstanen, fir dat esou ze maachen, fir déi Modifikatioun hei matzedroen. Mir haten dat op de Ministère geschéckt. Dir gesitt, dass mer do e positiven Avis kritt hunn. Weider am Dossier gesitt Der, dass eng Erreur matérielle dra war, déi corrigéiert gouf. Déi Haaptännerung an dësem PAP ass, dass mer d'Gebai zwee Meter eriwerrutschen, fir een zweeten Accès ze schafen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Den Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir soen dem Här Liesch Merci fir dës Explikatiounen. Wéi mer héieren hunn handelt et sech em de Projet vun engem Hotel mat Restaurant a Residenz op der Plaz vum fréiere Maxim's zu Uewerkuer. Déi geplangten Ännerung um PAP ass, wéi et am Fachjargon heescht, non substantielle.

D'LSAP stëmmt dës Modifikatiounen an hofft, dass et elo, no laanger Ukën-

3. PAG et PAP

negung, endlech mat dësem Projet ka lassgoen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

De Projet huet schonn e laange Baart, an ech hoffen och, dass et virugeet domadder. Déi Servituden, déi an d'Schwämm ginn, erliichtere munches herno fir d'Rettungsdéngschter a fir aner Saachen.

Eng Saach, déi mir als Gréngem Suerge mécht, ass d'Erhale vun där Trauerweid, déi mer zrëckgeschnidden hunn, déi och herrlech gedeit. Do hunn ech awer um Plang gesinn, do soll eng Terrass eventuell am Beräich drënner kommen. Wou dann natierlech muss duerchlässege Buedem sinn an esou virun an esou weider.

Wougéint een awer vläicht muss ze bedenke ginn, dass Trauerweiden och eppes u sech hunn, dass se bréchege ginn am Alter. Dass ee muss eng permanent Surveillance ënnert esou engem Bam hunn. An net drop waarden, dass eppes do passéiert. Dat heescht: Terrass jo, mat deenen néidege Virkéierungen, dass dat dann herno eng flott Plaz gétt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Zum PAP Parc des Sports. D'DP begréisst, dass et endlech an dësem Dossier virugeet. Virun 2013 gouf et eng Modifikatioun vum PAG, wou d'Struktur vun dësen zwee Immeuble schonn dobäi war. Am September 2017 gouf de PAP approuvéiert. Déi nei Modifikatioun vun dësem PAP ass mam Accord vum Interieur erëm. Schued ass, dass d'Gebäilechkeete vum fréiere Café Maxim's esou laang hu mussen eidel stoen.

Virgesinn ass, wéi scho gesot, en duebelen Immeuble mat 20 Wunnengen, engem Hotel mat Salle de réunion, um Rez-de-chaussée Commerce, Service a Restauratioun. E weidere Plus fir de Parc des Sports, dee wëllkomm ass. Vu de Succès vun der LUNEX, déi nach weider am Ausbau ass, an der Sportshal. E Samschdeg ass d'Ouverture vun deem neien Hall polyvalent.

D'DP stëmmt dëse Punkt, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, et ass wichteg, dass dësen Dossier endlech virukënnt, well am Moment dat Ganzt kee schéint Bild ofgëtt. Op 16,35 Ar wäerten zwee Lousen entstoe mat 20 Logementer, engem Hotel, Commerce a Restauratioun.

Un eis Trauerweid gouf geduecht. Hei soll eng Terrass entstoen, déi dem Wuerzelsystem vum Bam net soll schueden.

Eng Fro hätt ech. Eis Gemeng ass bis elo Proprietär vun deem Terrain a soll herno am Tosch dozou Wunnengen amplaz kréien. Wat ass do virgesinn? *Mir stëmme mat Jo. Merci*

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt nofroen, de Projet ass jo scho méi laang gestëmmt gewiescht, ob et elo mat där Modifikatioun méi kloer ass, wéi dat weidergeet an ob et geschwé weidergeet, dass do gebaut gétt. In der Tat, wéi d'Madamm Saeul, bedauern ech, dass mer do Gebäilechkeete fräi gemaach hunn an eben näischt geschitt ass. Ech wollt froen, wat een do ka maachen, fir dat ze evitéieren.

mentionnent l'aménagement d'une terrasse. Le sol devra être perméable. Il faut aussi penser au fait que les saules pleureurs anciens ont tendance à casser. Une surveillance constante est donc nécessaire. Frenz Schwachtgen n'est pas contraire à la terrasse à condition de prendre les mesures qui s'imposent.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *salue à son tour l'avancement du projet. Elle rappelle qu'en 2013 déjà, le PAP avait été modifié et comprenait les deux immeubles. Le projet a été approuvé en 2017. La modification d'aujourd'hui a été approuvée par le ministère. Christiane Saeul regrette que le local Maxim's soit resté vide tout ce temps.*

Le double immeuble comprendra vingt appartements, un hôtel, une salle de réunion, des commerces, un restaurant... C'est une bonne chose pour LUNEX, qui est en train de s'agrandir. Le DP approuvera ce projet.

GUY TEMPELS (CSV) *souligne l'importance de ce PAP, car le site n'a rien d'agréable. Deux immeubles avec vingt logements, un hôtel, du commerce et de la restauration verront le jour sur plus de seize ares.*

La terrasse qui sera aménagée n'aura pas de conséquences négatives sur les racines du saule pleureur.

Guy Tempels rappelle que la commune est propriétaire du terrain qu'elle échangera contre des appartements. Le collègue échevinal peut-il fournir des détails à ce sujet?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *évoque à son tour l'ancienneté du projet. La modification d'aujourd'hui permet-elle la mise en place d'un calendrier plus clair? Quand le chantier commencera-t-il? Comme M^{me} Saeul, Gary Diderich regrette que des locaux soient restés vides tout ce temps. Que peut faire la commune pour éviter ce genre de situations? La même chose est arrivée pour les locaux de l'ancien Monopol dans l'avenue de la Liberté.*

3. PAG et PAP

Gary Diderich n'a pas soutenu le PAP en 2017. Il trouve que l'extension du construit n'est pas optimale à côté d'une piscine ouverte. Mais il ne veut pas bloquer ultérieurement le projet. C'est pourquoi il s'abstiendra.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au vote.

(Interruption de M. Diderich)

Roberto Traversini rappelle que la commune a échangé l'ancien Monopol contre un terrain à Niederkorn pour construire une école. Le projet a donc avancé.

Le problème se situe au niveau des propriétaires, qui acquièrent un terrain ou un immeuble, et qui réalisent d'autres projets parallèlement. Parfois, la commune perd beaucoup de temps.

Dans ce cas-ci, le collège échevinal trouve la modification pertinente.

En ce qui concerne la remarque de M. Tempels, des négociations sont en cours pour que la commune obtienne cinq ou six appartements. Il faut encore un peu de temps. Mais Roberto Traversini trouve que quelques appartements valent mieux qu'un million d'euros.

Le collège échevinal n'est pas toujours content des délais. Mais il y a des procédures à suivre. Et il faut aussi convaincre les investisseurs.

(Vote)

Roberto Traversini passe à l'entrée en ville et cède la parole à M. Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique qu'il est question de la convention fixant diverses règles concernant la tour de l'entrée en ville. Elle porte notamment sur le calendrier, les infrastructures, les raccordements, les servitudes...*

Le PAP a été approuvé le 6 juin 2018. La convention stipule que le permis de construire devra être accordé endéans six mois. De son côté, le promoteur souhaite lancer les investissements le plus vite possible.

En principe, le bâtiment sera prêt trente mois après les fondations. Une garantie bancaire de 1,28

Et ass jo net déi eenzeg Plaz. Och an der Avenue de la Liberté, wou de Monopol war, hate mer och fräi gemaach. Dat Haus war net an engem genialen Zoustand, grad wéi de Maxim's zum Deel och net. Mä do waren awer nach Ateliere dran, an déi si fräi gemaach ginn. An dunn ass awer näischt geschitt.

Deemools, wéi de PAP hei déi éischte Kéier gestëmmt ginn ass, 2017, hat ech dat net ännerstëtzt. Ech denken, dass déi Extensiou vun deem Construit do net genial ass fir d'oppe Schwämm. Ech wëll mech awer elo net weider an de Wee stellen, dass dat heite weidergeet. Et ass wichtig, dass mer aus deem Blockage erauskommen. Ech wäert mech dann enthalen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Wa keng Froe méi do sinn, da géife mer zum Vott kommen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Äntwert, wéi schnell dat elo weidergeet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

De Problem ass, bei ville Saachen, wéi Der och gesot hutt, beim Monopol – Dir wësst jo, datt mer dee getosch hatten, fir Terrain ze kréien, fir eng Schoul ze bauen zu Nidderkuer. Dat war mat an deem Tosch. Dat wiert deemnächst an de Gemengerot kommen. Dat heescht, do si mer weiderkomm.

Mä et ass net ëmmer evident, wann s de Proprietären hues, déi wëlle kafen an déi während der Zäit dann op eemol wëllen aner Saache maachen. Da verléiert een Zäit. Heiansdo vill ze vill. Mä mir versichen, iwwerall ëmmer mat deene jeeweiligen Acteuren zesummenzekommen, datt et weidergeet. An hei ass et esou, datt mer et sënnevoll fannen, datt deen heite PAP esou geännert gött.

D'Fro vum Här Tempels, datt mer do sollten amplaz vum Terrain Sue kréien, dat leeft op Héichtouren. An et ass esou, datt virgesinn ass, datt mer am-

plaz Geld fënnef bis sechs Appartemen-ter dohinner kréien. Dat war eng Verhandlung, déi e bëssen Zäit kascht huet.

Ech sinn der Meenung, datt et méi wichtig ass, fënnef, sechs Appartemen-ter ze kréien an déi herno ze verlounen iwwert d'Gemeng oder iwwer eng aner Associatioun, wéi wann een do eng Millioun géif kréien.

Dofir, et sinn heiansdo Saachen, déi eis och ze laang daueren. Mengt net, mir wiere frou doriwwer. Mä et muss ee seng Prozeduren anhalen, an et muss een natierlech och déi, déi wëllen investieren, mat an d'Boot kréien. Mir schaffen awer drun, Här Diderich.

Da géife mer zum Vott kommen, w.e.gl.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit « Parc des Sports » à Oberkorn conformément aux dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

Villmools Merci. Da géife mer zur Entrée en ville kommen, bei den Tower. Här Liesch, kënnt Der eis dat, w.e.gl., virstellen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et geet hei dann ëm déi nächst Etapp vun eisem Tower an der Entrée en ville, wou mer eis haut mat der Konventioun beschäftegen. Vu datt üblech ass, dass an enger Konventioun eng Partie Saache musse gereegelt ginn.

Dës Konventioun regelt, wéi d'Aarbechte wäerte virgoen, wéi d'Uschlëss, wéi d'Infrastrukture wäerte verluecht ginn, wéi awer och d'Cessatioune sinn, d'Servitudë sinn an esou virun.

De PAP hate mer heibannen de 6. Juni 2018 gestëmmt. An der Konventioun gesitt Der, dass d'Baugeneemegung innerhalb vu sechs Méint komme muss. Dorop hu mer gehalten, fir dass den

3. PAG et PAP

Dossier wierklech zügeg virugeet, dass elo net nach laang do geschleeft gëtt. Mä hei ass de Promoteur awer och derhannert, fir dee groussen Invest schnell unzegeen.

D'Bauzäit: Et steet an der Konventioun, dass dat Gebai am Prinzip misst 30 Méint no der Fondatioun fäerdeg sinn. Et ass eng Garantie bancaire virgesi vu ronn 1,28 Milliounen Euro, am Fall, wou de Promoteur géif ënnerwee Faillite maachen. Dass d'Gemeng awer nach op déi Sue kann zrëckgräifen.

Et ass e Logement à coût modéré vun 10 % virgesinn. Ee Wuert zu de Chambres meublées am Lous D, wou mer herno op engem anere Punkt och nach eng Kéier drop zrëckkommen. Ech fannen, et passt elo besser hei. Do gëtt geschwat vun engem Co-Living. Ech wollt dozou e puer Erklärunge ginn, well dat e Wuert ass, wat vläicht net jiddwerengem geleefeg ass, wat een dorënner ze verstoen huet.

Wat ënnerscheet e Co-Living vun engem classeschen Hotel? De Co-Living ass geduecht fir Leit, déi mëttel- oder längerfristeg op Déifferdeng wëlle kommen. Déi also net nëmmen e puer Nuechten hei wëlle bleiwen, mä vläicht ee Mount, e puer Méint oder och vläicht ee Joer. Mir hunn eng ganz Partie Leit, déi esou Besoine brauchen. Mir hunn awer hei an der Géigend néierens eng Infrastruktur, déi dëse Besoine gerecht gëtt. Dohier ass d'Iddi opkomm, och vum Promoteur, fir esou ee Konzept hei anzeféieren.

D'Leit an deem Co-Living hunn eng Chambre meublée, wou se alles virfannen, wat se brauchen. Op all Stack ass virgesinn, dass een eng gemeinsam Kichen huet, gemeinsam Openthaltsraum. Ënnen am Rez-de-chaussée zum Beispill, ass ee groussen Openthaltsraum, e Fitnesszenter, alles wat een e bësse géif vermessen, wann een doheem géif wunnen, soudass een dat iergendwéi opfänkt duerch e Gemeinschaftsraum.

Et ass en neit Konzept. Mir fannen et ganz spannend, fir dat emol esou unzegeen. Dat ënnerscheet vun engem classeschen Hotel. Mir mengen, dass dat heiten op jidde Fall kéint eng Reussite ginn.

Weider an der Konventioun steet, dass an deem Co-Living nëmmen 80 % vun de Leit sech umelle kënnen an deene Kummeren, mat jeeeweils enger Persoun. Dat hu mer dragesat, fir ze verhënneren, dass sech aus deene Chambre meubléeën op eemol definitiv Zëmmere géifen erginn, wou d'Leit jorelaang géife wunne wéi fest Bierger vun der Gemeng Déifferdeng. Dat wëlle mer jiddefalls verhënneren. Dofir hu mer emol eng kleng Brems ageluecht a gesot, 80 % vun de Leit kënnen sech do umelle mat enger Persoun an net méi.

Et geet rieds vu Parkingen op zwee Sous-sollen, déi kënnen ausgeluecht ginn als Parking public. Souwäit ech weess ass de Promoteur schonn a Gesprécher, fir dat kënnen herno exploitéieren ze loossen.

Wichtig sinn déi Servituden an där Konventioun. De Plang kennt Der jo e bëssen, mir kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, wou mer dat och nach projézéieren. Am Dossier ass déi Servitude dran tëscht deenen eenzele Gebaier. Op deem ganzen Îlot gëtt et Passagen, déi fir de Public, fir d'Bierger op sinn, fir doduerchzueg Richtung Park oder Richtung Déifferdeng. Ween ass responsabel fir wat? Et ass esou, dass déi Servitude ka genotzt gi vun de Bierger vun der Gemeng Déifferdeng. An d'Gemeng Déifferdeng dofir d'Botzen, zum Beispill, vun dëse Servituden iwwehëlt.

Zum Schluss nach eng Informatioun, déi elo net direkt an der Konventioun steet. Et ass esou, dass während dem Bau d'Foussverbindung tëscht Déifferdeng a Fousbann op där doter Säit géif ënnerbrach ginn, well de Chantier quasi bis vir higeet. Dat ass natierlech net gutt. Dat gëtt aneschters geplangt.

Dir wësst, am Kader vun der Entrée en ville, si jo déi Beem erhale ginn, déi ganz Insel. A mir wäerten elo, soubal de Chantier ugeet, e Foussgängersteg tëscht déi Baminsel bauen. Soudass d'Leit gemittlech vun Déifferdeng Richtung Fousbann an zrëck duerch dee Bam-Îlot kënnen goen. An dann och déi néideg Distanz vum Projet fir d'Foussgänger- an d'Mobilitéitsverbindung garantéiert ass.

million d'euros est prévue au cas où le promoteur ferait faillite.

L'immeuble comprendra 10 % de logements à cout modéré.

Le lot D prévoit l'aménagement de chambres meublées. On a aussi parlé de « coliving ». Georges Liesch souhaite apporter quelques explications à ce sujet. Le « coliving » est destiné aux personnes voulant rester à Differdange un ou plusieurs mois et non quelques nuits. Le besoin existe, mais la région ne compte pas de structures y répondant.

Les personnes en « coliving » disposeront d'une chambre meublée, d'une cuisine commune à chaque étage, de locaux communs, d'un centre de fitness, etc. Ce concept différencie le « coliving » d'un hôtel classique. Georges Liesch pense que ce sera une réussite.

La convention précise que seuls 80 % des locataires pourront être déclarés à Differdange à raison d'une personne par chambre. L'objectif est d'éviter que certains ne s'installent définitivement dans ces chambres.

Pour ce qui est du stationnement, il est question d'un parking souterrain sur deux étages pouvant servir de parking public.

Une servitude est prévue entre les différents bâtiments. Il s'agit de passages permettant aux gens de se rendre dans le centre ou dans le parc. En contrepartie, la Ville de Differdange sera responsable de l'entretien des servitudes.

Comme le chantier bloquera le passage entre Differdange et le Fousbann, la commune a décidé d'aménager une passerelle à travers les îlots d'arbres. De cette façon, une distance adéquate entre le chantier et les piétons sera garantie.

ERNY MULLER (LSAP) *considère un honneur de pouvoir prendre la parole immédiatement après M. Liesch.*

Il rappelle que la convention portant sur le projet « Tower entrée en ville » est réalisée entre la commune et la société BPI Real Estate. Elle règle tous les détails.

Mettre en place une convention constitue une procédure habituelle, mais elle est particulière-

3. PAG et PAP

ment importante dans ce cas-ci, car le projet n'a rien de commun. Erny Muller a accompagné le concours d'architectes et d'investisseurs quand il était échevin.

La parcelle concernée fait 80 a. La convention règle le tracé des routes, des accès, des trottoirs et des passages vers la tour, la galerie marchande, les accès au parking souterrain et à Auchan. Deux bassins de rétention sont également prévus. Un trottoir sera aménagé parallèlement à la rue Émile-Mark pour accéder à la tour et à la galerie marchande. Les arbres présents seront préservés et de nouveaux arbres plantés.

Les socialistes sont moins enthousiastes concernant la rampe en direction du Fousbann pour compenser la différence de niveaux. Le trottoir aboutit à un escalier. La rampe pour les personnes à mobilité réduite se trouvera sur le côté.

À la fin des travaux, les chemins, passages et équipements seront cédés à la commune. La garantie bancaire se monta à 1 279 450 €. Cent-quarante-cinq places de parking souterrain sont réservées au public.

Pour ce qui est de l'immeuble D, au début, il devait accueillir un hôtel-résidence. Désormais, il est question de « coliving ». Le dossier parle tantôt de 80 chambres, tantôt de 100. Quel est le chiffre exact? Si on ne connaît pas la durée d'occupation de ces chambres, on ne pourra pas en connaître la disponibilité non plus. Erny Muller signale qu'un hôtel permet de répondre à l'impact touristique que pourraient avoir le Science Center et la centrale à gaz.

La construction devrait s'étendre sur 36 mois. Il faudra travailler vite.

Les socialistes saluent ce projet et espèrent que le permis de construire sera accordé rapidement. La tour constituera un véritable « landmark » contribuant à la modernisation de la ville.

ALI RUCKERT (KPL) *s'abstiendra lors du vote. Il rappelle avoir voté contre le projet parce que les*

Dat wär alles, wat zu dëser Konventioun ze soen ass, wat méi eng technesch Saach ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Muller huet schonn de Fanger um Mikro. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Ech si frou, dass ech dierf ufänken nom Här Liesch. Dat ass eng Eier. Zu där Convention d'exécution betreffend den Tower Entrée en ville, de Projet, deen elo e bëssen anescht heescht, mer kommen nach eng Kéier drop zrëck, mat der Societéit BPI Real Estate, hu mir als LSAP Folgendes ze soen: D'Konventioun regelt all Detailer, déi am Zesammenhang sti mat der Gemeng Déifferdeng. Dat ass eng übblech Prozedur. Awer an dësem spezielle Fall wichtig, fir esou een dach net alldeegliche Projet.

De Projet ass ervirgaangen aus dem Architekten/Investeuren-Wettbewerb Entrée en ville Tower, deen ech d'Eier hat, als fréiere Bouteschäffen ze begleeden. D'Parzell selwer, wou de Projet drop entwéckelt gëtt, huet ronn 80 Ar.

D'Konventioun regelt d'Ausféierungen am Kader vun de Stroossen, den Zougangsweeër, den Trottoiren. An d'Passagen zum Tower, der Galerie marchande an zu deenen anere Gebaier, wéi d'Afaarten zum Parking souterrain an op där anerer Säit zum Auchan zou. Eng entsprechend Ofgrenzung an Upassung zum Véloswee. Hei sinn och zwee oppe Retentiounsbasenge geplangt.

Een neien Trottoir, parallel zu der Rue Émile Mark, gëtt amenagéiert an agebonnen un den Tower a speziell d'Galerie marchande gëtt dorun ugebonnen. Hei bleiwen déi aktuell Beem erhalen an et kommen der nach derbäi an engem Plan vert, wéi den Här Liesch erklärt huet.

Net esou gutt gefält eis déi Ramp, déi um Trottoir Richtung Fousbann geplangt ass. Déi awer néideg ass, well op dëser Plaz een ze vill groussen Niveau-Ënnerscheid besteet. Hei ka vläicht

nach e bëssen nogebessert ginn. Op de Pläng huet et mer net esou gutt gefall. Dat heescht, den Trottoir gëtt duerch d'Trape weidergefuert a säitlech vum Trottoir kënt dann eng Ramp hin, wou Leit mat Mobilité réduite och kënnen laanscht goen. Wéi gesot, et ass e bësse schwierig, fir méi do ze maachen, well de Raum relativ enk ass.

No der Fäerdegstellung ginn all Weeër, Passagen an Equipementer un d'Gemeng cedéiert. Heifir ass, wéi übblech, eng Garantie bancaire gefuerdert, vun 1.279.450 Euro.

Wichtig fanne mir och aner Punkten an der Konventioun, wéi d'Servitude verte an d'Servitude de passage. Dir hutt et erklärt.

Des Weidere begrëisse mer, dass en Deel vum Parking souterrain, ëmmerhin 145 Plazen, solle fir d'ëffentlech Benotzung zur Verfügung stoen.

Zum Punkt 10 an der Konventioun betreffend d'Disposition relative à l'immeuble D – Dir sidd drop agaangen, Här Liesch: Ech wollt drop hiweisen, dass am Ufank hei en Hotel oder Hotel-Residence geplangt war. Elo gëtt dat e Co-Living. Dir hutt eis erklärt, wat dat ass. Ech hat Explikatioune gefrot. Déi sinn elo geliwert ginn.

Ech hätt awer nach eng Fro derzou. Well hei steet dran 80 oder 100 Zëmmeren. Wéi vill Zëmmeren sinn et elo? A wéi vill Leit kënnen do gläichzäiteg logéieren? Wann een herno kéint soen, mir hunn 80 Zëmmeren, déi kënnen gläichzäiteg beluecht sinn, dann ass jo och d'Durée, déi nach matspillt. Dofir weess een och net ëmmer, si se fräi an esou weider.

Op jidde Fall, deemools war d'Iddi an d'Spill komm, fir do en Hotel ze maachen. Och wéinst dem Science Center an der Groussgasmassinnhal, déi um Plateau vis-à-vis soll amenagéiert ginn, wou mer eis e gewëssenen Impact touristique erwaarden. Op déi Manéier hätte mer do interessant Logéierungsméiglechkeeten direkt virun der Entrée vun där zukünftiger Attraktivitéit fir Déifferdeng.

Dir hat vun der Bauzäit geschwat: 36 Méint am Ganzen. Do muss scho sportlech gutt virugefuer ginn.

3. PAG et PAP / 4. Modification budgétaire

D'LSAP op jidde Fall begréisst et nach eng Kéier an hofft, dass mer d'Bauge-
neemegung schnellstens ausstelle kë-
nen. D'Konventioun koun jo schnell
erëm. Déi ass jo schonn ënnerschriw-
wen.

Bei der Virstellung an där nächster Dis-
kussioun iwwert den Tower wäerte mer
gesinn, dass dat wierklech e Landmark,
e ganz interessante Projet ass fir d'Mo-
derniséierung vun eiser Stad. Mir hof-
fen, dass dat ka lassgoen. Mir soen Iech
villmoools Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Den Här Ru-
ckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an
Dir Hären, ech wëll soen, dass ech
mech als Verrieder vun der Kommu-
nistescher Partei bei der Ofstëmmung
enthale wäert. Wéi mer dee Projet ge-
stëmmt haten, hat ech dergéint ge-
stëmmt, well mir als Kommunistesch
Partei der Meenung waren, dass mir
keng Tirm méi zu Déifferdeng bräich-
ten, an dass net esou héich misst gebaut
ginn. Mir hunn e Weiler-la-Tour am
Land, mir brauche keen Differdingen-
zum-Turm.

(Gelaachs)

Dee ganze Projet hat eis net gefall.
Éischtens well do en Hotel sollt hikom-
men, wou am Fong Wunnenge besser
géifen hipassen. Zweetens well eng Ge-
schäftsgalerie dohinner kënnt, wou mer
schon esou vill Problemer hunn, dass
vill Geschäfte zu Déifferdeng eidel
stinn, an da kéimen der nach derbäi. Eis
Virstellung war éischer, dass an dee
Quartier do e groussen Deel Sozial-
wunnenge sollte kommen oder subven-
tionéiert Wunnengen, loosse mer emol
esou soen. Dass e gemëschte Quartier
bestéing, wou eng kulturell Institutioun
géif dohinner kommen. Eventuell e
Kino, en Theater oder e Musée. Dee
Projet war net ugeholl ginn. Mä mir
bleiwen awer dobäi.

Bei den Akten a Konventiounen komme
mer jo op dee Projet zrëck, an do wäert

ech dann och nach eng Kéier Stellung
huelen. Wou ee gesäit, dass et am Fong
elo an eng Richtung geet, wou mer mat
eise Kriticken, wat d'Wunnenspolitik
ugeet, recht kréien. Mä wéi gesot, do
wäert ech nach drop zrëckkommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmoools Merci, Här Ruckert. Da géife
mer zum Vott kommen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et war nach eng Fro gestallt ginn. Den
Här Muller hat gefrot mat den Zëmme-
ren. Ech hunn elo eng Kéier séier noge-
kuckt, fir keng Dommheet ze soen. Am
Descriptif schwätze se vun 125 Zëm-
meren, déi se kéinten am Co-Living-
Modus bedreiwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 16
voix oui et 2 abstentions d'approuver
la convention et les plans d'exécution
du plan d'aménagement particulier au
lieudit « Entrée de ville – Tower » à Dif-
ferdange.*

Villmoools Merci. Mir géifen zum véier-
te Punkt kommen, eppes, wat all Joers
erëmkënnt ëm dës Zäit: d'Modifika-
tioun vun eisem Budget. Dir gesitt, et si
ganz kleng Modifikatiounen, déi eis
Servicer eis matgedeelt hunn. Wann et
net duergeet, datt et e bëssen eropgesat
gëtt. Ech mengen, do sinn net grouss
Zommen dran, déi hin an hier ginn.
Dofir wier ech frou, wa mer déi Modi-
fikatiounen, wou eis Servicer eis gebie-
den hunn ze maachen, datt se kënne
weiderschaffen, dann och esou géifen
unhuelen.

Jo, ganz gären, Här Goffinet.

*communistes ne veulent plus de
tours à Differdange et que celle-ci
est trop haute. Après Weiler-la-
Tour, le pays n'a pas besoin de
Differdange-la-Tour.*

(Rires)

*Ali Ruckert aurait préféré des ap-
partements au lieu de l'hôtel. En
plus, une galerie marchande est
prévue alors que de nombreux lo-
caux sont déjà vides à Differ-
dange. Les communistes auraient
préféré l'aménagement de loge-
ments sociaux ou subventionnés.
Le quartier aurait également pu
accueillir une institution cultu-
relle comme un cinéma, un
théâtre ou un musée.*

*Tout à l'heure, il sera de nouveau
question du projet. La présentat-
ion prouvera que les commu-
nistes ont raison.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
passé au vote.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *si-
gnale qu'une question a été po-
sée.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
lui demande d'y répondre.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *ex-
plique à M. Muller que le descrip-
tif parle de 125 chambres destinées
au « coliving ».*

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
*passé à la modification du budget
comme tous les ans à cette pé-
riode.*

*Certains montants ont dû être
augmentés, mais il ne s'agit pas
de sommes conséquentes. Rober-
to Traversini demande au conseil
communal d'approuver les chan-
gements.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *indique
que la charge locative pour les
machines à copier a pratiquement
doublé. S'agit-il de nouveaux
contrats ou bien le nombre de
machines a-t-il augmenté ?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
*signale que M. Liesch est en train
de réparer son ordinateur. Les
prix risquent d'augmenter ulté-
rieurement. M. Goffinet recevra*

5. Actes et conventions

les pièces nécessaires pour répondre à sa question.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point 5, un projet particulier à la fois pour Differdange et pour le pays. Le collègue échevinal souhaite réserver 80 appartements en plein centre-ville pour 40 millions d'euros.

Il y a quelques années, lorsque le bourgmestre, M. Muller, M. Bertinelli, M. Ulveling et M. Liesch étaient en train d'élaborer ce projet, leur objectif était de créer du logement à cout modéré à Differdange. Le collègue échevinal avait d'ailleurs fait des efforts quant au prix de vente du terrain. M. Muller avait élaboré d'autres critères, mais le volet social était particulièrement important.

Le promoteur a ensuite fait remarquer au collègue échevinal que si les prix étaient trop bas, quelqu'un risquait d'acheter les 80 appartements et de les revendre pour réaliser une plus-value. Lors de la planification du projet, le collègue échevinal n'avait pas prévu de droit de préemption, car il n'avait pas envisagé tous les scénarios et n'avait pas non plus imaginé que les prix de l'immobilier allaient exploser en quatre ans. Le promoteur a alors proposé d'augmenter le prix des appartements. La plus-value aurait été partagée entre le promoteur et la commune. Mais le collègue échevinal a insisté pour obtenir des logements à cout modéré puisque c'était un des critères principaux du concours.

C'est alors que Roberto Traversini a eu l'idée d'acheter les 80 appartements. Le promoteur et les échevins n'ont pas dit un mot pendant trente secondes et ont ensuite décidé d'explorer cette piste.

Une telle acquisition coute beaucoup d'argent. Mais le ministère du Logement propose des subsides, dont le montant dépend en partie de ce qui sera fait des appartements: s'ils sont mis en location, le ministère rembourse 75 % de l'investissement — avec un plafond. La subvention est en revanche plus basse si les appartements sont vendus.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Eng Fro. Eis ass eng Klenggekeet opgefall bei Loyers et charges locatives machines à copier. De Montant ass hei praktesch ëm d'Halschent eropgaangen. Just fir ze wëssen, ob dat nei Kontrakter sinn oder ob do iergendeppes méi ugeschaaft ginn ass oder ...? Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Liesch, gesitt Der, deen ass dermat beschäftigt, säi Computer ze reparéieren. An dat gëtt wahrscheinlech och e bësse méi deier dann. Mir kucken Iech déi Detailer no. An Dir kritt se ganz gären nogeliwwert, firwat dat ass, mat de Pièces jointes.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ass dat an der Rei? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la première modification ordinaire de l'exercice 2019.

Villmools Merci, och am Numm vun eise Servicer.

Da géife mer zum fënnefte Punkt kommen, eppes zimlech Aussergewéinlech he zu Déifferdeng, awer och eppes zimlech Aussergewéinlech he am Land. Et ass eng Reservatioun, déi mer wéilte maachen – wann Dir natierlech mat eis stëmmt –, iwwer en Ukaf vun 80 Appartementer matzen am Zentrum, wéi den Här Muller gesot huet, fir eng Zomm vu ronn 40 Milliounen Euro. Dat muss ee sech emol op der Zong zergoe loossen.

Ech wäert erklären, wéi et dozou komm ass. An den Här Tom Ulveling an den Här Georges Liesch wäerten herno de Rescht Detailer ginn.

Virun e puer Joren, wou mer am Gaange waren, dee Projet do auszeschaffe mam Här Muller, mam Här Bertinelli, mam Här Ulveling a mam Här Liesch, war et haaptsächlech drëm gaangen, fir bezuelbare Wunnraum hei zu Déifferdeng ze schafen.

D'Kritäre waren net onbedéngt, déi meescht Suen erauszekréien. D'Kritäre waren, Wunnengen ze schafen, déi ee sech ka leeschten. Dat war d'Haaptiddi. Do hate mer och e bësse verzicht um Präis vum Terrain. Dat war ee vun de Kritären. Den Här Muller hat nach ganz vill aner Kritäre mat ausgeschafft. Mä dat war awer ee ganz wichtige Kritär.

De Promoteur war du bei eis komm an hat gesot: Wa mer déi Appartementer mat deem Präis esou op de Maart ginn, da riskéiere mer, datt ee kënnt, deen déi 80 Appartementer keeft an den Dag selwer erëm verkeeft mat enger Plus-value. Virun dräi, véier Joren hate mer net dru geduecht, datt dat eventuell méiglech wier a mer kee Virkafsrecht haten. Wat schwéier war. Well mir hu jo eppes verkaf. Et ass e Promoteur, dee baut. Dat heescht, mir haten net u verschidden Zeenarie geduecht. Respektiv konnte mer eis zu deem Zäitpunkt och net virstellen, datt d'Präsentwécklung vun de Wunnengen an de leschte véier Joren esou géif explodéieren.

Du war de Promoteur bei eis komm a sot: Fir dat e bëssen an de Grëff ze kréien, kommt mir setzen d'Präisser erop. An déi Plus-value, déi gemaach gëtt, géif d'Halschent d'Gemeng kréien an d'Halschent de Promoteur. Domadder ware mer natierlech net averstanen, well mer gesot hunn, mir hätte gär, datt soll bezuelbare Wunnraum geschaf ginn. Well domat wier dee Concours, dee mer organiséiert haten, ee vun deenen Haaptkritären am Fong geholl, iwwert de Koup gehäit ginn.

An darselwechter Sitzung hate mer du gesot, mir wieren eventuell interesséiert, fir déi 80 Appartementer ze kafen. Dunn ass bal 30 Sekonnen näischt gesot ginn. Net vum Promoteur an och net vu menge Kollege ronderëm aus dem Schäfferot. Duerno ass gesot ginn: Kommt, mir ginn emol op déi Spur, ob et effektiv méiglech wier, datt d'Stad Déifferdeng géif déi 80 Appartementer kafen.

5. Actes et conventions

Dat bedeit natierlech ganz vill Geld. Et weess een, datt de Logementsministère Subside gëtt. Et kënnen ganz vill Subside sinn. Et kann och e bësse manner sinn. Dat hänkt ganz dovunner of, wat ee mat deene Wunnenge mécht. Wann ee se an d'Locatioun gëtt, kritt ee bis zu 75 %. Natierlech plafonnéiert. Wann ee se deelweis erëm verkeeft, da kritt een och en Deel, mä net méi esou vill, well do ginn d'Infrastrukturen, den Terrain a soss Saache gekuckt.

Mir waren der Meenung, dat ze probéieren auszerechnen. Mir haten eis e puermol getraff mam Logementsministère, mam Schäfferot intern, mat eise Servicer. An do hu mer dann decidéiert, dee Sprong ze woen. Et ass eng grouss Decisioun. Dofir gëtt e Service Logement gegrënnt, den Organigramm hate mer virun der Vakanz gestëmmt. Do wäert ganz vill Aarbecht op eis Servicer zoukommen, well mer wëllen déi Haiser respektiv Appartementer och selwer geréieren. Dat ass eng grouss Erausforderung.

Mir hu mam Ministère gekuckt, wat do soll gemaach ginn, wie soll dohinner kommen, wéi d'Kritäre solle sinn. Dat heescht, wa mer dee Compromis un huelen, mussen eis Kommissiounen sech zesummesetzen a kucken, wéi do geschafft gëtt.

Wichtig awer bei där ganzer Saach ass: Wa mir bis Proprietär sinn, dann decidéiere mir, wien drakënnt. Mir decidéieren, wat mer an d'Locatioun ginn. Wéi deier. Wéi bëlleg. Mir decidéieren, ob mer vläicht déi eng oder déi aner Appartementer verkafen. Mir decidéieren, ob do solle WGen, nei Wunnforme kreéiert ginn. A mir kënnen erëm e Virkafsrecht op all Appartement setzen, wat mer verkafen. Dat heescht, mir hu schlussendlech herno d'Hand driwwer.

Dat alles hat dozou gefouert, de Compromis ze kafen. Esou huet Stad Déifferdeng, de Gemengerot am Fong geholl, d'Zigelen an der Hand an net e private Promoteur oder privat Leit. An da muss natierlech zesumme gekuckt ginn, wéi mer déi 80 Appartementer op de Marché bréngen.

Dir hutt eng Simulatioun gewise kritt, wéi d'Käschtepunkten opgedeelt ginn. D'Carole Friedrich deelt Iech nach eppes aus. Dat ass fir mech extrem wich-

teg, well mer an de leschte Wochen, Méint, Joren ëmmer d'Diskussioun hatten, mir sollen nach vill méi an de soziale Wunnengsbau investéieren. Do ginn d'Meenunge jo ganz wäit auserneen. Déi eng soen, mir hunn der net genuch. Déi aner soen, mir hunn der ze vill.

Dir hutt elo en Dossier, do ass all Appartement, all Haus, all bezuelbare Wunnraum vun Déifferdeng dran. Sief et iwwert d' AIS, sief et, wat der Gemeng gehéiert, sief et mat Konventiounen mat groussen Träger, sief et de Fonds de Logement, sief et d'Habitation à Bon Marché. Da sinn endlech déi Diskussiounen eriwwer.

Deen ee seet dëst, een anere seet eppes anescht. Dat heescht, an deem Dossier, den Der elo hutt, ass alles dran. An Dir wäert gesinn, mat deene Projekten, déi mer schon am Gaange sinn, an net nëmme schwätzen, datt mer op ronn 1.000 Wunnenge wäerte komme vu bezuelbare Wunnraum. Wou Sozialmiete bezuelt gëtt, wou d' AIS schon agegraff huet.

Ech wollt Iech dat ausdeelen. An da kann ee jo nach ëmmer fannen, dass et net duergeet. Mä ech wollt Iech do awer Transparenz weisen, vun deem, wat mer schon alles hunn a wat mer nach am Gaang sinn ze maachen. Dofir hunn ech Iech den Dossier preparéiere gelooss, datt endlech vläicht déi Diskussiounen anescht gefouert ginn.

Dat gesot, ginn ech elo dem Här Liesch Georges d'Wuert fir weider Detailer vun deem Projet, den um Ordre du jour steet. Fir den Tuerm an d'Reservatioun vun deenen 80 Appartementer.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ier ech op d'Presentatioun aginn, wollt ech nach ergänzen, dass mer schon eng Virstellung gemaach hate fir d'Kommissiounen. Wou mer dee Projet virgestallt hatten a wou mer se motivéiert a gesot hunn: Dat hei ass e grouse Projet fir eis Stad, et ass eppes Aussergewöhnlech, wou mer wierklech d'Hëllef vun de Kommissiounen brauchen, fir en Input ze kréien. Net nëmme, wat d'Finanzéierung ugeet, mä och wéi de Buergermeeschter gesot huet, wéi dat Haus do soll funktionéieren.

Le collège échevinal a eu plusieurs entrevues avec les services communaux et le ministère du Logement, et a finalement décidé de sauter le pas. C'est une des raisons pour lesquelles un service du logement va être créé. Gérer les maisons et les appartements appartenant à la commune sera un défi.

Le collège échevinal a discuté des critères avec le ministère. Les commissions consultatives devront débattre de cette question. Mais le plus important, c'est qu'en tant que propriétaire, la commune décidera quels appartements mettre en location, à quel prix, s'il convient de mettre en place des communautés, etc. La Ville de Differdange maîtrisera la situation, et non un promoteur. Les conseillers communaux ont vu une simulation des prix.

Roberto Traversini fait ensuite distribuer un dossier concernant les logements à cout modéré à Differdange. Certains disent qu'il n'y en a pas assez; d'autres prétendent qu'il y en a trop. Le dossier reprend tous les logements à cout modéré, qu'ils soient gérés par l' AIS, la commune, le Fonds du logement ou la Société nationale d'habitations à bon marché. Cela permettra de mettre un terme aux discussions.

Si l'on compte tous les projets réalisés, en cours de construction ou planifiés, Differdange compte quelque mille logements à cout modéré. Bien sûr, on peut trouver que ce n'est pas assez. Mais au moins, la situation est transparente et Roberto Traversini espère que les débats se dérouleront différemment désormais.

Le bourgmestre cède la parole à M. Liesch pour les détails.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *précise que la commune a déjà présenté le projet aux commissions. En effet, il s'agit d'un projet hors du commun pour lequel le collège échevinal a besoin de l'aide et des idées des commissions — tant pour le financement que pour la gestion de l'immeuble. Certaines commissions ont d'ailleurs déjà fixé des réunions pour en discuter. Les commissions semblent moti-*

5. Actes et conventions

vées. Georges Liesch les en remercie.

La présentation sera aussi mise en ligne pour les personnes intéressées.

Le site en question est celui de l'entrée en ville, à proximité du centre-ville et de la gare. De l'autre côté, il jouxte un parc. Côté Fousbann, Georges Liesch mentionne le 1535° et ses nombreuses activités. Les locataires du 1535° pourront profiter des nouvelles infrastructures prévoyant notamment de la restauration et du « coliving ». Le projet est donc bien ancré dans son environnement. Georges Liesch rappelle dans ce contexte que l'EIDE se trouve également sur ce site et que le nouveau lycée est en train d'être construit. Bref, ce projet est central.

Il se compose de deux grandes tours de 20 et 16 étages comprenant les 80 appartements que la commune souhaite acheter. Mais il y a aussi d'autres immeubles ne faisant pas directement partie du projet d'acquisition.

Pour Georges Liesch, la commune a eu raison de ne pas être maître d'ouvrage de ce complexe, car elle ne dispose pas des compétences nécessaires. La décision d'organiser un concours pour trouver des acteurs ayant les connaissances pour construire de tels complexes était la bonne.

Entre les deux tours se trouve une tour de raccordement avec une cage d'escalier et un ascenseur. Une galerie commerciale sera aménagée au rez-de-chaussée.

Comme l'a justement souligné M. Ruckert, plusieurs locaux commerciaux sont vides à Differdange. Mais Georges Liesch rappelle que la commune a recruté un « city manager », qui entrera en fonction le mois prochain. Son rôle consistera à dynamiser le commerce.

Dans ce cas-ci, le promoteur veut bien entendu rentabiliser son investissement et il est déjà en contact avec des commerçants intéressés. La commune a par ailleurs reçu des e-mails dans ce contexte qu'elle transfère au promoteur.

An ech si ganz erfreet, muss ech soen, dass ech schonn héieren hunn, dass déi eng oder déi aner Kommissioun sech Datumer ginn huet, wou se sech gesinn, fir exklusiv iwwert dëst ze schwätzen an dorunner ze schaffen. Ech spieren eng grouss Motivatioun bei eise Kommissiounen. An dofir scho vun dëser Säit aus e ganz grouse Merci u si, fir deen extra Effort, dee se hei leeschten, fir eis dat heiten hëllefzen ze stemmen.

Ech probéiere kuerz, de Projet ze presentéieren, wéi mer en de Kommissioun presentéiert haten. Och de Leit, déi eis nolauschteren, déi d'Presentatioun herno och um Internet fannen, déi se do kënne kucken.

De Projet ass bekannt. Fir déi, wou en net kennen, e läit direkt an deem Quartier, dee mer nennen Entrée en ville. Et ass zentral geleeën, no un der Gare an direkt beim Zentrum vun Déifferdeng. Dir gesitt hei esou e Rayonnage, wéi wäit een zum Beispill brauch bis op d'Maartplaz, wou een dann direkt eppen fënnt.

E läit an déi aner Richtung direkt ugebaut un e Park. Dat heescht, de Projet schreift sech an e Kader an, deen existant ass, wou mer am Kader vum Plateau du Funiculaire en neie Park opgemaach hunn. Deen heite Projet schléisst sech dorun un.

An déi aner Richtung kuckt e Richtung Fousbann, Richtung 1535°, wou mer ganz vill Aktivitéit hunn. Wou ganz vill Leit schaffen, déi och vun dësen Infrastrukturen hei wäerte kënne profitéieren, well jo och zum Beispill Restauratioun virgesinn ass an notamment och dee Co-Living. Wou Demanden aus dem 1535° virleien, fir genau déi Leit, déi eben e puer Méint op Déifferdeng kommen, do ënnerdaach ze kréien.

E schreift sech och an eis nei Lycéesinfrastruktur an. Déi nei EIDE, déi schonn a Betrib ass. Dat neit Gebai, deen neie Lycée selwer, kënn gutt virun am Bau. Deen annexéiert sech direkt heirun. Et ass wierklech extrem zentral geleeën. Dëse Projet kann also op ville Schnëttstelle ganz vill Saachen ofdecken a bedéngen.

De Projet setzt sech zesummen aus zwee gréisseren Tierm. Eng Kéier 20, eng Kéier 16 Etagen, wou déi 80 Loge-

menter dra sinn, vun deene mer haut schwätzen.

Et sinn awer nach aner Tierm dobäi. Ech ginn eng Kéier kuerz derduerch, wat do nach geplangt ass, och wann dat elo net Bestanddeel vun dësem Projet ass. Dat erkläert, firwat mer deemools, mat Recht, gesot haten, mir kënnen als Gemeng net selwer Bauhär ginn. Fir e Komplex, wéi deen doten, si mer net equipéiert als Gemeng, fir dat eleng ze stemmen.

Dofir war et scho richtig, dass mer deemools dee Concours gemaach haten an eis Acteure gesicht haten, déi wierklech den Knowhow hunn, fir esou Komplexer wéi deen doten opzeriichten. Am Nachhinein fannen ech et och absolutt richtig, dass mer eis erëm eng Kéier amëschen a soen, kommt mir huelen eis nach e Stéck zréck, wat eis wierklech wichteg ass a mir halen eis aus deene Saachen eraus, wou mer net kompetent sinn an déi mer net esou gutt beherrschen.

Tëscht deenen zwee Tierm ass e gemeinsame Verbindungsturm, wou d'Trapenhaus an natierlech e Lift dran ass. Ënnen um Rez-de-chaussée ass eng Galerie commerciale virgesinn.

Ech deelen dem Här Ruckert seng Bedenken. Mir hunn am Moment vill Geschäfte zu Déifferdeng, déi leider eidel sinn. Net vill. Eng Rei. Ech korrigéieren e bëssen. Mä Dir wësst, mir hunn e City Manager agestellt, deen nächste Mount ufänkt. An deem säi Rôle ass genau dat do, fir ze kucken, dass mer déi Geschäftslokaler gefëllt a bespillt kréien.

Hei ass et jo esou, dass e Promoteur do ass, deen natierlech seet: Ech bauen dat an ech wëll dat och rentabiliséieren. Si hu scho Kontakter mat ganz ville Leit, déi interesséiert sinn, fir an déi Galerie commerciale ze kommen. A säit den Dossier eng Kéier an der Press war, muss ech soen, dass mer hei am Haus vill Mailen erakréie vu Leit, déi sech interesséieren un deem engen oder aneren. Mir setze se da mam Promoteur a Kontakt, wou se kucken, wéi se eens ginn a wat hir Besoine sinn. Ech spiere jiddfalls en Interêt, dass d'Déifferdenger Geschäftsleit un Déifferdeng gleeuwen.

5. Actes et conventions

Wichtig fir eis ass – an ech denken, dat ass och d'Meenung vum Här Ruckert, op jidde Fall hunn ech en esou verstanen –, dass mer et fäerdegbréngen, dass mer elo net d'Geschäftswelt erauszéien op deen Îlot. Mä dass mer et fäerdegbréngen, dat schéngt mer essentiell wichtig ze sinn, dass mer eisen Déifferdenger Geschäftszentrum verbannen. Dass dat heiten en Zesummenhang gétt.

Dat ware jo och eis Bedenken, scho wéi den Opkorn opgaangen ass. Ech muss soen, déi Zesummenaarbecht vum Opkorn mat eise Geschäftverband, déi och elo selwer do dra sinn, geet an déi richteg Richtung. Dat mécht mech zouversichtlech, dass mer dat gestemmt kréien. Dass eis dat wäert geléngen.

Dann hu mer nach Immeublen, déi stinn hei als a) an c). Dat si Büroen, wou ee sech all méiglech Bürosaktivitéite ka virstellen. Och do si schonn, souwäit ech héieren hunn, ganz vill Interessenten, déi wëllen do erakommen. Schlussendlech dann déi zwee Tierm mat den 80 Logementer an den 80 Parkplazen, déi dozou gehéieren.

Dann hu mer nach d'Gebaier d) an f). Woubäi den d), dat ass dee Co-Living, wou ech schonn drop agaange sinn. Dat widderhuelen ech elo net nach eng Kéier. An eng Crèche, déi mer wëlle genau un der Spëtzt maachen. Do wou et erausgeet an de Park. Ech mengen, dat ass eng wonnerbar Lag fir eng Crèche, well een do direkt hannen am Gréngs ass. Wou och schonn, zumindest bei mir, op d'mannst dräi Mailen erakomm si vu Leit, déi sech genau fir déi Crèche do interesséieren. Wéi gesot, mir setze se ëmmer direkt a Kontakt mam Promoteur, fir dat ze kucken.

Nach eng Kéier resuméiert: Hei gesitt Der de Projet an Zuele resuméiert, wat d'Metercarréen an d'Stäck ugeet. An da ginn ech d'Wuert un den Tom Ulveling, dee sech beschäftigt huet mat den Zuelen an eis weist, wéi mer dee Käschtepunkt do finanzéiert kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Bis op Weideres verdeelen ech nach ëmmer d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Richtig.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass elo schonn e puermol ugeklongen, 40 Milliounen Euro ze schëlleren, dat ass net näischt. Do muss ee kucken, wéi een dat packt. Dofir hu mer eis, wéi de Buergermeeschter scho virdrun erkläert huet, mam Ministère du Logement e puermol getraff, fir déi verschidde Cas-de-Figuren ze kucken, fir wat ee Subside kritt.

Mir hunn Iech dräi verschidden Zeenarien ausgerechent. Wa mer géifen an eng Locatioun goen, mat 70 % vun de Surfacen, a mir géifen 30 % Surfacë verkafen, da kréiche mer en Total u Subside vu 17,7 Milliounen Euro.

Wa mer géife fifty-fifty maachen, dat heescht d'Halschent verkafen an d'Halschent verloune vun deenen 80 Wunnengen, da kréiche mer 14,8 Milliounen Euro Subsiden. Géife mer 30 % a Locatioun ginn a 70 % verkafen, kréiche mer 11,8 Milliounen Euro. Dir gesitt, tëschent de Subside vum Staat, deemno wéi een dat opdeelt, Vente/Locatioun, ass en Delta vu sechs Milliounen Euro. Wat net näischt ass. Dofir muss mer d'Kommissioun matabannen, fir ze kucken, bei wéi engem Modell mer am beschten ewechkommen.

De Fall gesat, mer géife 70 % an d'Locatioun ginn an 30 % an d'Vente ginn, da kréiche mer 17,7 Milliounen Euro Subside vum Staat. Dat géif bedeuten, dass en Delta vun 22 Milliounen Euro opzebréngt wär. Dat iwwer Verkaf respektiv iwwer Locatioun.

Wa mer géifen 30 % vun der Surface verkafen, zu engem Metercarré-Präis vu 4.362 Euro – ech mengen dat war dat, wat mer mam Promoteur ofgemaach haten, dass hien dat dierft ginn –, hätte mer eng Recette vun 11,5 Milliounen Euro. Ech erspueren Iech d'Zifferen hannendrun, fir dass et

En tout cas, Georges Liesch a l'impression que les commerçants de Differdange croient en leur ville.

L'objectif du collègue échevinal n'est pas de transférer le commerce sur cet îlot, mais de relier la galerie commerciale aux magasins du centre-ville. Les mêmes réflexions ont été menées lors de l'ouverture d'Opkorn et Georges Liesch a l'impression que la collaboration avec l'association des commerçants va dans la bonne direction.

Une partie des locaux est réservée aux activités de bureau. La demande est d'ores et déjà élevée.

Vient ensuite les 2 tours avec 80 logements et 80 places de stationnement.

Le bâtiment D est destiné au « co-living ». Il comprendra aussi une crèche, située du côté du parc. L'endroit est idéal. Georges Liesch a déjà reçu trois courriers électroniques de personnes intéressées.

Les conseillers communaux disposent d'un résumé de tous les chiffres. Georges Liesch cède la parole à M. Ulveling pour les questions relatives au financement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

signale que c'est lui qui distribue la parole.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) en convient.

TOM ULVELING (CSV) souligne qu'investir quarante millions d'euros n'est pas évident. C'est pourquoi le collègue échevinal a analysé les différents cas de figure relatifs aux subsides.

Si la commune décidait de louer 70 % de la surface et d'en vendre 30 %, elle aurait droit à 17,7 millions d'euros. Si elle louait la moitié, elle toucherait 14,8 millions d'euros, et si elle louait 30 %, elle toucherait 11,8 millions d'euros. La différence grimpe donc jusqu'à six millions d'euros en fonction de la décision prise. C'est pourquoi les commissions devront débattre du meilleur modèle.

5. Actes et conventions

À titre d'exemple, en cas de vente de 30 % de la surface, la commune devrait investir 22 millions d'euros. Avec un prix de vente de 4362 € par mètre carré, les recettes s'élèveraient à 11,5 millions d'euros. Pour rentrer dans ses frais, la Ville de Differdange devrait engranger 10,7 millions d'euros grâce à la location de 70 % de la surface. Au prix de 8 € le mètre carré, elle rentrerait dans ses frais au bout de 18 ans. Lorsqu'on sait que l' AIS Kordall demande dix euros le mètre carré, huit euros ne représentent pas grand-chose. Tom Ulveling estime toutefois que le loyer pourrait être adapté aux revenus du locataire.

La Ville de Differdange touchera par ailleurs huit-millions d'euros pour la vente du terrain au promoteur. Elle-même l'avait payé deux-millions d'euros. Les bénéfices se montent donc à six-millions d'euros. En fonction du cas de figure choisi, les investissements de la commune seront faibles. Tom Ulveling se réjouit du fait que la commune parvienne à soutenir ceux dans le besoin tout en garantissant des recettes aux futures générations.

Il rappelle par ailleurs qu'il avait été décidé de réserver 26 appartements aux seniors. Cette décision n'évolue pas. Les 56 appartements restants sont destinés au grand public.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait que les conseillers communaux pourront bientôt aller y vivre ensemble. Il cède la parole à M. Muller.*

ERNY MULLER (LSAP) *annonce que les socialistes soutiennent ce projet d'acquisition de 80 logements et 80 places de stationnement dans le cadre de « Project Gravity ». Les logements sont qualitatifs et intéressants d'un point de vue architectural.*

Comme M. Liesch, Erny Muller souligne l'importance du concours d'architectes et d'investisseurs. Le collègue échevinal s'est vu présenter quatre projets fantastiques. Les prescriptions étaient nombreuses. L'architecte

méi einfach ass. Dat heescht, et wier nach eng Partie, déi mer missten opbréngen iwwert déi 70 % Locatioun, vun 10,7 Milliounen Euro.

Do hu mer ausgerechent, wa mer aacht Euro de Metercarré géife fir d'Locatioun, da géif dat Ganzt sech an 18 Joer refinanzéieren. Déi zéng Milliounen Euro kréiche mer an 18 Joer ongeféier erëm eran.

Aacht Euro de Metercarré, dat ass e Chiffre moyen. Wann ee weess, dass haut den AIS Kordall zéng Euro fret, dann ass dat net vill. Mä wéi Dir verlauschtert hutt, kënne mer eis virstellen, deemno wéi sozial een déi Loyere kéint staffelen, dass vläicht deen, dee méi Moyenen huet, e bësse méi deier bezilt wéi deen aneren. Soudass dat mat aacht Euro de Metercarré eng ganz virsiichteg Schätzung ass. Wou, wéi gesot, dann déi zéng Milliounen Euro, déi nach feelen, opzebréngte wäeren.

Wa mer kucken, dass mer fir den Terrain nach aacht Milliounen Euro kréie vum Promoteur an dass mer deemoools ëm déi zwou Milliounen Euro bezuelt haten, dann heescht dat, dass mer nach sechs Milliounen Euro kréien. Da bleift nëmmen nach en Delta vu véier Milliounen, déi missten opbruecht ginn.

Ech wëll just domat weisen, dass mer relativ vill a gutt subsidéiert ginn, demno wat fir ee Cas de figure mer ausspillen, dass mer net vill selwer musse finanzéieren.

Éischtens maache mer eppes fir de Logement an eiser Stad. Fir déi Leit, déi net grad esou gutt dru sinn. Zweetens hu mer Recettë fir eis kommend Generatiounen, fir eis Gemeng geséichert. Wat net näischt ass. Zu engem Präis, wéi Der gesitt, dee relativ niddreg ass.

Et dierf een net vergiessen an där ganzer Diskussioun, wat mir wichtig schéngt a wat d'Leit musse wëssen, et war mam Promoteur ofgemaach – den Här Muller korrigeiert mech –, dass vun deenen 80 Appartementer 26, mengen ech, als Alterswunnenge virgesi sinn. Dat soll esou bleiwen.

Dat heescht, déi Wunnengen, wa mer déi verlounen oder verkafen, wëlle mer dat maachen u Senioren. Den Här Buergermeeschter huet gesot, mir kën-

nen eis Modeller virstelle vun Zesummeliewe vu Senioren. An déi aner 54 Wunnengen, déi si fir de grand Public zougängelech.

Dat wollt ech Iech just erklären. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da kënne mer jo geschwënn all zesammen dohinner wunne goen. Ech géif d'Diskussiounsronn opmaachen. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech schécken direkt viraus, d'LSAP ënnerstëtzt d'Initiativ, fir 80 Wunnengen an 80 Parkplazen, déi derzou gehéieren, am Projet Tower Entrée en ville, neierdénge genannt Project Gravity, ze reservéieren respektiv spéider ze kafen. Logementer, déi sech an enger architektonesch interessanter a qualitativ héichwäerteger Bausubstanz wäerte befannen. Mir gesinn et op de Biller.

Grad esou wéi den Här Liesch, wollt ech drun erënneren, wéi wichtig et war, deen Architekten-Investoren-Wettbewerb duerchzezéien. Mir hate wierklech, an erënneren eis drun, véier fantastesch Projete virgestallt kritt. Dat war e Projet mat ville Prämissen, lauter Virgaben an all Richtungen: Architektur, Bausubstanz, Sociabilitéit, Mixitéit an esou weider an esou fort. Alles dat war am Tableau an ass herno bewäert ginn.

Ech mengen, do hu mer wierklech e ganz, ganz gudden Job gemaach. Et war effektiv esou, dass sech dat herno erausgestallt huet, wéi den Här Buergermeeschter och sot, dat hätte mer net eleng kënne stemmen. A mer haten nei Weeër gesinn an eis och nei Ziler gesat, wéi een esou eppes ka maachen.

Ech wëll op d'Geschäftswelt zrëckkommen. Do sinn net nëmmen Études de marchés gemaach ginn, do sinn net nëmme Froe gestallt ginn, do ass ee ganze Katalog opgestallt ginn, mat Pièces à l'appui, wat fir Geschäftsleit interesséiert sinn. Dat ware konkret Propositionen. Dat war net aus der Loft gegräff. En plus ass komplett drop opge-

5. Actes et conventions

passt ginn, dass d'Komplementariteit zu scho bestoende Commercen op der Plaz oder op anere Plaze respektéiert géif. Dat war scho ganz professionell. Och wat d'Mixitéit ubelaangt an och déi sozial Komponent, muss ech soen, war och ganz kompetent.

Ech hu grad gesot, et wär grouse Wäert op d'Diversitéit an d'Mixitéit geluecht ginn, wéi och wat déi spéider Aktivitéiten an dësem Komplex ubelaangt. Duerfir hu mer Galerie-marchanden, mir hunn en Hotel, mir hu Restauratiounen, mir hu Büroen, souguer e Centre médico a sozial Aariichtung wéi eng Crèche an esou weider.

Bei de Logementer ass wäert drop geluecht ginn, dass d'Wunnenge solle grouss sinn, well där méi Klenger schonn am bestoenden Tower vis-à-vis – wou ee schonn d'Silhouette gesäit nieft dem Auchan – genuch sinn. Dat war och eng Virgab. Et war ganz kloer vun eis virginn, wéi grouss déi Appartementer misste sinn.

Mir hu Chance, géif ech soen, haut do Appartementer erëmfannen, mat zwou Schlofzëmmeren, vun zum Beispill 89 m² oder ronn 90 m². Mat dräi Schlofzëmmeren, vu ronn 100 m². Oder mat véier Schlofzëmmeren, vu ronn 140 m². Dat war dat, wat den Dossier am Fong virgeluecht hat. Dat ass net dat, wat de Promoteur berechent hat, fir do säi gréisstméigleche Benefice ze maachen. Mä dat ass dat, wat kloer am Projet, an deem ganze Katalog festgehale ginn ass.

An ech sinn der Meenung, dass mer dat onbedéngt respektéiere mussen, wat deemools erauskomm ass. Well dat war d'Basis, firwat dës Firma dee Concours gewonnen hat. Dat muss een éierlech soen. All déi Kritäre ware mat eragefloss. D'Architektur war ee Kritär. Mä all déi aner Punkte waren och Kritären. An der Auswärtung hatten déi eng Roll gespillt.

Wéi Der richteg bemierkt hutt, Här Uveling, vun deenen 80 Logementer sinn der 54 an deem méi héijen Tuerm, dem Bâtiment A, deen 20 Stäck huet. Wat net näischt ass. A 26 Wunnenge sinn am Zwillingstuerm mat nëmme 16 Stäck.

Déi 26 Seniorewunnenge si Bestanddeel vum Programm. Eng wichteg sozial Komponent, well si sinn ideal geleeën, matten am Stadzentrum, bei alle Services. An ugebonnen un d'effentlech Verkéiersmëttel. Wat wëll de Senior méi? Ech mengen, dat ass den Dram vun all Senior, op esou enger Plaz kënnen ze wunnen.

E Wuert zum finanziellen Deel. Do kommen ech drop zrëck, wéi wichteg et ass, dass dat alles strukturéiert a festgehale gëtt. Well déi Konventioun ass ënnerschriwwen ginn an do steet ganz kloer dran, dass dat muss esou exekutéiert ginn, wéi et an deem Dossier ass.

An an deem Dossier steet dran, wéi de Verkafspräis soll sinn. Ganz genee am Detail ass dee berechent ginn. Och de mëttlere Verkafswäert ass do gerechent ginn. Dee steet am Dossier. An haut kënne mer eis, wa mer och viles kritisieren, awer och op d'Schëller klappen, dass mer dat deemools gemaach hatten. Well dat ass jo elo dat, firwat mer kënnen déi 80 Wunnenge kafen. An dass de Präis, fir eis op jidde Fall, festgeluecht war. Mir hatten de Präis deemools festgeluecht a kënnen haut eis Kaart zéien a soen: „Voilà, mir hunn ...“ An dofir sinn ech awer frou.

An ech sinn net esou pessimistes, dass mer net gutt gehandelt hunn, mä ech géif éischer soen, mir hu gutt gehandelt.

Elo kommen ech nach kuerz op dat, dass mer déi 80 Appartementer wëlle kafe respektiv reservéieren. Wat de Gemengerot jo haut decidéiert. Zu engem Gesamtpräis vu ronn 40.064.000 Euro. Wéi scho gesot, dat ass wierklech e super Präis pro Metercarré vu 4.352 Euro, TTC.

Et bleift nach ze ënnersichen – ech weess net, ob de Schäfferot dat scho gemaach huet –, awéiwäit d'Gemeng den Taux vun der TVA muss bezuelen. Ob dat 3 % sinn, 17 % sinn oder wéi vill.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Am Moment gesäit et no 17 % aus.

ture, les matériaux, la sociabilité et la mixité figuraient parmi les critères. La commune a réalisé du bon travail. Mais comme l'a souligné le bourgmestre, elle n'aurait pas pu réaliser ce projet toute seule.

Pour ce qui est du commerce, le collègue échevinal ne s'est pas contenté de faire une étude de marché, mais a créé un catalogue des commerçants intéressés. Il a aussi veillé à ce que les nouveaux magasins soient complémentaires à ceux existants. Le tout a été réalisé de manière professionnelle.

Une grande importance a été accordée à la diversité et à la mixité. C'est pourquoi le complexe comprend une galerie marchande, un hôtel, de la restauration, des bureaux, un centre médicosocial, une crèche, etc.

En ce qui concerne les appartements, ils sont grands parce qu'il y en a de plus petits dans la tour à côté d'Auchan. Dans ce projet-ci, les appartements à 2 chambres font 90 m², ceux à trois chambres 100 m² et ceux à quatre chambres 140 m². Le promoteur aurait préféré privilégier les bénéficiaires, mais les conditions étaient claires. Erny Muller est d'avis que tous les critères établis dans le cadre du concours devraient être respectés.

Pour ce qui est de la répartition, 54 appartements se trouvent dans la tour plus haute, le bâtiment A, et 26 appartements dans la tour de 16 étages.

Les logements pour séniors constituent une des composantes sociales. Ils se trouvent en plein centre et à proximité des transports en commun. C'est un rêve pour chaque sénior.

La convention stipule clairement que le projet doit être exécuté comme retenu dans le dossier. Le prix de vente moyen a aussi été calculé. La commune peut se féliciter, parce que ces détails lui permettent aujourd'hui d'acquérir les 80 appartements au prix défini. Erny Muller est d'avis qu'à l'époque, le collègue échevinal a bien fait les choses.

Aujourd'hui, le conseil communal décide de réserver les 80 appartements au prix de 40 064 000 €,

5. Actes et conventions

soit 4352 € TTC le mètre carré. Le collègue échevinal a-t-il vérifié le taux de TVA applicable: 3 % ou 17 % ?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il devrait s'agir de 17 %.

ERNY MULLER (LSAP) se souvient que la commune a déjà réalisé des projets où la TVA a été répercutée sur l'utilisateur final. Mais tout cela reste à voir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le collègue échevinal travaille sur ces questions.

ERNY MULLER (LSAP) indique que tous les calculs ont été faits sur la base d'une TVA à 17 %. Mais il répète que la TVA a été répercutée sur l'utilisateur final dans le cadre d'autres projets d'intérêt public. Il ne sait cependant pas si c'est possible en cas de location. Erny Muller se demande si le collègue échevinal a déjà décidé de louer 70 % des appartements et d'en vendre 30 %. Si tel est le cas, le débat au sein des commissions serait inutile. Mais Erny Muller suppose qu'il ne s'agit que d'un exemple.

Il ne faut pas oublier non plus que si la commune vendait 100 % des appartements, elle réaliserait un bénéfice grâce aux subsides. Erny Muller ne pense cependant pas que ce soit la bonne solution et ce n'est de toute façon pas ce que veut le collègue échevinal. Il s'agit de créer la bonne mixité pour permettre aux gens de louer ou acheter un appartement à un prix abordable.

Lors de la vente, la commune devra aussi réfléchir aux conditions de revente. Le collègue échevinal pourrait s'inspirer des modèles de la Société nationale d'habitations à bon marché et du Fonds du logement.

Lorsque beaucoup de personnes vivent dans un même immeuble, il est important de mettre en place un accueil et une gérance. Actuellement, la commune n'a pas encore de service du logement. Mais une gérance serait importante.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir hu scho Saache gebaut, wou mer herno d'TVA op den End-Utilisateur weiderleede konnten. Mä dat bleift nach ze ënnersichen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir schaffen drun.

ERNY MULLER (LSAP):

An alle Berechnunge si 17 % uginn. Mä et kann awer sinn, dass mer vun deem kéinten – mer hate schon aner Projeten, déi vu kommunalem Interesse waren, wou mer d'TVA konnten op den End-Utilisateur ofleeden. Dat zumindest, wann hei verkaaft gëtt. Beim Verloune weess ech et net esou. Mä Verkauf kann ech mer et virstellen.

Zu de Modeller. Mir sinn der Meinung, dass hei dee Facteur, dee Rapport 70/30, also 70 verlounen an 30 verkaufen, eppes ass, wat de Schäfferot scho festgeluecht huet. An da géifen déi ganz Diskussiounen an de Kommissiounen keng Roll méi spillen. Mä et ass awer hei alles do drop higewisen.

Dat ass ee Beispill, wat eis weist, wéi de Projet ka rentabiliséiert ginn. Et dierf een awer net vergiessen, dass wann ee verkeeft, dass een dee ganze Präis erëmkritt a keng Depense brauch ze maache vun der Gemeng aus. Domadder wëll ech net soen, mir sollen op 100 % Verkauf goen. Absolutt net. Guer net. Mä Dir gesitt awer do zwou Säiten. Dat kann ee pendele géinteneen. Wa mer 100 % Verkauf maachen, hätte mer jo nach Benefice, well da kréie mer och nach Subsiden. Mä mir kënnen net ganz verkaufen. Dat wëlle mer jo net.

Mir wëllen eng gesond Mixitéit oder Equitéit vu Verkauf a Wunnen. Well et geet jo hei drëm, fir dat opzedeele an op dësem Wee sozial erschwénglech an abordabel Präisser fir déi spéider Locataire a Propriétaires ze schafen. Locataire a Propriétaires.

Selbstverständlech muss een dann awer oppassen, wéi Dir och scho gesot hutt, dass ee beim Kaf schonn drun denkt: Wat geschitt duerno? No engem Kaf

kann och emol erëm e Verkauf stattfanen. An dass d'Gemeng dann e Virkafsrecht huet. Dass dee Verkauf u gewësse Konditiounen gebonnen ass, wat de Präis ubelaangt. Do hu mer Gesellschaften, wéi d'Société Nationale d'Habitations à Bon Marché oder vläicht de Fonds de Logement, wou mer eis kéinten inspiréieren, wéi een esou Modeller kéint opbauen.

An dann ass wichteg, wa mer esou vill Locataire a Propriétaires an esou eng Unzuel vu Leit an engem eenzege Gebai wunnen hunn, dass do en entsprechen den Accueil an eng Gerance ageriicht gëtt. Sou vill ech weess, ass dat hei virgesinn. Fir de Moment hu mir do e puer Problemer, well mer de Service Logement nach net hunn, wéi mer eis dat virstellen. Op jidde Fall ass dat néideg, dass dat vun der Gemeng iwweholl gëtt, déi Gerance an esou.

An deene Seniorewunnengen am Tuerm B, do ass e Restaurant speziell fir d'Seniore reservéiert. Mä wahrscheinlech kënnen do all d'Leit hin. Dat ass jo och wichteg fir d'Sociabilitéit, dass d'Leit kënnen mat anere Leit nach zesummekommen. Dat heescht, do muss ee Restaurant sinn, deen ëmmer fir d'Senioren op ass, dass déi kënnen permanent dervu profitéieren, all Dag, wa se wëllen. Souwéi och aner Leit kënnen an dee Restaurant goen. Dat ass virgesinn an deem Projet.

An et ass och virgesinn, fir Raimlechkeeten do zur Verfügung ze stelle fir d'Servicer, déi natierlech am Kader vun deene Seniorewunnengen unzbedde sinn. Duerfir wëll ech och soen, wat mir als LSAP do gesinn. Mir gesinn do keen Träger, deen all déi Wunnengen iwwehëlt an dann do eppes ariicht, wou e selwer verantwortlech ass. Mir gesinn eis Gemeng Déifferdeng, d'Stad Déifferdeng an der Verflchtung, fir deen Encadrement ze iwwehuelen. An domadder deene Bewunner vun deene Seniorewunnengen en optimiséierten, och finanziell optimiséierte Service kënnen unzbedden. Souwäit dat méiglech ass.

Well all déi Servicer musse bezuelt ginn. Op jidde Fall kann ee sech e Modell virstellen, wou e Service ass, deen ouni Plus-value, also ouni Gewënn do schafft a sech am Fong selwer dréit, duerch déi Saachen, déi do gemaach ginn.

5. Actes et conventions

Do kann een innovativ Weeër goen, Här Buergermeeschter. Dir hat vun innovative Wunnengsbau geschwat, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech zielen op Iech.

ERNY MULLER (LSAP):

... mä och an deem do Punkt kann een op innovativ Weeër goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig.

ERNY MULLER (LSAP):

Domadder schléissen ech of. Ech hu schonn zimlech laang geschwat. Awer ech wëll Iech soen, dass d'LSAP onbedéngt dëse Kontrakt fir d'Reservatioun vun deenen 80 Wunnengen a Parkplazen am Gravity-Tower ënnerstëtzt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Muller. Et war ganz agreabel Iech nozelauschteren. Hoffentlech geet et esou weider.

Madamm Pregno, w.e.gl.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, jo, et geet esou weider. Als Verrieder vun deene grénge kann ech soen, dass mir ganz begeeschtert si vun deem Projet. Et ass eng Chance fir d'Stad Déifferdeng, 80 Logementer ze kafen, déi herno op de Wunnengsmaat ze bréngen an esou wierklech aktiv op engem Marché ze spillen, deen definitiv ze vill a privater Hand am Moment ass. Wou d'Präisser einfach ze héich sinn. An deementspriedend ganz vill Leit net d'Méiglechkeet hunn, esou ze wunnen, wéi se sollten.

Mir denken als gréng, dass een hei muss op eng gesond Mëschung tëschent Verkaf a Verlounen oppassen, dass kloergestallt gëtt, wéi eng Zort Leit herno do wunnen. „Eng Zort Leit“ klénge ëmmer e bësse blöd. Mä ech mengen eng gesond Mixitéit vu verschiddene soziale Schichten. Et ass geschwat gi vu Senioren, et ass geschwat gi vu Famillen. Ech denken, wann een do e gesunde Mix erauskritt, dass dat e ganz flotte Projet ka sinn.

Et kann ee vläicht drun denken, bei deem Shared Space, dee soll do an der Mëtt sinn, iergendwéi eng Persoun dobäi ze huelen, déi sech mat esou Saachen auskennt, fir all déi Leit, déi op där Plaz do wunnen, zesammenzebréngen. Well et si vill Wunnengen. Et ass e grouse Projet. An d'Gefor besteet bei esou Projeten, dass viles an der Anonymitéit verleeft. Dat wär e bësse schued. Virun allem, wann een hei liest, dass Zären do sinn a vill gemeinsame Raum, dee kann zesumme genotzt ginn.

E Service Logement begrësse mer, deen dat soll geréieren. Well dat och erëm eng Chance ass fir d'Stad, fir aktiv mat doran ze schaffen.

Des Weidere begrësse mer d'Virgoensweis vum Schäfferot. Mir hunn dat ganz flott fonnt, wéi Der virgaange sidd. Dass ageluede ginn ass, fir d'éischt op eng Séance, fir de Gemengerot ze informéieren, dann d'Kommissiounen bäigezu gi sinn an och d'Press. Dat weist, dass soll matgeschafft ginn, dass sollen Iddie vu baussen erakommen a vill Leit solle mat drun deelhuelen. An deem Punkt do stëmme mir fir dee Projet. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Den Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, verschidde Fraktiounen hei aus dem Gemengerot fuerdere scho länger, dass d'Gemeng muss méi aktiv ginn am Wunnengsbau. Nëmme duerch Schutz a Verbueter kréie mer de Wunnengsmarché net wesentlech entlaascht. An och wann déi grouss Inves-

Dans la tour B, un restaurant pour séniors est prévu. Ils pourront en profiter tous les jours. Mais ce restaurant devra aussi être accessible aux autres citoyens. Plusieurs locaux sont destinés à d'autres services pour les séniors. C'est pourquoi les socialistes sont d'avis que la Ville de Differdange doit assurer l'encadrement de ces personnes âgées. Celles-ci doivent pouvoir profiter d'un service optimisé. Il ne faut pas oublier que tous ces services ont un cout. Si la commune les gère, elle n'aurait pas la nécessité de réaliser un bénéfice.

Erny Muller pense que des innovations sont possibles dans ce domaine.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) est du même avis.

ERNY MULLER (LSAP) annonce le soutien du LSAP pour la réservation de 80 appartements et places de stationnement dans la tour Gravity.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) se dit enthousiaste du projet. La Ville de Differdange a l'opportunité d'acquérir 80 appartements et d'intervenir activement sur le marché de l'immobilier actuellement entre les mains de particuliers. Les prix sont trop élevés ce qui ne permet pas à de nombreuses personnes de vivre comme elles le souhaiteraient.

Les écologistes estiment qu'il faut veiller à une bonne mixité entre location et vente afin de soutenir toutes les classes sociales. Il a déjà été question de séniors et de familles.

Au centre du complexe se situera un « shared space ». Il faudra trouver une personne chargée de rassembler les habitants. Car dans des immeubles aussi vastes, on risque de sombrer dans l'anonymat. Ce serait d'autant plus dommage que le complexe comprend des serres et des locaux communs.

Laura Pregno se réjouit de la création du service du logement. Elle salue la façon de procéder du collège échevinal, qui a invité le conseil communal à une séance

5. Actes et conventions

d'information au préalable. Les commissions et la presse ont aussi été informées. Le collègue échevinal mise donc sur la coopération et souhaite des idées de l'extérieur.

Les écologistes approuveront le projet.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que plusieurs fractions demandent depuis longtemps que la commune se montre active sur le marché de l'immobilier. Car la protection et les interdictions ne suffisent pas. Le collègue échevinal a eu raison de saisir cette occasion.

La mixité est un sujet important. François Meisch trouve un rapport vente-location de 30 %/70 % acceptable. Les commissions pourront réfléchir à la question.

Le conseiller communal salue la création de 26 appartements pour séniors.

La question du prix et du droit de préemption a été abordée. Le DP approuvera le contrat de réservation de ces 80 appartements.

JERRY HARTUNG (CSV) déclare que le CSV approuvera aussi le contrat. Il s'agit d'une opportunité peu commune avec des avantages à la fois financiers et sociaux pour les Differdangeois. Les 80 appartements offriront une bonne qualité de vie aux futurs habitants.

Les chrétiens sociaux sont d'avis que deux tiers des appartements doivent être loués et un tiers vendu. Le mélange de locataires et de propriétaires est important. En plus, si deux tiers des appartements sont mis à la location, les générations futures pourront en profiter.

Pour parler de mixité saine, il faut tenir compte à la fois de critères sociaux et de l'âge. Ce projet est intéressant pour les jeunes ayant commencé à travailler et ne disposant pas des fonds nécessaires pour un appartement au Luxembourg, pour les familles, et pour le troisième et quatrième âge. Un concept innovant est nécessaire pour régler la cohabitation.

Jerry Hartung remercie le collègue échevinal pour le dossier. Celui-ci

titouen hei net geplangt war, sou ass et dach richtig, déi Opportunité ze ergräifen.

Mixitéit ass e groust Thema. Mir mussen absolutt prioritär an d'A faassen, wéi mer do virginn. An eisen Aen ass eng Opdeelung Locatioun/Vente am Verhältnis vu minimal 70/30 ze vertrieben. Dat geet jo nach an déi verschidde Kommissiounen, fir sech doriwwer Gedanken ze maachen.

Dass vun den 80 Appartementer der 26 altersgerecht ageriicht solle ginn, begrësse mer. Obwuel een och emol misst definéieren, wat genau altersgerecht beidit.

Iwwert de Präis a Virkafsrecht gouf alles gesot. Dofir kann ech just nach matdeelen, datt d'Demokratesch Partei dee Contrat de réservation fir déi 80 Appartementer am Kader vum Project Gravity matstëmmt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, d'CSV ënnerstëtzt dese Kontrakt, fir déi 80 Appartementer am Zentrum ze kafen. Dëst ass net nëmmen en aussergewéinleche Kontrakt, wéi et gesot gouf, mä och eng aussergewéinlech Chance.

Zum engen ass et duerch all déi Subsidien net nëmme finanziell eng gutt Saach fir d'Gemeng, awer virun allem och um Sozialen. Hei kënnen mer eng flott Offer fir d'Déifferdenger Leit schaffen.

Begrësse maache mer, an do bleiwe mer eiser Linn trei, datt mer 80 grousse Appartementer bauen, wou de spéidere Bewunner eng gewësse Liewensqualität gebuede gëtt.

Als CSV si mer der Meenung, et sollt ee ronn 2/3 vun deene Wunnengen an d'Locatioun an 1/3 zum direkte Weidervirkaf ginn. Esou féiere mir an Zukunft d'Fieder, wat de Projet ugeet. Mer

hunn e Mix tëscht Locataire a Propriétaires.

D'Käschte vum Projet ginn uerdentlech amortiséiert. Mat 2/3 vun de Wunnengen, déi an der Locatioun bleiwen, kënnen déi kommend Generatiounen nach heivunner profitéieren an net just déi, déi a ronn dräi Joer eppes um Wunnengsmarché sichen.

Et muss eng gesond Mëschung an alle Beräicher stattfannen, wéi vun alle Fraktiounen hei gesot gouf. Zum engen um soziale Plang, zum anere soll de Projet sech un all Alter riichten. Et ass interessant fir Jonker, déi grad ufänke mat schaffen a sech soss näischt hei kéinte leeschten a riskéiere mussen, iwwert d'Grenz wunnen ze goen. Genau sou wéi fir jonk an net méi esou jonk Famillen. A mir si ganz frou driwwer, datt 26 Appartementer fir Leit vum drëttesch respektiv véiertem Alter festgeloucht sinn.

Wéi genee dëst Zesummewunnen ausgesollt, do muss nach en innovatiivt Konzept ausgeschafft ginn. Mir soe Merci fir deen Dossier, dee mer ausgedeele kruten. Ech denken, dat hëlleft de Kommissiounen, déi an deenen nächste Méint hir Propose sollen eraginn, fir komplementär Saachen auszeschaffen.

Wichtig ass, datt d'Leit, déi hei an der Gemeng wunne respektiv schaffen, eng Prioritéit sollen hunn.

Et sief nach ze erwänen, datt en öffentleche Parking ënnerdrënner entsteet vun 222 Plazen. An engem Souterrain quasi direkt am Zentrum. 80 vun dese Plaze kafe mir mat den Appartementer. Am Prinzip eng Plaz pro Wunneng, wat erfahrungsgeméis wuel net wäert duergeen. Et wier eng Iwwerleeung wäert, am Konzept virzugesinn, wéi de Carsharing bei de Bewunner kéint promovéiert ginn. Insbesonnesch, well zimlech no eng Flex-Station vum der CFL disponibel ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Hartung. Här Ruckert, w.e.gl.

5. Actes et conventions

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo héieren, dass de Schäfferot an d'Majoritéitspartei begeschtert sinn iwwert deen neie Projet do. Dat hat ech och schonn héiere viru längerer Zäit, wéi d'Gemeng keng Wunnenge kaaft huet, dass de Schäfferot an d'Majoritéit begeschtert waren iwwert dee Projet. Do ass e gewësse Widdersproch dran.

Et ass hei gesot ginn: „Mir hunn net dru geduecht, dass esou eppes kéint passéieren“. Ech wëll awer drun erënnere, wéi mer iwwert dee Projet hei geschwat haten, hat ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei drop higewisen, dass e Risiko bestéing, dass wann dee Projet esou realiséiert géif ginn, wéi de Schäfferot dat gesot hat, just Leit dohinner kéimen, déi méi déck Paien hätten. An anerer hätte keng Chance, do eng Wunneng ze kréien.

Lo hutt Der selwer déi Korrektur gemaach. An ech si ganz frou doriwwer, als Verrieder vun der KPL, dass Der dat agesinn hutt. Ech wäert dee Projet och stëmmen, well et éischtens wichteg ass, dass 80 Wunnengen dohinner kommen. Zweetens, well do och Leit eng Chance hunn, déi keen esou e groust Akommes hunn, fir un eng Wunneng ze kommen. Soudass do e flotte Projet kann entstoen.

Den Här Buergermeeschter hat an deem Zesammenhang geschwat vun engem Service de Logement. Och dat kann ech nëmme begrëssen, well domat gétt eng Fuerderung vun der Kommunistescher Partei realiséiert, déi virun aacht Joer si als eenzeg politesch Partei am Wahlprogramm hat, mat Detailer. Dofir si mer frou, dass Der op dee Wee gitt, fir esou e Service Logement ze grënnen. Mer wäerten dat ënnerstëtzen.

Et gétt elo nach eng ganz Rei Saachen do ze klären. Ech fannen et gutt, dass da mat ville Leit soll driwwer geschwat ginn, och mat de Kommissiounen, wéi ee konkret um Terrain soll virgoen. Et ass wichteg, dass d'Leit gefrot ginn.

Nach eng Kéier: Jo zu deem Projet do. An ech hoffen, dass e relativ séier ka verwierklecht ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ruckert. Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech kann dem Här Ruckert bal bei allem zoustëmmen, ausser dass en anscheinend de Wahlprogramm vun déi Lénk virun aacht Joer net gelies hat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech ka mer dat net virstellen, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech begrëssen awer, dass dee Schrëtt elo gemaach gétt vun der Majoritéit. Awer ech drécken och mäi Bedauern aus, dass mer dat elo eréischt maachen, am Géigesaz zu deem, wat mir deemools gesot haten, dass mer dat als Gemeng sollte selwer maachen.

Well wat mer elo am Endeffekt hei maachen, dat ass: Mir verkafen en Terrain aus ëffentlecher Hand. Mir ginn engem Promoteur d'Méiglechkeet, Margen ze maache mat deem Terrain, dee mer aus der ëffentlecher Hand verkaf hunn. An da gi mer bei de Ministère 75 % sichen. Respektiv bei d'Leit, fir deen Deel, wou mer verkafen, gi mer Sue sichen, fir déi Wunnenge bewunnbar ze maachen.

Et maach sinn, dass et fir d'Gemeng plus ou moins gutt opgeet, well mer jo 75 % vum Ministère kréien. Mä un ëffentleche Gelder ass am Endeffekt méi gefloss, wéi wa mer et selwer gemaach hätten. Well mer 75 % vum Ministère froen a 25 % vun eis selwer aus der Keess huelen op en Terrain a Wunnengen, déi méi deier gi sinn, well dertëscht e Promoteur bestëmmt net fir näischt a fir de gudden Zweck geschafft huet.

Déi feelend Expertise an Disponibilitéit vu Personal hätte mer eis, wéi och bei anere Projeten, vu bausse kéinten eranhuele fir esou e Projet.

se révélera utile aux commissions, qui feront leurs propositions au cours des prochains mois. Pour le conseiller communal, il est important que les personnes vivant à Differdange soient prioritaires. Le parking souterrain comprendra 222 places de stationnement pratiquement dans le centre. La commune en achètera 80. Cela représente une place par appartement, ce qui ne suffit pas en général. Jerry Hartung suggère de promouvoir le « carsharing » auprès des habitants. Il rappelle qu'une station Flex des CFL se situe à proximité.

ALI RUCKERT (KPL) *vient de constater que le collège échevinal et les partis de la majorité sont enthousiastes. Mais ils étaient déjà enthousiastes quand ils ne prévoyaient pas d'acheter des appartements. C'est contradictoire.*

Le collège échevinal a dit ne pas avoir pensé plus tôt à acquérir les appartements. Or Ali Ruckert avait déjà mentionné le risque que des personnes fortunées achètent tous les appartements. Le collège échevinal vient de corriger le tir et les communistes en sont contents. Des personnes aux revenus modestes auront l'opportunité d'obtenir un logement.

Le bourgmestre a parlé d'un service du logement. Ali Ruckert s'en réjouit, car il s'agit d'une exigence du parti communiste vieille de huit ans. À l'époque, le KPL était le seul parti à demander un tel service.

Il reste de nombreux points à clarifier. Ali Ruckert approuve le fait que de nombreuses personnes aient été consultées dans le cadre de ce projet. Il répète qu'il soutient celui-ci et espère que les travaux avanceront rapidement.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *est d'accord avec presque tout ce qu'a dit M. Ruckert, mais il constate que celui-ci n'a pas lu le programme électoral de déi Lénk d'il y a huit ans.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *n'y croit guère.*

5. Actes et conventions

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue la décision de la majorité, mais regrette que la commune ne réalise pas elle-même le projet. Car en fin de compte, la commune a vendu un terrain public pour permettre à un promoteur de gagner de l'argent. Ensuite, elle demande des subsides à l'État. Grâce à ces subsides, la commune rentrera peut-être dans ses frais, mais le projet aurait coûté moins cher aux instances publiques si la commune avait été maître d'ouvrage. La commune payera 25 % et l'État 75 % du prix des appartements, qui sont devenus plus chers parce que le promoteur se trouve au milieu.*

Par ailleurs, le collègue échevinal aurait pu rechercher les compétences nécessaires à l'extérieur.

Gary Diderich espère que la commune apprendra de ses erreurs. La ministre du Logement est en train de prendre des mesures pour que les communes ne puissent plus vendre des terrains. En l'état actuel des choses, déi Lénk ne peut que soutenir le projet. Autrement, ce seraient des particuliers qui fixeraient les prix.

Pour Gary Diderich, il est essentiel que la majorité des appartements soient mis en location. Il suggère 70 % ou même 100 %. Déi Lénk souhaite aussi une garantie que le prix au mètre carré ne dépasse pas huit euros.

Comment les logements seront-ils attribués? Un comité de sélection devrait s'occuper des candidatures anonymes pour tous les appartements. Le comité ne connaîtrait que la taille du ménage, les revenus, etc.

Il faut aussi penser aux locaux et services communs comme le « carsharing », un local pour les fêtes, etc.

Gary Diderich voit un grand potentiel dans ce projet. Il imagine que les seniors pourraient servir de babysitteurs aux jeunes couples qui en contrepartie pourraient aider les seniors à faire leurs courses.

Les appartements compteront deux, trois ou quatre chambres. Ils sont donc idéaux pour les familles, mais aussi pour les colocations.

Et ass elo esou wéi et ass. An ech hofen, mir léieren draus. D'Logementsministesch ass jo am Gaang, um nationalen Niveau Dispositiounen ze huelen, fir dass d'Gemengen dat doten net méi maachen a keng Terraine méi verkafen. An ech hoffen, dass dat eben an Zukunft net méi de Fall ass.

An där Situatioun, an där mer sinn, kënne mer dat just ënnerstëtzen. Well wa mer dat als déi Lénk net géifen ënnerstëtzen, da géif dat geschéien, wat geschriwwen ginn ass: Dee festgeluechte Präis géif vu private Leit fir weider Plus-valuen nach benotzt ginn, wéi do, wou mer elo scho sinn.

Wichtig ass, dass mer e groussen Undeel an d'Locatioun ginn, vun deem, wat mer hei kafen. Fir eis als déi Lénk also dee gréisstméiglechen Deel vun op d'mannst 70 % bis zu 100 % erop, dat musse mer da kucken. Dat gëtt jo elo net haut decidéiert. An dass mer eng Garantie kréien, dass d'Locatioun pro Metercarré net iwwer déi aacht Euro erausgeet.

Wichtig ass och an den Diskussiounen, déi mer herno wäerten hunn, d'Fro: Wéi ginn déi Wunnengen attribuéiert? An do ass et wichtig, dass mer e Comité de sélection aféieren, dee bei alle Wunnengen – net nëmme bei deenen doten – déi Dossieren traitéiert, op Basis vun Anonymitéit. Dat heescht, et gëtt just gesot, wéi grouss de Menage ass, wat d'Salairë sinn an esou weider, mä ouni Numm am Dossier. An dass d'Oppositioun vertrueden ass an esou engem Comité.

Wichtig ass och, wat schonn ugeschwat ginn ass, dass een u gemeinschaftlech Raim a Servicer denkt. Sief dat e Carsharing, sief dat e Raum, wou een eng Kéier eng Soirée kann organiséieren, wann een d'Famill aluet oder e Gebuertsdag géif ustoen an esou weider. Wou dann net jidderee bei sech onbedéngt e Raum muss reservéieren, fir just ab und zu ze benotzen.

Et ass e grousst Potential do bei dem Projet, fir multigenerationell virzegoen. Wou eeler Leit enger jonker Koppel mat Babysitting quasi zur Hand kéinte goen, an déi méi jonk Koppel bei anere Saache kéint intervenéieren, fir zum Beispill méi eppes Schwéieres matzebréngen aus dem Geschäft, oder wann

eng Kéier e Miwwel misst geréckelt ginn oder wat och ëmmer.

An deem Sënn si WGe méiglech, souwuel vu Jonker wéi vun eelere Leit. A mir hu jo hei – dat ass jo och zum Deel scho gesot ginn – keng kleng Wunnengen, wéi se ganz oft gebaut ginn. Mir schwätzen hei vu Minimum zwee Zëmmeren, dräi Zëmmeren, och véier Zëmmeren. An dat soll eben d'Méiglechkeet gi fir Famillen. Mä et gëtt eben och d'Méiglechkeet fir WGen, déi een hei kéint aplangen.

Wann en Deel dovunner zur Vente soll gestallt ginn, dann ass et eis wichtig, dass de Mix op d'Etage an op déi verschidden Unitéite gemaach gëtt, vu Locatioun a vu Vente. Et kann net sinn, dass herno e puer Etage just zur Vente stinn an aner Etage just zur Locatioun. Wa mer dee Pourcentage huelen, solle mer deen och esou gutt wéi méiglech op déi verschidde Stäck opdeelen.

Dat sinn eis Ureegungen. Wéi gesot, mat engem Begréissen aus der Situatioun eraus, an där mer sinn, a mat engem Bedauern, dass mer net éischer konnten op de Wee goen, deen am Interêt public am beschte gewiescht wär. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Den Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech schwätzen elo emol mat der Kap vum President vum Office social. Hei hu sech elo vill Iddien erauskristalliséiert. Wat absolutt dat Wichtigst ass, dass e Konzept ausgeschafft gëtt. E Konzept, wat ze droen ass. E Konzept, wat transparent ass. An e Konzept, wou mer och virukommen.

Ech wëll net iwwer 70, 50 oder 30 % Locatioun schwätzen. Et ass un deenen néidegen Instanzen, déi mer zesummesetzen an deenen nächste Méint, fir ze kucken, wéi mer do viruschaffen.

Ob d' AIS Kordall oder iergendeen anere Grupp dat verwalt, wëll ech och net

5. Actes et conventions

schwätzen. Wat mer immens wichtig ass, ass, dass de Loyer bezuelbar ass. Dass de Loyer ofhängeg vum Salaire ass. Dat ass a mengen Aen dat Wichtigst. Ob eng AIS Kordall zéng Euro fret, oder hei vun aacht Euro geschwat gëtt. Oder wéi de Fonds de Logement et mécht, mat engem lounofhängege Loyer. De lounofhängege Loyer ass u sech dat, wéi ech et iwwert d'Joren elo gesinn a Sozialarbechten. Lounofhängege Loyer ass dat Geneest, dat Gerechtest, wat mer kéinte maachen. Dat ass déi eenzeg ganz wichtig Approche, déi ech hunn.

Dass dat dote finanzéierbar ass, muss een och soen, ass doduerch, dass mer enorm vill Subside vum Staat kréien. Dat soll een awer och betounen. Mir falen ëmmer gären iwwert de Staat hier. Mir hunn e Staat, dee sech vill engagiert an der Wunningspolitik. Och wann do vill schlecht geschwat gëtt. Mä dass ee 75 % subsidéiert kritt, dat heescht schonn eppes. Mir sinn do um richtige Wee. Dass mer net iwwerall um richtige Wee sinn, dat wësse mer alleguerten, dass nach vill muss geschéien. Dat just gesot. Merci fir d'Wuert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech wëll just e puer Bemierkung maachen. Merci op alle Fall fir déi grouss Zoustëmmung. An och Merci deene Parteien, déi dat scho viru Joren an hirem Wahlprogramm haten. Et ass jo ni ze spéit, fir Saache gutt ze maachen.

Mä wann Diskussiounen stattfanne wéi elo hei, wou ech d'Ronn opgemaach hunn, wat bezuelbare Wunnraum ass? Dat géif ech gäre vu jiddwerengem wëssen, well jiddwereen dat aneschtens gesäit. Wat ass altersgerecht, Här Meisch? Et ass flott, esou Wieder ze benotzen. Da soll ee mer dat erklären. Wat ass altersgerecht? Wat ass eng Mixitéit? Wéi eng Mixitéit hätt Der gär do dran? Dat muss een dann och soen. Et geet net duer, ze soen hei lénks a riets. Et muss een da mat Fakte kommen. Dofir mengen ech, datt ee sech elo muss zesummesetzen an esou gutt wéi méiglech Äntwerte fannen. Well et ass net alles schwaarz a wäiss. Et ass ganz, ganz schwéier, dat alles beieneen ze kréien.

An et ass jo selbstverständlech, Här Diderich, datt herno net de Buergermeeschter oder soss ee wäert decidéieren, wien an déi Wunnenge kënnt. Well dat si jo ëmmer esou kleng Ënnerstellungen, wou een dertëscht héiert.

Haut schonn, an der AIS, ass et net d'Politik, déi sech drëm këmmert, mä et sinn déi Leit, déi am soziale Beräich schaffen, déi decidéieren, wien drakënnt a soss keen. Dat funktionéiert schonn alles. An et ass jo net fir näischt, datt mer soen, mir mussen eis zesummesetze fir ze kucken. Et ass op alle Fall herno net de Politiker, deen decidéiere wäert, wien eng Wunneng kritt oder net, wann dat Är Angscht soll gewiescht sinn.

Mir kommen elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de réservation de 80 logements au projet Gravity à Differdange.

Exzellent. Fir 40 Milliounen Euro, déi mir investéieren, unanime – dat kënnt net oft vir.

ENG STËMM:

Richtig ausginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig ausginn. Dat seet herno d'Zukunft eis.

Deen nächste Punkt ass en Haus an der Grousstrooss, wat mer wéilte kafen. An d'Appartement, dat mer kafen, wéilte mer wa méiglech direkt der AISK zur Verfügung stellen. Mä eis ass et och ëm dat Stéck Gaart gaangen, wat hannendru leeft. Dir wësst, d'Terrasses de la ville sollen eng Kéier matenee verbonne ginn, vum Ufank bis zum Schluss. Dëst Stéck Gaart wäert déi nächst Joren eng Schlësselroll spillen. De Präis ass korrekt. Ech wier frou, wa mer dat kéinte kafen.

Jo, Här Altmeisch.

Si une partie des habitations est mise à la vente, il faudra veiller à les répartir sur les différents étages. Il ne faudrait pas que tous les logements achetés se trouvent au même étage.

Gary Diderich salue à nouveau la décision du collège échevinal tout en regrettant que la commune n'ait pas agi plus tôt dans l'intérêt public.

SERGE GOFFINET (LSAP) intervient en tant que président de l'office social. Le plus important est d'élaborer un concept pouvant être financé et réalisé tout en étant transparent.

Serge Goffinet ne souhaite pas revenir sur le rapport entre location et vente. Les instances compétentes devront en débattre au cours des prochains mois.

Il ne parlera pas non plus de la gestion des appartements, qui pourra être faite par l'AIS Kordall ou un autre groupe.

Ce qui importe, c'est que le loyer dépende du salaire. On peut fixer le loyer à dix euros ou huit euros. Mais la méthode la plus équitable pour le calculer consiste à échelonner en fonction des revenus. C'est la requête la plus importante de Serge Goffinet.

La commune pour financer ce projet grâce aux subsides de l'État. On critique souvent le gouvernement, mais il s'engage pour le logement. Un financement de 75 %, ce n'est pas rien. La commune est sur la bonne voie même s'il reste beaucoup à faire.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie le conseil communal pour son soutien. Il n'est jamais trop tard pour bien faire les choses.

Mais lorsqu'on parle de logements abordables, il faut d'abord définir ce que c'est, car chacun voit les choses différemment. Même chose pour l'âge ou la mixité. Ces mots méritent d'être définis. Il ne suffit pas de les lancer à droite et à gauche, il faut avancer des faits. Le moment est venu de trouver les réponses, car tout n'est pas blanc ou noir.

5. Actes et conventions

Il est évident que le bourgmestre ne décidera pas qui occupera les appartements. M. Diderich a fait ce type d'allusions. Aujourd'hui déjà, ce sont des assistants sociaux qui s'en occupent. D'ailleurs, le collègue échevinal a dit que les commissions devront fixer les critères.

(Vote)

Roberto Traversini constate qu'il n'arrive pas souvent qu'un projet de quarante-millions d'euros soit approuvé à l'unanimité.

Il passe à l'acquisition d'une maison dans la Grand-rue. Un appartement sera mis à la disposition de l'AIS Kordall. Le collègue échevinal est surtout intéressé par le jardin derrière l'immeuble en vue de relier les Terrasses de la ville d'un bout à l'autre.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *n'est pas contraire à cette acquisition. Cependant, il regrette que l'acte de vente ne mentionne pas le nombre de mètres carrés de l'appartement.*

La dernière fois, lors de l'acquisition d'un immeuble dans l'avenue de la Liberté, il avait par ailleurs suggéré que la valeur de ce type de biens soit d'abord évaluée par un expert en immobilier.

Les conseillers communaux doivent approuver un acte de vente sans savoir réellement de quoi il s'agit. Ils devraient disposer d'un dossier détaillé rédigé par un expert assermenté et indépendant. Guy Altmeisch ne sait par exemple pas quels seront les frais consécutifs.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne voit pas d'inconvénient à ajouter le rapport d'un expert à l'avenir. S'il le souhaite, le conseil communal peut aussi participer à la visite des biens avant l'acquisition. À l'avenir, le bourgmestre veillera à ce que les conseillers communaux reçoivent un courrier électronique pour organiser une visite.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la vente d'un terrain de dix ares. Le prix se situe dans la fourchette habituelle: entre 2500 € et 3000 € l'are.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hätt eng kuerz Umierkung dozou ze maachen. Mam Prinzip vum Kaf vun deem Objet hunn ech kee Problem. Ech géif et besser fannen, datt niewent deem Acte de vente, dee mer hei elo stëmmen, an deem Achat, loosse mer soen, vun där Parzell, wann een als Conseiller géif wëssen, éischtens emol, wéi vill Metercarré dat ganzt Appartement huet.

An ech muss meng Fuerderung nach eng Kéier widderhuele vum leschte Gemengerot, wéi mer driwwer diskutéiert haten, fir d'Haus Fourny ze kafen an der Avenue de la Liberté: Ech géif et als Avantage ugesinn, wa virun esou engem Vott en onofhängegen Expert deem Objet géif evaluéieren. Dass ee géif gesinn: Wat keeft een? Wat ass d'Valeur momentan um Marché vun deem Objet? A wat sinn déi Fraisen, déi nach usti fir eng Renovatioun?

Mir kréien hei en Akt virgeluecht, deen ass explizit, wat d'Persounen, den Acheteur, de Präis ubelaangt an alles. Mä et weess een net richteg, wat ee keeft. Et gesäit een et net virun den Aen. Duerfir géif ech et als grouse Virdeel ugesinn, bei all Achat, dee mer maache vun Immobilien, dass mer en Dossier dobäi hu vun engem assermentéierten, onofhängegen Expert.

Dat wier vill méi transparent fir déi Leit, déi dat do stëmmen. Mir stëmmen elo just en Text mat Detailer. Mä mir wëssen am Fong net, well mer net sur place waren, wat fir Folgekäschten dat Ganzt mat sech bréngt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Mir huelen dat esou mat. Ech hunn absolutt kee Problem, datt mer an Zukunft och e Bericht vum Expert draleeën. Ech muss Iech soen, ech hätt och kee Problem, datt mer an Zukunft een Dag fixéieren, wa mer Saache kafen, datt de Gemengerot dat och ka kucke goen. Dat heescht, datt déi zwou Saache beienee sinn. Da weess een op alle Fall, ëm wat et sech handelt. Mir huelen dat mat. An ech wäert et dann och esou aktéieren, datt mer an Zukunft fir alles, wat mer kafen, Iech mat

engem Mail Bescheid soen, datt een eng Visitt kann zesumme maachen. Eng gutt Iddi.

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant acquisition d'un appartement avec jardin au lieudit « Grand-rue » à Differdange.

Merci. Deen nächste Punkt geet ëm e Stéck, wat mer wëlle kafen. Ëm déi 10 Ar. Dir gesitt, wou et läit. De Präis ass, wat mer meeschtens ginn, tëschent 2.500 an 3.000 Euro de Metercarré. Mir wäeren natierlech frou, wann Der domat averstane wäert, wann d'Stad Déifferdeng, ...

(Interruption)

Tëscht 2.500 an 3.000 Euro den Ar, jo. Metercarré, dat wäert an e puer Jore sinn.

Mir wiere frou, wann Der dat géift matstëmmen.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat jo virdu gefrot, fir dat heite vum Ordre du jour ze huelen. Wann Der dat am Kadaster kuckt, dann ass dat eng Parzell, déi vis-à-vis vun där Parzell läit, also op där anerer Säit, direkt um Wee, wou et ëm dat sougenannte Gaardenhaische respektiv éischer Chalet geet.

Am Akt steet, de PAG ass nach net duerch, deen ass an der Prozedur. Am neie PAG ass virgesinn, dass dat Zone forêt gëtt, wat virdrun net de Fall war. Do war dat heite Zone laborable. Dat heescht, hei gëtt e Reklassement virgesinn an deem neie PAG. Am ale PAG war dat anescht.

An hei am Akt ass eng Utilité publique virgesinn, déi ech als solches net a Fro stellen. Mä et gëtt och aner Utilité-publiques, nämlech déi, dass dat hei éischer fir Schrebergäert géif virgesi

5. Actes et conventions

ginn, respektiv Agrikultur. Also op jidde Fall, dass d'Diversité biologique hei soll geféiert ginn.

A mat deem hei Akt, awer och mam PAG, géif op jidde Fall ausser Fro kommen, dass do eng Kéier gebaut gëtt. Quitte, dass ech an der strategescher Umweltprüfung vum PAG keng Indikatione fonnt hunn, firwat dat heite grad en Terrain sollt sinn, deen eng spezifesch, eng extra Valeur vun der Natur aus opweist.

An dee Wee ass jo och frësch gemaach ginn. Do si Reseau geluecht ginn op Käschtchen vun der Allgemengheet. Oder dat wäerte mer nach haut gewuer ginn, wien déi ganz Käschtchen iwweholl huet. An ech denken, wa mir als Gemeng enzwousch Reseau leeën, dass déi fir Wunnraum solle geluecht ginn. An deen Opwand net bedriwwen gëtt fir vläicht just eng Wunneng. Falls et keng aner Grënn gëtt, firwat een elo net hei sollt méi maachen.

Dofir géif ech wierklech ofroden, dem PAG hei virzegräifen. Deen ass nach net gestëmmt. Do maache mer d'Saisine jo souguer vläicht nei. Oder sécher, wéi dat jo am Ufank gesot ginn ass. En plus hu mer eng ganz Rei Froen, déi sech hei stellen, déi nach net beäntwert sinn. Déi, denken ech, Opklärung brauchen. A wou souguer zum Deel e Recours beim Tribunal administratif en route ass punkto enger Baugeneemegung.

An och, wann ee kuckt, wat den Daniel Miltgen gëschter an engem Lieserbréif publizéiert huet, ass hei d'Fro opgeworf, ob d'Proprietären do ronderëm Saache gesot kritt hu vun eisem Buergermeeschter, wéi: „Du wäers an 20 Joer nach net hei bauen“. An dat an enger Prozedur vun engem PAG. Dat heescht, ech mengen net, dass ee Buergermeeschter ka virgräifen, zu deem, wat mir hei am Gemengerot stëmmen a wat e Minister seet.

Ech denken, dat ass ganz riskéiert. Ech gesi keng Necessitéit, dat an der Urgence ze maachen, hei elo doriwwer ofzestëmmen. Op jidde Fall net zouzestëmmen. Wa mer dat elo ofleenen, da kënne mer nach ëmmer drop zrëckkommen. Och drop zrëckkommen, dass vläicht awer hei ka Wunnraum gebaut ginn, well mer awer vläicht mengen, dass do Wunnraum dohinner

gehéiert, well mer do den Uschloss gemaach hunn, fir dass Wunnraum dohinner ka kommen.

Well wann een dat wëll gesinn, an dat muss een och ebe kritesch analyséieren, an dat muss een och kënne a Fro stellen, da gesäit et hei aus, wéi wann eng Insel an de PAG erageholl gëtt an alles ronderëm esou gréng wéi méiglech soll erhale bleiwen. Hannert dem Gaardenhaische gëtt eng Extensioon vum Corridor vert gemaach a vis-à-vis vum Gaardenhaische gëtt eng Extensioon vum Bësch gemaach. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hutt Der elo konkret Fro gestallt? Dir hutt just Saachen opgezielt. Waren elo do Froen dobäi oder net? Dat waren elo Behauptungen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hu keng Fro gestallt. Ech hu just gesot, firwat ech dogéint stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dann ass et gutt, datt Der mer dat präziséiert. Well soss hätt ech elo scho kéinten op verschidde Froen äntwerten. Déi Froe vun Iech an och déi Froe vum Här Miltgen. Ech wäert awer nach d'Geleeënheet kréien, fir dat ze maachen. Här Diderich, Merci op alle Fall.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Ech sinn nach eng Explikation schëlleg am Numm vun der LSAP. Mir hate virdrun och drop higewisen, dass mer dee Punkt wollte vum Ordre du jour hunn. Mir sinn do iwweerstëmmt respektiv ënnerstëmmt ginn. Mir hunn deen net ewechgeholl kritt. Dofir wëlle mir eis bei dësem Vott enthalen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Meisch, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) a demandé tout à l'heure que ce point soit retiré de l'ordre du jour. En effet, le terrain se situe en face de la maisonnette de jardin.

Le PAG est en pleine procédure d'approbation. Le terrain en question sera reclassé de zone labourable à zone forestière. Dans l'acte de vente, il est question d'utilité publique, ce qu'approuve Gary Diderich, mais il préconise une activité favorisant la diversité biologique comme les jardins communautaires ou l'agriculture. Or l'acte ne le permet pas.

Par ailleurs, l'étude environnementale stratégique ne spécifie pas pourquoi ce terrain aurait une valeur écologique supérieure.

Gary Diderich signale également que le chemin a été entièrement refait — notamment les réseaux — et ce, aux frais du contribuable. Il ne croit pas que la commune réalise des travaux d'une telle ampleur pour un seul appartement.

Pour toutes ces raisons, Gary Diderich suggère d'attendre l'adoption du PAG. La saisine devra peut-être être répétée. En plus, toute une série de questions du conseil communal n'a pas encore été traitée. Un recours a même été déposé auprès du tribunal administratif concernant un permis de construire.

Gary Diderich rappelle par ailleurs que Daniel Miltgen a publié une lettre de lecteur dans laquelle il relate que le bourgmestre lui aurait dit qu'il ne pourrait rien construire sur ce site même dans vingt ans. Le conseiller communal ne pense pas que le bourgmestre puisse affirmer une telle chose sans l'approbation du conseil communal et du ministre. Il ne voit pas pourquoi cet acte de vente devrait être approuvé dans l'urgence. Il sera toujours possible d'y revenir plus tard. Comme les raccordements ont été réalisés, Gary Diderich imagine que l'on pourrait y construire des logements.

Pour le moment, il a l'impression que le collège échevinal veut aménager une île autour de la maisonnette de jardin, où tout serait vert.

5. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande à M. Diderich s'il a des questions concrètes.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que non. Il votera contre l'acte de vente.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
aura l'occasion de répondre aux questions de M. Diderich et de M. Miltgen.

ERNY MULLER (LSAP) *attend lui aussi des explications. Les socialistes voulaient également supprimer ce point de l'ordre du jour. C'est pourquoi ils s'abstiendront.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *ne peut que répéter ce qu'a dit M. Muller. Ce point aurait dû être reporté. Les démocrates s'abstiendront.*

GUY TEMPELS (CSV) *croit savoir que ce terrain se trouve dans une zone Natura 2000. Est-ce le cas? Si oui, il ne serait de toute façon pas possible d'y construire des bâtisses.*

Que prévoit le collègue échevinal sur ce terrain? Il a l'air broussaillieux. Des compensations seraient-elles possibles?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *propose de lui rendre le dossier.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
signale à M. Diderich qu'il n'a pas la parole.

Il rappelle que depuis des années, la Ville de Differdange essaie de racheter autant de terrains que possible. Comme l'a dit M. Tempels, une large partie du terrain dont il est question aujourd'hui se trouve dans une zone Natura 2000. On ne pourra donc rien y construire.

Roberto Traversini a été mis terriblement sous pression par les propriétaires alentour. Il demande à M. Diderich de l'écouter.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que c'est ce qu'il fait.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
sait que M. Diderich a conseillé à ces propriétaires de réclamer

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech kann dem Här Muller seng Wierder nëmmen nach eng Kéier widderhuelen. Aus de genannten Ursachen hätte mir et och léiwer gesinn, wann dee Punkt reportéiert gi wär. Dofir wäerte mir eis och bei deem Punkt enthalten. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch.

Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech hu just eng Fro dozou. Ausser ech ire mech elo, ech hunn dat nogekuckt, läit deen Terrain an der Natura2000-Zon? Leien ech do falsch oder leien ech do richtig? Wann ech richtig leien, mengen ech, ass dat meescht vu baue souwisou ad acta.

Dann hätt ech nach eng aner Fro dozou: Wat ass virgesinn op deem Terrain? Op der Loftfoto hunn ech gesinn, deen Terrain ass relativ verbuscht. Soudass do souwisou net vill ka gemaach ginn. Ausser Kompensatioune vläicht. Wäre vläicht esou Saache méiglech do? Dat ass dat, wat ech wollt froen. Ech soe Merci.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech kann Iech en Dossier erëmginn, do gesäit ee wat, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl., Dir hutt d'Wuert net. Wann Der d'Wuert gär hätt, da frot Der et wéi all Conseiller heibannen.

Huet nach een d'Wuert gefrot?

Da wäert ech soen, als Stad Déifferdeng versiche mer zënter Joren, all d'Terrainen ze kafen, déi nëmme méiglech ze kafe sinn. Den Här Tempels huet ganz richtig gesot, e gutt Stéck vun deem Terrain, dee mer haut kafen, ass an der Natura2000-Zon. Dat heescht, do

wäert an Zukunft net kënnen drop gebaut ginn. Oder et gëtt eppes geännert.

An ech wëll awer och hei soen, dass ech schrecklech ënner Drock gesat gi si vu verschiddene Proprietären do an där Géigend. Här Diderich, lauschtert mer emol gutt no.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech lauschteren no.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An datt och do, an ech hunn et hei schwaarz op wäiss, d'Leit vun Iech gesot kritt hunn, si sollen esou schnell wéi méiglech reklaméieren, well hir Terraine wäere vill, vill méi wäert wéi dat, wat d'Gemeng géif bidden. Eng Madamm war heihinner komm an huet dat natierlech dem Gemengesekretär gesot.

Ech hunn och kee Problem domadder. Ech hu kee Problem, dass all déi Terrainen an de Bauperimeter kommen. Mä awer, w.e.gl., kommt, mir spillen hei mat oppene Kaarten. Dat heescht, ech fannen et scho komesch, dass e Conseiller higeet an de Bierger a Biergerinne seet si sollen d'Terrainen, déi d'Gemeng wëlles huet ze kafen, der Gemeng net verkafen, mä si solle waarden, et géif vläicht klasséiert ginn, an da géife se vill méi Geld kréien.

Déi Madamm huet dat selwer virum Schäfferot gesot.

Mir sinn der Meenung, dass mer deen Terrain solle kafen. Mir ginn dat elo zum Vott.

Le conseil communal décide avec 12 voix oui et 7 abstentions d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition d'une vaine au lieudit « Minchenfeld » à Niederborn.

Villmools Merci. Da kéime mer zu engem Bail, fir en Haus, dass der Stad Déifferdeng gehéiert, der AIS zur Verfügung ze stellen. Datt si et kënnen verlounen. Dass hu mer scho mat e puer Haiser ge-

5. Actes et conventions

maach. Soulaang mer kee Service Logement hunn, solle mer dat esou weidermaachen. Soubal mer de Service Logement hunn, musse mer wierklech all Haus op d'Wo leeën, ob mir et selwer maachen oder ob mer et der AIS national oder der AIS Kordall ginn.

Ech mengen, do kéinte mer och direkt zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'une maison située dans la rue Duchscher à Oberkorn avec le SIKOR et l' AIS Kordall.

Exzellent. Deen nächste Punkt ass eng Resiliatioun vun engem Betrib aus dem 1535°. Et ass genau dat, wat mer eis viru Jore virgestallt haten. Mir stellen de Betriber eppes zur Verfügung zu engem bezuelbare Loyer. A wa se wuessen oder si gesinn, dass et net méi duergeet, da siche se sech eppes aneschters. Mir wären natierlech frou, wa se erausginn, dass se géifen hei zu Déifferdeng bliwen. Dorunner schaffe mer op alle Fall.

Dat heescht, et ass eng Resiliatioun an et läit en neie Kontrakt dobäi, well erëm en neie Locataire erakënnt. Dat ass selbstverständlech duerch de Comité de sélection gaangen. Si soten, mir sollten déi huelen.

Kéinte mer déi zwee Votte beieneen huelen? Oder solle mer separat driwwer ofstëmmen? Okay. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 2 abstentions d'approuver les résiliations de contrat et les nouveaux contrats de bail au 1535° Creative Hub.

Merci. Zwee Kontrakter mat eise Modell Truck Frënn. Dat erkläert den Här Liesch. An eng Konventioun an der Rue Duchscher. Fänke mer mat där éischter un. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Viru gutt zwee Joer hate mer de Modell Truck Friends zu Lasauvage eng kleng Parzell zur Verfügung gestallt, dass si do konnten e Circuit opbauen. Si hunn dat wierklech ganz flott amenagéiert. Alles am Respekt zu där Konventioun, déi mer mat hinnen haten. A si hu gefrot gehat, nach e Stéck dobäizekréien, fir nach en zweete Circuit opzemaachen, mat sougenannte Crawleren.

Mir proposéiere genau déiselwecht Konventioun, mat deeneselwechte Constrainten, op wat se mussen oppassen, wat se dierfen a wat net. Fir hinnen dat dann och zur Verfügung ze stellen. Vu d'Experienz, déi mer mat hinnen hunn, déi wierklech ganz positiv ass. Dir waart bestëmmt schonn alle guerten eng Kéier laanscht kucken, wéi flott dat elo ausgesäit a wéi et virdrun ausgesinn huet. Da muss ee soen, dass déi Leit awer eng ganz gutt Aarbecht do maachen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wie wëllt eppes dozou soen? Keen. Da stëmme mer driwwer of.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec les «Modell Truck Frënn ASBL» concernant une partie de parcelle située à Lasauvage.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Eppes ganz, ganz Guddes fir déi Leit, déi an der Duchscherstrooss wunnen. Do piipst et moies an owes net méi esou laang. Ass et esou, Här Liesch?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, genau. Mir hate Reklamatioune kritt vun de Leit: Wann den Diffbus an d'Rue Duchscher fiert, da muss e fir ze dréien hannerzeg fueren, an dat piipst. Natierlech dierf dat am Bus net ausge-

parce que leurs terrains auraient plus de valeur que ce que la commune leur propose. Le bourgmestre n'est pas contraire à ce que tous ces terrains soient intégrés au périmètre de construction. Mais il demande à M. Diderich de jouer cartes sur table. Il trouve étonnant qu'un conseiller communal dise à des citoyens ne pas vendre un terrain que la commune veut acquérir parce qu'ils toucheraient plus en cas de reclassement.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la résiliation d'un contrat du 1535°. La Ville de Differdange met des locaux à disposition d'entreprises à un prix raisonnable. Lorsque ces entreprises grandissent, elles quittent les lieux. Bien entendu, le collègue échevinal voudrait qu'elles restent à Differdange.

Un nouveau locataire va occuper les lieux. Sa candidature est passée par le comité de sélection.

Roberto Traversini propose de voter les deux contrats en bloc.

(Vote)

Roberto Traversini passe à deux contrats avec les «Modell Truck Friends» et une convention dans la rue Duchscher.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que la Ville de Differdange a mis une parcelle à disposition des «Modell Truck Friends» à Lasauvage pour y construire un circuit. Entretiens, l'association a demandé un autre terrain pour un deuxième circuit. Georges Liesch leur propose exactement la même convention avec les mêmes contraintes. L'expérience de la commune avec cette association a été positive.

Georges Liesch suppose que les conseillers communaux ont visité les lieux et vu que l'aménagement est vraiment réussi.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à une bonne nouvelle pour les habitants de la rue Duchscher.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que les habitants de la rue Duchscher ont réclamé parce que le Diffbus émet une tonalité lors-

5. Actes et conventions / 6. Hall O

qu'il roule en marche arrière. Le matin tôt, c'est énérvant.

C'est pourquoi le collègue échevinal a demandé au propriétaire d'une parcelle de la mettre à disposition pour que le bus puisse y faire demi-tour. Le Diffbus n'aura donc plus besoin de reculer, mais pourra utiliser un rondpoint.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au point suivant et constate que M. Ulveling a quitté la salle.

(Interruption)

Roberto Traversini rappelle que l'ancien Hall de la Chiers a été démolé. Il trouve que le collègue échevinal a pris la bonne décision de ne pas construire le nouveau hall sur le contournement, car cela aurait fait perdre du temps. Le site n'aurait pas été mauvais en soi, mais la commune n'était pas propriétaire du terrain. En tout cas, Roberto Traversini est content que la nouvelle salle polyvalente ouvre ses portes samedi.

Il signale que la commune a réussi à proposer une halle aux associations jusqu'au dernier jour. Il constate que de temps en temps, le collègue échevinal tient ses promesses. Il cède la parole à M. Ulveling pour expliquer comment le nom a été choisi.

TOM ULVELING (CSV) *explique que la commune n'a pas recouru à une boîte de communication.*

C'est le service des sports et plus précisément M. Thierry Wagner qui a eu l'idée d'appeler la salle polyvalente Hall O. Le collègue échevinal a trouvé que cela sonnait bien.

Tom Ulveling remercie M. Stefano Beni pour avoir réussi à terminer le hall à temps et rapidement. Le conseil communal devra approuver des crédits supplémentaires, mais l'inauguration aura lieu le samedi 21 septembre à 17 h. Des visites guidées seront organisées jusqu'à 21 h. L'animation sera assurée par LUMA Band, un clown, etc. Tom Ulveling invite les conseillers communaux à être présents.

Il remercie M. Muller, qui a planifié la bâtisse. Tom Ulveling procédera à l'inauguration, mais il

schalt ginn. Dat ass ebe Flicht, dass dat esou ass. Mä well dat awer moies fréi dann natierlech ass, sinn d'Leit e bësse genervt. Wat mer verstinn.

Mir hunn eng Parzell an der Rue Duchscher gesinn, wann een eroffiert rietser Hand. Do hate mer de Proprietär vun där Parzell kontaktéiert, ob en eis géif e Stéck vun deem Terrain zur Verfügung stellen, fir dass mer e Wendekrees kéinte maache fir den Diffbus. Soudass den Diffbus éischtens net méi bräicht hanerzeg ze fueren, wat fir de Chaufferselwer, mengen ech, net ideal ass. An dann och net méi dat Gepiips wär. Sou géife mer dann e Wendekrees do ënnen amenagéieren, dass den Diffbus normal dréie kann.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Kéinte mer zum Vott kommen, w.e.gl.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un terrain situé le long de la rue Duchscher à Oberkorn.

Fir deen nächste Punkt brauche mer den Här Ulveling. Kann een e ruffen, w.e.gl?

E Samschdeg ass eng grouss Ouverture. Dir hutt gesinn, datt eis al Hall de la Chiers net méi do ass. Ech mengen, datt de leschte Schäfferot déi richtig Decision geholl hat, fir déi nei Chiershal dohinner ze setzen an net op de Contournement. Dat wier net esou schnell gaangen. Net well et eng schlecht Plaz war, mä well mer do nach net Proprietär vun Terrain waren. Dir gesitt, datt mer do och nach aner Iddien hunn. Et ass flott, datt mer endlech déi Hal e Samschdeg opmaachen.

Et muss ee bedenken, datt mer et awer fäerdegbruecht hunn, de Veräiner bis dee leschten Dag eng Hal zur Verfügung ze stellen. Mer haten ëmmer gesot, déi al Chiershal bleift sou laang bestoen, bis déi aner opgeet. Dat hu mer fäerdegbruecht. Heiansdo hale mer och, wat mer versprächen.

Déi ganz nei Hal misst jo dann och en Numm kréien. Här Ulveling, Dir sot eis, wéi mer dat gemaach hunn, fir dee schéinen Numm do erauszésichen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Buergermeeschter, mir hu keng Kommunikatiounsfirma gebraucht. Mir haten eis Servicer gefrot, si sollen eis Nimm nennen. Wann ech mech elo net iren, war aus dem Sportsservice dem Här Thierry Wagner d'Iddi komm, déi Hal Hall O ze nennen. Hall O, wéll heeschen Hal vun Uewerkuer. Mir hu fonnt, dass dat gutt géif maachen, wann ee seet: Wou ass dat? Ma am Hall O. Mir gesinn eis am Hall O. Dofir géife mer proposéieren, déi Hal Hall O ze nennen.

Ech wéll dem Här Stefano Beni Merci soen, deen déi Hal relativ schnell an delai-gerecht fäerdeg kritt huet. Et gëtt e klenge Bemoll, mir wäerten awer musen nach kleng Zousazkreditter stëmmen. Mä d'Inauguratioun ass virgesinn. An ech wéll all Mënsch invitéieren: E Samschdeg, den 21. September um 17 Auer ass d'Ouverture officielle. Et gëtt och Fräibéier um 18 Auer, wann dat d'Leit zousätzlech motivéiert ze kommen.

Et ass eng Porte ouverte virgesi mat Visite-guidéee vu 17 Auer bis 21 Auer. Do kënnen d'Leit sech déi ganz Hal uckchen. Kënnen gesinn, wat mer do ubidden, wéi se strukturéiert ass. Fir Animation ass gesuergt. D'LUMA-Band trëtt op. Et ass e Clown do, Street Art mat Live Painting vum Alain Welter an Eric Mangan. An et ass Restauratioun do. Ech géif jiddwereen invitéieren, fir bei där grousser Ouverture vun där Hal dobäi ze sinn.

Ech muss och dem Här Muller Merci soen, well hien huet déi ganz Saach geplangt. An ech hunn dann elo d'Chance, dat d'äerfen anzeweien. Mä ech vergiessen awer net, dass den Här Muller ganz vill Zäit do drop verbruecht huet.

Wann der kee besseren Numm hutt wéi Hall O, da géife mer proposéieren der Hal den Numm Hall O ze ginn. Et ass eng ganz aner Hal, huet eng ganz aner Struktur wéi den Hall de la Chiers. Am Ufank hate mer geduecht, se Nouveau Hall de la Chiers ze nennen. An do hu

6. Hall O

mer fonnt, dat heite wier awer besser. Fir d’Nostalgiker wollt ech dat awer nach soen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hallo, Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Mat der Hal hunn ech guer kee Problem. Ech si ganz frou, datt se kënnt an datt se do ass, Dir Dammen an Dir Hären. Mä ech hat geduecht, et gouf e Grupp kreéiert, wou all Partei dran ass – bei de Stroossennimm hate mer immens gutt geschafft –, wou déi Leit sech gesinn hunn an dem Schäfferot Propositione gemaach hunn.

Den Numm Hall O fannen ech e bësse simplistes an net ganz gutt fir esou eng Hal. Do hätt ee sech kënne an där Kommissioun gesinn. Well do och d’Amis de l’histoire dra sinn, wat d’Geschicht ugeet vun Uewerkuer, déi och dat eent oder dat anert nach fonnt hätten.

Dat ass e bëssen ze bedauern, datt dat net gemaach ginn ass am Virfeld. Well dee Grupp sech gutt ageschafft hat. An och hei gesot gi war, wa mer no Nimm sichen, da sollten déi, wéi anerer och, agebonne ginn. Do hätt een och d’Kanner kéinte mat engagéieren, de Jugendgemengerot, fir en Numm ze fannen. An anerer wéi einfach d’eege Servicer.

Do gëtt ëmmer séier en Numm genannt. Mä wann ee méi Propositionen huet, da fällt ee vläicht op en Numm, dee vläicht méi exklusiv ass a wou et dann direkt e Widderhall gëtt. Et gefält mer alles un där Hal, just den Numm, fannen ech, kéint e bësse besser sinn.

Wéi gesot, ech hunn et schued fonnt, datt dee Grupp net erëm zesummege-ruff ginn ass, fir sech de Kapp ze zer-briechen an dem Schäfferot Propositione ze maache fir verschidden Nimm. Wou et da vläicht méi einfach gewiescht wier, e puer Nimm erauszesehen an een ze fannen, dee besser dobäi gepasst hätt. Dat bedauern ech e bëssen. Mä soss sinn ech ganz frou, datt déi Hal awer elo opgeet. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt vollkomme recht. An Zukunft wäerte mer dat och maachen. Iwwrens bei de Stroossennimm war dat ganz gutt gaangen. Hei ware mer e bëssen an Zäitdrock. Et sinn ëmmer déiselwecht Excusen. Ech zielen Iech elo keng. Dir hutt recht. An Zukunft, all Numm, dee mer engem Gebai ginn, dat der Stad Déifferdeng gehéiert, all Strooss muss duerch déi Kommissioun goen.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech sinn erwäant ginn. Erlaabt mer e puer Wieder. Éischtens fir d’Unerkennung. Ech hunn eng ganz Partie Stonnen do drop verbruecht, virun allem am Virfeld, fir ze kucken, dass mer eng Hal kréie fir déi nächst 30 Joer fir eis Gemeng. Déi wierklech optimal ass fir déi Awunnerzuel, op déi mer histeieren. Déi deem gerecht gëtt.

Ech muss soen, ech war am Virfeld do eran, obwuel ech keng Autorisatioun ugefrot hat op der Gemeng. Mä ech mengen, ech hätt dat Recht, fir mer dat ukucken ze goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat hutt Der.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech muss soen, dat ass tipptopp gelongen. Dat wäerte mer e Samschdeg gesinn. Ech sinn op jidde Fall ganz zefridden. An ech wëilt och dem Här Beni Merci soen, wou mir e gudden Deel vum Wee vun där Hal zesumme gaange sinn. An och deene Leit, déi herno dee Projet iwwerholl hunn. Iech, Här Ulveling, dass dat esou virugeet – mir hunn eng kleng Differenz, dat wësst Der, déi Ofgrenzung, déi Der net gemaach hutt. Déi Separatioun, déi Der net gemaach hutt, mä ...

n’oublie pas le temps que M. Muller a passé sur ce projet. Si personne n’a une meilleure idée pour le nom, l’échevin propose d’approuver Hall O. Au début, le nom de Nouveau Hall de la Chiers avait été proposé.

FRED BERTINELLI (LSAP) se dit content que la salle ait été construite sur ce site. Mais il pensait qu’un groupe de travail comprenant tous les partis aurait choisi le nom comme c’est le cas pour les rues. Il trouve le nom de Hall O simpliste. Les Amis de l’histoire auraient sans doute pu proposer un nom en relation avec Oberkorn. Par ailleurs, le collègue échevinal avait dit que les partis seraient consultés pour le nom. On aurait pu faire participer les enfants ou le conseil communal des jeunes plutôt que de demander un nom à la va-vite aux services communaux. Avec plusieurs propositions, le conseil communal aurait pu choisir un nom plus exclusif.

Fred Bertinelli apprécie tout sauf le nom. Il trouve dommage qu’un groupe de travail n’ait pas fait de propositions. Pour le reste, il est content.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

donne raison à M. Bertinelli. Contrairement à ce qui s’est passé pour les noms de rue, le collègue échevinal avait peu de temps. Mais Roberto Traversini sait bien qu’il s’agit toujours des mêmes excuses. À l’avenir, les commissions seront consultées systématiquement.

ERNY MULLER (LSAP) a passé beaucoup de temps à élaborer une salle pouvant servir pour trente ans et étant adaptée à l’accroissement de la population.

Il avoue avoir visité la salle bien qu’il n’en ait pas eu l’autorisation de la commune.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui dit qu’il en avait le droit.

ERNY MULLER (LSAP) avoue que le hall est parfaitement réussi. Il se dit content et remercie M. Beni ainsi que ceux qui ont repris le

6. Hall O / 7. Règlements communaux

projet, dont M. Ulveling. Celui-ci sait qu'Erny Muller aurait voulu une séparation...

TOM ULVELING (CSV) répond que cela reste possible.

ERNY MULLER (LSAP) constate que pour le reste le projet est vraiment réussi. Pour ce qui est des alentours, il faut aussi veiller à les aménager comme il faut.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute que les associations ont participé à l'élaboration du projet dès le départ. M. Muller a organisé de nombreuses réunions — par exemple avec le Foyer de la femme, les clubs de sport et de gymnastique, etc.

Roberto Traversini propose de passer au vote.

SERGE GOFFINET (LSAP) demande si le vote porte exclusivement sur le nom.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

(Vote)

Roberto Traversini constate que les conseillers communaux originaires d'Oberkorn ont un peu de mal avec le nom.

Il passe aux tarifs pour la location du hall polyvalent et annonce que la prochaine fois, il sera question des tarifs pour tous les bâtiments communaux.

TOM ULVELING (CSV) explique que le hall ouvrira samedi, que des réservations ont déjà été faites et que par conséquent il faut définir les tarifs.

Comme il s'agit d'un hall de qualité, il est hors de question d'en brader la location. Le cas échéant, un supplément est prévu pour l'équipement afin d'éviter que les gens ne demandent du matériel dont ils n'ont pas besoin.

L'équipement de base du foyer comprend cent chaises avec des tables, deux micros, un projecteur et un écran.

La cuisine équipée en inox ressemble à une cuisine de restaurant. Elle permettra aux associations de générer des recettes. Mais il faut veiller à ce

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi nach ëmmer méiglech ass.

ERNY MULLER (LSAP):

Déi nach ëmmer méiglech ass. Dat hat Der mer och gesot. Mä fir de Rescht fannen ech, dass et e ganz gelongene Projet ass.

Ech wollt just soen, kuckt d'Alentouren. Do war nach e Projet, deen ass grad esou wichtig an do musse mer och kucken, dass mer dat op déi richtig Strooss kréien. Et gesäit ee schonn, wat et gött. Mä wéi gesot, och dorop oppassen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Dir hutt bal alles gesot. Wat awer wichtig ass bei deem Projet hei, datt d'Veräiner vun deem éischten Dag u mat agebonne waren. Dir hat do vill Versammlunge gemaach. Ënner anerem mam Foyer de la Femme, dem Turn- an de Sportsveräiner. An ech mengen, dofir ass de Projet och esou gutt ginn.

Da géife mer elo zum Vott kommen, net vun der Hal, mä iwwert den Numm vun der Hal.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Et geet ëm den Numm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hei geet et just ëm den Numm.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'attribuer au nouveau hall polyvalent à Oberkorn le nom Hall O.

Ech gesinn, déi Uewerkuerer hunn e bësse Bauchwéi bei där ganzer Saach.

Et ass eng Enthaltung. Den Här Diderich huet sech enthalen.

Dat nächst sinn d'Tariffer vun där Hal, iwwert déi mer grad geschwat hunn. An där nächster Gemengerotssitzung wäerte mer déi sämtlech Tariffer vun eise Gebaier op de Leescht huelen. Fir datt mer kënnen esou gutt weiderschaffen mat eise Veräiner, ass et wichtig, d'Tariffer ze adaptéieren. Dat ass elo eppes ganz anescht. Mir wëlle besser Kontrolle maachen. Et ass eng ganz aner Qualitéit. Dofir brauch een nei Tariffer, an déi mussen duerch de Gemengerot goen. An den Tom Ulveling erkläert eis, wéi vill elo alles kascht.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass kloer, wa mer e Samschdeg déi Hal opmaachen, an et leie schonn e ganze Koup Reservatiounen vir, da musse mer och hei en Tarif stëmmen, wat dat eent oder dat anert kascht.

Et ass eng héichwäerteg Hal. Déi kënnen mer net bradéieren an deem Sënn. Dir gesitt, dass mer eng kleng Rajoute gemaach hunn, wat mir nennen Équipements supplémentaires, do muss een eppes Klenges bezuelen. Dat ass net, fir de Leit d'Suen aus der Täsch ze zéien. Mä dat ass haaptsächlech geduecht, fir dass net Saache gefrot ginn, déi duerno net gebraucht ginn. Dass eis Techniker stonnelaang Bühnen opriichten, wou da kee Mënsch drop geet. Dofir hu mer dat an der Tarifikatioun berécksiichtegt.

Zum Basisequipement gehéieren ënner anerem 100 Still mat Dëscher, zwee Mikrokronen, e Beamer an en Ecran de projection, dat ass am Foyer. Et ass eng equipéiert Kichen dran, wéi eng Restaurantskichen, kann ee soen, well do glänzt et vun Inox vu vir bis hannen. Op där enger Säit ass dat jo flott. Mir ginn de Veräiner d'Méiglechkeet, do eppes ze kachen, wou se doriwwer eng Recette generéieren. Mä et muss awer och hygienesch duerno esou sinn, dass deen nächsten, dee kënnt, net do Saache virfënnt, déi een net därerf virfannen.

Fir d'Locatioun wäerte mer 150 Euro froe fir d'normal Veräiner oder d'Residenten, wéi mer déi nennen, an

7. Règlements communaux

300 Euro fir déi, déi net aus der Gemeng sinn. An et muss een eng Kautioun hannerloosse vun 200 Euro. Mä mir hunn awer och direkt gesot, mir wëllen eis Veräiner net strofen. Dofir steet och dran, dass eemol am Joer all Veräin dës Kiche gratis zur Verfügung steet.

Dat heescht awer net, dass se déi kënnen egal wéi hannerloossen. De Buergermeeschter huet et och gesot, mir sinn am Gaang, Kontrollen anzeféieren, vorher/nachher. Dat heescht, wann e Veräin déi Hal do wëll lounen, da geet e vir dru mat engem Mataarbechter dohinner, kritt gewisen, wéi propper et ass. A wann d'Fest eriwwer ass, da geet deeselwechte Mataarbechter nees dohinner, an da gëtt gekuckt, ob et erëm esou propper ass. A wann et net esou propper ass, da wäert de Veräin gesot kréien: Elo hutt der d'Méiglechkeet, dat selwer ze botze mat Leit aus ärem Veräin. Oder wa mir et botzen, da kascht dat esou vill d'Stonn.

Et steet en Tarif dra vun Nettoyage supplémentaire vu 60 Euro fir zwou Stonnen. Wat net terribel vill ass. Mä ech kennen de Problem mat der Hygiène bei enger Kichen, wann do Jänni a Männi sech als grouse Kach virkënnen an do kacht. Dofir wäerte mer e ganz grousst Aemierk am Ufank dorobber werfen. Fir ze kucken, dass d'Kiche wierklech erëm esou hannerlooss gëtt, wéi se virfonnt ginn ass.

Ech nennen e puer Tariffer fir d'Leit dobaussen, Dir hutt se all virun Iech leien. Am grouse Sall kënnen mer bis zu 1.500 Leit empfänken. Fir eng Manifestation culturelle ou artisanale ass virgesi fir d'Residente 400 Euro, fir d'Netresidenten 800 Euro. Fir eng Manifestation de distraction 600 Euro an 1.200 Euro. Fir eng Manifestation avec but philanthropique 125 Euro an 250 Euro. Fir eng Exposition premier weekend-end 125 Euro an 250 Euro. Eng Assemblée générale, conférence, séance académique, wou keng Entrée gefrot gëtt, ass fir d'Residentë gratis a fir d'Netresidentë 250 Euro. An et muss ëmmer eng Kautioun hannerlooss gi vun 1.000 Euro, wann een dee grouse Sall lount.

Fir dee klenge Sall, de Foyer nenne mer deen, dee sech an der Entrée befënnt, muss een eng Kautioun vun 250 Euro

hannerleeën, well dee manner grouss ass an nëmme fir 500 Leit Plaz huet. „Nëmme“ soen ech, mä par rapport zum aneren ass en dräimol méi grouss. Fir eng Manifestation culturelle froemer 250 Euro fir de Resident a fir de Netresident 500 Euro. Fir d'Manifestation de distraction 250 Euro respektiv 500 Euro. Fir d'Manifestation avec but philanthropique 100 Euro an 200 Euro. A wéi gesot, et ass gratis, och fir d'Veräiner, fir Konferenzen an alles, wou keng Entrée gefrot gëtt.

Matériel supplémentaire: Ech hat Iech vir dru gesot, et ass e Basisequipement do. Wann een awer zousätzlech wëllt supplementaart Material huelen, sief dat Sono oder Beliichtung, da muss een 100 Euro bezuelen. Eng Zeen opriichten: 100 Euro. D'Cuisine professionnelle gëtt fir 150 Euro verlount un d'Residenten a fir d'Netresidenten 300 Euro.

Wann e Privatmann wéilt an deem grouse Sall e Spektakel opriichten, wou en Entrée freet, da géife mer dee 5.000 Euro froen, mat 10 % op der Recette vun de Billets d'entrées an eng Kautioun vun 2.000 Euro. Am klenge Foyer wäeren et 2.000 Euro plus 10 % fir d'Billets d'entrées an eng Kautioun vun 1.000 Euro.

Ech mengen, dat do kéint jidderee sech leeschten. Et si realistesch Präisser, déi mer do verlaangen. Et muss een nämlech och kucken, wéi eis Servicer beméit sinn, fir dat alles erëm an d'Rei ze kréien, fir dat ze botzen, fir dat an engem gudden Zoustand ze iwwerginn. Soudass ech mengen, dass een déi Tariffer hei ka stëmmen.

An, wéi gesot, an enger vun deenen nächste Sitzunge wäerte mer all déi aner Tariffer, déi mer hunn, an engem Gesamtbuch zesummeschreiwien, Iech déi hei presentéieren an ofstëmme loosse. Dann hu mer eppes Zesummenhängendes, wou all eis Taxen dra sinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Bertinelli, w.e.gl.

qu'elle reste hygiénique pour que les locataires suivants puissent en profiter. La location de la cuisine coutera 150 € pour les associations et les résidents, et 300 € pour ceux n'habitant pas Differdange. La caution se monte à 200 €. Une fois par an, les associations pourront utiliser la cuisine gratuitement. Un état des lieux sera effectué avant et après la location. Si la salle n'est pas dans l'état où elle devrait être, l'association devra soit la nettoyer, soit la faire nettoyer au tarif de soixante euros pour deux heures. Tom Ulveling connaît les problèmes d'hygiène dans les cuisines lorsque quelqu'un se prend pour un grand chef. C'est pourquoi la commune effectuera des contrôles consciencieux au début. Les conseillers communaux disposent de tous les tarifs dans leurs dossiers. La grande salle pouvant accueillir jusqu'à 1500 personnes sera louée au prix de 400 € pour les résidents et 800 € pour les non-résidents pour une manifestation culturelle ou artistique, au prix de 600 € et 1200 € pour une manifestation de distraction et au prix de 125 € et 250 € pour une manifestation à but philanthropique. L'organisation d'assemblées générales, conférences et séances académiques est gratuite pour les résidents et coutera 250 € pour les autres. La caution s'élève chaque fois à mille euros pour la grande salle et à 250 € pour le foyer.

Le prix pour la location du foyer s'élève à 250 € et 500 € pour une manifestation culturelle ou une manifestation de distraction, et 100 € ou 200 € pour une manifestation à but philanthropique. Au-delà de l'équipement de base, la sonorisation et l'éclairage couteront 100 €, une scène 100 € et la cuisine professionnelle 150 € ou 300 €.

Les particuliers voulant organiser un spectacle dans la grande salle pour lequel une entrée est demandée verseront 5000 €, 10 % des recettes et 2000 € de caution à la commune. Le foyer coutera 2000 €, 10 % des recettes et 1000 € de caution.

7. Règlements communaux

Pour Tom Ulveling, il s'agit de prix réalistes tenant compte des frais d'entretien. Il demande au conseil communal de les approuver. La prochaine fois, il sera question des tarifs pour toutes les salles.

FRED BERTINELLI (LSAP) trouve que les prix sont corrects par rapport à ce qui se pratique dans le pays. Mais il faut apprendre des erreurs passées: le Hall de la Chiers était loué en permanence, mais les locataires ne nettoyaient pas la salle avant de partir. C'est pourquoi Fred Bertinelli suggère de fixer un tarif pour le nettoyage. Car les organisateurs, qui ont passé la nuit à danser, sont trop fatigués pour nettoyer le matin. Souvent, le collègue échevinal a dû envoyer une équipe de nettoyage sur les lieux pour que les locataires suivants trouvent la salle dans un état acceptable. En plus, le Hall de la Chiers ne disposait pas d'une cuisine contrairement au Hall O.

Fred Bertinelli rappelle que si une inspection d'hygiène a lieu et que la cuisine n'est pas dans un état impeccable, la commune en serait tenue responsable. Il répète que la commune devrait procéder elle-même au nettoyage moyennant une certaine somme.

Le Hall de Chiers était loué en permanence, y compris par des particuliers pour des mariages par exemple. Fred Bertinelli ne sait pas si le chalet du Thillenberglé peut encore être loué. Mais il ne s' imagine pas que la commune louera le Hall O le weekend pour un mariage ou un anniversaire. Comme la demande est forte, le collègue échevinal devrait réfléchir à remplacer le chalet.

Fred Bertinelli se souvient qu'à l'époque, Differdange comptait beaucoup de cafés avec des pistes de danse, mais ce n'est plus le cas aujourd'hui. Or les gens ont besoin d'une salle pour leurs fêtes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) donne raison à M. Bertinelli. Le Hall O n'est pas destiné aux fêtes privées. Il doit soulager le centre sportif.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleginnen, Kollegen, wéi mer déi Taxen duerchgekuckt hunn, hu mer fonnt, e bësse landeswäit gekuckt sinn déi Präisser do ganz, ganz gutt a machbar. An et ass och näischt ze vill.

Et sollt een awer aus der Vergaangeneheet léieren. Wann een iwwert déi Joren d'Hall de la Chiers kuckt, wat net déi Gréisstenuerdnung hat, awer och ëmmer verlount war, laang am Viraus gebucht war, do gouf et ee Problem, deen ëmmer erëm virkomm ass, just ganz selten net, an zwar datt d'Leit sech net un d'Botze gehalen hunn. Ech géif éischer d'Fonction esou gesinn, datt mir dat géife botze fir e gewëssenen Tarif, deen een da muss setzen.

Well et ass ëmmer de Problem, déi Leit, déi d'ganz Nuecht do stinn, fir de Bal ze maachen, si meeschtens dann och déiselwecht, déi moies botze ginn, déi si vreckt. Mir kruten oft Reklamatiounen, wou eise Service technique moies geruff ginn ass, well de Sall ausgesinn huet.

Wou dann hei iwwert de Schäfferot en Uerder komm ass un d'Gemengenaarbechter, fir dat séier ze botzen, datt déi Leit, déi owes gelount haten, awer do konnten eenegermoosse vivabel liewen. An do war keng Kichen dran. Hei besteet eng aner Gefor. Hei ass eng Kichen dran. Dat heescht, mir si responsabel als Gemeng, wat d'Hygiène ugeet.

Wann eng Kéier freides e Bal wier, an et géif gekacht ginn, a samschdes géif d'Hygiène eng Kontroll maachen, an et wier net tadellos gebotzt, sou wéi eis Leit an all eise Schoulen eis Kiche botzen, da wiere mir haftbar als Gemeng.

Duerfir géif ech dem Schäfferot proposéieren, datt nëmmen d'Gemeng no de Festivitéiten de Raum géif botzen an a Stand setzen. An dat zu engem Tarif, deen néideg wier.

Eppes anescht wollt ech nach soen, zum zweete Punkt. D'Hall de la Chiers war relativ oft gelount ginn, dat wësst Dir alleguerten, vu ganz ville Privatleit och, zum Beispill fir Hochzäiten. A mir haten zwee esou Säll. Mir haten de Chalet um Thilleberg an d'Hall de la

Chiers. Do hat ech selwer e bësse geschafft.

Ech weess net, wéi de Chalet um Thilleberg ausgesäit, ob een deen iwwerhaapt nach engem verloune kann. Deemools war meng Demande schonn, fir en neie Chalet opzerichten. Well ech ka mer jo net virstellen, datt mer déi grouss Hal elo all Weekend wäerten u Privatleit verloune fir eng Hochzäit oder e Kannergebuerdsdag oder soss eppes.

Well awer eng grouss Demande do ass, an ech mengen, eng Gemeng wéi Déifferdeng misst dat och kënnen ubidden, sollte mer eis de Kapp zerbréchen, fir iergendwéi dee Chalet um Thilleberg ze ersetzen. Vläch méi grouss gestalten, fir esou Fester. Well d'Demande ass grouss, a mir hunn näischt anescht.

Fréier hate mer vill, vill Säll an eiser Gemeng. Cafée mat Danzsall hannendrun. Déi sinn alleguerte verschwonnen. Wou d'Leit hei an eiser Gemeng keng Alternativ hunn, fir e Sall ze fannen. Duerfir wier meng Proposition un de Schäfferot, fir ze kucken, datt mer awer eng Alternativ fir d'Leit nach hätten. Well ech mer kaum ka virstellen, datt déi hei Hal fir Hochzäiten oder esou eppes wäert verlount ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Dat ass net alles falsch. Mir musse wierklech kucken, esou Plazen ze schafen. Dir hutt ganz recht. Eise But ass net, fir an där Hal privat Feieren ze maachen. Au contraire, si soll d'Sportshalen entlaaschten. Datt an de Sportshale Sport ka gemaach ginn an net aner Saachen. Ganz richtig.

Den Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Bertinelli soen, dass e Montant an der Tarifikatioun vu 60 Euro fir zwou Stonne steet. Dir wëllt soen, et soll een et generaliséieren. Doriwwer kann een diskutéieren. De Moment ass de Choix do: Entweder ech botze selwer oder ech loosse botzen.

7. Règlements communaux

Säll fir Hochzäiten hutt Der ugeschwat. Déi heiten Hal, an dat wëll ech ganz kloer soen, ass net primär geduecht, fir esou Saachen ofzehalen. Dofir hu mer aner Säll. Am Kader vum Lommelshaff, am Kader vum Bau vun der Sportshal zu Nidderkuer wäerte mer an nächster Zukunft Säll bäikréie fir esou Zwecker.

An ech wëll awer och eng Kéier op dëser Plaz soen, dass mer an Zukunft wäerten oppassen. Et kann net sinn, dass e Veräin de Sall loune geet, an dann duerno eng Privatpersoun, iwwer ee Veräin, seng Fester feiert. Dat ass net de Sënn vun der Übung.

Dat hei ass geduecht fir kulturell Manifestatiounen, egal wat fir enger Aart. Et ass net geduecht, fir grouss Fester, Gebuertsdaysfeieren, Hochzäiten an esou weider ze feieren. Dofir hu mer aner Säll, déi mer kënnen zur Verfügung stellen. Mir sinn eis dem Problem bewosst, dass mer net genuch Säll hunn. Mä wéi gesot, am Kader vun neie Projeten, déi mer am Gaange sinn, versiche mer, dat iergendwéi awer unzëbidd.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'ajouter le chapitre « Hall O » au sein de la partie B « Culture » du règlement des taxes, tarifs et prix de la Ville de Differdange.

Exzellent. Da wäere mer bei de Règlements temporaires de circulation. Den Här Altmeisch kuckt schonn. Fir d'éischt ginn ech dem Här Liesch d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech sinn awer ganz dankbar, dass den Här Altmeisch dat ëmmer kritesch kuckt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech weess dat.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen herno och eppes dozou. Iwwert d'Summerméint war et vill méi roueg. Et koume vill manner Reglementer eran. Ech huele just déi eraus, déi fir de Publik interessant sinn. Am Kader vum Steampunk hu mer eng nei Reglementatioun. De Steampunk-Festival ass méttlerweil zum feste Bestandteil vun eiser Gemeng ginn. Deen huet grouss Succès. Fir d'Kiermes zu Uewerkuer hu mer och nach eppes drastoen. Et ass natierlech och ganz flott, dass mer déi nach hunn.

An der leschter Gemengerotssëtzung, ech mengen, et war déi lescht, hat den Här Altmeisch mech op d'Securitéit, d'Ofsicherung vun de Chantieren ugeschwat, dass dat net ëmmer optimal wär. Ech wëll just soen, dass ech eis Servicer drop higewisen hunn, dass mer d'Chantieren elo méi oft kontrolléiere ginn a mat den Aarbechter schwätzen, fir hinnen d'Wichtigkeet ze soen. Haaptsächlech och do, wou et um Schoulwee ass, wou Der ganz recht hat.

Ech weess net, ob Der an der leschter Zäit nach eng Kéier ronderëm kucke waart. Ech hoffen, dass d'Situatioun sech verbessert huet. Mä den Uerder war formell erausgaangen, dass mer méi oft op d'Chantiere kucke ginn, wéi ofgesécher ass. An dat an der Règle de l'art fir jiddwerengem seng Sécherheet. Et ass vläicht nach deen een oder deen aneren, deen duerchruscht. Mä ech mengen, dass mer d'Situatioun däitlech verbessert hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech fanne dat flott, wann Der iwwert d'Verkéiersreglementer schwätzt, dass Der da schonn all op mech kuckt an op meng Interventioun waart. Dës Kéier sinn ech e bëssen traureg. Ech soen Iech och firwat.

Ech ka keng grouss Interventioun maachen, wat de Contenu vun de Verkéiersreglementer ubelaangt. Fir mech ass déi

TOM ULVELING (CSV) signale à M. Bertinelli qu'un montant de soixante euros est prévu pour deux heures de nettoyage. Il n'est pas contraire à l'idée de généraliser le nettoyage, mais il faudra en discuter. Pour le moment, les associations ont la possibilité de s'occuper elles-mêmes.

Le Hall O n'est pas destiné aux mariages. Tom Ulveling propose plutôt le Lommelshaff ou le centre sportif de Niederkorn.

Le collège échevinal veillera également à ce que le Hall O ne soit pas loué par des associations pour le compte de particuliers. Le Hall O est destiné aux manifestations culturelles et pas pour des fêtes privées. Tom Ulveling sait que Differdange ne dispose pas d'assez de salles pour ce type de fêtes, mais de nouveaux projets de construction sont en cours.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux règlements temporaires de circulation. Il constate que M. Altmeisch est prêt à intervenir.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) est reconnaissant à M. Altmeisch de se montrer critique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

le sait.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

constate que l'été a été calme. Il ne mentionnera que les règlements intéressants pour le public comme le Steampunk, qui connaît tous les ans un grand succès et la kermesse d'Oberkorn.

La dernière fois, M. Altmeisch a attiré l'attention de Georges Liesch sur le fait que la sécurisation des chantiers n'était pas optimale. Georges Liesch a demandé aux services communaux d'effectuer davantage de contrôles et de discuter avec les ouvriers le cas échéant. Il espère que la situation s'est améliorée. Les chantiers doivent être sécurisés dans les règles de l'art.

GUY ALTMEISCH (LSAP) se réjouit du fait que le collège échevinal attend ses interventions avec impatience concernant les règlements

7. Règlements communaux

de circulation. Mais aujourd'hui, il se sent triste, car un conseiller communal ne peut se montrer efficace que s'il dispose des informations nécessaires au préalable. Cela vaut pour tous les points à l'ordre du jour. Ce sont les informations, qui permettent les réactions.

Dans ce cas-ci, il a reçu les détails sur la séance d'aujourd'hui jeudi dernier. Le dossier contenait un brouillon concernant les règlements de circulation. Lundi, Guy Altmeisch a reçu un courrier électronique avec une annexe. Mais l'annexe était vide. Un deuxième courrier est arrivé mardi, mais il était également vide.

Ce matin, il a consulté ses e-mails et le Diffcloud, mais n'a pas trouvé plus d'informations. S'agit-il d'un sabotage?

Comment peut-il commenter les règlements d'urgence s'il ne dispose d'aucune information?

TOM ULVELING (CSV) demande si les autres conseillers communaux ont rencontré le même problème.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) vérifiera cela. Quant à lui, il a bien reçu ses e-mails et il a réussi à ouvrir les annexes. Les informations se trouvent aussi sur le Diffcloud. Georges Liesch ne veut pas insinuer que le problème se trouve du côté de M. Altmeisch. Mais tout fonctionne chez lui. Il vérifiera en interne d'où vient l'erreur.

ERNY MULLER (LSAP) trouve que l'ensemble des documents relatifs au conseil communal devraient figurer dans le dossier. De cette façon, les conseillers communaux n'auraient pas besoin de chercher à droite et à gauche.

Erny Muller n'est pas sûr que son Diffcloud fonctionne. Mais en tout cas, il a réussi à ouvrir tous les documents du dossier même s'il regrette que certains plans techniques manquent parfois et qu'il faut se rendre sur le Diffcloud. Tout devrait figurer dans le dossier.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) constate que le suspense com-

Information, déi de Conseiller virun der Gemengerotssitzung kréie muss, mat dat Wichtigst. Dat gëllt net nëmme fir de Punkt 7b, wou mer elo iwwert d'Drénglechkeetsreglementer schwätzen, mä dat gëllt fir all Punkt, deen um Ordre du jour steet. Et kann een nëmme reagéieren, wann ee gutt Informationen huet. Informationen, déi engem eng Reaktioun erlaben.

Zu menger Persoun, an och zu de Kollegen aus menger Fraktioun, kann ech soen, dass mer donneschdes d'Detailer op Pabeier kritt hunn, wat d'Gemengerotssitzung ubelaangt. Déi hu mer donneschdes kritt, mat engem Brouillon dran, also eng Virbereedung iwwert d'Verkéisersreglementer. Hunn ech um Pabeier kritt, donneschdes um sechs Auer.

Méindes ass e Mail nogerecht ginn, wou drastoung – ech verstinn dat och –, do géif déi nei Situatioun als Anlag presentéiert ginn. Voller Hoffnung hunn ech d'Anlag opgemaach. Si war awer leider eidel.

Ech hunn op den Dënschdeg gewaart, ech hunn en zweete Mail kritt, wéi all Member wahrscheinlech hei am Gemengerot, mat enger Anlag iwwert de leschten Detail vum Drénglechkeetsreglement. Opgemaach, eidel.

Ech hunn de Moie gekuckt. Do do war den Hiweis nach, et sollt een d'Annexe consultéieren, wat e Vide war. Den zweeten Hiweis war, et sollt ee sech op d'Diffcloud beruffen. Wat ech dunn och gemaach hunn. Ech hunn awer do deeselwechte Vide erëmfonnt. Ouni Text.

De Moien nach hunn ech gekuckt bei mir. Oder ech gi sabotéiert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir hutt e Lach dran.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Oder ech gi sabotéiert. Och de Moien hat ech keng Informationen. Dat do ass scho ganz komesch. Et fält mir schwéier, e Kommentar ze ginn iwwert déi Drénglechkeetsreglementer, well

ech hunn, mam beschte Wëllen, keng Informationen fonnt.

Ech soen Iech awer Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Altmeisch.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

War dat da bei deenen anere Leit och?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch. Versicht Der, eng Äntwert ze ginn?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech kucken dat ganz gären no. Ech muss soen, ech hunn d'Maile kritt. Bei mir ass alles opgaangen. Op der Diffcloud ass och alles drop. De Punkt, wou Der sot, dass nach e Mail nokomm ass, dat hu mer heiansdo, dass et relativ schnell muss goen.

Mä, dass et bei Iech net opgaangen ass – ech wëll elo net soen, dass e Feeler bei Iech war, mä kuckt dat vläicht eng Kéier no. Mir kucken dat och bei eis intern no. Well ech hu mäi Mail elo gekuckt, dat hu mer gecheckt, dee geet awer op. An op der Diffcloud hunn ech och all d'Dokumenten. Mir kucken awer gären no, ob do e Mëssel entstanen ass. Mä do schéngt awer, also vu menger Säit aus, kee Problem gewiescht ze sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Muller schéngt och e Problem mam Computer ze hunn.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt och eppes dozou soen. Ech hat schonn eng Kéier gesot, dass mer all déi Punkten, all déi Annexen a wichteg Dokumenter, déi mer fir ee Gemengerot

7. Règlements communaux / 8. Commissions

brauchen, dass mer déi am Dossier vun deem Gemengerot fannen. An net nach riets a lénks musse siche goen. Dat wëll ech nach eng Kéier soen. Well ech hat och Problemer, fir dat ze fannen. Ech weess et net, bei mir ass vläicht och e klenge Problem mat der Diffcloud, da muss ech dat och nokucke loossen.

Mä all déi Dokumenter, déi mer haten am Kader vun dëser Sitzung, déi an deem Dossier waren, hunn ech all opkritt, hunn ech all fonnt. Bon, ech muss soen, do waren der och e puer net dobäi. Do musst Der och oppassen, do feelen heiansdo technesch Pläng. Da gëtt vläicht och op d'Diffcloud referéiert. Mä et wär besser, wann déi wichteg Dokumenter alleguer an deem Dossier wäeren, wann ech mäin Dossier hei hätt am Hardware. Dann hunn ech en an ech kann alles kucke goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 4 abstentions d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Elo fänkt et un, méi spannend ze ginn, mierken ech. Stellt Iech roueg e Mikro dohinner. Dat wär dann och geschitt.

Mir hunn nach Ännerungen an de Kommissiounen. D'CSV proposéiert, datt den Här Antonio De Carolis President vun der Bautekommissioun gëtt, datt d'Madamm Pierrette Schambourg ersat gëtt duerch den Här Jeronimo Azevedo, an datt den Här Claude Olten ersat gëtt duerch den Här Christian Coos an der Sportskommissioun. Ass dat esou an der Rei?

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Do misst nach eng feelen. Ech hat eng erageschéckt virun zwou, dräi Wochen. An der Kulturkommissioun gëtt d'Va-

nessa Hansen ersat duerch d'Martine Goergen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dann hale mer dat esou fest.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi gréng hunn och eng Ännerung ze maachen. An der Bautekommissioun gëtt den Här Michel Falco remplacéiert vum Nello Artuso. An d'Madamm Laura Pregno gëtt ersat an der Schoulkommissioun duerch d'Madamm Brassel-Rausch, wann Der domadder averstane sidd? Domadder wäeren dann déi Changementer ugeholl. Villmools Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da komme mer zu deem ganz grouss erwaartenen Deel. Et ass schued, datt d'Press just dann heihinner kënnt, well eis Stad ass wierklech vill a Bewegung. Dat ass schued, mä et ass egal.

Et si Froe gestallt gi vum Conseiller Diderich. Här Diderich, Dir wäert dat haut e puermol ze héiere kréien, Dir hutt wierklech falsch Informatiounen erausginn. Loosst mer awer, w.e.gl., dës Kéier, haut d'Éier, Iech dat fir d'éischt ze soen.

Dir hutt Froe gestallt. An Dir hutt iwwerall behaupt, datt déi Froen hätte misse bannent engem Mount beäntwert ginn.

ENG STËMM:

Véier Wochen.

mence. Il propose aux journalistes d'installer leurs micros.

En ce qui concerne les commissions consultatives, le CSV propose que M. Antoine De Carolis devienne le président de la commission des bâtisses, que M^{me} Pierrette Schambourg soit remplacée par M. Jeronimo Azevedo et que M. Christian Cloos soit remplacé par M. Claude Olten.

FRANÇOIS MEISCH (DP) signale qu'il a envoyé un changement il y a deux ou trois semaines. M^{me} Vanessa Hansen est remplacée par M^{me} Martine Goergen au sein de la commission culturelle.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) annonce que les écologistes proposent également des modifications. M. Michel Falco est remplacé par M. Nello Artuso au sein de la commission des bâtisses et M^{me} Laura Pregno est remplacée par M^{me} Brassel-Rausch au sein de la commission scolaire.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la partie de la séance la plus attendue. Il regrette que la presse ne se déplace que dans ce genre de situation alors que beaucoup de choses se passent à Differdange.

M. Diderich a posé des questions. Malheureusement, il communique des informations erronées. Roberto Traversini tenait à le lui dire. Il a prétendu que le collègue échevinal avait un mois pour répondre aux questions.

(Interruption)

Roberto Traversini accuse M. Diderich d'avoir agi en connaissance de cause, car il n'a cité que la moitié de l'article. Lorsqu'un conseiller communal introduit une question, le collègue échevinal peut soit répondre par écrit endéans un mois ou oralement lors de la séance suivante. Par conséquent, M. Diderich a menti en connaissance de cause.

Roberto Traversini cède la parole à M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) propose de commencer par M. Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que les questions portent

8. Commissions / 9. Questions

sur le bâtiment principal et le garage. Un permis de construire a été accordé pour les deux. Celui pour le bâtiment date du 17 novembre 1961 et a été accordé par le bourgmestre Pierre Gansen. L'autorisation porte le numéro 6066. Il aurait suffi de demander cette information.

Le permis de construire pour le garage date du 14 novembre 1978, porte le numéro 10473 et a été signé par le bourgmestre Jos Hauptert.

Tous les conseillers communaux peuvent obtenir ce type d'informations sur simple demande. Mais cela n'a pas été fait.

En ce qui concerne la maisonnette de jardin, l'Administration des forêts n'a pas trouvé d'autorisation. Cependant, la loi sur la protection de la nature date de 1982 et la maisonnette a été construite avec le même matériau que le garage.

Pour ce qui est des travaux de rénovation de la maisonnette de jardin, la commune n'a pas à fournir une autorisation pour le remplacement des portes et fenêtres. Les conseillers communaux peuvent à tout moment poser ce genre de questions à la commune. Par ailleurs, l'information figure aussi dans la partie écrite du PAG.

Le bourgmestre pensait que la maisonnette de jardin se trouvait dans la même zone que la bâtisse principale, mais ce n'est pas le cas. La parcelle se situe dans une zone Natura 2000. Une autorisation aurait donc dû être demandée au ministère de l'Environnement. Cela n'a pas été fait et les travaux ont donc commencé sans autorisation. Les travaux ont été interrompus sur requête du garde forestier et une autorisation a été demandée au ministère.

Lors de la dernière séance, M. Diderich a posé trois questions et M. Liesch y a répondu dans la partie publique et non à huis clos comme prétendu. Le tout figure sur le site Internet de la commune.

Entre autres, M. Diderich a demandé s'il fallait une autorisation de la commune ou du ministère

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass falsch. An Dir wësst dat ganz genau, well Dir hutt den Artikel matzen am Saz opgehalen. Ech liesen Iech den Artikel vir, dee ganz kloer seet, dass dat, wat mer haut maachen, richtig ass.

„Les questions introduites dans le délai fixé de l'article 3 de ce règlement sont vidées en réunion. Les questions introduites hors des délais ou qui ne peuvent faire objet d'une réponse immédiate sont retournées au collège des bourgmestre et échevins qui répond dans le mois soit – lauschtert gutt no! – par écrit, soit oralement lors de la première réunion utile du conseil communal. En cas de réponse écrite à l'auteur de la question, le collège en informe le conseil communal avec concision lors de la réunion suivant la communication de la réponse.“

Dir hutt ganz bewusst falsch Informatiounen erausginn.

Ech gi fir d'éischt dem Här Ulveling d'Wuert an duerno dem Här Liesch, fir d'Froen ze beäntwerten. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Liesch fir d'éischt, dass mir an der Chronologie bleiwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Solle mer den Här Liesch fir d'éischt huelen?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Déi Fro, déi ech ze beäntwerten hunn, geet em d'Haaptgebai an d'Garage, ob do eng Baugeneemegung virloucht. Souwuel fir d'Haaptgebai wéi fir déi Garage gouf eng Baugeneemegung ausgestellt. Beim Haaptgebai ass déi 1961, de 17. November, vum deemolege Buergermeeschter Pierre Gansen ënnerschriwwen ginn, mat der Nummer 6066. Dat hätt een och einfach kënnen hei nofroen. Dann hätt een déi Informatiounen kritt.

D'Garage gouf de 14. November 1978 gebaut – hei hu mer eng Baugeneemegung erëmfonnt mat der Nummer 10473 vum deemolege Buergermeeschter Jos Hauptert ënnerschriwwen. Dat heescht, déi zwee Baute sinn duerch eng kommunal Baugeneemegung guttgeheescht. A wéi gesot, op eng einfach Ufro hätt all Conseiller zu all Moment dat kënnen hei nofroen. Dat ass awer net geschitt.

Wat d'Gaardenhaischen ubelaangt, do gouf bei Recherchë vun der Forstverwaltung an hiren Archive leider keng Autorisatioun vu besoter Parzell fonnt. Mä do muss een awer wëssen, dass eist Naturschutzgesetz op 1982 zréckgeet. Laut Zäitsoe kéint ee soen, dass dat an de 70er Jore gebaut gouf, mat deemselwechte Material vum Garage. Mä dat kënnen mer net sécher soen, well et dofir keng Tracen a keng Preuvë gëtt.

Fir op d'Renovéierungsarbeiten um Gaardenhaus ze schwätzen ze kommen, sou ass fir d'Erneiere vun Dieren a Fënsteren, vu Gemengesäit aus, keng Baugeneemegung erfuerdert. Deemno ass hei och kee Gesetzesverstouss duerch besoten Aarbechte gemaach ginn.

Och dat hätt ee kënnen – ech verstinn, dass een dat net prett huet – einfach hei nofroen. Den aktuelle PAG, dee mer hunn, do gëtt et jo och eng Legend an et gëtt eng Partie écrite, do steet dat genau dran.

Wat déi geplangte Renovéierungsarbeiten um Gaardenhaus ubelaangt, sou war de Buergermeeschter der Opfaassung, dass dat an deemselwechte Zoning war. Wat dann awer net de Fall war. Dat berühmt Gaardenhaische läit also e bësse méi erop. Déi Parzell, wou dat Gaardenhaischen drop ass, läit deemno net op kommunalem Terrain, mä läit an enger Natura2000-Zon. Do hätt ee missen, ier ee mat den Aarbechten ugefaangen hätt, eng Demande un den Ëmweltministère maachen, fir deen hëlzene Bardage, fir d'Fënsteren, fir den Daach ze erneieren.

Dat hätt een also misse maachen. Dat wär deen normale Wee. Dat war awer net gemaach ginn. Hei waren effektiv Aarbechten ugefaange ginn ouni Autorisatioun. Nodeems de Fierschter dat festgestallt hat, waren d'Aarbechten di-

9. Questions

rekt agestallt ginn an et war eng ministeriell Geneemegung ugefrot ginn.

Den Här Diderich hat am leschte Gemengerot – an dat wëll ech eng Kéier präziséieren, dat kann ee jo och bei eis nolauschteren, well mer dat jo alles public hunn – gesot, e géif eng Fro stellen. Dunn hat e sech korrigéiert a gesot, am Fong wieren et dräi Froen zum selwechte Sujet. En hat seng dräi Froen am Gemengerot gestallt. An ech hat och op déi dräi Froe geäntwert. An net wéi iwverall behaupt gouf, mir hätten net op déi Froe geäntwert, respektiv do wäere Froen an d'Non-publique gerutscht. Dat ass net wouer. An dat kënnt Der alleguerten nolauschteren op eisem Internetsite.

Bei där drëtter Fro, déi ech am leschte Gemengerot beäntwert hat, war et drëms gaangen – den Här Diderich hat d'Fro esou formuléiert: Wann een en Haus an der Zone verte huet an et mécht een Embauaarbechten, brauch een dann eng Autorisatioun vun der Gemeng respektiv vum Ministère? En hat dat ganz allgemeng gehalen. Duer no hat e referéiert op dem Här Buergermeeschter säi Gaardenhaischen. Dat war kloer. Dat kann een esou nolauschteren.

An ech hat dorop geäntwert, dass ee fir dës Aarbechten, wann een also en Haus an der Zone verte huet, natierlech eng Autorisatioun vum Ministère brauch, fir d'Aarbechten ze maachen. An dass et och d'Motivatioun war, an eisem neie PAG, déi Haiser mat eranzehuelen, fir dass d'Bierger, déi an esou engem Fall sinn, am Fong et méi einfach hunn an net mussen iwwert de Ministère fueren, mä dee Moment, wann den neie PAG a Kraaft wär, just nach iwwert d'Gemeng.

Doropshin hat den Här Diderich en Tëscheruff gemaach an en hat gefrot: War dann an dësem Fall eng Autorisatioun do? Den Här Diderich hat de Mikro net un. En hat och net d'Wuert. Mä et héiert een et awer iwwert de Raummikro. Dat heescht, déi Fro kann een och lauschteren.

Ech hat dunn och op déi Fro, wat jo dann eng zousätzlech Fro war, geäntwert, dat wéisst ech net. Well zu deem Zäitpunkt war mir dat och net bekannt. Firwat ass dat net bekannt? Ma

wann een, wéi an dësem Fall, Aarbechten an der Zone verte wëll maachen, schéckt ee seng Demande un den Ëmweltministère an net un d'Gemeng. Mir kréien dann de Retour mam Demandeur.

Dat heescht, de Retour vum Bréif, deen also mat der Geneemegung komm ass, hu mer den 12. August, also fënnf Wochen nodeem d'Demande era war, vum Ëmweltministère kritt. Da gëtt d'Gemeng informéiert, dass eng Ufro komm ass mat enger Autorisatioun. Also hat ech genau richteg geäntwert, well ech dat zu deem Zäitpunkt am Gemengerot net wousst.

Dass dann den Här Diderich sech beméit hat, iwverall ze behaupten, mir wäeren net legal, well mer net am Zäitraum op seng Fro geäntwert hätten, kann een esou net stoe loossen. Well, wéi grad d'Reglement virgelies ginn ass, mer ganz richteg hei sinn. Well ganz kloer drasteet, dass ee bannent 30 Deeg oder soit ... An ech froe mech, ob et eng Erreur matérielle ass, dass den Här Diderich do e Punkt gesat huet. Oder ob bewosst e Punkt gesat ginn ass – well dat vläicht dann net an de Krom gepasst huet –, fir deen Deel vum Saz ewechzeloossen. Souwäit emol zu de Froen, déi den Här Diderich gestallt huet, déi den Environnement betreffen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. An dann den Här Tom Ulveling. De Rescht vun de Froen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et war eng Fro iwwert déi Aarbechten, déi an enger Strooss gemaach si ginn, déi vum Péitenger Wee op déi Parzell vum Kadaster 1870/7358 geet. Do kann ech nëmme soen, dass am Joer 2017 d'Creos un eis Servicer erugetruede war, fir ze soen, si wéilten an där Strooss d'Leitungen an de Buedem leeën. Dës Demande war diskutéiert ginn am Kader vun der Opstellung vum Budget 2018, wou e gewëssene Montant agesat gouf. Ënner Reprofilage des routes ass dat erëmfannen.

Well de Belag vun där Strooss an engem extrem schlechten Zoustand war, ech

pour transformer une bâtisse dans une zone verte. Il s'est montré vague même s'il était évident qu'il se référait au bourgmestre. Georges Liesch lui a répondu qu'une autorisation du ministère était nécessaire et que c'était pourquoi le collègue échevinal voulait sortir les maisons de la zone verte dans le nouveau PAG. Il s'agissait de faciliter la procédure pour les citoyens. M. Diderich a alors demandé si une autorisation avait été accordée dans ce cas-ci — alors que son micro était éteint et qu'il n'avait pas la parole. Georges Liesch a répondu à cette question supplémentaire en disant qu'il ne le savait pas.

En fait, la commune a reçu la réponse du ministère le 12 aout, c'est-à-dire cinq semaines après que le demandeur avait introduit sa requête. Par conséquent, Georges Liesch avait donc répondu correctement: la commune ne savait pas si l'autorisation allait être accordée.

M. Diderich a ensuite prétendu que le collègue échevinal n'avait pas répondu aux questions dans les délais. Mais il n'a cité qu'une partie de l'article du règlement communal. S'agit-il d'une erreur ou a-t-il fait exprès parce que cela lui convenait mieux?

TOM ULVELING (CSV) a reçu une question concernant des travaux dans la rue de Pétange. En 2017, Creos a demandé à aménager des conduits souterrains. Il en a été question lors de la réalisation du budget 2018. Il s'agit de l'article « Reprofilage de rues ».

Comme le revêtement était en mauvais état et même dangereux — les bennes à ordures ne pouvaient plus circuler jusqu'au bout de la rue — on a décidé de le refaire en même temps que les travaux de Creos. Parallèlement, toutes les maisons ont été raccordées au canal. Cela est conforme à la loi sur la protection de l'eau du 19 décembre 2008 et à la directive-cadre européenne de 2000.

La route en question permet aux propriétaires d'atteindre leurs terrains, mais aussi au garde forestier de se rendre dans la forêt

9. Questions

avec ses ouvriers et aux services de voirie de vider les poubelles. En janvier 2018, trois devis ont été demandés. Le service technique a proposé l'entreprise CBL de Niederkorn. Le devis s'élevait à 83 795 € HTVA et 98 250 € TTC. Finalement, les travaux ont coûté 127 912 € TTC. Le surcout était dû au déplacement et au remplacement de l'éclairage.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passé à une interpellation de déi Lénk, du parti démocratique et du LSAP. Comme il est directement concerné, il cède la présidence à M. Ulveling, qui distribuera la parole. Il souhaite conserver sa concentration pour répondre aux questions.*

M. Ulveling peut aussi expliquer en quelques mots sur quoi porte l'interpellation.

TOM ULVELING (CSV) *constate que tout le monde ne maîtrise pas la terminologie des règlements internes. C'est pourquoi il rappelle que d'après l'article 5, pour interpeller le collègue échevinal, le conseil communal doit introduire une demande par écrit. L'interpellateur a vingt minutes pour développer son intervention. Ensuite, il dépose une motion résumant l'action politique qu'il veut voir entamer. Le collègue échevinal prend ensuite la parole avant que les groupements politiques ne prennent position pendant dix minutes au maximum. L'interpellateur peut ensuite reprendre la parole pendant dix minutes avant que le collègue échevinal ne clôture les discussions. Le collègue échevinal a également le droit de refuser l'interpellation en début de séance.*

Tom Ulveling constate que le conseil communal accepte l'interpellation. Il cède la parole à un des interpellateurs. (Interruption de M. Muller) Tom Ulveling précise que l'interpellateur dispose de vingt minutes.

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute que les partis disposent ensuite de dix minutes.*

mengen déi Leit, déi do wunnen, wessen dat alleguer, a Gefor fir d'Leit bestanen hat, déi op de Biereg trëppele wollte goen a well och eis Poubellesween net méi konnte bis ganz erop fueren, war decidéiert ginn, de Belag ze erneieren. Well jo souwisou schonn, wéi gesot, déi Aarbechten hu misse gemaach gi vun der Creos.

De Kanalsreseau war och decidéiert ginn ze verleeën, bis bei dat lescht Haus. Fir do en Uschloss un de Reseau vum Schmotzwaasser respektiv un d'Kläranlag vu Péiteng ze garantéieren. An dat ass konform zum nationale Waasserschutzgesetz vum 19. Dezember 2008 an och konform zu enger europäescher Kaderdirektiv vun 2000.

Dës Strooss, déi zur Voirie communale gehéiert, déngt net nëmmen als Zoufaart fir Privatleit, déi eng Servitude hunn, fir vun hannen op hir Privatgrundstécker ze kommen, mä och dem Fierschter, fir mat sengen Aarbechter an de Bësch ze kommen, fir d'Leit, déi do wëlle spadséiere goen an och natierlech fir eis Services de voirie, déi do d'Poubellë mussen eidel maache goen.

Am Januar 2018 goufen dräi Präisofferen ugefrot. Well de geschate Präis vun den Aarbechten ënner 100.000 Euro louch, konnte mer dat nom Marchésgezet maachen. Op Virschlag vun eisen techneschen Déngschter hat d'Firma CBL vun Nidderkuer, déi déi bëllegst Offer ofginn hat, den Zouschlag kritt. De Präis fir dës Aarbechte war mat 83.975 Euro ouni TVA, oder 98.250 Euro mat TVA, veranschlagt.

Schlussendlech goufen déi Aarbechte fäerdeggestallt zu engem Präis vun 127.912 Euro, TTC. A si waren um Budgetsposte vum Reprofilage des routes gebucht ginn. Déi Deierecht koum deelweis doduerch, well mer am Kader vun deem Chantier d'Luuchten deplacéiert haten. Déi stoungen net an enger normaler Reiefolleg, wéi dat elo ass. A mir haten och nei Luuchten opgestallt, déi méi energiespuerend sinn. Dofir dee Surplus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Da géife mer zum nächste Punkt kommen. Dat ass eng In-

terpellatioun, déi ugefrot ginn ass vun deene Lénken, vun der Demokratescher Partei a vun der LSAP. Vu datt ech ganz vill hei betraff wäert sinn, wäert ech d'Presidence un den Tom Ulveling weiderginn. Hie wäert dann och d'Wuert verdeelen. Datt ech mäi Kapp fräi kann halen, fir dann op déi Froen ze äntwerthen oder op déi Fuerderungen ze äntwerthen. Fir iwwregens och dee ganze Schäfferot. Ech ginn dem Här Tom Ulveling d'Wuert, an hie wäert mengen ech nach a kuerze Wieder erklären, wourëm déi Interpellatioun dréit.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, vu dass net jiddweree genau déi Terminologie kennt, vun all eise Règlement-internen, wäert ech den Artikel 5 vun der Interpellatioun eng Kéier hei virliesen, fir dass mer wëssen, ëm wat et geet. Et ass jo näischt Alldeegleches, et ass déi éischte Kéier, säit ech hei am Gemengerot sinn.

Am Artikel 5 steet: „Le conseiller communal qui désire interpeller le collègue des bourgmestre et échevins sur un point de politique communale de portée général doit introduire sa demande par écrit au collègue des bourgmestre et échevins.

L'interpellateur développe son intervention sans dépasser un temps de parole de vingt minutes. Il dépose ensuite une motion résumant son argumentation et l'action politique qu'il désire voir entamer.

Après une première prise de position du collègue des bourgmestre et échevins, un orateur par groupement politique expose son attitude et ceci sans dépasser un temps de parole de dix minutes. À la fin de ce tour de parole, l'interpellateur peut intervenir à nouveau sans dépasser un temps de parole de dix minutes. Après une dernière prise de position du collègue des bourgmestre et échevins, la ou les motions introduites sont mises au vote.

Dans le cas où le collègue des bourgmestre et échevins n'accepte pas l'interpellation, il doit informer le conseil communal dès le début de la séance et motiver sa décision.

9. Questions / 10. Interpellation Gréideberg

L'interpellateur peut néanmoins développer son argumentation, mais sans qu'un débat ni un vote aient lieu.

Als éischt stellen ech d'Fro un de Gemengerot, ob en d'accord ass, fir déi Interpellatioun unzehuelen. Do hu mer kee Problem. Da géif ech engem Här vun deenen dräi Parteien, déi ënnerschriwwen hunn, d'Wuert ginn. Dir hutt zesummen zwanzeg Minutten Zäit fir Är ...

(Interruption)

Gelift? Dir hutt zesummen zwanzeg Minutten Zäit, fir dat ze developpéieren.

ERNY MULLER (LSAP):

Nee. Dann hu mer jo och nach zéng Minutten.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Duerno, jo. Fir d'éischt elo fir ze presentéieren.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, ech ginn haut net op d'Diskussioun iwwert deen neie PAG an iwwer eng offensichtlech Wäertsteigerung vun engem Objet am Besëtz vum Buergermeeschter an. Ech ginn och net méi drop an, wat dann elo däerf oder muss an eng netëffentlech Sitzung vum Gemengerot kommen. Dat misst jo elo all Mënsch mëttlerweil matkritt hunn.

Ech ginn awer drop an, dass ech absolutt net gleewen, dass e Buergermeeschter net weess, wat e wéini selwer un Autorisatioun brauch. Wann ee Buergermeeschter dat net weess, dann ass en op där falscher Plaz.

Ech kann absolutt verstoen, dass een net ka bis an dee leschten Detail wëssen, wou genau um Terrain vun enger Gemeng iwwerall Naturschutzgebitt ass. Ech weess dat éierlech gesot och net. Ech weess awer zumindest, wéi mäin eegenen Terrain klasséiert ass. A souwisou ier een iergendeng Aarbecht mécht, freet een no der aktueller Situatioun.

Déi aktuell Situatioun ass folgend: Et gouf renovéiert, ëmgebaut, Beem an Hecke gefällt, massiv Buedem beweegt a planéiert. An dat an der Zone verte, an der Natura2000-Zon a virun allem am Naturreservat Prënzeberg. An dat unni iergendeng Autorisatioun.

Mëttlerweil wësse mer, dass den Ëmweltministère nodréiglech, also retroaktiv, eng Autorisatioun ausgestellt huet fir de Gaardeschapp. An och just fir de Gaardeschapp. Dat soll anscheinend net aussergewöhnlech sinn a gängeg Praxis. Wonnert mech zwar, mä kommt, mir loosse dat emol esou stoen.

D'Beem, déi gefällt goufen, solle krank gewiescht sinn. Dat gleewe mer dann och. Mir sinn awer hei net méi beim Naturschutzgesetz vun 2018, mä beim Règlement grand-ducal betreffend d'Réserve naturelle Prënzeberg vun 1991. An de Code de procédure pénale gesäit do ganz kloer stroferechtlech Konsequenze vir.

Bis den Dag vun haut feelen nach ëmmer, ënner anerem, folgend Autorisatiounen, och souguer retroaktiv: massiiv Ewechhuele vu Buedem am Naturreservat, groussflächeg Planéiere vun Terrainen, nieft de kranke Beem nach Raséiere vun Hecken, de Gebrauch vu schwéiere Maschinnen an engem Naturreservat, Installéiere vun enger kompletter Clôture ronderëm dee ganzen Terrain. Aarbechten um Haus an Uschloss un d'Reseauen thematiséieren ech elo, an deem Kontext, net méi weider.

Iwwregens freet d'Bautereglement vun der Gemeng Déifferdeng eng Autorisatioun fir Transformations d'abris de jardin. Do hu mer jo virdrun héieren, datt do eventuell den Environnement zoustänneg gewiescht wär. Da fällt dat ewech. An dann awer och nach Construction de clôture. Bis haut gouf awer keng Autorisatioun ugefrot op der Gemeng.

Den Uschloss vu Reseauen op allgemeng Käschten an déi vill Aarbechten am an um Haus goufe schonn thematiséiert. Vill Froe bleiwen och do op. Mä et sollt net dobäi bleiwen.

Et ass fir eis glaskloer, datt de CIGL am besoten Haus Aarbechte gemaach huet.

TOM ULVELING (CSV) répond que oui.

FRANÇOIS MEISCH (DP) ne souhaite ni discuter du PAG ni de la valorisation d'un objet appartenant au bourgmestre. Il ne veut pas non plus revenir sur la question de ce qui est permis dans une séance publique ou à huis clos.

En revanche, il ne croit pas le bourgmestre lorsqu'il dit qu'il ne sait pas quand il a besoin d'une autorisation. Autrement, il n'est pas à sa place. Bien entendu, il ne peut pas connaître les zones naturelles protégées parcelle par parcelle. François Meisch ne les connaît pas non plus. Mais il sait comment son propre terrain est classé. Ou du moins, il pose la question avant de lancer des travaux.

La vérité est que des arbres et des haies ont été coupés et de la terre a été déplacée dans une réserve naturelle sans autorisation. Le ministère a accordé une autorisation rétroactivement pour la maisonnette de jardin. Apparemment, c'est courant. Les arbres abattus étaient malades. Mais le règlement grand-ducal prévoit des conséquences pénales pour ce genre de manquements. François Meisch constate qu'à ce jour il manque l'autorisation pour le déplacement de terre dans une réserve naturelle, l'abattage d'arbres, l'enlèvement de haies, l'utilisation de machines, l'installation d'une clôture autour du terrain...

Le règlement des bâtisses de la commune exige aussi une autorisation pour la transformation d'abris de jardin. Mais apparemment, cela relève de la compétence du ministère de l'Environnement. En ce qui concerne la clôture, une autorisation n'a toujours pas été demandée.

Il reste aussi des questions concernant le raccordement de la maison aux réseaux ainsi que les travaux effectués.

François Meisch est aussi convaincu que le CIGL a effectué des travaux — notamment la pose de la clôture et l'entretien de la prairie — sans qu'ils ne soient facturés.

10. Interpellation Gréideberg

Cela est d'autant plus grave que le bourgmestre est le président du conseil d'administration du CIGL. C'est pourquoi François Meisch exige un audit indépendant pour documenter cet abus de position.

À ce jour, le conseil communal ne sait ni pourquoi le bourgmestre n'a pas demandé une autorisation pour les travaux, ni pourquoi l'autorisation auprès du ministère n'a été demandée que plus tard, ni pourquoi certains travaux ne sont toujours pas autorisés. Pourquoi le CIGL a-t-il effectué des travaux alors que son président n'a pas soixante ans? Pourquoi ces travaux n'ont-ils pas été payés?

En plus, la maison en question doit être intégrée dans le périmètre de construction dans le cadre du nouveau PAG. Pire encore, les plans de la maison auraient été dessinés par les services communaux. M. Traversini aurait laissé les clés de cette maison à un stagiaire du service technique. François Meisch dispose des plans portant le logo de la commune. Le bourgmestre a donc non seulement abusé de sa position, mais aussi fait des économies de plusieurs milliers d'euros. Le service technique aurait aussi réalisé des plans pour la maison actuelle du bourgmestre.

Dans ces conditions, il ne saurait être question d'un oubli particulièrement pénible, mais d'un abus de pouvoir. Un autre citoyen pourrait-il faire dessiner ses plans par les services communaux?

François Meisch en a informé le parquet hier. L'opposition effectue son travail de contrôle du collègue échevinal. Mais ce que le conseiller communal vient de mentionner est d'un autre ordre. C'est pourquoi François Meisch s'est vu dans l'obligation d'en alerter la justice.

Il exige une transparence complète, car la gravité des faits dépasse le devoir de contrôle du conseil communal. C'est désormais à la justice d'enquêter sur M. Traversini.

Pour les démocrates, il s'agit de redonner confiance aux citoyens, qui doivent tous être servis de la même manière. Rétablir la confiance sera difficile. Dans ce contexte, la pré-

Dat soen divers Fotoe ganz kloer aus. Mataarbechter vum CIGL hunn eis matgedeelt, dass och d'Clôture ronderëm dee ganzen Terrain vun hinne gesat gouf. An dass d'Wiss an d'Vegetation vun hinne geschnidden a gebotzt gëtt, ouni d'Ausstelle vun enger Rechnung. Dat sinn extrem schlëmm Uschëllegungen. Well de Buergermeeschter als President vum Verwaltungsrot vum CIGL sech net ka selwer kontrolléieren, gëtt et do just eng Méiglechkeet: Mir fuerderen een externen, onofhängegen Audit, fir deen ongeheierlechen Amtsmëssbrauch hei ze dokumentéieren. A fir direkt ze vermeiden, dass nach méi Beweiser eventuell kéinte vertuscht ginn.

Leider sinn ech awer nach net um Enn vu menger Interventioun. D'Leit zu Déifferdeng stelle sech ganz vill Froen, an net nëmmen d'Leit zu Déifferdeng, iwwee alles dat, wat déi lescht Wochen un d'Dageslicht koum.

Leider hu mer och haut keng valabel Erklärung kritt, firwat grad de Buergermeeschter vergësst, bei esou Aarbechten eng Baugeneemegung ze froen. Leider hu mer nach ëmmer keng Erklärung, firwat d'Autorisatioun vum Ëmweltministère eréischt nodréiglech gefrot gouf. A firwat haut nach net sämtlech Aarbechten autoriséiert sinn.

Leider steet weiderhin am Raum, firwat de CIGL grad bei hirem President dierf Aarbechte maachen, obschonn deen nach keng 60 Joer huet. Leider wësse mer och haut nach net, ob all déi Aarbechten do zumindest och bezuelt goufen.

Dat alles ass schlëmm genuch a werft e schlecht Liicht op eis Gemeng. Mä domadder ass et offensichtlech nach net gedoen. Dat besoten Haus soll an de Perimeter kommen, am Kader vum neie PAG. D'Pläng vum Haus sinn nodréiglech gezechent ginn.

Eis leien Dokumenter vir, déi beleeden, datt de Buergermeeschter Roberto Traversini fir dat Haus um Prënzebiërg, dat him privat gehéiert, d'Pläng vum Gemengeservicer ufærdege gelooss huet. De Buergermeeschter wär selwer regelmëssig dofir bei e Stagiaire, en techneschen Zeechner, an de Büro hei am Haus gaangen, hätt deem och de Schlëssel vum Haus iwweerlooss. Eis leien och Kopie vun de Pläng vum Här

Traversini sengem Haus vir, mam – an elo haalt Iech un –, jo, mam Logo vun der Stad Déifferdeng drop.

Nieft gravéierendem Amtsmëssbrauch huet de Buergermeeschter nach, laut Informatiounen vu Betriber aus dem Secteur, e mëttlere véierstellege Beräich erpuert.

Mir goufen informéiert, dass deeseweichte Service huet misse Pläng zeechne fir dem Buergermeeschter säin aktuell Wunnhaus. Ech brauch kengem hei ronderëm den Dësch ze erklären, wat dat bedeit. Do si mer definitiv net méi bei engem Oubli, deen zwar fir de Buergermeeschter penibel ass, mä vläicht nach mënschlech wär. Do si mer definitiv bei Abus de pouvoir. Do si mer bei engem totale Vertrauensverloscht vun eise Bierger an hirer Gemeng. Oder gëtt et nach en anere Bierger vun eiser Gemeng, dee seng Pläng vu sengem privaten Haus vun de Gemengeservicer zeechne ka loossen?

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll Iech driwwer informéieren, datt ech gëschter de Parquet heivun a Kenntnis gesat hunn. Mir als Oppositioun si bis elo eiser demokratescher Pflicht nokomm, fir de Schafferrot ze kontrolléieren. Mir hu villes opgedeckt, wat sech leider duerno confirméiert huet.

Dëst allerdéngs ass nach eemol vun enger ganz anerer Qualitéit. Hei si mer definitiv am Stroferecht ukomm. A well ech, wéi all anere Bierger, d'Pflicht hunn, all Verdacht op stroferechtlech Vergoen Justizautoritéiten ze mellen, hunn ech den Dossier beim Staatsanwalt hannerluecht.

Hei brauche mer voll Transparenz a voll Opklärung. D'Gravitéit vun dese Faiten iwweersteigen daitlech de Perimeter vun der Kontrollpflicht vum Gemengerot. Et ass elo un der Justiz, des schweier Virwërf par rapport zu eise Buergermeeschter Roberto Traversini opzeklären.

Well des Dokumenter net nëmme juristeschesch relevant sinn, mä och politesch vu grousser Bedeitung, fir d'Vetrauen, dat d'Bierger an déi politesch Féierung kënnen hunn, stellen ech der Press eng Kopie zur Verfügung, wéi natierlech och de Kollegen hei am Gemengerot.

10. Interpellation Gréideberg

Meng Partei huet an dësem Dossier eng Suerg: Dem Bierger dat Vertrauen an d'Gemengeservicer zréckzeginn, datt jiddereen d'selwecht zerwéiert gëtt, de Buergermeeschter, grad wéi all aner Bierger vun eiser Gemeng. Dat Vertraue gouf déif erschüttert, an et wäert vill Méi kaschten, et nees opzebauen.

Well mer eis net kënnen virstellen, wéi mat engem Buergermeeschter Roberto Traversini dat Vertrauen nees kann opgebaut ginn, hu mer dem Buergermeeschter nogeluecht zréckzetrieden. An och haut, no deenen Erklärunge vum Här Buergermeeschter, kann ech kee Wëllen erkennen, fir neit Vertrauen opzebauen.

Elo stellt sech nach d'Fro, wat den zoustännege Schäffe Goerges Liesch wousst. Well ëmmerhi wäeren déi besote Pläng a sengem Service erstallt ginn. A grad esou interesséiert eis, wéini de Kollaboratiounspartner vun deene Gréngen, also d'CSV, iwwert d'Feelverhale vum Buergermeeschter informéiert war an ob d'CSV nach ëmmer, wéi d'lescht Woch, der Meenung ass, d'ëscht alles wär just e Stuerm am Waasserglas.

Wann ee fir privat Zwecker op d'Gemengeservicer zréckgräift, dann ass dat alles aneschters wéi e Stuerm am Waasserglas. A wien esou e Verhalen aus partitakteschen Iwwerleeungen erofspillt, ass wuel schlecht géegent, fir de Bierger en allgemengt Vertrauen an hir politesch Féierung zréckzeginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'DP wëll komplett Opklärung vun alle Virwërf. D'DP Déifferdeng huet dofir all Informatiounen der Justiz viruginn.

Et gesäit haut esou aus, wéi wann d'Gemeng respektiv de CIGL fir Eenzeler e Selbstbedienungsladen wär. Dat ënnergrueft d'Vetrauen an d'Politik, an eis Gemeng an och an hir Servicer – woubäi déi am allermannsten dofir kënnen.

Mir kënnen eis net virstellen, datt grad Dir, Här Buergermeeschter, d'ëscht Vertrauen nees opbaue kënn. Et geet hei net ëm Iech als Persoun, mä et geet ëm d'Glawierdegkeet vun eiser Gemeng. Et geet ëm d'Vetrauen an eis lokal Demokratie. Et geet ëm d'Bild vun der drëttréissster Gemeng hei am Land. Dofir plädéiert d'DP fir en neien Ufank.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren an ech deelen Iech nach déi Dokumenter aus.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Ulveling. Ech wäert net op alles agoen, fir och dem Kolleg nach Zäit ze loossen. Ech muss soen, dass ech mat deenen Äntwerten, déi mer haut op d'Fro kritt hunn, net ganz zefridde sinn. Éischtens ass vum Här Liesch behaupt ginn, dass dat éischt Naturschutzgesetz vun 1982 wär. Wat mech wonnert vun engem gréngen Ëmweltschäffen. Dat éischt Naturschutzgesetz ass vum 29. Juli 1965: „Loi sur la conservation de la nature et des ressources naturelles“. Dat ass dat Éischt.

Dat zweet ass: Ech hat gefrot, ob Autorisatiounen besténgen zu all deenen Aarbechten, déi op deem Terrain gemaach gi sinn. An ech hunn elo gesot kritt, d'Gemeng ass net zoustänneg. Jo, natierlech ass d'Gemeng net zoustänneg. Dat ass jo de Grond, firwat Der déi Haiser wollt regulariséieren an an de PAG huelen. A well Der dee Grond jo wousst an diskutéiert hutt, hätt och de Buergermeeschter misse wëssen, dass hie gefällegst Autorisatiounen ze froen hätt fir déi doten Aarbechten.

En plus hat en dat Gesetz gestëmmt 2018, wou beschriwwen ass, wat een an der Zone verte ze maachen huet. An d'Zone verte betrëfft déi zwou Parzellen: d'Haus an d'Gaardenhaischen. An d'Zone verte seet aus, an deem Gesetz vun 2018, dass ee gefällegst eng Autorisatioun freet fir Fënsteren, fir Paarten a fir Clôturen. Dat nammlecht am Baureglement vun eiser Gemeng. Wat och de Buergermeeschter misst kennen a wou een normalerweis net dovunner ausgeet, dass den Environnement nach méi large wär wéi d'Gemeng. Soss géif ee jo net esou vill drop halen, déi Haiser ze regulariséieren.

Och onkomplett hunn ech op d'Fro geäntwert kritt vum Här Ulveling, wou ech ganz kloer gestallt hunn: Ass deen Uschloss just op der Voie communale, der Voie publique gemaach ginn oder

sence de M. Traversini est un obstacle. C'est pourquoi François Meisch lui suggère de se retirer.

Il reste à déterminer ce que savait M. Liesch, car les plans ont été réalisés par son service. Quand le CSV, le partenaire de coalition des écologistes, a-t-il été informé?

Faire réaliser des plans privés par les services communaux n'est pas une brouille. Quelqu'un en diminuant l'importance est mal placé pour redonner confiance aux citoyens.

Le DP exige une transparence totale. C'est pourquoi les démocrates ont remis toutes ces informations à la justice. Ils ont l'impression que certains utilisaient la commune et le CIGL comme un libre-service. Cela détruit la confiance dans la politique, la commune et les services communaux. François Meisch ne croit pas que le bourgmestre puisse rétablir cette confiance. Il y va de la crédibilité de la commune et de l'image que donne la troisième ville du pays.

François Meisch distribue les documents aux conseillers communaux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *avoue ne pas être satisfait des réponses obtenues aujourd'hui. M. Liesch a prétendu que la loi sur la protection de la nature date de 1982. Or il s'agit du 29 juillet 1965.*

Gary Diderich avait par ailleurs demandé si toutes les autorisations pour les travaux avaient été demandées. Le collège échevinal a dit tout à l'heure que la commune n'était pas compétente. C'est évident. C'est la raison pour laquelle le collège échevinal veut sortir les maisons en question de la réserve naturelle dans le nouveau PAG. Et comme il en a été question, le bourgmestre devait savoir que des autorisations étaient nécessaires.

Gary Diderich rappelle que le bourgmestre a approuvé la loi de 2018 sur ce qui est permis dans les zones vertes. Il est clair qu'il faut une autorisation pour remplacer des portes et des fenêtres, et pour installer des clôtures. Le bourgmestre devrait connaître le règlement communal des bâtisses

10. Interpellation Gréideberg

et il est évident que le ministère de l'Environnement est plus restrictif.

M. Ulveling n'a pas été clair non plus. Le raccordement a-t-il été réalisé sur la voie publique uniquement ou bien aussi sur un terrain privé?

Cette affaire doit permettre de renforcer les réflexes démocratiques. Gary Diderich cite «Animal Farm» de George Orwell: «All animals are equal but some are more equal than others». Cette citation s'applique au bourgmestre, qui aurait dû savoir qu'il avait besoin d'une autorisation, car il a approuvé la loi sur la protection de la nature, il a discuté des maisons en question avec le collège échevinal et il doit veiller au respect des règlements compte tenu de sa fonction.

Gary Diderich cite Laurent Schmit de reporter.lu: soit M. Traversini s'est montré négligent, soit il n'a pas respecté la loi en connaissance de cause. L'impression qu'un homme politique n'a pas à se tenir aux règles est dangereuse et inacceptable dans une démocratie.

Gary Diderich n'en a pas après M. Traversini ou son parti. Mais en tant qu'élu, il a des devoirs. Si ces devoirs ne sont pas pris au sérieux, de moins en moins de gens iront voter. On entend souvent dire que la politique est pareille partout et qu'il n'y aurait plus de bourgmestres si tous les conseillers communaux se comportaient comme Gary Diderich. Mais c'est faux: il n'y aurait plus que des bourgmestres à la hauteur.

Pour ce qui est du PAG, Gary Diderich a demandé des informations à de nombreuses reprises. Mais le conseil communal et les citoyens n'en ont pas reçu. Désormais, il est clair que certaines modifications du PAG apportent des avantages à une partie du collège échevinal.

En ce qui concerne le CIGL, Gary Diderich a lu dans le journal qu'il n'aurait fait qu'enlever des meubles. Il aurait compris cet argument si les travaux avaient eu lieu en 2018 ou immédiatement après la mort des anciens propriétaires. Mais il dispose de photos de juillet 2019 montrant les colla-

ass deen Uschloss bis op den Terrain privé gemaach ginn? Dorop hunn ech keng Äntwert kritt. An ech erwaarde mer nach ëmmer eng Äntwert.

Wat mir unhand vum Gréideberg zu Déifferdeng erliewen, dat ass d'Chance, eis demokratesch Strukturen a Reflexer nei ze erfannen an ze stäerken. Net fir näischt kënn ville Leit de Passage vum Georges Orwell aus dem Buch *Animal Farm* an de Kapp: „All animals are equal, but some are more equal than others“. Et ass offensichtlech, datt dëst sech drop applizéiert, datt een Député-maire hei gemengt hat, keng Autorisatiounen ze brauchen. Wou hien aus dräi Grënn et besser hätt misse wëssen.

Deen een hunn ech genannt. En Naturschutzgesetz ass diskutéiert a gestëmmt ginn an der Chamber. Och vum Här Traversini. An dat Argument vum Schäfferot, firwat déi Haiser iwwehhaapt regulariséiert ginn. Da kann ee mengen ech schwéier soen: „Ah, muss ech do eng Autorisatioun hunn? Ech wusst dat net“. Deen anere Grond ass, dass de Buergermeeschter stellvertredend fir d'Gemeng steet, fir d'Gesetzter an der Gemeng anzehalen.

Wann ech de Laurent Schmit a sengem Kommentar op reporter.lu zitieren, da bréngen ech ganz vill op de Punkt. „Entweder ging Roberto Traversini sehr fahrlässig mit der Einhaltung von Gesetzen und Vorschriften um oder er verstieß bewusst dagegen. Doch allein der Anschein, dass Politiker sich nicht an Regeln halten (müssen), ist in einer Demokratie inakzeptabel und gefährlich“.

Fir all déi, déi mengen, mir géif et hei ëm de Roberto Traversini perséinlech goen oder ëm Parteipolitik ass domadder alles gesot. Ech si gewielt. Ech hunn ee Mandat. Ech si vereedegt. Doraus ergi sech net nëmme Rechter, mä och Flichten. An déi huelen ech och da seriö, wann et eemol net esou einfach ass oder komfortabel.

Well soss séie mir dat, wat mer herno an der Wahlurn erliewen, nämlech ëmmer manner Wahlbedeelegung an, wat mer och op soss Plazen erliewen, Politikverdrossenheet. An dass a Kommentare behaupt gëtt: „D'Politik ass iwwehall esou. A wann d'Oppositioun am ganze Land géif esou eng Aarbecht

maachen, dann hätte mer kee Buergermeeschter méi“. Nee, dann hätte mer Buergermeeschteren, déi op der Héicht si vun den Uspréich un dat Mandat.

Mä et geet awer och méi wäit. Scho beim Ausschaffe vum PAG hat ech x-mol gefrot: Kréie mer Informatiounen, w.e.gl., als Gemengerot? Kréien d'Bierger Informatiounen? Nee. Et si keng Informatiounen erausgaangen, mam Argument: Herno hu Leit iergende Wëssensvirsprong a maachen doraus Saachen, déi net am Interêt public sinn.

Ma hei ass et kloer, dass et e Wëssensvirsprong ginn huet fir e restriktiven Deel vun der Gemengeverwaltung vum Schäfferot, an dass do eng Rei Ännerungen dra sinn, déi eng Plus-value bedeit hunn oder bedeite wäerten, wann de PAG esou duerchgeet.

Fir deen Deel ofzeschléissen a fir op d'Confiance einfach vum egalitäre Behandelde vun all Bierger zrëckzekommen: Wat d'Zréckgräifen op de CIGL ugeet, do hunn ech an der Zeitung musse liesen, dass do Miwwelen erausgeholl gi si vum CIGL. Wann dat 2018 geschitt ass, wéi déi viregt Besëtzer nach gelieft hu respektiv no hirem Doud, dann halen ech dat jo gutt.

Mä mir hu Fotoe vum Juli 2019, wou als Miwwel Pinselen eraustransportéiert ginn, an déi sougenannte Miwwelen nach benotzt ginn, fir Gelänneren unzeesträichen. Dir hutt als Press an als Conseillere déi Fotoen do leien. An ech mengen, do ka kee soen, do wäeren och nach Miwwelen erausgeholl ginn. Well de CIGL ass do fir Formatiounszwecker. An ech hoffen, dass kee geléiert gëtt, fir iwwe esou eng Lieder Miwwelen erauszehuelen.

A wat mer elo nach héieren hunn, dass d'Pläng vun engem Privathaus hei an de Gemengeservicer ugefäerdeg ginn, wou als Maître d'ouvrage d'Ville de Differdange drasteet. Fir en Haus, wat d'Ville de Differdange net besetzt. Da si mer ganz wäit komm. An da musse mer hei absolutt Opklärung erabrénge.

An et gëtt souguer Leit, déi awer Fonctionnaire waren, den Daniel Miltgen zum Beispill, dee freet: „Waren och nach Aarbechter vum Staat do, déi deeglaang während hiren Aarbechtzäi-

10. Interpellation Gréideberg

ten an där Géigend geparkt hunn? A wat hunn déi do gemaach?“

Dat si Froen, déi sech stellen. A wat méi onkloer Äntwerte mer op déi Froe kréien, a wat déi Äntwerte méi retardéiert gi wéinst engem schlecht geschriwwene Reglement ... Well wat bréngt et, en Delai an e Reglement ze schreiwen, wann deen Delai da guer näischt bedeit, well de Sazbau esou ass, dass all Jurist a Linguist seet: Dat ass einfach schlecht geschriwwen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Diderich, Dir hutt nach véier Minutten. Wann Der den Här Muller och wëllt schwätze loossen, da misst Der Iech kuerz faassen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo, maachen ech.

Domadder ass dat Wichtigst gesot. D'action politique, déi ech hei fuerderen, ass eng honnertprozenteg Opklärung vun där ganzer Saach. Eng Äntwert op all déi Froe mat alle Piëcen. Well ech hu keng eng Pièce haut virgeluecht kritt. An ech hunn explizit a menger Fro no Pièce gefrot.

An ech hunn och beim Service hei am Haus nogefrot fir déi Autorisatiounen – och wann Dir eppes anescht behaapt. Do hunn ech gesot kritt, 1965 wär eng Autorisatioun do gewiescht fir eng Salle d'entraînement. An 1978 fir eng Garage/Salle d'entraînement. An Dir gitt mer hei aner Informatiounen. Da sot Der mer domadder, entweder ass kee Verlooss op eis Verwaltung oder kee Verlooss op Iech.

Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Muller. Dir hutt nach e bësse méi wéi dräi Minutten. Et deet mer leed.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Ech wäert versiche schnell ze maachen. Dir kennt

schon d'Positioun vun der LSAP an deem Dossier. Mir hu gesot, och öffentlech, mir hätte gär voll Transparenz. A mir wëllen den Instanzen net virgräife betreffend eventuelle Jugementer. Sief dat elo um Plang vun den Administratiounen oder um Plang souguer vun der Justiz.

Mir wësse gewëss, dass eng Plainte administrative un d'Administration de la nature et des forêts agereecht ginn ass. Do ass jo eng Enquête en cours. Et muss een ofwaarden, wat do erauskënnt.

Ech muss awer soen, haut hu mer erëm e ganze Koup Faits accablants héieren. Also ech si bal um Buedem zertrümmert, wann ech esou Saachen héieren. Mä ech wëll och, dass Beweiser dofir virleien. Dass een dat ka préiwen. An dass déi Erklärunge kommen, dass mer déi Erklärunge kënne jugéieren. Ech hunn net vill Erklärunge bis elo héieren. Duerfir kann ech op e puer Punkten net agoen.

Mä ech kann Iech nach eent soen, wat mer gär onbedéngt hätten, dat sinn déi Erklärungen zum CIGL, wat alles geschafft ginn ass. Net eng Aarbecht, mä wat fir Aarbechten do am Gesamte gemaach gi sinn, wéi déi ofgewéckelt gi sinn, wéi se bezuelt gi sinn an esou weider.

Dann zum Naturschutz. Do sinn déi Autorisatioun nach ëmmer op, wat do ewechgeholl ginn ass. Do hätte mer och gär kloer Dokumenter, firwat d'Beem ewechgeholl gi sinn, ob d'Autorisatiounen do sinn, wat do lass ass. Dat ass fir eis nach eng Donkelzon. Well mer do absolutt näischt hunn. Wéi gesot, do felt d'Autorisatioun.

An dann – an dat fanne mer e staarkt Stéck – déi Travaux d'infrastructures, wou Der schwätzt, vum Wee zu deem Haus op Nummer 15A. Also ech kann Iech soen, a menger Aktivitéit als Schäffen, huet jiddwereen, deen e Wee zu engem Haus gemaach huet, e Proprietär, e Promoteur an esou weider, d'Infrastrukturkäsche bezuelt am Kader vum PAP. Alleguer.

An ech géif gär wëssen, mir als LSAP géife gär wëssen: Wou ass dat Reglement? Wou ass deen Uerder, dass Dir do hutt mussen e Wee maachen? Dass

borateurs du CIGL en train de peindre. Gary Diderich espère que ce n'est pas comme cela qu'on leur apprend à enlever des meubles.

Il rappelle par ailleurs que la Ville de Differdange a dessiné des plans pour une maison privée.

Il ne sert à rien de retarder les réponses. Le collègue échevinal cite le règlement, mais ce règlement est mal formulé. N'importe quel linguiste ou juriste pourrait le confirmer. Car à quoi bon donner un délai s'il n'a pas besoin d'être respecté?

TOM ULVELING (CSV) signale à M. Diderich qu'il reste quatre minutes et qu'il doit abréger s'il souhaite que M. Muller prenne la parole.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) exige la plus grande transparence dans cette affaire. Il veut une réponse à toutes les questions. À ce jour, il n'a pas vu la moindre pièce. Il s'est informé auprès du service technique, qui lui a dit qu'en 1965, une autorisation a été accordée pour une salle d'entraînement et en 1978 pour un garage. Or M. Liesch vient de dire autre chose. Soit le conseil communal ne peut pas faire confiance à l'administration, soit il ne peut pas faire confiance au collègue échevinal.

TOM ULVELING (CSV) cède la parole à M. Muller, qui n'a plus que trois minutes.

ERNY MULLER (LSAP) exige à son tour la plus grande transparence. Mais les socialistes ne veulent pas émettre de jugement tant sur le plan administratif que judiciaire. Erny Muller savait qu'une plainte administrative avait été déposée à l'Administration de la nature et des forêts. Mais aujourd'hui, des faits accablants ont été reportés. Erny Muller en est atterré. Il s'attend désormais à des preuves et à des explications. Il veut surtout des explications concernant le CIGL. Quels travaux ont-ils été effectués et comment ont-ils été payés?

10. Interpellation Gréideberg

Pour ce qui est de la protection de la nature, le LSAP veut savoir pourquoi des arbres ont été coupés et s'il existe des autorisations. En ce qui concerne les travaux d'infrastructure dans la rue de Pé-tange, c'est au propriétaire de la maison ou au promoteur de régler les frais. Où se trouve l'ordre de refaire cette route? La commune a-t-elle financé les frais? Même si ce n'est pas facile, les socialistes conservent leur position. Ils ne demandent pas la tête du bourgmestre, mais veulent des explications complètes.

TOM ULVELING (CSV) constate que les accusations contre le bourgmestre sont graves. Celui-ci doit pouvoir s'expliquer. Ensuite, il faudra prendre une décision.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) risque d'oublier des détails, mais le conseil communal ne manquera pas de les lui rappeler.

Des accusations ont été lancées. Il va fournir des explications et espère que le conseil communal comprendra.

Il est devenu propriétaire de la maison début 2019. Avant, il n'était pas propriétaire, ce qui explique certaines choses.

Il existe des permis de construire pour le garage et la maison. Ils datent de 1961 et 1978. Ils sont accompagnés de plans de la maison dans sa situation actuelle.

La maison ne se trouve pas dans une zone verte, mais dans une zone de jardin. Une autorisation pour remplacer les portes et les fenêtres n'est donc pas nécessaire. Les conseillers communaux le savent pertinemment. Et s'ils ne le savent pas, ils commettent la même erreur que lui. Car il ne savait pas que la maisonnette de jardin se trouvait dans une zone Natura 2000. M. Diderich, M. Meisch et M. Muller l'accusent de ne pas connaître le PAG, mais ils ne sont pas capables de lire un plan et de voir que la maison se trouve dans une zone de jardin et non dans une zone verte. Roberto Traversini a demandé aux services communaux s'il lui fallait une autorisation et on lui a répondu que non.

do hu müssen d'Infrastrukturen an de Buedem geluecht ginn? A virun allem, ob d'Allgemengheet, dat heescht d'Gemeng Déifferdeng, all déi Käschte gedroen huet? Dat hätte mer gär onbedéngt, dass mer eis e Bild maache kënnen.

Also bis elo bleiwe mer – mir hunn et zwar schwéier – bei eiser Positioun elo emol am Ufank, wou mer soen, mir fuerderen de Kapp net vum Buergermeeschter. Mir fuerdere komplett Opklärung. Mä ech fannen, et gëtt eis och ëmmer méi schwéier. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Dir dräi Hären. Dat si schwéier Accusatiounen, déi hei géint de Buergermeeschter lancéiert si ginn. An ech mengen, mir missten dem Buergermeeschter awer elo d'Chance ginn, sech ze erklären oder Erklärungen ofzeginn iwwert dat eent oder dat anert, wéi hien dat gesäit. An da musse mer kucken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech vergiesse bestëmmt Saachen. An Dir wäert mech da sécher drun erënneren, wann ech eppes vergiesse sollt.

Dir hutt ganz vill Saachen opgezielt, ganz vill Uschëllegungen. Ech wäert versichen, mech ze erklären. An ech hoffen, dass Der et duerno verstitt. An ech hoffen dann och, dass déi Fuerderung, déi Der elo hutt, net méi aktuell ass.

Ech soe ganz kloer, dass ech Proprietär vun deem Haus gi sinn ufanks 2019. Virdu war ech absolutt net Proprietär vun deem Haus. An dat kënnt herno bei villen Erklärungen erëm zrëck. Vum Haus an der Garage leie Baugeneemegung vir. Dir kënnt se selbstverständlech kucken. Déi eng ass 1961 ausgeschriwwen ginn. An déi aner ass 1978 ausgeschriwwen ginn, mat de Pläng vum Haus, wéi et am Moment ausgesäit. Dat ass emol kloer.

An Dir wësst ganz genau, dass dat Haus net an enger Gréngzon läit, mä an en-

ger Gaardenzon. A wann en Haus an enger Gaardenzon ass, schreift eist Reglement vir, dass wann ee Fënsteren ersetzt oder wann ee bannendra schafft, ee keng Autorisatioun brauch. Dat wësst Der ganz genau, dass dat esou ass. Well wann Der et net wësst, da gehäit Dir mir vir, ech géif mäi PAG net kennen, ech géif meng Pläng net kennen, an Dir maacht genau datselwecht.

Dat heescht, Dir verwiesselt hei Saachen. Dat heescht, Dir hutt Iech hei verwiesselt, wéi ech mech och do verwieselt hunn. Ech woussst wierklech net, dass dat Gaardenhaischen an enger Natura2000-Zon wier.

Sou wéi Der mech accuséiert, dass ech mäi PAG net géif kennen, dass ech net wësst, dass een do eng Autorisatioun bräicht, Här Diderich, Här Meisch, Här Muller, maacht Dir genau datselwecht. Dir sidd dann och net amstand, e Pläng ze kucken, dass et eng Gaardenzon ass a keng Gréngzon.

Dowéinst brauch ech keng Autorisatioun. Ech hat dat och an eise Servicer nogefrot, dass ech keng bräicht. An et ass och esou confirméiert ginn an an der Partie écrite vun eisem Bautereglement, do steet dat och.

D'Gaardenhaischen, do hutt Der ganz recht. Ech hunn do e Feeler gemaach. Ech hätt net dierften do ufanken ze schaffen, ier ech eng Autorisatioun vum Ëmweltministère hat. Mä deeselwechten Dag, wéi ech gewuer gi si vun zwee Fierschteren, well et waren zwee Fierschteren op der Plaz, hunn ech direkt opgehale mat allem. An et ass dann och eng Autorisatioun, den 9. Juli ugefrot ginn. An ech hunn déi Autorisatioun den 12. kritt.

ENG STÉMM:

August.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

12. August wëll ech soen. Ech hunn a kengem Moment – dat si jo Ënnerstellungen, déi Dir mam Här Miltgen maacht – mat der Ëmweltministesch

10. Interpellation Gréideberg

geschwat, fir do Virdeeler ze kréien. Datt dat och emol hei gesot ginn ass.

Ech hunn do e Feeler gemaach. Et deet mer schrecklech Leed. Ech wouss wierklech net, datt ee fir e Gaardenhaischen, wou s de am Fong geholl wëlls en hélzene Bardage ronderëm maachen, dat misst maachen.

An ech weess net, wéi Der dat genannt hutt, e Chalet. Ech hunn d'Press haut op d'Plaz invitéiert. D'Press wäert op d'Plaz kucke kommen, wat Der Chalet nennt. Da gesi se op der Plaz, ëm wat et hei geet: en Haische vun 3,80 op 4 Meter. En Haischen, wou wahrscheinlech säit 30 oder 40 Joren do steet. En Haischen, wou een, zwee Meter – an dat ass keng Excuse, well wann Der d'Pläng genau gekuckt hätt, dann ass dat Haischen op een, zwee Meter an enger Natura2000-Zon. An d'Beem, wann een dat géif genau opmoosse kommen, et geet genau dolaanscht, do ass et op Hol a Mol.

Dir schwätzt vun de Beem. Ech hu vum Fierschter hei schwaarz op wäiss, datt ech déi Beem däerf ewechhuelen. Ech war mam Fierschter op der Plaz. De 15. November 2018 war ech op der Plaz, wou gesot gi war, do bestéing eng Gefor. Ech war mam Fierschter dohinner, hien hat se gekuckt an hie beschäinegt hei, datt déi Beem krank waren. Datt déi Beem hu mussen ewechgeholl ginn. Datt déi Beem hannendrun, um Gemengenterrain, déiselwecht Krankheit hunn an och mussen dese Wanter oder nächste Wanter ewechgeholl ginn. Dat steet hei schwaarz op wäiss.

D'Stroossenaarbechten, mengen ech, hutt Der d'Äntwerte kritt. Ech hunn awer kee Problem, datt den Här Ulveling an den Här Liesch Iech dat nach eng Kéier erklären. Et si keng Uschlëss op Privatterrain gemaach ginn. Den Här Quaino hat eng Fosse septique. An déi war op der Limitt vum Privatterrain a vum Gemengenterrain. An déi ass do ugeschloss ginn.

Ech wëll och soen, an deem Moment, wou all déi Aarbechten do gemaach gi sinn, war ech net Proprietär. Ech hat och do d'Tutelle net, well d'Tutelle ass méi spéit geschwat ginn.

Dir gehäit mir vir, datt déi Strooss wahrscheinlech gemaach ginn ass, well

ech den Här Quaino kannst hunn. Jo, ech hunn deen Här kannst. Ech si se och all Dag erop- an erofgaangen. Ech kann Iech soen, wéi den Zoustand vun där Strooss war. Ech kann Iech och soen, datt d'Poubellesween net méi eropgefuer sinn. Just fir ze soen, wéi den Zoustand vun där Strooss war. Mä den Här Ulveling kann dat jo nach eng Kéier erklären.

Eng ganz schlëmm Accusatioun, dat ass dat vum CIGL. Ech sinn do schrecklech betraff. Mäi Verwaltungsrot wäert sech den Owend nach eng Kéier treffen. Si wollten e bèsse méi spéit, mä Dir hutt do véier, fénnef Froe gestallt un de Verwaltungsrot, an déi wäert de Verwaltungsrot och beäntwerten.

Ech hunn awer dem Verwaltungsrot viru Woche schonn Erklärunge ginn, wat mam CIGL war. Selbstverständlech, wéi Der gesot hutt, déi sämtlech Miwwelen. An dat erklärt vläicht, firwat d'Leit ... Well Dir hutt et jo fäerdegbruecht, datt Leit d'Nummereschëlter opgeschriwwen hunn. Dir hutt et jo fäerdegbruecht, datt Fotoe gemaach gi sinn. Dir hutt et fäerdegbruecht, owes um hallwer zéng an den Hecken ze setzen, fir ze kucken, wat ech do géif maachen.

Dat muss ee sech virstellen, um hallwer zéng owes, datt ee Gemengeconseiller hannert der Heck sëtzt! An deen Här, deen hannen am Sall sëtzt, Fotoe gemaach huet, Nummern opgeschriwwen. Deen undauernden Drock, wou ech erop- an erofgaange sinn, dat kënnt Der Iech net virstellen. Mä dat hutt Dir fäerdegbruecht. Owes um hallwer zéng.

De CIGL huet do Miwwelen erausgeholl. Déi sinn all nummeréiert. All Pièce, déi erausgeholl ginn ass, ass um Belval verkaf ginn. D'Croix-Rouge war während Stonnen do, déi ganz Elektronik si si siche komm. Ech hunn alles verschenkt. Well dat dem Roger säi Wëlle war. Dofir war ganz vill lass.

Dir schwätzt do vun Aarbechten, déi gemaach gi sinn. Jo, et sinn Aarbechten do gemaach ginn. Déi meescht Aarbechten – net all, an do kommen ech herno drop zrëck – si gemaach ginn an déi sinn och facturéiert ginn. Dee Grillage, vun deem Der schwätzt, deen ass vläicht net ugefrot ginn, dat hätt

Cela figure aussi dans la partie écrite du règlement des bâtisses.

Roberto Traversini admet avoir commis une erreur quant à la maisonnette de jardin. Il n'aurait pas dû lancer des travaux sans autorisation du ministère de l'Environnement. Lorsque deux gardes forestiers ont attiré son attention sur le problème le 9 juillet, il a stoppé les travaux et a obtenu une autorisation le 12 aout.

(Interruption)

Roberto Traversini ajoute qu'il n'a jamais parlé avec la ministre pour obtenir des avantages. Il ne savait pas qu'il lui fallait une autorisation pour la maisonnette de jardin. Il en est désolé. Roberto Traversini a convié la presse sur place aujourd'hui. Il s'agit d'une maisonnette de 3 m 80 sur 4 m existant depuis 40 ans. Deux mètres se trouvent dans une zone Natura 2000.

En ce qui concerne les arbres, Roberto Traversini dispose d'une autorisation du garde forestier. Celui-ci s'est rendu sur place le 15 novembre 2018 et a constaté que ces arbres étaient malades et représentaient un danger.

M. Ulveling et M. Liesch ont fourni les explications nécessaires concernant les travaux d'infrastructure. Ils n'ont pas été réalisés sur un terrain privé. La fosse septique de M. Quaino se trouvait à la limite. En outre, Roberto Traversini n'était pas propriétaire lorsque ces travaux ont été exécutés. Certes, il connaissait M. Quaino. Mais justement, il savait dans quel état désastreux la route se trouvait. Les bennes à ordures ne pouvaient plus y circuler.

Roberto Traversini est profondément touché par les accusations portant sur le CIGL. Le conseil d'administration se réunira ce soir et y répondra. Le bourgmestre lui a déjà fourni les explications. M. Diderich a réussi à convaincre les gens de noter les plaques d'immatriculation des voitures et à faire des photos. Il s'est même caché dans les haies à 21 h 30. Il a réussi à mettre Roberto Traversini sous une pression insoutenable.

Le CIGL a enlevé les meubles, qui ont d'ailleurs tous été numé-

10. Interpellation Gréideberg

rotés et mis en vente à Belval. La Croix-Rouge est également venue sur place. Roger Quaino souhaitait faire cadeau de tout ce qui se trouvait dans la maison.

Il est vrai que des travaux ont été effectués, mais la plupart ont été facturés. Pour le grillage, il aurait effectivement fallu une autorisation, mais il a été installé alors que M. Quaino était encore en vie. Roberto Traversini dispose de la facture.

Le CIGL a tenu des formations sur place sur demande du coordinateur technique. Tout ce qui a été aménagé a ensuite été retiré à l'exception de vingt planches sur la maisonnette de jardin qui ne peut plus être modifiée à cause de l'enquête. Quand l'enquête sera achevée, le CIGL récupèrera les planches.

En fait, la seule erreur que Roberto Traversini a commise concerne la balustrade, qui a été installée et peinte.

(Interruption de M. Diderich)

Le CIGL a travaillé pendant quatre heures. Ce n'était peut-être pas une bonne idée, mais Roberto Traversini ne cesse d'apprendre. M. Diderich a dit qu'il ne s'agit pas d'attaques personnelles. Pourtant, d'autres propriétés sont dans la même situation et M. Diderich n'a pas réagi. Pour Roberto Traversini, la maison en question n'aurait pas dû être intégrée dans le périmètre de construction. Ce n'est pas lui qui en a fait la demande. Si le périmètre de construction doit être retracé, M. Diderich sera surpris de ce que propose le bourgmestre. Mais en tout cas, ce n'est pas lui qui a demandé à insérer la maison dans le périmètre.

M. Diderich a dit que le bourgmestre avait « dégoté » la maison. En réalité, il a longtemps réfléchi avant d'accepter l'héritage à cause des taxes. M. Diderich ferait bien d'arrêter de dire des choses qui ne sont pas vraies.

Roberto Traversini a fait dessiner des plans par un stagiaire après en avoir parlé avec le responsable. Entretemps, il se rend compte que ce n'était pas une bonne idée. Mais il rappelle que certains conseillers communaux

ech missen, dee Grillage ass gemaach ginn, wou den Här Quaino nach gelieft huet. Dee Grillage ass bezuelt ginn. An deem Här hat 92 Joer. Dat heescht, dee louch dran. Déi Rechnunge leie vir, datt dee bezuelt ginn ass. Dat ass esou.

Dir schwätzt vu Formatioun. Jo, de CIGL huet op der Plaz Formatiounen ofgehalen. Haauptsächlech alles, wat Holz ass. Do hat de Coordinateur technique mech gefrot – et war vläicht net déi gescheitsten Iddi –, ob se do dierfen eng Formatioun maachen. Déi Formatiounsstonne si vum CIGL opgeschriwwen ginn. An alles, wat do gemaach ginn ass, ass erëm ewechgeholl ginn. Ausser déi zwanzeg Brieder, wou elo nach op deem Gaardenhaischen hänken. Déi sinn net ewechgeholl ginn, well ech am Moment net dierf. Well am Moment eng Enquête leeft. Dat do gëtt net ugepaakt.

Selbstverständlech, soubal ee mer ka soen, wat domadder ass, da kommen déi Brieder erëm ewech. An da gi se un déi Leit, déi d'Formatioun do gemaach hunn.

Dir hutt vum Gelänner geschwat. Jo, dat Gelänner ass ugeschweest ginn. Et ass ugeschrauft ginn an et ass ugestrach ginn. Dat Gelänner ass um Haus. Dat ass am Fong geholl deem eenzege Feeler, deem ech hei gemaach hunn. Ech hunn do gefrot: „Kënnst Der dat, ...“

(Interruption)

Wat gelift?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Näischt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass effektiv esou, datt véier Stonnen un deem Gelänner geschafft ginn ass.

Et war vläicht net dat Gescheitst. Mä ech muss Iech soen, datt ech bei där ganzer Saach hei ganz, ganz vill bäilieren. Ech léieren d'Leit kennen, déi sech op eemol alles trauen. Här Diderich, Dir sot, et geet net em mech. Ech kann Iech eng Lëscht hei opzielen, vun deem, wat Der hei gemaach hutt, wou Der bei

anere Proprietéiten, wat ganz genau deselwechte Fall ass, net gemaach hutt. Ech kann Iech der e ganze Koup opzielen.

Här Diderich, wann et no mir gaange wier, mir ganz eleng am Schäfferot, da wier dat Haus ni an de Bauperimeter komm. Dat war keng Ufro vu mir. Ech soen Iech dat. An ech hoffen, jo, wann de Bauperimeter elo frësch geschriwwen gëtt, da wiert Der vläicht iwwerrascht sinn, wat ech do wäert virschloen. Mä et ass net u mir, dat virzeschloen. Et ass keng Ufro vum Traversini Roberto, fir dat Haus an de Bauperimeter ze huelen. Do si ganz aner Leit, déi dru geschafft hunn.

A wann Der och mengt, ech hätt dat „ergattert“ – dat hutt Der jo gesot –, ech hat laang iwwerluecht, ob ech dat Haus sollt unhuelen. Well ech schrecklech vill Ierfschaftssteieren hu musse bezuelen. Ech hunn dat net geschenkt kritt. Dat ware ganz héich Montanten, déi ech bezuelt hunn. An dofir hat ech mer et iwwerluecht. Haalt, w.e.gl., op, hei Saachen ze zielen, déi net stëmmen.

An, richtig, do si Pläng gezechent ginn. Et ass e Léierbouf hei am Haus, deem huet déi Pläng do gezechent. Ass dat richtig oder falsch? Dir sot dat eent. Ech hat mam Responsabele geschwat fir d'Opmoossung. War dat richtig oder net? Am Nachhinein kann ech soen, datt et vläicht net gutt war.

Ech kennen och aner Leit hei ronderëm den Dësch – a kommt, mir kucken eis an d'Aen –, déi heiansdo, wann een op eemol an enger komescher Situatioun ass, den Telefon schnell geholl hunn an der Gemeng ugeruff hunn: „Hei, ech hu Waasser am Keller“. Et ass heiansdo ... Vläch ass et net richtig, mä, w.e.gl., verstitt awer och, datt ech net bewosst hei wollt vu Situatioune profitieren.

Ech hunn hei Feeler gemaach. Dozou stinn ech. An ech wäert och d'Konsequenzen dovunner droen. Ech sinn am Verwaltungsrot vum CIGL, wou ech den Owend natierlech net wäert dobäi sinn. Ech sinn och nach op anere Plaze responsabel. Ech hu Responsabilitéit am Jugendberäich. Ech hu Responsabilitéit am Senioreberäich. Ech hu Responsabilitéit a ganz ville Syndikater.

10. Interpellation Gréideberg

Dat hei ass op alle Fall e ganz gudde Beweis, datt ech net nach méi ka be-laascht ginn. An ech wäert och an deenen nächste Méint kucken, meng Konsequenzen do ze zéien, well et einfach net méiglech ass, et ass onméiglech, alles ëmmer ze kontrolléieren. Fir mech ass et op alle Fall eng gutt Léier.

Wat elo geschitt, Här Meisch, Dir hutt de Parquet ageschalt, ech hunn absolutt kee Problem domat. Dee mécht seng Aarbecht. Datselwecht ass jo gemaach gi mat der Ëmweltverwaltung. Ech sinn op Dikrech geruff ginn, ech si gehéiert ginn. An do leeft elo eng Enquête bei der Ëmweltverwaltung.

Wat herno domadder gemaach gëtt, weess ech net. Deen Dossier wäert herno dem Substitut virgewise ginn. An de Substitut wäert dann decidéieren, ob et op de Parquet geet oder net.

Mä eent kënnst Der mer gleewen, et ass op alle Fall net, datt ech gemengt hätt, well ech Buergermeeschter wier, datt ech Saache wéilt ervirhuelen. Mä ech verstinn awer och, datt een dat esou ka gesinn. A gleeft mer, ech hunn absolutt kee Problem, wann ee seng Aarbecht als Conseiller richteg a gutt mécht. Ech hu just e Problem mat där Hetz, déi gemaach ginn ass ëm meng Persoun. Ech muss Iech soen, dat ass net agreabel. Ech kann Iech Beweiser, Biller weisen, wou Der dat net gemaach hutt.

Dat ass emol déi éischt Erklärung.

An da mengen ech, datt den Här Liesch an den Här Ulveling och nach vläicht wëllen eppes soen. An dann, wéi ech d'Saach richteg verstanen hunn, da wäerten d'Parteien nach eemol d'Wuert kréien, Här Ulveling?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Liesch, wann Der nach eppes wëllt soen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, vläicht kuerz. Ech hat mer e ganze Koup Saache preparéiert. Mä sou wéi d'Diskussioun de Moment verleeft, mengen ech, loossen ech dat emol nach op der Säit.

Ech wëll just e puer Saache soen. Ech hunn elo ganz gutt nogelauschert, wat hei am Sall gesot ginn ass. An et ass mer och elo erëm opgefall, dass hei am Sall awer vill Leit verméschen: Bauperimeter, Zone verte, Natura2000, Réserve naturelle Prënzebiërg. Här Meisch, Dir hutt dat gesot. Dir hutt d'Reglement rezitiert. Wann Der et gelies hätt, dann hätt Der gesinn, dass et eng Zone ...

(Interruption)

... dass et eng Zone réserve Prënzebiërg gëtt. An do gëtt et eng Kärzon an eng Zone tampon. An dat heite befénnt sech an der Zone tampon. An do sinn aner Reglementer wéi an der Kärzon. An och do muss een nach eng Kéier erëm en Ënnerscheid maachen. Dat ass Iech wahrscheinlech och entgaangen. Oder et ass Iech net entgaangen. Mä op jidde Fall gëtt et do aner Reglementer.

Et ass also net esou evident, sech duerch all déi Zonen duerchzewullen. Dat wat ech awer nach eng Kéier muss betounen, dat ass, dass dat Haus an déi Garage am aktuelle PAG an enger Kleingartenzon innerhalb vum Bauperimeter sinn. Dat heescht, dat ass net an enger Zone verte. Ech wëll dat wierklech nach eng Kéier betounen. D'Garage an d'Haus sinn net an enger Zone verte, hunn eng gültig Baugeneemung. Et gouf also och net illegal gebaut. A fir all Modifikatiounen um Haus an un der Garage ass d'Gemeng kompetent an net iergendeen Ëmweltministère.

An eist Bautereglement gesäit vir, dass wann ee Fënsteren an Dieren, Renovéierungsarbechte mécht, bannen a baussen, ee keng Autorisatioun brauch. Dat steet schwaarz op wäiss an eisem Règlement.

Dat anert, mam Haischen an der Zone verte, dat hu mer jo diskutéiert, dat huet de Buergermeeschter jo och hei gesot, dass en do e Feeler gemaach huet. An och gesot, dass em dat Leed deet. Dat ass e Feeler, dee geschitt ass.

Et relativéiert een net e Feeler. Mä et kann een awer soen, an dat huet ee jo awer och héieren um Fernseh, wéi e Conseiller/Fonctionnaire vum Ministère geschwat huet, dass dat net all zéng Joer nëmme virkënnst, mä dass et awer

l'ont par exemple appelé parce que leurs caves étaient inondées. Ce n'est pas idéal, mais il ne s'agit pas forcément de profiter d'une situation.

Roberto Traversini a commis des erreurs; il l'admet. Il fait partie du conseil d'administration du CIGL. Il a des responsabilités dans le secteur de la jeunesse et du troisième âge. Il fait partie de syndicats. Cette affaire démontre qu'il ne peut pas tout faire.

Le parquet va faire son travail. Roberto Traversini a déjà dû se rendre à Diekirch dans le cadre de l'enquête de l'Administration de l'environnement. Le substitut décidera si le dossier sera remis au parquet.

Roberto Traversini n'a pas voulu profiter de sa fonction de bourgmestre. Il ne voit pas d'inconvénient à ce que les conseillers communaux fassent leur travail. Mais il regrette l'acharnement auquel il est confronté. Cela n'a rien d'agréable.

Roberto Traversini cède la parole à M. Liesch et à M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) demande à M. Liesch s'il a quelque chose à ajouter.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) voulait dire plusieurs choses, mais compte tenu de la tournure qu'a prise la discussion, il va s'abstenir.

Mais il constate que plusieurs conseillers communaux mélangent périmètre de construction, zone verte, zone Natura 2000, réserve naturelle Prënzebiërg...

M. Meisch a par exemple cité le règlement...

(Interruption)

Georges Liesch explique qu'il existe une zone réserve naturelle et une zone tampon. Or le terrain se trouve dans la zone tampon. Les règlements en vigueur ne sont pas les mêmes. La maison et le garage se trouvent dans une zone de jardin à l'intérieur du périmètre de construction, et pas dans une zone verte. Ils n'ont pas non plus été construits illégalement. Les travaux de transformation sont de la compétence de la commune. Par conséquent, une

10. Interpellation Gréideberg

autorisation pour remplacer les portes et fenêtres n'est pas nécessaire.

Pour ce qui est de la maisonnette de jardin, le bourgmestre a avoué avoir fait une erreur. Georges Liesch ne veut pas la minimiser, mais le ministère a expliqué que cela arrive fréquemment. À Differdange, il arrive d'ailleurs souvent que des habitants commencent des travaux sans savoir qu'il leur faut un permis. Lorsque cela arrive, la commune n'en fait pas tout un fromage. Elle accorde le permis rétroactivement.

Mais on peut effectivement prétendre qu'un bourgmestre doit tout savoir.

TOM ULVELING (CSV) revient sur les travaux d'infrastructures. Le raccordement a été réalisé jusqu'à la fosse septique se trouvant en bordure de terrain. Pour les mesures exactes, il faudrait un géomètre. En tout cas, on a expliqué à Tom Ulveling qu'il s'agit tout au plus de quelques centimètres. Tom Ulveling cède la parole aux partis.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) va prendre position au nom des écologistes. De nouvelles accusations ont été lancées aujourd'hui. Frenz Schwachtgen n'a pas visité le terrain. Il n'a pas pour habitude de regarder ce que font ses voisins dans leurs propriétés.

Le bourgmestre a fourni des explications et il a admis des erreurs. Frenz Schwachtgen va commenter les faits sans tenir compte du discours qu'il avait préparé.

Les écologistes regrettent ce qui vient de se passer. Un particulier a commis une erreur sur son terrain. Le bourgmestre a reconnu l'erreur qu'il a commise dans sa vie privée. Frenz Schwachtgen croit qu'il dit la vérité et qu'il n'a pas agi exprès. Il le connaît bien personnellement.

Il ne sait pas si M. Traversini aurait dû prendre position en public après que M. Meisch a lancé une procédure judiciaire. Il a l'impression de se trouver à l'ouverture d'un procès. Il ne veut rien

relativ oft virkënt, dass d'Leit dat einfach maachen. Ech kann Iech op jidde Fall bestätegen, och hei an der Gemeng fänke Leit heiansdo un eppes ze maachen ouni ze wëssen, dass dat autorisationspflichteg wär.

A wa mer se drop hiweisen, da maache mer kee risegt Faass domadder op, mä da weise mer drop hin. Si maachen hir Demande. A wann et autoriséierungsfäeg ass, kréie se dat. Natierlech kann ee soen, de Buergermeeschter misst alles wëssen. Dat ass natierlech awer e bësse schwierieg, fir dat anzehalen.

Voilà. Dat war emol mäi Statement.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da géif ech just dem Här Diderich äntwerten op déi Fro, wéi wäit dee Rouer geluecht ginn ass. Mengen Informatiounen no, wat ech gesot kritt hunn, ass e geluecht gi bis bei déi Zetär, oder wéi nennt een dat, déi ...?

ENG STËMM:

Fosse septique.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Bis bei déi Fosse septique. An déi Fosse septique louch wierklech au bord vum Terrain zur Strooss. Dat misst een dann elo vun engem Geometer opmoosse loossen oder d'Pläng kucken. Mir ass net bekannt, dass dat wäit an den Terrain era gewiescht wär. Et kënnen héchstens e puer Zentimeter sinn. Souwéi ech dat erkläert kritt hunn.

De Buergermeeschter huet sech erkläert. Elo géife mer dann de Parteien d'Chance ginn, hiert ze soen. Wie fänkt un?

(Interruptioun)

Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, léiwe Publikum, léif Press, ech si frou am Numm vun deene Gréngen elo déi aktuell Stëmmungslag

ze erklären. Och déi, déi scho virun e puer Deeg do war. Ech hunn elo nei Accusatiounen héieren. Ech muss soen, ech selwer war nach net op deem Terrain. Ech ginn net bei meng Noperen an der Woiwerstrooss iwwert den Drot kucken. A wann ech do eppes Schlëmme géif gesinn, géif ech eng Plainte maachen, an d'Justiz oder egal wat fir eng Instanz géif sech dermat befaassen.

Mir hunn Explikatioune vum Buergermeeschter op dee Koup, vläicht och nei Saache fir eis, an och Feeler, Ageständnisser vum Buergermeeschter hei héieren. Ech erlabe mer, elo emol ganz schnell aus dem Stegreif, ofgesi vu mengem Text, deen ech mer natierlech virbereet hunn als Spriecher vun deene Gréngen, folgend Konklusiounen ze zéien:

Mir bedauern als Gréng natierlech, dass et zu där Situatioun komm ass. Och dass et zu Feeler komm ass vun enger Privatpersoun op sengem Privatterrain. Dat wëll ech emol och betounen. De Buergermeeschter huet Feeler zouginn. En huet sech am Fong selbst angezeigt, wéi een am Däitsche seet. Déi Feeler sinn a sengem Privatliewen an a sengem Privatberäich virkomm. Ech gleewe sengen Aussoen. Ech gleewen awer och, dass déi Verfeelungen net absichtlech geschitt sinn. Sou denken ech, en och perséinlech gutt ze kennen.

Ob hien dat elo hätt misse maachen, virun enger versammelter Éffentlechkeet zu deene Froen do scho Stellung ze huelen. Zemoos nodeem den Här Meisch gesot huet, dat do ass an der Justiz gelant, beim Parquet, denken ech, dass ech de Moment schonn an eng Ouverture de procès eraschwätzen. Also ech wäert mech elo hidden, iergendwellech Aussoen ze maachen, wou ech herno selwer géif virun de Riichter geruff ginn a gesot kréien: „Du hues do e Saz gesot, dee muss de awer elo nach onbedéngt mat A plus B motivéieren“.

Also mir sinn an engem schwebenden Verfahren, sou wéi ech dat verstanen hunn. Wat ech net wousst bis elo. An ech mengen, do huet en éffentleche Gemengerot besser, sech emol erauszehalen.

Ech soen elo emol einfach, de Buergermeeschter hat de Courage, awer derzou sech och hei ze ouden a verschiddene

10. Interpellation Gréideberg

Punkten. A jiddwereen heibannen an och dobausse ka sech jo e Bild vun der Envergure maachen – hei dergéint, hei derfir –, vun deem Politskandal, grouss oder kleng, entre guillemets, schrecklech Envergure oder net.

Dat zitt natierlech juristesch déi Konsequenze mat sech, hu mer jo héieren, déi et verdéngt. An déi och all Bierger verdéngt, och wann en op sengem Privatterrain géint e Gesetz verstéisst.

Et stellt sech d’Fro: Ass hei elo déi richtig Plaz, fir doriwwer ze debattéieren?

ENG STËMM:

Nee.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Si mir e Geriicht?

ENG STËMM:

Nee.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Si mir Affekoten? Si mir Riichter an enger Persoun? Ech mengen net. Mir mengen net. Mir sinn hei dann an engem Feelverhalen am Kader vun Droit commun. An dat geet effektiv d’Justiz eppes un.

Esou oder esou, gewollt oder net gewollt vun den Antragsteller, hu si bestëmmt hire Rôle erfëllt, dass se op Saachen hiweisen. Déi ganz Machinatiounen, déi een dorëmmer héieren huet, stëmme mech awer bedenklech, dass et sech net ëm de Ball gehandelt huet, mä och vill ëm de Mann.

Dem Buergermeeschter säin Image huet souwisou elo schonn e puer Krazer kritt, dat läit op der Hand. Ech denken och, seng Wieler an net seng Géigner – och e Buergermeeschter huet net honnert Prozent vun den Adherenten hei zu Déifferdeng hannert sech, vun de Bierger. Dat wäert sech jo dann an den nächste Wahlen oder bei nächster Geleeënheet weisen, wann déi juristesch Fro dann emol eng Kéier gekläert ass.

Ech ka ganz gutt d’Argumentatioun vun der Oppositionspartei LSAP verstoen. Opklärung, déi kréie mer awer iwwert d’Justiz elo geliiwert. Do brauche mir net nach virun dorëmmer observéieren ze goe mat der Spektiv oder mam bloussen A.

Déi Lénk mat der DP, oder d’DP mat deene Lénken, schwätzen awer schonn – den Här Meisch huet dat elo kloer gesot, den Här Diderich huet et net méi ausgesprach – elo eisem Buergermeeschter d’Mësstrauen aus. Dat heescht, si jugéiere schonn, ier d’Justiz d’Äntwert ginn huet. Mir waarden, natierlech, op d’Justiz. A firwat och nach weider Froe stellen? Gitt déi, w.e.gl., weider un de Parquet. De Parquet wäert sech dann domadder befaassen, huelen ech un.

D’selwecht wéi et mam Ëmweltministère ass oder mat der Ëmweltverwaltung, déi, wéi mer héieren hunn, am Gaang ass, eng Enquête ze maachen.

Ech mengen, de Mësstrauensvott, wann en dann elo gefuerdert gëtt, beweist just, dass vläicht och ni Vertrauen an de Buergermeeschter do war. Mä dat gesi mer jo dann.

Dofir nach eng Kéier: Fir mech et ass et net um Gemengerot, fir iwwer eng Veruerteelung mat Sanktiounen ze debattéieren. Dat gesäit fir mech dann e bëssen no Schauprozess aus. Ëffentleche Schauprozess. A mir hunn an eiser Demokratie awer Gremien, administrativer a juristescher, déi dat kënne maachen.

Ech wëll just drun erënneren – wat mir sauer eropstéisst –, et sinn am Virfeld vun de leschten Diskussiounen, och vun deene Lénken, Wieder hei gebraucht ginn, déi och am Vollek dorëmmer verbreet waren, nodeem de Buergermeeschter als Privatpersoun eng Ierfschaft gemaach huet. Well en iwwer säi privat Engagement enger Persoun gehollef huet, déi sech dofir als dankbar erweisen huet. Wat awer bei verschidde Bierger ganz schlecht ukënnt, well do e schrecklechen Näid op eemol entsteet. An ech hunn esou Beispiller méi wéi eng Kéier.

A wann hei e Conseiller, leider, vun „ergattert“ schwätzt a senger Haaptried am Ufank, wéi dee Prozess hei lass-

dire qui pourrait inciter un juge à le convoquer.

Il ne savait pas qu’une procédure était en cours. Le conseil communal ferait bien de ne pas s’en mêler.

Le bourgmestre a eu le courage de s’exprimer. Le public peut se faire une opinion de l’ampleur du scandale.

L’affaire connaîtra les conséquences juridiques qu’elle mérite et auxquelles seraient confrontés tous les particuliers ne respectant pas la loi sur leurs terrains.

Désormais, la question est de savoir si le conseil communal est le bon endroit pour débattre de l’affaire.

(Interruption)

Le conseil communal est-il un tribunal?

(Interruption)

Frenz Schwachtgen se demande si les conseillers communaux sont des avocats et des juges.

L’opposition a peut-être tenu son rôle, mais Frenz Schwachtgen a l’impression qu’elle en a fait une affaire personnelle. Il rappelle que les hommes politiques sont élus par le peuple. On verra ce que les citoyens pensent de tout cela lors des prochaines élections.

Frenz Schwachtgen comprend que les socialistes demandent de la transparence. Mais désormais, celle-ci sera livrée par la justice.

M. Meisch a demandé une motion de censure à l’égard du bourgmestre. M. Diderich n’en a pas parlé. Ils se comportent en juges alors que l’affaire n’a pas encore été jugée. Les écologistes préfèrent attendre que la justice fasse son travail.

Si le conseil communal a des questions, il n’a qu’à les poser au parquet.

L’Administration de l’environnement a aussi lancé une enquête.

La motion de censure démontre que l’opposition n’a jamais fait confiance au bourgmestre.

Pour Frenz Schwachtgen, le conseil communal n’a pas à débattre d’éventuelles sanctions. Il a l’impression de se trouver dans un procès-spectacle.

Il rappelle que le bourgmestre a hérité d’une maison de la part d’une personne dont il s’est occupé en tant que particulier et qui lui

10. Interpellation Gréideberg

a montré sa reconnaissance. Une partie de la population semble se montrer envieuse. Malheureusement, lorsqu'un conseiller communal utilise le mot « dégoter », ce n'est pas correct. M. Diderich n'a fait que jeter de l'huile sur le feu et fait comprendre aux gens qu'ils ont raison. Il laisse entendre que le bourgmestre a pris possession de la maison de manière injuste ou par le biais d'une escroquerie. Cette accusation continue d'être colportée.

Ensuite, il a été question du PAG. De nombreuses personnes voudraient que leurs terrains soient intégrés dans le périmètre de construction pour y construire un lotissement. De son côté, le collègue échevinal souhaite préserver la nature et maîtriser la croissance de la population. Le PAG doit servir à calmer la situation. Or certains conseillers communaux disent aux gens de veiller à ce que leurs terrains soient intégrés dans le périmètre comme la maison du bourgmestre. Les citoyens ne font pas la différence entre un terrain bâti dont la situation doit être régularisée et un terrain libre. Le PAG régularise toute une série de terrains.

Heureusement, il y a aussi des gens qui sont contents qu'on ne construise pas de lotissement derrière leurs maisons.

Frenz Schwachtgen trouve que demander aux gens de surveiller leurs voisins et de prévenir le conseil communal peut servir dans le cadre d'une enquête. Mais essayer de déstabiliser la coalition et de convaincre les écologistes à abandonner leur bourgmestre démontre que les opposants politiques attaquent l'homme personnellement.

Les écologistes vont attendre que les instances compétentes fassent leur travail. Le bourgmestre a réalisé un travail politique impeccable. S'il a commis des erreurs, il doit être puni par la loi. Un bourgmestre roulant à 200 km/h dans une zone piétonne est jugé, mais il ne perd pas son mandat politique. Il faut attendre la fin de l'enquête.

gaangen ass, Här Diderich, da fannen ech dat net ganz korrekt. Domadder hunn ech deene Leit nach Waasser op d'Mille ginn. An d'Leit hu jo och sech doranner bestätegt gefüllt an deene ganzen Aktiounen, déi duerno komm sinn.

Ergatteren heescht laut Bicher, op onge-rechtfäerdegts Weis eppes a Besëtz huelen. Oder sech eppes ënnert den Nol räissen. Oder sech eppes unzëeegnen am juristesche Sënn. Oder sech ergauneren am iwwerdroene Sënn. Dat heescht, déi Accusatioun stoung emol fir d'éischt do géint de Buergermeeschter. Dat ass eng Accusatioun, déi och nach ëmmer do stoe bliwwen ass. An déi och d'Leit nach ëmmer weider kolportéieren.

Duerno ass de PAG an d'Spill komm. A mer wëssen, dass ronderëm deen Terrain e ganze Koup Leit drop gammsen, fir hir Wisen an d'Bauzon ze kréien, fir e Lotissement nach ze maachen.

Et war awer, sou wéi ech et verstanen hunn, am PAG geduecht, dass mer sollen emol an enger éischer Period eis Natur do erhalen, well mer schnell wuessen. Well mer iwerméisseg wuessen. Well all Mënsch seet: Mir kommen net méi mat de Schoulen no. Mir kommen net méi mat der Verkéierssituatioun no. Nach e Lotissement. All Mënsch beschwéiert sech driwwer.

D'Zil vun dësem PAG sollt jo sinn, laut deenen Erklärungen, déi ech hei kritt hunn am Conseil – ech war net un der PAG-Ausaarbechtung bedeelegt –, fir emol Rou e bësse ronderëm ze kréien.

Par contre, gi mer awer hin a mer soen zu de Leit: Hei, du muss dech do onbedéngt mellen, well dem Buergermeeschter säin Haus ass elo an d'Bauzon komm. Är Wise mussen och onbedéngt drakommen. Dat huet natierlech d'Leit nach méi hongereg gemaach. Déi jo och Aktiounen ënnerholl hunn oder am Gaang sinn ze ënnerhuelen.

Ech mengen, et gött net den Ënnerscheid gemaach tëschent engem Terrain, dee scho bâti ass, dee regulariséiert gött, an engem Terrain, deen nach fräi ass. Deen Ënnerscheid muss ee maachen. A mir hu jo an der Gemeng, wann ee sech d'Méi mécht, am PAG-Entwurf, eng Rei där Terrainen, déi regulariséiert ginn.

Et sinn iwwregens ganz vill Leit frou, dass se keen neit Lotissement hannert hiert Haus kréien.

All déi aner Saachen, dat Ronderëmge-telefonéiers, fir d'Bierger nach mat op de Wee ze kréien, fir ze observéieren an ze mellen an esou virun. Dat ass eng Saach, déi ee mécht oder net mécht. Fir eng Enquête a fir eng Bestandsopnam ass dat vläicht gutt.

Mä Aktiounen, fir de Koalitiounspartner direkt emol mat an d'Matverant-wortung ze huelen, och deene Gréngen hiert gréngt Ëmweltgewëssen opzerüt-telen an onbedéngt vläicht ze erwaarden, dass déi direkt emol hire Buergermeeschter fale loossen, dat sinn esou Saachen, déi därerf ee maachen, wann ee politesche Géigner ass an net de Ball spillt, mä de Mann.

Mir kucken eis deen Dossier weider un. Et ass héich Zäit, dass déi zoustänneg Gremien hir Aarbecht maachen. A bis dohinner seeë mir net de Buergermeeschter of. De Buergermeeschter huet eng impeccabel politesch Aarbecht bis elo gemaach. A wann e Verfeelunge gemaach huet, soll en nom Gesetz bestrooft ginn.

Dat ass, wéi wann Dir mat 200 duerch d'Foussgängerzon fuert, da kritt Der och Äert Mandat net ewechgeholl als Buergermeeschter oder als Conseiller, mä Der gitt stramm veruerteelt. An da musse mer ofwaarden, wat dann duerno aus der Justiz erauskënnt. Dat wäerte mer jo dann nach héieren a wäerte mer dann och kënne jugéieren. Déi eng vläicht op déi Manéier an déi aner op déi aner Manéier.

Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Wie wëllt? D'DP? Jo, den Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech widderhuele just nach e puer Saachen. Et bestinn nach ëmmer keng Autorisatiounen fir verschidden Elementer. Dat gött ëmmer e bëssen ënnert den Teppech gekiert hei, hunn ech d'Impressioun. Fir dat massiivt Ewechhuele

10. Interpellation Gréideberg

vum Buedem. Et brauch ee just d'Fotoen ze kucken. Wat jo och schonn an der Press bestätegt gouf. Fir dat groussflächeg Planéiere vum Terrain an déi krank Beem – dat versti mer jo, dat ass jo alles an der Rei.

Mä d'Raséiere vun den Hecken net. De Gebrauch vu schwéiere Maschinnen an deem Naturreservat an d'Autorisatioun fir d'Clôturen, dat war dann nach vläicht d'Famill vu virdrun, dat kann een och nach verstoen. Mä fir de Rescht ass nach ëmmer keng Autorisatioun do. A mam CIGL ass jo glaskloer, datt deen Aarbechten do gemaach huet. Dat ass jo och zum Deel bestätegt ginn hei. An d'Fotoe soen dat jo och ganz kloer aus.

Ech wäert mäin Haus dann och zur Verfügung ginn, fir Formatioune vum CIGL ze maachen. Da kréien ech et och fir näischt renovéiert.

An, dass d'Wiss an d'Vegetatioun vun hinne geschnidden a gebotzt gött, ouni d'Ausstelle vun enger Rechnung, dat ass och e staarkt Stéck.

An déi Geschicht, dat ass och elo net méi erwäant ginn, dass d'Pläng vum Här Traversini sengem Privathaus och hei op der Gemeng gezechent goufen. Déi sinn och hei gezechent ginn. Dat ass schlëmmsten Abus de Pouvoir. An dat virdrun Abus de biens sociaux. Wann dat deen normale Werdegang ass, da sot de Leit, wou se sech solle mellen, fir d'Pläng vun hirem Haus gratis gemaach ze kréien.

Dat ass dat, wat ech nach bäizefügen hätt. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ween hëlt fir d'CSV Stellung? Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der Déifferdenger CSV wëlle mer natierlech och, datt Transparenz an dësen Dossier kënnt. Mir souwéi de Gemengerot, do ginn ech dem Här Schwachtgen komplett recht, sinn awer weder Police nach Riichter nach Henker an enger Persoun, sollt et haut zu

engem Mësstrauensvott kommen. Et ass net eise Rôle, an dat gött hei vu munche Leit gemaach, virschnell ze uerteelen.

Mer hunn elo héieren, datt d'Enquêten ugelaft sinn. Dat ass och richtig esou. Dat heescht awer net, datt een dofir vu vir era schëlleg ass. Soss bräicht ee jo keng Enquête. Dofir musse mer d'Enquêteuren hir Aarbecht maache loosse, alles préiwe loosse, datt se Fakte schafen.

Et si vill Froen opgeworf ginn. Grav Accusatioune formuléiert ginn. An, jo, déi brauchen natierlech Äntwerten. An do soll een awer och esou fair sinn, fir déi néideg Zäit ze ginn, fir d'Äntwerte kënne ze ginn, Pièce kënne nozesichen, fir se an engem raisonnablen Delai de Gemengeréit virzeleeën.

Mir hoffen a sinn zouversichtlech, datt duerch déi Explikatioune, déi mer bis elo kruten, an d'Piècen, déi dann elo wäerten all no gesicht ginn, dës ganz Affär sech wäert opklären. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Hartung. Ech géif dem Här Ruckert d'Wuert ginn.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech soen näischt Falsches, wann ech behaupten, dass ech an der Vergaangenheet a bis haut ëmmer e konsequente Kritiker war vun dëser Koalitioun an och vun der Politik vum Buergermeeschter, wann et mer geschéngt huet, dass et net géif an déi richtig Richtung goen. Oder net séier genuch an déi richtig Richtung goen. Ech sinn also e politesche Géigner vum Buergermeeschter.

Elo frot der Iech, firwat d'Kommunistesch Partei, als véiert Oppositionspartei, net bei där Pressekonferenz dobäi war, déi déi dräi aner Oppositionsparteie gemaach haten. Ech muss soen, et hat eng éischt Sitzung stattfonnt, wou ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei och bei deenen anere Parteien derbäi war, wou sollt diskutéiert ginn iwwert dat Haus an dee Schapp do.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle qu'il manque toujours des autorisations — par exemple pour le transport de la terre, qui a été confirmé par la presse. Il peut comprendre que des arbres malades aient été coupés, mais pourquoi a-t-on rasé les haies? Il veut bien que la clôture ait été aménagée par l'ancien propriétaire. Mais où sont les autorisations pour le reste des travaux?

Par ailleurs, il ne subsiste aucun doute sur le fait que le CIGL a travaillé sur place. Les photos le prouvent. À l'avenir, François Meisch organisera des formations du CIGL chez lui. Comme ça, il pourra rénover sans payer. Que le CIGL ait en plus tondu le gazon sans que ce soit facturé est tout de même fort. Il s'agit d'abus de biens sociaux.

François Meisch rappelle par ailleurs que les plans de la maison de M. Traversini ont été dessinés par la commune. Il s'agit d'un abus de pouvoir des plus graves. Si cela est considéré comme normal, les gens n'ont qu'à venir à la commune pour faire tracer leurs plans gratuitement.

JERRY HARTUNG (CSV) demande à son tour de la transparence en tant que représentant du CSV. Mais comme l'a dit M. Schwachtgen, les conseillers communaux ne sont ni la police, ni le juge, ni le bourreau. Or certaines personnes condamnent trop rapidement.

Des enquêtes sont en cours. Mais cela n'est pas synonyme de culpabilité. Les enquêteurs doivent faire leur travail et trouver des preuves.

De nombreuses questions ont été posées. Des accusations ont été formulées. Désormais, il faut être équitable et laisser au collègue échevinal le temps nécessaire pour répondre, chercher les pièces manquantes et les présenter au conseil communal dans un délai raisonnable.

Les chrétiens sociaux sont persuadés que les réponses et les pièces permettront d'éclaircir la situation.

10. Interpellation Gréideberg

ALI RUCKERT (KPL) rappelle qu'il a toujours été particulièrement critique avec la coalition actuelle. Il trouve que la politique du bourgmestre ne va pas dans la bonne direction — en tout cas pas assez vite. Il est donc un adversaire politique du bourgmestre.

Pourquoi le parti communiste n'a-t-il pas participé à la conférence de presse des partis d'opposition? Ali Ruckert a assisté à la première réunion de l'opposition pour discuter de la maison et de la baraque. M. Meisch y a sorti un document avec les logos des quatre partis d'opposition demandant le départ de M. Traversini. Il y était question d'actes criminels. C'est pourquoi le parti communiste a refusé de soutenir l'opposition.

Plus tard, lorsque l'opposition a réalisé qu'elle allait trop loin, le texte a été modifié.

Ali Ruckert constate que le bourgmestre est coupable de ne pas avoir su que sa maisonnette de jardin se situait quelques mètres à l'intérieur de la réserve naturelle Pränzeberg. Il est également coupable d'avoir laissé le CIGL travailler pendant quatre heures chez lui.

Mais tout cela ne constitue pas un crime. Même un adversaire politique devrait comprendre que le bourgmestre ne savait peut-être pas qu'une partie de sa parcelle se trouvait dans la réserve naturelle. En plus, il n'est pas rare de devoir demander une autorisation avec effet rétroactif. En général, on l'obtient. En cas d'urgence, le permis est accordé en quelques jours.

Dans la prise de position qu'Ali Ruckert a citée, il n'était pas question du CIGL. Il était uniquement question de se débarrasser du bourgmestre.

En tant que représentant du parti communiste, Ali Ruckert n'est pas l'avocat de la coalition ou du bourgmestre. Mais il a l'impression qu'il s'agit d'une revanche politique. Cette revanche s'explique par le fait que les démocrates ont été assommés lors des dernières élections et qu'ils n'arrivent plus à se relever. Ils ont perdu la plupart de leurs conseillers

Mä ech war ganz erstaunt, wéi ech op déi Sitzung komm sinn. Ganz erstaunt. Well do den Här Meisch dohinner komm ass, e fäerdeggen Text erausgezunn huet, mat de Logoe vun deene véier Parteien drop, wou dropstoung: „Bürgermeister Traversini nicht mehr tragbar“. A wou drastoung: Kriminellt Virgoe vun deem Buergermeeschter do. Dat misst op d'Schäerfst veruerteelt ginn.

Ech hat ofgeleent, esou engem Text zouzestëmmen. Ech hat och duerno den Här Meisch informéiert, dass mer als Kommunistesch Partei net do géife matmaachen. Si hunn dunn nach en aneren Text gemaach, dee se, well se vläicht gesinn hunn, dass se e bëssen ze wäit gaange sinn, e bësse manner schaarf opgesat hunn.

Jo, de Buergermeeschter ass schëlleg. En ass schëlleg, net gewosst ze hunn, dass säi Schapp am Naturreservat Pränzeberg läit, op e puer Meter. En ass schëlleg, dat net gewosst ze hunn. En ass schëlleg, an dat huet en eis selwer gesot, de CIGL während véier Stonne schaffe gelooss ze hunn un deem Gelänner, wat do montéiert ginn ass. Dat ass awer kee kriminellt Virgoen.

An och wann ech säi politesche Géigner sinn, verstinn ech awer, dass e vläicht net wouss, dass en Deel vu senger Parzell an engem Naturreservat läit. Mer hunn hei gesot kritt, dass opgehale ginn ass mat deenen Aarbechten, wéi de Fierschter, oder déi zwee Fierschteren, gesot hunn, et kéint de Fall sinn, dass et am Naturreservat läit.

Et ass keng Exceptioun, dass Aarbechte gemaach ginn an Naturzonen oder Reservater, wou een op eemol feststellt, dass dat net dierft sinn. An dann hält een op an da mécht een eng Demande, dass een déi Autorisatioun kritt. An da kritt ee se oder et kritt ee se net. An deenen allermeeschte Fäll kritt ee se. A wann et urgent ass, da kritt ee se souguer innerhalb vun e puer Deeg. Wat hei awer méi laang gedauert huet, ier d'Autorisatioun erausgaangen ass.

An där Stellungnam, wat ech elo do zitéiert hu vu „kriminellt Virgoen“, do steet nach näischt vun engem CIGL dran. Do steet iwverhaupt kee Wuert dovun dran. Do geet et just drëms: De

Buergermeeschter muss ewech. Dorëms geet et do.

An do gëtt et Erklärungen derfir. Ech hu gesot, ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei sinn net hei den Affekot vun dëser Koalitioun oder vun Buergermeeschter. Mä hei schéngt et mir esou ze sinn – an dat ass ee Grond, firwat d'Kommunistesch Partei net do matgemaach huet –, dat ass schonn hei gesot ginn, dass hei de Mann gespillt gëtt an net de Ball. Dass hei Revanche geholl gëtt. Et geet ëm eng politesch Revanche. Et geet net ëm e Gaardenhaischen.

An déi politesch Revanche, déi besteet do dran, dass d'DP bei de leschte Wahlen esou eng Déck op d'Bomm kritt huet, dass se sech kaum nach erheift. Dass se also hir meescht Gemengeréit verluer huet. Wat ech deemools, als Verrieder vun der KPL, absolutt begréisst hunn. Well wann d'DP hei géif erëm um Buergermeeschterstull setzen, dat sollt Der Iech och bewosst sinn, da geet et erëm lass mat de Privatiséierungen. Déi géifen alles privatiséieren, souguer hir eege Groussmamm.

(Gelaachs)

Duerfir muss een déi Saach politesch gesinn. Hei gëtt eng perséinlech Saach gemaach bei enger Verfehlung, déi ee gemaach huet. An et muss ee kucken. Jo, wann eng Plainte gemaach gëtt, da muss den Här Buergermeeschter sech deem stellen. An da kucke mer, wat do bäi erauskënnt. Mä et soll een ëmmer am Hannerkapp hunn, wat hei geschitt.

Ech verstinn och net, ganz éierlech, muss ech soen, wann aner Oppositionsparteie sech esou der DP uschlëssen. Wat wär dann d'Alternativ? Déi hunn ech elo virdu gesot. Oder et gëtt erëm eng nei Magouille gemaach.

An ech versti besonnesch d'LSAP net, dass se sech där Saach do uschlësst. Och wa se net esou wäit gaangen ass, just einerseits und andererseits gesot huet. Se sollt sech vläicht drun erënnere, wat d'DP mat hirem Buergermeeschter Blau gemaach huet, am Zesammenhang mam Spidol. Wéi deen duerch de Knascht gezu ginn ass als Persoun. An da sollt se vläicht e bësse méi lues trëppelen.

10. Interpellation Gréideberg

Ech gesinn hei kee kriminellt Virgoen. An ech muss soen, och wann ech an der Opposition sinn, gesinn ech kee Grond, firwat iwverhaupt elo de Buergermeeschter sollt demissionéieren. Hie muss sech elo där Saach stellen. A wann do festgehale gëtt, hien huet do eng Verfeelung gemaach, da muss en dofir bezuelen.

Mä dat huet elo näischt ... Mir sinn e politescht Gremium a mir müssen déi Saach politesch behandelen. Mir si kee Geriicht. An dat gëtt hei offensichtlech awer verwiesselt. Hei gëtt ugeklot an hei gëtt scho gesprach, wat d'Resultat ass, vun deem Geriicht. An esou kann et net sinn.

An ech muss Iech éierlech soen, haut sinn och ganz vill Saachen, déi an der Vergaangenheet hei behaupt gi sinn, widderluecht ginn. Dat hutt Der jo awer och matkritt. Zum Beispill ass widderluecht ginn, dass wann een a sengem Haus schafft, an enger Gaardenzon, dass een dofir eng Geneemegung brauch.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ass dat widderluecht?

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass erkläert ginn, dass vill vun deenen Aarbechten, déi do gemaach gi sinn, schonn zur Zäit vum Här Quaino gemaach gi sinn. Déi ganz Saach mat där Strooss an esou weider an esou fort. Also ech fannen, hei gëtt déck iwverdriwwen.

An ech muss Iech ganz éierlech soen, wéi do perséinlech Leit ugegraff ginn, ouni kloer Beweiser, dat fannen ech ganz grav. Ech fannen et och ganz grav, wann op eemol e fréiere Staatsbeamten, dee vu sengem Posten huet misse goen, mir 28 Froen heemschéckt, déi ech hei soll stellen am Gemengerot. Well de Fierschter erkläert, do wäre Beem, déi wäre krank an déi missten ewechkommen. Dat fannen ech ganz grav, wéi d'Beaflossung och gemaach gëtt.

Op alle Fall wëll ech nach eng Kéier kloer soen, d'Kommunistesch Partei mécht bei deene Magouillen do net mat. Wann den Här Buergermeeschter

Verfeelunge gemaach huet – en huet der jo hei zwou oder dräi zouginn –, an et kéim juristesch eppes no, dann ass dat esou. Da muss e sech där Saach stellen. A fir mech hätt et sech domadder. A mer solle wierklech zur politescher Dagesuerdnung iwvergoen an net méintlaang eis mat esou enger Saach befaassen.

Well dat, wat hei geschitt, alles wat u Falschinformationen oder Stänkereien am Virfeld vun dëser Gemengerotssitzung gemaach ginn ass, do soen d'Leit mat Recht: Do gesäit een, wéi knaschteg d'Politik ass. An do hunn déi Oppositionsparteien, déi dat gemaach hunn, dozou bäigedroen, dass déi Meinung sech och verfestegt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Ruckert. Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et wonnert mech, dass den Här Ruckert genee dat mécht, wou e selwer seet, dass net soll gemaach ginn. E seet, hei géife Veruerteelunge geschéien iwwert d'Handele vum Här Buergermeeschter. An am nämmlechte Coup mécht hien awer och aner Veruerteelungen iwwert d'Handele vu mir oder aneren Oppositionspolitiker.

Wat ech zënter zwee Méint maachen, dat ass haauptsächlech Froe stellen. An dat ass, zum Beispill, eng Plainte administrative ze maachen. An enger Plainte administrative leet ee Fotoen dobäi. Dat steet esou am Formulaire.

Dass ech net um zéng Auer moies oder um 16 Auer nomëttes kann déi Fotoe maachen, well ech och nach heiansdo schaffen an net nëmme mäi Mandat ausüben, an ech net dovunner ausginn, dass an engem Haus, wou behaupt gëtt an der Press, et wär nach keng Verwendung dofir do an et wéisst een eréischt zënter kuerzem, dass een dat hätt, eng Persoun präsent wär, dat ka kee mir hei elo reprochéieren. An dat kënnt dann och wéi Veruerteelungen eriwwer, mä dat akzeptéieren ech esou net.

Och gëtt hei gesot, et géif e Mësstrauensvott gefrot ginn. Ech hu kee Mëss-

communaux. Pour Ali Ruckert, c'est une bonne chose parce que si les démocrates étaient au pouvoir, ils privatiseraient même leurs grand-mères.

(Rires)

Une plainte a été déposée. Il faudra attendre les résultats de l'enquête sans oublier qu'il s'agit d'une affaire personnelle.

Ali Ruckert ne comprend pas comment les autres partis de l'opposition peuvent s'associer au DP. Et en particulier le LSAP. Ali Ruckert rappelle aux socialistes la manière dont le DP a trainé le bourgmestre Blau dans la boue.

Il ne voit pas d'actes criminels. Il ne comprend pas non plus pourquoi le bourgmestre devrait démissionner. S'il a commis des erreurs, il devra payer. Mais le conseil communal doit traiter l'affaire de manière politique. Le conseil communal n'est pas un tribunal.

En plus, plusieurs accusations se sont révélées fausses. La maison, par exemple, se trouve dans une zone de jardin. Une autorisation n'était donc pas requise.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se demande si l'accusation a vraiment été réfutée.

ALI RUCKERT (KPL) ajoute qu'une partie des travaux ont été réalisés quand M. Quaino était propriétaire.

Il trouve toute cette affaire exagérée. Les attaques personnelles sont graves. Ali Ruckert trouve également grave qu'un ancien fonctionnaire lui ait envoyé 28 questions à poser au collège échevinal concernant les arbres. On essaie d'influencer le conseil communal.

Les communistes ne participeront pas à ces magouilles. Si le bourgmestre a commis des erreurs, il devra en répondre. Mais pour Ali Ruckert, il est temps de passer à la politique au lieu de perdre des mois avec cette affaire. Toutes ces calomnies donnent raison à ceux qui disent que la politique est sale. Les partis d'opposition contribuent à renforcer cette opinion.

10. Interpellation Gréideberg

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *s'étonne que M. Ruckert fasse exactement ce qu'il dit aux autres de ne pas faire. Il ne veut pas que le bourgmestre soit condamné, mais lui-même condamne les actions de l'opposition.*

Gary Diderich pose des questions depuis deux mois. Il a déposé une plainte pour laquelle il lui fallait des photos. Comme il travaille, il n'a pas pour les faire en journée. En plus, on ne peut pas lui reprocher d'avoir photographié des gens alors qu'on raconte dans la presse que la maison est vide et qu'on n'en a pas l'utilité.

Par ailleurs, Gary Diderich n'a pas demandé une motion de censure. Ce n'est même pas prévu par la loi communale. Seule une motion de censure du budget peut faire tomber une coalition.

En revanche, Gary Diderich a exigé une démission. Il a invité le bourgmestre à tirer les conséquences qui s'imposent sans attendre que la pression l'y force.

Le bourgmestre sait pertinemment ce qu'il a fait ou n'a pas fait et quelles conséquences il doit en tirer. Mais Gary Diderich aurait du mal à travailler au sein de ce conseil communal. Dans chaque dossier, il doit se demander si on ne lui ment pas. Le bourgmestre a par exemple prétendu qu'il disposait d'une autorisation alors que ce n'était pas le cas.

En outre, Gary Diderich n'a jamais dit que le bourgmestre avait reçu la maison de manière inappropriée. Il a parlé de maison dans le vert, de conflits d'intérêts... Il ne savait même pas comment M. Traversini en était devenu propriétaire. Il a peut-être été maladroit dans sa formulation, mais le contexte était clair.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande à M. Diderich s'il vient de s'excuser.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que oui.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *accepte ses excuses.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *n'a pas non plus conseillé aux autres pro-*

trauensvott op den Ordre du jour setze gelooss. An ech mengen och keen aneren. An ech mengen, et ass emol net am Gemengegesetz virgesinn. Deen eenzege Moment, wou eng Koalitioun gestierzt ka ginn, dat ass bei enger Motion de censure beim Budget. Ausser de Koalitiounspartner géif sech eppes iwwerleeën.

Wat ech gemaach hunn, ass eng Opfuerderung fir zrëckzotrieden. Dat ass eng Invitatioun un de Buergermeeschter, seng Konsequenze fir sech ze zéien. An net ze waarden, bis d'Fakten an d'Justiz an, wat weess ech, den Drock esou grouss gëtt, dass en dozou gezwonge gëtt.

Ech mengen, den Här Buergermeeschter weess jo selwer am beschten, wat e gemaach huet a wat en net gemaach huet. A ka seng Konsequenzen zéien oder och net zéien. Ech weess just fir mech, dass ech Schwieriegkeeten hunn, op esou enger Basis an engem Gemeengerot weider ze schaffen.

Wann ech a villen Dossiere mech dann dräimol froen: Ass dat esou, wéi ech dat hei gesot kréien? Well et si Behauptung geschitt, ebe vum Här Buergermeeschter, och no baussen, déi zwar erëm ëmgedréit oder zrëckgezu ginn, wéi eben, dass eng Autorisatioun do war, wat awer manifestement net esou ass.

Hei gëtt och behaupt, mat deem Wuert „ergatteren“ hätt ech eppes wéilte soen, wat ech ni wollt soen. Ech hu ganz kloer vun engem Haus am Grénge geschwat. Wann een am Duden kuckt, dann ass et eng Raritéit.

Ech hu geschwat dovunner, dass en Interessenskonflikt kéint bestoen. An dee wollt ech opklären, esou fréi wéi méiglech. Dass ee ronderëm eben näischt eranhëlt. An ech war net am Wëssen, wéi den Här Traversini an de Besëtz dovunner komm ass, dofir konnt ech net vu kafen oder eppes anescht schwätzen. Et war vläicht maladroit, dat Wuert esou ze notzen. Mä ech mengen, de Kontext ass relativ kloer. An do ginn och erëm Saachen ënnerstallt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat heescht, Dir hutt Iech elo entschëllegt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo. Entschëllegt mech. Wann dat esou verstane ginn ass, wéi dat hei gesot ginn ass, dann entschëllegt mech. Dat war net esou gemengt vu menger Säit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech huelen déi Entschëllegung ganz gären un.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Gären.

Och gëtt hei behaupt, ech hätt Leit gesot, si sollten onbedéngt kucken, dass déi Parzellen erakommen, dass se déi kënne bebauen, an dass se méi Sue vun der Gemeng solle froen. Dat hunn ech net gemaach.

Ech hunn, am Géigesaz zum Buergermeeschter, d'Leit driwwer opgekläert, wat hir Rechter sinn am Kader vun enger Prozedur vum PAG. Natierlech hunn ech se opgekläert, dass si do Interessen an déi eng wéi an déi aner Richtung hunn. Da kënnen d'Anreiner sech soen: „Ech wëll net, dass do ronderëm gebaut gëtt“. Dat ass hiert gutt Recht. Oder: „Ech wëll emol net, dass iwverhaapt eppes an de Perimeter geholl gëtt“. A se kënne behaupten: „Ech wëll, dass dat erageholl gëtt“.

An ech hu mat Leit geschwat, déi gesot hunn: „Ech wollt do schonn éiweg bauen. Meng Famill wollt do schonn éiweg bauen. An ech hunn et ëmmer refuséiert kritt. Ech hat eng Demarche gemaach beim Schäfferot. An ech hunn ni eng richtig Äntwert drop kritt. An op eemol hunn ech da gesot kritt, dass dat net méiglech wär“.

An dann hunn ech, wéi aner Conseilleren och, d'Demarche gemaach, wa se eng Reklamatioun wëlle maachen. Ech hu si dobäi ënnerstëtz, ech hunn och

10. Interpellation Gréideberg

eng schrëftlech Virlag fir esou eng Reklamatioun gemaach. Mä et ass u jidderengem selwer ze decidéieren, ob en déi ëmformuléiert, ob en déi ënnerschreift, ob en déi eragëtt oder net, a wat en da wierklech wëll oder net wëll.

Ech mengen, ech hunn domadder kloer gesot, dass et mir hei ëm d'Opklärung geet an ëm d'Kloerheet vun de Fakten.

Den Här Liesch behaupt elo erëm eppes, wéi virdru mam Gesetz, dass dat an der Zone tampon läit. Ma Artikel 2 vum Règlement grand-ducal vum 20. November 1991 seet ganz kloer: „La zone protégée Prénzebiere se compose de deux parties. La partie A dite réserve naturelle proprement dite formée par les parcelles cadastrales suivantes“. An do steet den 1872. Déi ganz Parzell. An Dir sot mir, dat wär Zone tampon. Nee. D'Zone tampon, déi kënnt am nächsten Artikel, an déi Parzell ass net an deem do Artikel dran.

Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Fir d'sozialistesche Partei, den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Am Numm vun der sozialistescher Partei muss ech emol direkt soen, Här Ruckert, ech fannen dat traureg, dee Rundumschlag, deen Der do gemaach hutt géint d'LSAP. Fannen ech einfach traureg, fir et net anescht ze nennen. Well Dir hutt eng Ausso gemaach – éischtens emol ass et de Rôle vun engem Oppositionspolitiker, wann esou Faite bekannt ginn, fir deen Dossier ze kucken a fir och Preuve ze sichen, ob dat esou ass. An do hu mir eis Aarbecht gemaach. Net nëmmen als Oppositionspartei, mä och als Oppositionspolitiker tout court. Zu deenen Dir och gehéiert.

An dann nach eppes. Wéi mer gelies hunn an der Press – Dir waart jo an der Vakanz –, do hat Der geschriwwen, Dir hätt vum Här Buergermeeschter gesot kritt, do wäere Miwwelen erausgedroe ginn. An dat ass Iech dann duergaangen. Mir hunn haut awer héieren, dass do eng Partie méi gemaach ginn ass

vum CIGL wéi Miwwelen erausgedroen. Dovunner hutt Der näischt gesot.

Da wëll ech nach soen, dass mer och gesot hunn als LSAP – an dat hutt Der och net matkritt, well Dir schwätzt just vun engem Dokument, wou eise Logo drënner gewiescht wär, mä all offiziell Dokumenter, déi erausgaange sinn, wou eise Logo drënner ass, déi kënnt Der roueg nokucken a liesen. Do steet dat alles net dran, wat Dir elo gesot hutt.

Ech mengen, et muss een och fair sinn. Wann een eppes behaupt, da muss een och fair sinn an da muss ee soen: Wat ass erausgaangen? Wat ass net erausgaangen? An do dertëscht, vun deem enge bis zu deem aneren Dokument, hunn Diskussiounen stattfonnt. Do sinn Iwwerpräiwunge gemaach ginn an esou virun an esou weider. An dat ass eise Rôle als Partei. Net nëmmen als Oppositionspartei. Mä all Partei, mengen ech, huet esou e Rôle ze erfëllen, dass se kuckt: Wou si mer drun? Wéi wäit ass dat? Stëmmt dat? Wat maache mer? An esou weider. An och op engem gewësse Niveau fair ze bleiwen.

An eis Fairness, déi mir gesinn hunn, dat ass déi, dass mer gesot hunn, mir verlaangen Opklärung. Mir verlaangen Transparenz. An da jugéiere mer. An haut si mer nach net op deem Punkt, mir sinn nach ëmmer an deem Siche vun där definitiver Approche zu där ganzer Problematik. Ech wëll just soen, dass mer ofwaarden. Well et si jo nach Prozeduren am Gaang. Dat hu jo och aner Spriecher hei vun anere Fraktiounen gesot. Mir waarden elo of, wat bei deenen Enquêtes erauskënnt. Dat ass eng Saach.

Mir hätten awer och nach gär Pièce-à-l'appui. Vum CIGL kënnt jo nach eppes, souwäit mer dat matkritt hunn. Dir, Här Buergermeeschter, hutt jo Är Positioun gesot. De CIGL selwer ass ugesprach ginn. Dee wäert jo och nach dozou Positioun bezéien.

A mir hätten nach gär déi Pièce – dat schéngt eis wichteg – vun der Strooss, wou den Här Ulveling gesot huet, do gëtt et Reglementer, do gëtt et Gesetzer an esou weider. Mir hätten déi gär, w.e.gl. Also ganz genee, op wat fir eng Reglementer Dir Iech baséiert hutt als Schäfferot, wéi Der decidéiert hutt,

priétaires de faire intégrer leurs parcelles dans le périmètre de construction pour gagner de l'argent. Il n'a fait que les informer de leurs droits.

Certains riverains ne veulent peut-être pas que l'on construise autour de leurs maisons. D'autres ne veulent pas que l'on intègre quoi que ce soit dans le périmètre. D'autres enfin voulaient construire une maison pour leurs familles, mais le collège échevinal n'a jamais réellement répondu aux questions. Gary Diderich les a aidés à faire les démarches et à déposer une réclamation. Il leur a notamment remis un modèle que chacun a pu modifier le cas échéant.

Il répète qu'il a agi dans l'espoir d'obtenir des éclaircissements.

M. Liesch a prétendu que le terrain se trouve dans la zone tampon. Mais d'après les articles 1 et 2 du règlement grand-ducal du 20 novembre 1991, la parcelle 18-72 se trouve dans la réserve naturelle proprement dite.

ERNY MULLER (LSAP) *trouve la diatribe de M. Ruckert contre les socialistes bien triste. Quand elle apprend des faits de ce type, le rôle de l'opposition est d'analyser les dossiers et de chercher des preuves. Les socialistes ont donc fait leur travail.*

En outre, M. Ruckert a dit à la presse qu'il était en vacances, mais que le bourgmestre lui avait expliqué que le CIGL avait enlevé des meubles dans la maison. Or il semblerait désormais que le CIGL ait aussi exécuté d'autres travaux.

M. Ruckert a parlé d'un document sur lequel figurait le logo du parti socialiste. Mais les documents officiels sur lesquels figure le logo socialiste ne contenaient pas ce qu'a dit M. Ruckert. Quand on parle de documents, il faut être suffisamment honnête pour dire lesquels ont été distribués et lesquels ne l'ont pas été. Car des discussions ont eu lieu entre la rédaction des deux documents. Les partis de l'opposition ont cherché des preuves, car c'est leur rôle. Ils doivent analyser les faits et décider quoi faire tout en

10. Interpellation Gréideberg

restant équitables autant que possible.

Les socialistes se sont montrés équitables en demandant de la transparence avant de juger. Aujourd'hui, le LSAP est encore à la recherche de la vérité. Il faut attendre, car les procédures sont en cours. Les orateurs précédents ont dit la même chose. Il faudra voir ce qu'il ressortira de l'enquête.

Erny Muller exige aussi des pièces. En ce qui concerne le CIGL, le bourgmestre a pris position. Désormais, il s'agit d'attendre ce que dira le CIGL.

M. Ulveling a parlé de règlements et de lois concernant les travaux d'infrastructure. Là aussi, Erny Muller demande des pièces. Sur quels règlements le collègue échevinal s'est-il basé pour que la commune investisse plus de 100 000 € dans ces travaux? Car dans d'autres projets, le propriétaire doit lui-même faire réaliser les travaux ou du moins en régler les frais. Ce point doit aussi être éclairci.

TOM ULVELING (CSV) constate que tous les partis ont pris position. La parole revient au collègue échevinal, qui peut fournir des explications.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) devra vérifier si le terrain se trouve dans la zone tampon. Il se peut que M. Diderich ait raison. Georges Liesch aussi peut commettre des erreurs. Si c'est le cas, il l'admettra.

Il voulait simplement attirer l'attention sur le fait que le public ne sait pas toujours que la réserve naturelle Pränzebiërg se compose de deux zones.

Après le tour de table, Georges Liesch a encore le sentiment que l'on s'en prend au bourgmestre personnellement. M. Diderich a expliqué qu'il a joué au bon samaritain auprès des habitants. Il leur a remis une lettre pour qu'ils puissent réclamer dans le cadre du PAG. Il est dans son droit. Mais pourquoi s'est-il limité à cette maison? D'autres maisons vont être régularisées. Pourquoi M. Diderich ne s'est-il pas donné

dass Der déi Strooss do als Gemeng géift realiséieren an déi Käschten engagéieren, wou Der gesot hat, et waren iwwer 100.000 Euro.

Well menger Meenung no ass dat on-fair vis-à-vis vun anere Projeten, wou de Proprietär oder en Investor, deemno wéi e Promoteur, da muss fir déi Käschten opkommen, souguer dat selwer realiséieren. Mir hate jo haut nach am Gemengerot esou eng Prozedur. Wou de Promoteur dat realiséiert an dann her-no un d'Gemeng zrécktrëtt. An do hätt ech gär ganz Kloerheet an deem dote Punkt. Dofir hätte mer gär déi Piëcen.

Ech hätt dozou alles gesot. A mir waarden dann of, wéi dat dote virugeet. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Elo huet jiddwer Partei Positioun geholl. Laut dem Artikel 5 kann de Collège des bourgmestre et échevins nach eng Kéier Positioun huelen, verschidde Saachen nach vläicht erklären. Den Här Liesch wëll nach eppes soen. Den Här Buergermeeschter och.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech fänke vläicht un. Ech kucken dat gären no mat der Zone tampon. Wann dat esou ass, dann zéien ech meng Ausso natierlech zréck, wann Der do recht hutt. Nee. Dat ass kee Problem. Ech kucken dat gären no. Mir geschéie grad esou Feeler wéi Iech. Wann dat esou ass, dann hunn ech absolutt kee Problem, fir dat ze soen. Ech wollt just drop opmierksam maachen, well do-baussen déi Konfusioun ass vun der Réserve naturelle Pränzebiërg, dass déi wierklech aus zwou Zone besteet. A wann dat esou ass, wéi Dir sot, dann zéien ech meng Ausso gären zréck. Kee Problem.

Et bleift awer hei, wann ech elo den Tour de table héieren hunn, fir mech, muss ech awer soen, nach ëmmer deen Arrière-goût, dass hei awer de Mann gespillt gëtt an net de Ball. Dir, Här Diderich, hutt elo nach eng Kéier erkläert, dass Der do Samariter gespillt hutt, fir de Leit do e fäerdege Brëif ze ginn, fir dass se reklaméieren, an se op hir Rechter opmierksam ze maachen, déi se

hunn am Kader vum PAG. Dat ass jo och richtig. Dat ass, mengen ech net verwerflech, wann Der esou eppes maacht. Et stellt sech dann natierlech d'Fro: Firwat just bei dësem Haus?

Mir hunn nach aner Haiser an der Gemeng, déi mer regulariséieren, wou Terrain ronderëm sinn, déi erakommen. D'Schwarz Bréck zum Beispill an aner. Et stellt sech d'Fro, firwat Der déiselwecht Méi an deeselwechten Opwand, deeselwechte samaritesche Gedanken net hat, fir dat dann och do ze maachen. Déi Fro bleift zumindest op.

Fir mech gesäit et awer ganz kloer esou aus, wat Der hei gesicht hutt, firwat Der och just hei Fotoe gemaach hutt an net bei anere Saachen. Firwat Der also just dësen Dossier hei esou akribesch ënnersicht. An net bei anere Leit, déi betraff sinn oder an enger anerer Form betraff sinn, och intervenéiert hutt? Dat bleift och haut nach ëmmer opstoen. Souwäit meng Ausso nach.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Traversini, wëllt Dir nach eppes soen? Soss géif ech ofschléissen. Maddam Brassel-Rausch, Dir hutt nach dräi Minutten.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt net, mä ech hunn awer elo de Besoin mech auszedrécken. Virun allem well ech den Androck net lassginn, dass dat Ganzt einfach scho mat deem Wuert „ergattert“ op eng Bunn vun Insinuatione geschoben ginn ass. An no-deem ech dem Här Ruckert seng Stellungnam héieren hunn, ginn déi Insinuationen, mat „kriminell Vorgehen“ an esou weider an déi nämmlecht Richtung. An ech schléisse mech dem Här Hartung un, dee gesot huet, mir solle kee veruerteelen, mir si kee Geriicht. Dass mer eis fair un dat halen.

Dir hutt Är Aarbecht gemaach. Awer kommt, mir halen w.e.gl. op mat deem – Dir hat virdru vu Linguistik geschwat, Här Diderich. Wann ee Linguist ass, wat ech zu engem Deel sinn, da weess een, wat d'Sprouch ausmaache kann. Da weess een, wat d'Sprouch bewierke kann. An da weess een och, dass

10. Interpellation Gréideberg

d'Sprooch – wat Der eis elo hei virwërft – déi Leit ka motivéieren ze wien, déi mer op kee Fall hei an eisem Land wëllen. Villmools Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dann nach den Här Traversini, w.e.gl.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, datt ech nach däerf d'Schlusswuert hunn.

Eppes ganz Wichteges. Et ass vläicht och wichtig ze soen, säit wéini ech Proprietär sinn a vu wéini un ech d'Curatelle hat vun där Famill. An datt ganz vill Saache virdu geschitt sinn, wou ech net d'Curatelle hat a wou ech net Proprietär vum Haus war. Dat ass, mengen ech, awer ganz wichtig an Ärem Dossier.

Well do si ganz vill Saache gemaach ginn, do war ech net Proprietär. An et si Saache gemaach ginn, wou ech Proprietär war. Ech mengen, datt deen Datum extrem wichtig ass. An och déi Fotoen, déi Der weist, wou ee Mann vun 90 Joer nach ëmmer säi Gras méit. Datt een do gär méi Richtegkeet hätt. Ech mengen, dat ass awer e sprangende Punkt, wéini ech offiziell Proprietär gi sinn.

Natierlech kënnt Der mer nach ëmmer ënnerstellen: „E wusst jo schon, wat géif geschéien“. Jo, dat kann ee ganz gutt maachen. Fir mech ass dat en extrem wichtige Punkt, datt dat gekläert gëtt.

Alles, wat duerno gemaach ginn ass, do hunn ech eleng d'Responsabilitéit a soss keen aneren heibannen. Datt ech ugefaangen hunn, e Gaardenhaische wëlle vläicht, a mengen Aen, méi schéin ze maachen, datt et besser doranner passt. E Gaardenhaischen, wat keen Zentimeter méi grouss gemaach ginn ass, wat net méi héich gemaach ginn ass. Ech wollt just en hëlzene Bardage ronderëm maachen. Als Buergermeeschter muss ech dat wëssen. Ech ka mech just entschëllegen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An d'Fënsteren?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Fënsteren, déi sämtlech Fënstere sinn am Haus gewiescht an deem Gaardenhaischen. Et ass net gehéicht ginn. Ech hunn d'Press haut op d'Plaz invitéiert, da kënne se dat jo och kucken. Dir kënnt dat jo behaupten. Mä dat, wat ech behaupten – et ass jo vum Fierschter virgestallt ginn, an deen huet dat jo a seng Autorisatioun gestallt.

Alles wat Beem, wat Hecken ugeet. D'Hecken, Här Meisch, sinn net ewechgeholl ginn. D'Hecke sinn op de Stack geschnidde ginn. An dat däerf een. Wann d'Press haut de Mëtten dohinner kënnt, da gesi se, wéi héich déi Hecken do sinn. Déi sinn net ewechgeholl ginn. D'Beem sinn ewechgeholl ginn. D'Hecke sinn op de Stack geschnidde ginn.

An deen zweete Feeler, deen ech hei gemaach hunn, dat war als President vum CIGL, de Leit ze soen, si sollen dat Gellänner umaachen, wat gewackelt huet. E Stéck uschweessen an usträichen. Dat sinn déi zwee Feeler, woufir ech riicht stinn a soen, dat hätt ech net däerfe maachen.

An ech wäert dat jo och intern beschwätzen: Wéi ass dat méiglech? Wéi kann dat sinn? Mä, w.e.gl., kommt mer bleiwe bei der Saach. Ech hunn hei zwee Feeler gemaach. Ech stinn dozou. Dat eent, do leeft jo eng Poursuite. An da ginn ech gewuer, ob ech eng Strof zegutt hunn. Wann ech eng Strof zegutt hunn, wäert ech déi unhuelen. Ech wäert déi och bezuelen, wann et souwäit ass.

An dat anert hunn ech dem Verwaltungsrot vum CIGL och gesot. Déi trefe sech den Owend. An déi wäerten dann och eng Decisioun huelen, wat mat deene véier Stonnen ass.

Här Meisch, Dir kënnt verschidde Saachen an d'Lächerlecht zéien: „Dann huelen ech elo de CIGL“. Dat war keng Ufro vum President vum CIGL. Dat ass eng Ufro vum Coordinateur vum CIGL gewiescht, dee gefrot hat. Am Nachhin-

autant de mal sur d'autres terrains? Pourquoi n'a-t-il pas pris des photos ailleurs? Pourquoi n'a-t-il analysé que ce dossier en détail?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

souhaite prendre la parole parce qu'elle a l'impression que l'affaire a été bâtie dès le départ sur la base d'insinuations — par exemple lorsque le mot « dégoter » a été utilisé. M. Ruckert, qui a parlé d'« actes criminels » n'a fait que confirmer son sentiment. Comme l'a dit M. Hartung, le conseil communal n'est pas un tribunal et n'a pas à jugé qui que ce soit.

L'opposition a fait son travail. Mais M. Diderich a parlé de linguistique. Un linguiste sait quel rôle le langage peut jouer. Et il sait que le langage peut pousser les gens à voter pour ceux que le conseil communal ne veut en aucun cas.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

souhaite insister sur le fait que de nombreux événements ont eu lieu avant qu'il ne devienne tuteur de la famille en question et avant qu'il ne devienne propriétaire de la maison. La date est importante pour le dossier. Sur les photos, on voit un homme de 90 ans tondre le gazon. Il faut donc voir depuis quand Roberto Traversini est propriétaire des lieux.

Pour tout le reste, Roberto Traversini se considère comme le seul responsable. Il a notamment voulu embellir la maisonnette de jardin pour qu'elle soit mieux adaptée au site. Mais en aucun cas, elle n'a été agrandie. Il s'excuse pour le bardage qu'il a fait installer.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande ce qu'il en est des fenêtres.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que la maison disposait déjà de fenêtres. La presse pourra se rendre sur place. En outre, le garde forestier a accordé une autorisation.

Contrairement à ce qu'a dit M. Meisch, les haies n'ont pas été enlevées, mais taillées, ce qui est

10. Interpellation Gréideberg

permis. Les arbres en revanche ont été coupés.

La deuxième erreur que Roberto Traversini a commise est d'avoir demandé au CIGL de réparer et repeindre la clôture.

Il admet avoir commis deux erreurs. Il y aura des discussions internes pour comprendre comment cela a pu arriver. Mais il demande au conseil communal de rester objectif. Une enquête est en cours. S'il doit être puni, il le sera. Le conseil d'administration du CIGL se réunira ce soir et prendra une décision concernant les quatre heures de travail.

M. Meisch a tourné l'affaire au ridicule en disant que dorénavant, il demandera au CIGL d'organiser des formations chez lui. Mais Roberto Traversini n'a rien exigé. C'est le coordinateur du CIGL qui lui a demandé s'il pouvait tenir une formation chez lui.

Roberto Traversini regrette ce qui s'est passé et en tirera les conséquences. Il ne compte pas démissionner de son poste de bourgmestre. Mais il devra mettre un frein à d'autres activités. Il doit reconnaître qu'une journée n'a que 24 heures.

Il se dit content de constater que certains conseillers communaux sont infaillibles. Il ne peut qu'appréhender d'eux. Mais lui au moins ne condamne pas quelqu'un avant qu'il n'ait été jugé coupable.

Il invite le conseil communal à la séance du 9 octobre à 8 h pour le vote du PAG. Il remercie ceux qui lui font confiance et essaiera de gagner la confiance des autres au cours des prochaines années.

TOM ULVELING (CSV) clôture l'interpellation et passe à la séance à huis clos.

ein weess ech genau, datt dat keng gescheit Iddi war. Mä et ass net eng Ufrovum President vum CIGL gewiescht, datt déi Aarbecht sollt gemaach ginn. Et ass just de Contraire. An déi wäerten dat den Owend dann och am Verwaltungsrot soen.

Et deet mer leed, datt déi Saache geschitt sinn. Ech wäert d'Konsequenzen zéien. Net ophalen als Buergermeeschter, Här Meisch an Här Diderich. Dat wäert ech net maachen. Mä ech wäert aner Konsequenzen zéien, wéi be-laaschtbar am Fong geholl eng Persoun ass. An ech muss Iech soen, datt ech déi nächst Méint a ville Gremien, wou ech sinn, a ville Syndikater, wou ech sinn, wäert eng Brems zéien. Well et einfach net méi méiglech ass.

An ech muss och agesinn, datt en Dag just 24 Stonnen huet an datt een e bësse Rou brauch. An dann, mengen ech, kommen déi eng oder déi aner Saachen net méi vir. An ech si frou, datt ech Leit am Gemengerot hunn, déi feelerfräi sinn. Ech ka just nach vun Iech léieren. Op alle Fall sinn ech wierklech frou, datt Dir kee Feeler maacht, keen dozou steet. Ech si vläicht aneschters wéi Dir, ech veruerteelen net schonn een. Ech hänken een net schonn op, ier en Uerteel gesprach ass.

Ech soen Iech op alle Fall Merci fir Äert Vertrauen. An ech lueden Iech an op déi nächst Gemengerotssitzung den 9. Oktober moies um aacht Auer, wéi mer gesot hunn, datt mer iwwert de PAG wäerten ofstëmmen.

Villmools Merci fir déi Leit, déi Vertrauen a mech hunn. Villmools Merci deenen, déi vläicht e bësse manner Vertrauen hunn. Ech wäert déi nächst Joren dann alles maachen, dat Vertrauen e bëssen opzebesseren. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Domat wär d'Interpellatioun eriwwer. Ech ginn d'Wuert erëm un den Här Traversini. Mir hunn nach en netëffentlechen Deel, dee mer musse behandle. D'Press misst da leider erausgoen.

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 9 OCTOBRE 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Christiane Brassel-Rausch, échevine
remplaçante (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)

Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Motion du DP, de déi Lénk et du LSAP en faveur du renouveau de la Ville de Differdange.

1. Motion pour le renouveau de Differdange

TOM ULVELING (CSV) ouvre la séance en signalant que le LSAP, le DP et déi gréng ont introduit une motion.

(Interruption)

Tom Ulveling s'excuse pour le lapsus. Il s'agit de déi Lénk et non de déi gréng. Le conseil communal a aussi déposé des questions écrites.

Tom Ulveling annonce qu'il a reçu un message datant du 9 octobre adressé à la ministre disant que M. Traversini démissionne de ses fonctions de conseiller communal.

Il passe à la motion intitulée « Motion en faveur du renouveau de la Ville de Differdange » et cède la parole à M. Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) a l'impression, depuis quelques jours, que la politique est vivante. Le conseil communal a lancé des discussions où le résultat n'était pas défini d'avance. Le débat n'était pas juste pour la galerie. Auparavant, cela arrivait souvent. Maintenant, Gary Diderich a le sentiment que quelque chose de différent est possible.

Il y a eu des discussions entre la majorité et l'opposition. Des échanges intenses ont eu lieu. La commune est sortie d'une crise qui ne donnait pas une bonne image d'elle. Désormais, les temps difficiles pourraient être derrière elle et elle pourra avancer dans la bonne direction.

La motion porte le titre de « Renouveau pour Differdange ». Les yeux sont pointés sur la ville. Gary Diderich se trouve face à deux micros qui ne seraient pas là normalement. Le public s'intéresse à Differdange et la politique fait partie du domaine public. La démocratie se déroule au sein du conseil communal. Celui-ci n'est pas un club privé. Il représente les gens, le bien commun et l'intérêt public.

Tout n'est pas négatif pour Differdange. Plusieurs personnes ont dit à Gary Diderich que Differdange avait placé la barre relativement haut pour les autres hommes politiques. Les conflits d'intérêts sont thématiques et entraînent des conséquences.

La motion proposée aujourd'hui peut renforcer ces possibilités. Son objectif n'est pas de continuer à re-

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mer géife mat der Sitzung ufänken. Et ass elo en Deel öffentlech Sitzung. Mir kruten eng Motioun era vun den Oppositionsparteien LSAP, DP an Déi Lénk. A mir kruten och e puer Froen erageschéckt.

Vir dru wëll ech soen, dass ech elo grad en Ziedel krut. Ech liesen Iech dee vir: „Je soussigné, Roberto Traversini, démissionne de mes fonctions du conseil communal“. Ass datéiert op den 9. Oktober. „Madame la Ministre, suite au règlement grand-ducal du 4 octobre 2019 portant sur la démission en tant que bourgmestre, je soussigné Roberto Traversini tient à vous faire part de ma démission de mes fonctions de conseiller communal de la Ville de Differdange conformément à l'article 61 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988. Je vous prie de bien vouloir y réserver les suites nécessaires. Je vous prie de bien vouloir croire, Madame la Ministre, en l'assurance de ma plus parfaite considération“. Ënnerzeechent Roberto Traversini.

Da ginn ech elo engem d'Wuert – wie wëllt dozou Stellung huelen? Fir d'éischt zu der Motioun, géif ech mengen. Oder wëllt Der fir d'éischt zu de Froe kommen? Dat eent baséiert deelweis op deem aneren.

D'Motioun ass intituléiert „Motion en faveur du renouveau de la Ville de Differdange“. Den Här Diderich, wann ech dat richtig verstane hunn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Léif Kollegeen a Kollegeinnen aus dem Gemengerot. Ech muss soen, déi lescht Deeg ass et mir, wéi wann d'Politik erëm eppes Lieweges ginn ass. Wéi wa mer alleguerten, och als Gemengerotsmemberen, ob Opposition oder net, an eng Diskussioun konnten eragoen, déi net vu virera scho gesat war. Wou net vu virera kloer ass, op wat mer eraus wëllen an dass dat einfach schon decidéiert ass.

Dat heescht, mir kënnen eis abrénge, ouni dass dat just fir d'Galerie ass. Et ass net, wéi wann dat an der Vergaangenheet ni de Fall gewiescht wär. Mä allze oft ass dat awer leider de Fall ge-

wiescht. Mä virun allem ass einfach elo dat Gefill do, et ass eppes anescht méiglech.

Et hu Gesprécher stattfonnt téschent der Majoritéit an den eenzele Fraktiounen, och aus der Opposition. An och déi lescht Deeg ware relativ intensiv am Austausch. Ech hunn domadder d'Gefill, dass mer aus enger Kris, an déi mer eragerode sinn, eraus sinn. Wat einfach eng Regressioun vun der Politik ass, wou mer als Déifferdenger Gemeng net nëmmen no baussen am beschte Liicht dostoungen, mä eben och no bannen net déi einfachst Saachen hu misse matmaachen an erliewen. Mee ech mengen, dass mer aus deene schwéieren Zäiten eraus sinn, de Wee kënnen haut fannen, fir e gudde Schrëtt weiderzekommen.

D'Motioun ass intituléiert „E Renouveau vun Déifferdeng“. E politesche Renouveau. An et kucke vill Leit haut op Déifferdeng. Ech hunn hei zwee Mikroe stoen, déi ech soss net hei stoen hunn, wann ech am Gemengerot schwätzen. Dat heescht, d'Öffentlechkeet interesséiert sech dofir. A Politik gehéiert och an d'Öffentlechkeet. Et ass do, wou d'Demokratie sech ofspilt, hei am Gemengerot. Awer de Gemengerot ass net do, fir e Club fir sech ze sinn. De Gemengerot ass do, fir déi Leit ze verrieden, deenen hir Interesse mer sollen hei verrieden, de Bien commun an den Interêt public.

Et ass och am Positiven op Déifferdeng gekuckt ginn, net nëmmen am Negativen. Et si Leit, déi hu mech drop ugeschwat: „Wat Dir elo do zu Déifferdeng gemaach hutt, dat setzt d'Lat awer relativ héich fir d'Gemengepolitik uechtert d'ganzt Land“. Dass eben um kommunalen Niveau Interessekonflikter thematiséiert gi sinn an do och mat Konsequenze gehandelt ginn ass. An ech mengen, mir kënnen dat verstärken. Mir kënnen déi Méiglechkeeten, déi sech doraus erginn, verstärken. Eben duerch dës Motioun.

Dës Motioun huet als Intentioun, dass mer haut net weider am Detail a Saache wullen a siche ginn, wou zwar nach Opklärungsbedarf besteet. Amplaz elo alles ënner Drock wëllen direkt op d'Place publique ze setzen, ouni et eng Kéier ze sortéieren, gi mer hei elo emol en Engagement an als Gemengerot, an domadder als Schäfferot. Well de Ge-

1. Motion pour le renouveau de Differdange

mengerot fuerdert mat där Motioun de Schäfferot dozou op, fir fir déi Opklärung ze suergen. Eng Opklärung, déi net als Blame-Game geduecht ass. Mä geduecht ass fir virzebeugen, dass Saachen net méi geschéien, déi an der Vergaangenheet wuel geschitt sinn.

Et muss ee soen, zu Lëtzebuerg ass an der Gemengepolitik d'Mandat vum Buergermeeschter, an ech hoffe vläicht an Zukunft der Buergermeeschtesch, mat immens vill Muecht verbonnen. Och déi vum Schäfferot. A ville Procedures, zum Beispill vum PAG, huet de Schäfferot vill Afloss drop. Natierlech méi Afloss drop wéi e Gemengerot. An d'Demokratie baséiert drop, dass eng Kontroll do ass vun der Exekutiv. De Schäfferot ass d'Exekutiv. Also hu mer als Gemengerot den Optrag vun der Kontroll vun der Exekutiv. An des Motioun zeechent ganz vill Pisten, wéi mer, denken ech, an enger ganz konstruktiver Approche, dee Contrôle kënnen ausüben. Contrôle a vill méi Matgestaltung.

An deem Sënn fuerdert déi Motioun de Schäfferot op, an Zukunft op d'Froen ze äntwerten. An enger ursprénglecher Versioun vun der Motioun hate mer nach en Detail drageschriwwen, dass fir verschidde Saachen, déi och vläicht mat Persounen ze dinn hunn an esou weider, de Gemengerot kann decidéieren, dat an enger netëffentlecher Sitzung virzeträitieren.

Awer verschidde Froe mussen, wa se bis kloer sortéiert sinn, do wou et jidderen eppes ugeet, ëffentlech gemaach ginn. Do, wou Leit gemengt hunn, dat wär anescht gewiescht oder wou Bienpublicken am Spill sinn, do muss ee kucken, op wéi eng Aart a Weis. Ouni iergendwellech Accorden oder Persounen domadder, ech soen elo, a Gefor ze bréngen. Et muss ee kucken, wéi een dat erausbréngt, an och d'Transparenz spille loossen. Net nëmmen téschent eis am Gemengerot, mä och zur Ëffentlechkeet hin.

En anere ganz wichtege Volet vun deser Motioun ass de Code de déontologie. Mir hunn e Gemengegesetz, wou Saache festgeluecht ginn. Wou et am Fong kloer ass. Déi een och kann einfach esou interpretéieren, wéi se do stinn. Mä mir wëssen awer och, dass dat eben net ëmmer de Fall ass. Mir hunn et ge-

sinn. Mir wëssen, och op aneren Niveaue sinn et scho Gesetzer ginn. An awer hunn Institutiounen decidéiert – ob dat a Frankräich war oder souguer hei zu Lëtzebuerg bei eiser Chamber –, zousätzlech zum Gesetz sech nach e Code de déontologie ze ginn, dee méi am Detail festleet, wéi mer domadder ëmginn. Och wéi eng Informatiounen mussen do sinn, fir dass net nëmmen den Autocontrôle spillt, wann et drëm geet, dat Gesetz anzehalen. Mä eben och een, deen anere ka kontrolléieren.

Dat heescht, de Code de déontologie freet – an ech hunn et einfach iwweholl aus dem franséische Gesetz vun 2014 –, dass et eng kloer Separatioun muss ginn téschent der Funktioun vum Élu a senge privaten Interessen. Wat dat genee heescht, wéi déi privat Interesse fir wien transparent gemaach ginn, dat bleift festzeleeën téschent eis am Gemengerot. Dat sinn Diskussiounen, déi mer musse féieren. A wa mer se gefouert hunn, da kënnen mer esou e Code op de Wee bréngen. Hei engagéiere mer eis, op de Wee ze goen, esou e Code auszeschaffen an dat zesummen ze maachen.

En anere Volet ass dee vum Règlement d'ordre interne. Deen ass vun 2006. No 13 Joer kënnen mer deen eng Kéier op de Leescht huelen. Mir haten eng Fro, déi net kloer war. A mëttlerweil weess ech och, dass dat emol net iergendwéi schlecht vum deemolege Gemengerot gemaach ginn ass, mä dat ass och carrement aus dem Gemengegesetz esou iwweholl ginn, déi Formulatioun vun deem Delai vun engem Mount.

Dat Gemengegesetz gëtt och elo iwverschafft. An dee Kontext reit sech déi hei Saach och an. National gëtt e Gemengegesetz iwverschafft. An do sinn eng ganz Rei Froen. Et ass jo och zu Déiferdeng, wou déi Reunioun stattfënnt. Wou den Inneministère invitéiert, fir dass all Élu ka matschaffen. Ech mengen, do si mer net eleng, fir eis verschidde Saachen ze iwweeleeën.

A mir hu jo selwer scho Saachen geännert, och wat d'Kommissiounen ugeet. Dass och Leit vu bausse kënnen deelhuelen. Alles dat si Saachen, wou een eng Kéier kann op de Leescht huelen an deem Règlement d'ordre interne.

muer le fumier. Certes, des éclaircissements sont encore nécessaires, mais la motion n'exige pas que tout soit rendu public immédiatement. Les éclaircissements ne serviront pas à accuser quelqu'un, mais à éviter que les mêmes erreurs ne se produisent à nouveau.

Au Luxembourg, les mandats de bourgmestre et d'échevin s'accompagnent d'énormément de pouvoir. Le collège échevinal peut influencer les procédures comme celle du PAG. C'est pourquoi l'exécutif doit être contrôlé. La motion énumère des pistes permettant au conseil communal de contrôler le collège échevinal de façon constructive. Elle exhorte le collège échevinal à répondre aux questions. Certaines questions portant sur des personnes peuvent être traitées dans la séance à huis clos. Mais les réponses intéressant la population doivent être rendues publiques sans mettre en danger des accords ou des personnes. La transparence doit être de mise vis-à-vis du conseil communal, mais aussi de la population.

La motion porte aussi sur un code de déontologie. La loi communale fixe des règles, mais elles ne sont pas toujours appliquées. C'est pourquoi en France, mais aussi au Luxembourg, des institutions ont décidé de se doter d'un code de déontologie déterminant par exemple les informations à fournir pour qu'un contrôle soit possible.

Gary Diderich a repris la loi française de 2014 stipulant que la fonction d'élu doit être clairement séparée des intérêts privés. La façon, dont ces intérêts privés seront rendus transparents, doit être définie par le conseil communal. À travers la motion, le conseil communal s'engage à aller dans cette voie.

Gary Diderich passe au règlement d'ordre interne de 2006. Pour ce qui est du délai de réponse aux questions du conseil communal, le règlement reprend la formulation de la loi communale. Mais la loi communale va être modifiée. Le ministère de l'Intérieur invite tous les élus à participer aux modifications et une réunion aura lieu également à Differdange. La Ville de Differdange n'est pas la seule à réfléchir à toutes ces questions.

1. Motion pour le renouveau de Differdange

Gary Diderich rappelle que les commissions consultatives, par exemple, ont été ouvertes au public. Tout cela devrait figurer dans le règlement interne.

Le conseil de recrutement doit permettre à l'opposition de participer aux recrutements. Il faut tenir compte des compétences et des relations personnelles. Mais faut-il aussi se doter d'autres lignes directrices? Certains services privilégient-ils de manière inconsciente des employés d'un certain sexe ou d'un certain âge? Des imprévus sont plus probables avec une personne jeune en train de fonder une famille qu'avec quelqu'un de plus âgé. Mais un service ne peut pas prendre ce type de décisions sans en discuter au préalable.

Le conseil communal parle depuis longtemps de la création d'une commission économique. La motion exige qu'elle soit vraiment mise en place.

Gary Diderich propose par ailleurs la création d'un comité d'accompagnement pour les grands projets. Les enjeux sont par exemple importants en ce qui concerne le 1535°. Le «Klunge Casino» aurait aussi pu bénéficier d'un tel comité. Gary Diderich mentionne ensuite le Science Center au sujet duquel il y a des tensions au sein du conseil communal. Un comité d'accompagnement permettrait d'agir de façon plus constructive.

Pour ce qui est des projets de construction, les informations devraient être fournies au stade de l'avant-projet sommaire pour permettre au conseil communal et aux commissions de faire des propositions concrètes. Il s'agit d'éviter que le conseil communal ne fasse que voter à un moment où les plans sont déjà définitifs.

Gary Diderich rappelle que des discussions ont déjà eu lieu avec la majorité concernant cette motion. Il espère qu'aujourd'hui, le conseil communal donnera un signal fort en matière de renouveau de la culture politique à Differdange.

TOM ULVELING (CSV) signale à M. Diderich qu'on avait décidé de retirer le mot «annuel» de la motion.

(Interruption de M. Diderich)

Da gëtt et de Conseil de recrutement. Wou mer virschloen, fir bei der Astellungspolitik d'Opposition kënnen drun ze bedeelegen. Awer och festzelleën, wien do soll dobäi si bei deenen Astellungsgespräicher. Dat muss een dann am Detail kucken. Do kann ee sech froen, zousätzlech zu de Kompetenzen, déi do sinn, déi ee brauch, an der Chimie, déi och muss stëmmen tëschent de Leit, déi dann do schaffen – do si jo och d'Leit vun de Servicer jee weils dobäi –, ob et zousätzlech Leitline gëtt, déi mer wëllen do en place setzen oder net. Déi einfach d'Choix vun de Leit orientéieren.

Ech hunn e puer Beispiller ginn. Zum Beispill kann ee sech eng Politik ginn, dass een an all Service kuckt, wéi ee Geschlecht méi staark vertraueden ass. Rekrutéiert een da vum Sexe sous-représenté à compétences égales? Mä et sinn awer och Saache wéi: Gëtt et onbewusst oder bewusst Prejugéen? Dass een éischer Leit mëttleren Alters hëlt, wou ee seet, do kënn familiär oder hei oder do näischt dertëscht. Oder hëlt een éischer jonk Leit, wou dann och vläicht punkto Familljeplanung oder esou eng Kéier en Imprevu ka kommen? Dat ass natierlech organisatoresch net esou evident. Mä et dierf een awer net dra verfallen, dass een do, ouni ze beschwätzen, verschidde Choixen hëlt oder net.

D'Commission économique. Iwwert déi ass scho vill geschwat ginn hei am Gemengerot. Wat feelt dat ass, dass se en place gesat gëtt. An duerch déi hei Motioun hëlt de Gemengerot dann d'Decision, dass dat elo wierklech soll gemaach ginn.

Eng Propos, déi am Fong och aus där Diskussioun entstanen ass, dass ee seet, kommt, mir ginn eis bei grouse Projeten an Zukunft e Comité d'accompagnement. Dat heescht bei Projeten, déi ausser der Rei sinn. D'Opposition hat jo schonn eng Kéier de 1535° virgeschloen. Dass een do e Comité d'accompagnement asetzt. Do si jo vill Mëttelen awer vun der Gemeng am Spill. An do brauch et heiansdo eng strategesch Diskussioun, eng Reflektion mat Leit och vu baussen.

Ech denken, och de klunge Casino wär esou e Projet gewiescht, wou et gutt gewiescht wär, esou e Comité ze hunn. An

do e Suivi de plus près ze maachen a méi regelméisseg ze maachen. Eben och mat Leit, déi net am Alldag do verhaakt sinn. Och e Science Center ass e wichtige Projet fir Déifferdeng. Och do wär et gutt, wann ee sech esou eng Bedeelegung géif ginn. Mir haten do ëmmer Tensiounen, och hei am Gemengerot. Wann een zesummen an engem Comité d'accompagnement géif iwwert déi Saache schwätzen, kéint een do warscheinlech och anescht a méi konstruktiv virgoen.

Dann ass de Virschlag komm, dee mer och begrëssen als Opposition, fir iwwer Bauprojeten éischer eng Information ze ginn um Stade vum Avant-projet sommaire (APS). Wou d'Kommissionen an d'Gemengeconseilleren nach ganz konkret Propose maache kënnen, wéi een de Bauprojet vläicht op deem engen oder op deem aneren Detail nach anescht kann ausleeën. Fir dass een net just am Gemengerot driwwer ofstëmmt, wann am Fong näischt méi un de Pläng ze änneren ass a se zimmlech definitiv sinn.

Dat sinn d'Kärbestanddeeler vun deser Motioun, déi mir abréngen. Wou mer jo och an Diskussiounen waren. Och mat der Majoritéit. A wou mer hoffen, dass mer haut kënnen zesummen op deem do Wee goen a wierklech e kloert Signal gi Richtung e Renouveau vun der politescher Kultur zu Déifferdeng. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Diderich. Dir hutt elo net dovu geschwat, mir haten eis jo drop geeenegt, dass mer dat Wuert „annuel“ do ewechhuelen. Ass dat nach ëmmer esou?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wa mer ofstëmme, da fält bei „... politique d'embauche communale adoptée annuellement par le conseil communal“ den „annuellement“ ewech. Dat ass dann aktéiert.

1. Motion pour le renouveau de Differdange

Da géif ech dem Här Muller d'Wuert ginn, dee gefrot huet, fir nach eppes ze soen.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter faisant fonction. Dir Dammen, Dir Häre vum Schäfferot, léif Kollegeinnen a Kollegen, léif Press, am Numm vun der LSAP wëll ech Stellung huelen zu där Motioun, déi bekanntlech vun dräi Oppositionsparteien ausgeschafft gouf. A kuerz op d'Froestellungen agoen, déi schrëftlech un de Schäfferot gericht gi sinn.

Fir d'éischt emol dem Här Gary Diderich Merci fir den exzellente Virtrag vun där Motioun. An ech wëll awer och der Majoritéit Merci soen, dass mer konnten op de Wee goen, fir eng gemeinsam Motioun auszeschaffen. Dat ass jo d'Zil. D'Zil ass jo net, eng Motioun virzustellen an ofzeleenen. D'Zil ass, dass déi Motioun eis weiderbréngt an eiser politescher Aarbecht. An dat ass heimadder exzellent geschitt. Si heescht dofir elo „Motion en faveur du renouveau de la Ville de Differdange“.

Ech wëll awer kuerz op dee leidegen Dossier agoen. Ech wëll betounen, dass d'LSAP an deem Dossier ëmmer op Transparenz an op Opklärung gehalen huet. An ech hoffen, dass mer diesen Dossier, nodeem déi Froen da beäntwert ginn, politesch kënnen ofschléissen. Vlächcht definitiv oder provisoersch. Dat kann een nach net soen. An dass dann d'Gemengegeschäfte erëm op engem normale Wee lafen. Well et bleift nach vill ze schaffen hei zu Déifferdeng. Et bleift nach ganz vill ze dinn, dass d'Gemengegeschäfte erëm kënnen hire normale Laf huelen.

D'Motioun vun haut gesäit eng Partie Neierunge vir betreffend der politescher Aarbecht am Gemengerot. Er laabt mer drop anzegoen. Dat muss een trotzdeem soen. Well dat gött, par rapport zu deem virdrun, elo wierklech eppes Neits. Et gött en neie Wee, dee mer eis ginn.

Ech schwätze vum Code déontologique. De Règlement interne, huet den Här Diderich scho gesot, gött iwwerschafft. Awer virun allem – an dat ass, mengen ech, e komplett neie Wee –

d'Astellungspolitik. Si soll méi transparent gehandhaabt ginn duerch d'Schafe vun engem Conseil de recrutement. Iwwregens eng Initiativ, déi et schonn an anere Gemenge gött. Mir sinn do net Virreider, mä op d'mannst si mer eng vun deenen éischte Gemengen, déi op dee Wee geet.

D'Wichtigkeet vun der ekonomescher Entwécklung. Haaptsächlech d'Geschäftswelt hei an eiser Stad an och am Stadzentrum. Wou mer jo immens Problemer hunn, fir déi erëm richtig un d'Dréien ze kréien. Do ass scho während enger Zäitchen – et ass bal ee Joer –, wou mer iwwer eng Commission économique schwätzen. An elo ass et un der Zäit, dass déi Kommissioun esou schnell wéi méiglech hir Aarbecht kann ophuelen. Mer ginn dervun aus, dass mer, nodeem déi Motioun gestëmmt ass a jiddweree mat op dee Wee geet, eis schnellstens an enger Aarbechtssitzung vum Gemengerot iwwert d'Besetzung an d'Zilsetzung vun deser neier Kommissioun eens ginn.

De responsabele Schäfte fir d'Bauten hat sech scho virdru bereet erkläert – dat ass elo hei schrëftlech aktéiert –, Bauprojeten de Parteien an och de concernéierte Gemengekommissiounen um Niveau vum APS virzustellen, fir eventuell Remarken oder Propositione kënnen mat an de Projet afléissen ze loossen.

An net zulescht soll et e Comité d'accompagnement fir all Initiative d'envergure ginn. Ech hunn et emol „Initiativen“ genannt, well dat Wuert „Projet“ ka vlächcht erëm op Bauprojeten hiweisen. Bei Initiativen, do kënnen och Baute mat am Coup sinn, do kënnen Rekonversioune vu Sitte mat am Coup sinn. Et sinn Initiativen, déi vun engem groussen Interêt fir eis Stad sinn. Fir do ee Comité d'accompagnement anzesetzen. Den Här Diderich hat e schonn erwänt.

Dat kënnen och Initiativen am Kader vum Logement sinn, Rekonversioune vu Gebaier zu neien Iddien, wéi déi vum Science Center Plus respektiv der Groussgasmassinn, wat een alles do maache kann. Wéi sinn d'Iddie vun der Stad? Wéi sinn d'Interesse vun der Stad? Et kënnen Aktiounen sinn am Kader vun 2022. An och do all Kéiers kucken: Wéi ass et mat der Nohaltegkeet?

ERNY MULLER (LSAP) explique que la motion a été élaborée par les trois partis d'opposition, qui ont également posé des questions écrites au collègue échevinal.

Il remercie tout d'abord M. Diderich pour sa présentation. L'objectif de la motion est de permettre au conseil communal de progresser dans son travail politique. C'est pour cela qu'elle s'appelle « Motion en faveur du renouveau de la Ville de Differdange ».

Dans cette affaire, le LSAP a toujours insisté sur l'importance de la transparence. Erny Muller espère que ce dossier sera conclu une fois les réponses obtenues. Les affaires communales devront reprendre leur cours normal, car il reste beaucoup de travail.

La motion prévoit un certain nombre de nouveautés. Le conseil communal doit s'engager sur une nouvelle voie grâce au code déontologique. Comme l'a souligné M. Diderich, le règlement interne sera corrigé. La politique de recrutement deviendra plus transparente grâce à un conseil de recrutement. Differdange ne sera pas pionnière dans ce domaine, mais elle sera une des premières communes à disposer d'un tel conseil.

Le développement économique est important. Le commerce dans le centre-ville ne fonctionne pas comme il faut. Il est question d'une commission économique depuis un an. Il est temps qu'elle soit créée. Le conseil communal devra se réunir rapidement pour discuter des membres de cette commission et de ses objectifs.

L'échevin aux bâtisses s'est dit disposé à présenter les projets de construction aux partis et aux commissions au stade d'APS pour permettre d'éventuelles remarques et propositions.

Un comité d'accompagnement interviendra à chaque projet d'envergure, qu'il s'agisse d'une construction, d'une reconversion de site ou de toute autre initiative d'intérêt. Erny Muller mentionne des initiatives dans le domaine du logement, mais aussi le Science Center et la machine à gaz, 2022, la culture et le tourisme, le 1535°, le sport avec ses infrastructures comme le stade d'athlétisme, le centre sportif... Le

1. Motion pour le renouveau de Differdange

comité apportera ses idées. C'est pourquoi on peut dire que cette motion apportera de la transparence et que le conseil communal s'engage sur une nouvelle voie.

Les socialistes ont posé des questions pour éclaircir et finalement boucler cette affaire. Tous les partis ont réfléchi. Des questions ont été posées. Le collègue échevinal a été interpellé. L'objectif est que le conseil communal dispose à la fin de toutes les pièces pour se faire une idée de ce qui s'est passé. Les déclarations du collègue échevinal et du conseil communal correspondaient-elles à la vérité?

Plusieurs questions se rapportent à la rue de Pétange en direction de la maison 15a. Il existe des divergences entre les conseillers communaux. C'est pourquoi toutes les pièces s'y rapportant devront être présentées. C'est ce qui permettra de savoir quand et dans quelles conditions les travaux ont été réalisés. Comment le permis de construire était-il formulé? Erny Muller ne veut pas entrer dans les détails, mais ces questions ont été déposées par écrit et devront obtenir une réponse lors de la prochaine séance.

FRANÇOIS MEISCH (DP) souhaite commencer par une rectification. RTL Radio a prétendu que les démocrates auraient contacté le CSV. C'est absolument faux. Aucun mandataire du DP n'a contacté le CSV. François Meisch rappelle que c'est M. Ruckert qui y a fait allusion. Il voudrait bien savoir quel membre du parti démocratique aurait contacté les chrétiens sociaux. De tels mensonges ne font pas avancer les choses.

Après les dysfonctionnements découverts au cours des dernières semaines, des mesures doivent être prises. Une enquête est en cours. Ce qui a été découvert est la pointe de l'iceberg. La motion doit permettre d'éviter que de telles choses ne se reproduisent. Il faut des éclaircissements dans les services communaux avec les conséquences que cela impose. La transparence et les contrôles doivent permettre d'éviter les abus et les conflits d'intérêts. Il a déjà été question du code de dé-

Wat kënne mer fir d'Zukunft maachen? Wéi kënne mer innovativ virgoen? Well do ass Kultur an Tourismus mat dran.

De 1535° gouf erwäant. Och gréisser Projeten am Sport. Meeschtens gehéiert eng Infrastruktur derzou. De Liichtathletikstadion ass eppes, wat erwäant ginn ass. D'Sportshal, de Centre sportif, dee soll erneiert ginn. Fir do Iddien zesammenzebréngen an ze kucken, dass déi realiséiert ginn. Fir gréisser Projeten oder Initiativen.

Da kënne mer soen, dass mer an dëser Motioun effektiv iwwer Transparenz, nei Weeër an iwwer Zukunftsperspektive fir eis Stad schwätzen.

Erlaabt mer kuerz, op déi Froen anzegoen. Net am Detail, well et si Froen, déi mer gestallt hunn, déi déngen derzou, Transparenz um Schluss ze hunn. Fir kënnen eng Kéier den Dossier politesch ofzeschleissen. All Partei huet sech Gedanke gemaach iwwer dat Ganz. Et ware scho Froe gestallt ginn. Et war eng Interpellatioun hei am Gemengerot.

Et geet ganz einfach drëm, dass mer eng Kéier kënne soen, elo hu mer all déi Piëcen, déi mer gefrot hunn, an elo kënne mer eis eng Meenung maachen. Aussoen, déi gemaach gi si vum Schäfferot oder allgemeng oder vun eiser Säit. Sinn déi esou oder si se net esou? Wéi gesäit dat aus? Da kann een dat ganz kloer an transparent jugéieren.

An ech wëll soen, dass nach ëmmer eng Partie Froen zum Wee zum Haus 15A, dat heescht vun der Rue de Pétange erop zum Haus 15A, derbäi sinn. Eng Partie. An och iwwer d'Pläng. Well do och Differenze waren. Do war eng Différence de vue nach hei gesot ginn an där leschter Sitzung. Dass do Leit sech net richtig informéiert hätten.

Do hate mer gesot, dat sinn déi Piëcen, déi wëlle mer hunn. Da si mer en connaissance de cause a kënne jugéieren, wéini wat fir eng Demande gemaach ginn ass, wat fir ee Libellé. Dat heescht, wat war de genauen Text vun der Baugeneemegung vun deem Gebai an esou virun an esou weider.

Do sinn eng Partie Froen, déi domadder zesammenhänken. Ech wëll mech elo just dorop beschränken, ouni am

Detail op déi Froen anzegoen. Déi Froe sinn all schrëftlech gestallt ginn. Mat der Fro, dass mer an där nächster ordnärer Sitzung déi Piëc virgeluecht kréien an op déi Froen eng Äntwert kréien.

Ech soen Iech Merci, dass ech d'Wuert huelen dierft.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dann ass et um Här Meisch, dee Matsignataire ass vun där Motioun.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci, Dir Dammen an Hären, ech fänken u mat enger Richtegstellung. Um Radio RTL gouf gesot, dass Leit vun der DP d'CSV kontaktéiert hätten, elo während der Period hei. Dat stëmmt absolut net. Et huet kee Mandataire vun der DP iergendee vun der CSV kontaktéiert. Dat war den Här Ruckert, deen dat behaupt huet. E ka mer herno jo ganz gäre soen, wien dat war a wie mer vun der CSV sollte kontaktéiert hunn. Esou Lige bréngen eis op jidde Fall net weider.

No all deenen Dysfonctionnementen, déi mer an de leschte Woche leider opgedeckt kruten, muss natierlech eppes geschéien. Mir kënnen net einfach esou weiderfueren. D'Enquête leeft. D'Spëtz vum Äisberg gouf jo schonn zouginn. Zumindest dat, wat schonn opgedeckt gouf. D'Justiz, déi schafft elo. A fir esou Saachen ze vermeiden, musse mer eis elo Moyene ginn. Dofir déi Motioun hei, déi gemeinsam Motioun.

Et geet elo drëms, fir sécher ze goen, datt et Oplklärung gëtt. Leider och an eise Gemengeservicer. Mat alle Konsequenzen, déi dat da mat sech bréngt. Et geet drëms, dass strukturell Saachen en place gesat ginn, déi méi Transparenz a Kontroll par rapport zu Abusen an Interesseskonflikter bréngen. Et gouf scho genannt, de Code de déontologie oder de Conseil de recrutement an esou weider. Dat muss och kloer a verbindlech si par rapport zur Ëffentlechkeet. Et kann net alles à huis clos gemaach ginn.

Mir ënnerstëtzen dës Motioun. An hoffen op e konstruktiven Neufank am Interêt vun Déifferdeng an all eise Bierger.

1. Motion pour le renouveau de Differdange

Ier mer esouwäit sinn, mussen awer nach eng Rei Froe beäntwert ginn, déi am Raum stinn. Dofir hu mer e ganze Froekatalog agereecht. Do ass et dann elo un der Majoritéit ze beweisen, dass wierklech e Wëllen do ass an en Neufank eventuell méiglech ka sinn. Mir hunn déi Feeler net gemaach. Mir hunn eis Oppositiousaarbecht erleedegt.

Eng gutt Approche war, dass Dir eis déi lescht Deeg zu verschiddenen Entrevuen invitéiert hutt, wou scho verschidde Froen ugeschnidde goufen an een Austausch stattfonnt huet. Dorobber probéiere mer opzebauen, soubal eis Froe beäntwert goufen.

Ech sollt am Fong alleguer déi Froen am Detail hei kuerz thematiséieren, uschneiden, presentéieren. Mir hunn eis awer just virun der Sitzung drop geeenegt, datt mer dat net maachen. Mir waarde bis déi nächst öffentlech Sitzung. Dann hoffe mer och, datt all déi Piëcen, déi mer froen, an déi Äntwerten, déi mer erwaarden, dann erauskommen.

Et waren eng ganz Rei Froen, haapt-sächlech zum Wee bei d'Haus 15A an der Route de Pétange. Awer och nach eng ganz Rei aner Dossieren hu mer thematiséiert, wéi och nach zum Beispill d'Astellungspolitik. Do waren eis verschidden Irregularitéiten opgefall. Haapt-sächlech virun de Walen. Fir de Rescht ginn ech elo net an den Detail. Dat kucke mer dann déi nächst ordinär Sitzung vum Gemengerot.

Da sinn ech fir haut scho fäerdeg. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Meisch. Ech kann dat bestätegen, wat Der gesot hutt, am Ufank. Wee wëllt elo d'Wuertmeldung. Mardamm Brassel-Rausch, wannechgelift.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just kloerstellen, dass awer net fir den 23. Oktober allegueren d'Äntwerten do sinn, gelt. Dat wollt ech just eng Kéier soen. Dir kritt se au fur et à mesure, wéi mir se kréien, gelt. Just nach eng Kéier, fir sécher ze sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An d'Fro ass och nach, ob Dir se au compte-gouttes wëllt kréien, wann een et esou wëllt huelen, soubal mir se hunn. Oder wëllt Der dee ganzen Dossier oder ee Kapitel en bloc hunn? Dat misste mer duerno nach beschwätzen.

Dann hat den Här Hartung d'Wuert gefrot.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, an de leschte Méint hunn all d'Fraktiounen driwwer geschwat, datt verschidden Ofleef besser musse gekläert ginn. Och wann dëst am Gemengegesetz scho verankert ass, an et net esou ass, wéi wa mer bis elo näischt gehat hätten an dës Richtung, ass et wichteg, d'Ofleef besser ze definéieren.

An der CSV hu mer eis an deem Kontext Gedanken zu engem präziséierte Code de déontologie gemaach, dee mer wëllen erstellen, fir déi besteeënd Virgabe weider auszebauen a méi kloer ze definéieren. Mëttlerweil – an dat begrëisse mer –, hu Gespréicher vun der Majoritéit an der Oppositoun an dësem Sënn stattfonnt. Dës Motioun ass ee gemeinsame Konsens vun alle Parteien. Mir soen alle Parteie Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. D'CSV ënnerstëtzt dës gemeinsam Motioun. Mir hoffen – an déi verschidde Virriedner hunn et scho gesot –, datt mer an Zukunft nees konstruktiv zesummeschaffen am Sënn vun Déifferdeng. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut eng Motioun hei virleien, déi, wéi ech dat elo matkritt hunn, nach liicht verännert ginn ass vun de Majoritéitsparteien. A se huet Zousätz kritt.

Et ass am Fong üblech, dass de Gemengerot, wann iwwe eppes diskutéiert gëtt, eng gewëssen Zäit virdrun déi Dokumenter zougestallt kritt. A mengem Fall ass et awer esou, dass ech vun där

ontologie et du conseil de recrutement.

Le DP soutient la motion et croit en un renouveau constructif.

Au préalable, le conseil communal a cependant besoin de réponses. C'est pourquoi le collège échevinal a reçu un catalogue de questions. La majorité peut démontrer qu'elle veut un renouveau. L'opposition n'a pas fait d'erreurs; elle a fait son travail.

Au cours des derniers jours, des entrevues ont eu lieu. Désormais, il faut des réponses. François Meisch avait prévu de présenter toutes les questions en détail, mais le conseil communal a finalement décidé de ne pas le faire aujourd'hui. Il espère obtenir toutes les pièces et réponses demandées.

Les questions portaient sur la route de Pétange. Mais il est aussi question de la politique de recrutement. Des irrégularités ont eu lieu avant les élections. Mais François Meisch ne veut pas rentrer dans les détails.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

tient à préciser que toutes les réponses ne seront pas disponibles le 23 octobre. Le conseil communal les obtiendra au fur et à mesure.

TOM ULVELING (CSV) demande si les réponses devront être fournies au fur et à mesure ou en bloc.

JERRY HARTUNG (CSV) signale que depuis quelques mois, il est question de mieux définir certains fonctionnements. Mais cela ne signifie pas que jusqu'à présent il n'existait pas de règles.

Le CSV a réfléchi à la mise en place d'un code de déontologie pour développer ces prescriptions.

Entretemps, des discussions ont eu lieu entre la majorité et l'opposition. La motion représente un compromis entre tous les partis. Jerry Hartung remercie les partis pour la collaboration.

Le CSV soutient la motion et espère qu'une collaboration constructive sera possible à l'avenir dans l'intérêt de Differdange.

ALI RUCKERT (KPL) constate que la motion a été modifiée et complétée par la majorité.

1. Motion pour le renouveau de Differdange

En général, les conseillers communaux reçoivent ce genre de documents à l'avance. Mais Ali Ruckert n'a appris l'existence de cette motion que lundi soir. Et ce ne sont pas des membres de l'opposition qui le lui ont dit, mais la majorité, qui l'a invité à des discussions.

Tout ceci est exceptionnel. Certains conseillers communaux ont reçu la motion, mais d'autres pas. Ali Ruckert l'a reçue hier d'un membre de l'opposition. Comme il était au travail, Ali Ruckert n'en a pris connaissance qu'hier soir. Il lui est donc difficile de prendre position. Ce n'est pas un bon signe pour le renouveau dont il est question.

En outre, à quoi ce renouveau va-t-il ressembler? Tout ne va pas changer. Le programme de coalition reste le même, même si un remaniement du collège échevinal va avoir lieu.

Ali Ruckert salue les revendications de l'opposition. Il les a lui-même exprimées à plusieurs reprises. Mais si le conseil communal les approuve, il faudra qu'elles soient mises en pratique.

Ali Ruckert rappelle, par exemple, qu'il a continuellement demandé que les dossiers soient mis à la disposition du conseil communal plus tôt. Quand un parti ne compte qu'un seul conseiller communal, cinq jours ne suffisent pas toujours. Certains dossiers font quarante centimètres d'épaisseur. Dans ces conditions, il est difficile de se préparer pour une séance.

Le parti communiste et d'autres conseillers demandent depuis longtemps que le conseil communal participe à l'élaboration de projets importants. Quand Ali Ruckert parle de conseil communal, il fait allusion aussi bien à l'opposition qu'à la majorité, qui n'est pas non plus systématiquement au courant des dernières évolutions. Des mesures dans ce sens permettraient de mieux comprendre les projets et d'enrichir les débats. Car il ne sert à rien de discuter de grands projets quand il est déjà trop tard pour les modifier. Aller dans ce sens constituerait un véritable progrès. Mais Ali Ruckert ne voit pas où se trouve le renouveau. Le conseil communal ne peut tout de même pas prétendre que rien ne s'est passé. Ali Ruckert

Motioun hei fir d'éischte Kéier eppes gewuer gi sinn e Méindeg den Owend. An dat sinn ech net gewuer gi vun den Oppositionsparteien, déi déi jo eraginn hunn, mä vu Verrieder vun der Majoritéit, déi mech e Méindeg den Owend op eng Diskussioun agelueden haten, fir eben driwwer ze diskutéieren, wéi et sollt weidergoen.

Dat ass scho ganz ongewéinlech, wann esou eppes geschitt. Well ech hu gesinn, dass verschidde Leit déi Motioun geschéckt kritt hunn an anerer net. A vun engem Verrieder vun der Opposition hunn ech déi gëschter zougeschéckt kritt. Zu engem Zäitpunkt, wéi ech geschafft hunn, ass dat bei mech heem op de Computer geschéckt ginn. Soudass ech dat da gëschter Owend konnt zur Kenntnis huelen.

Dann ass et natierlech schwéier, sech längerfristeg Gedanken iwwer esou eppes ze maachen. Dat ass och net onbedéngt e gutt Zeeche fir e Renouveau. Ech froe mech och, éierlech gesot, wéi dee Renouveau do soll ausgesinn. Et ass jo net esou, wéi wann elo alles géif änneren hei an der Gemeng.

Souwäit ech matkritt hunn, bleibt de Schäfferotsprogramm dee selwechten, och wann elo eng Ännerung kënnt an der Zesummesetzung bei de Majoritéitsparteien. Dann hätt ee kéinte vun engem Renouveau schwätzen.

Hei gétt elo nach eng Kéier – an ech begréissen dat och –, op eng Rei Fuerderung gepocht, déi verschidden Oppositionsparteien an der Vergaangenheet gestallt hunn. Déi ech och hei ëmmer gestallt hunn als Verrieder vun der Kommunistescher Partei. A wann de Gemengerot déi Motioun unhëlt, da misst ee jo dervun ausgoen, dass dat dann och géif verwierklecht ginn.

Ech denken zum Beispill drun, dass ech hei als Verrieder vun der Kommunistescher Partei an der Vergaangenheet ëmmer erëm – net eng Kéier, mä ëmmer erëm – gefrot hunn, ier ech gefuerdert hunn, fir d'éischt emol gefrot hunn, ob et net méiglech wär, eng Rei Dossieren éischter ze kréien.

Well et ganz schwierig ass – besonnesch wann ee vun enger politescher Partei ass, déi nëmmen ee Gemengerotsconseiller huet –, wann een dat fën-

nef Deeg virdu kritt. Dat sinn – Dir wësst et ganz genau – heiansdo Dossieren, déi schonn 20, 30, 40 Zentimeter kënnen ausmaachen, wann ee se zesummeleet. Soudass et natierlech schwierig ass, sech op Gemengerotssitzunge virzebereeden.

Wann dat anescht geet, dann ass dat, géif ech soen, och am Sënn vun der demokratescher Diskussioun, déi dann am Gemengerot stattfënnt.

Dat selwecht gëllt – wat ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei an och anerer gesot hunn –, datt d'Gemengeréit misste generell méi an d'Verwierklechung vu grouss Projeten agebonne ginn. An domat hunn ech net nëmmen d'Gemengerotsmembere vun der Opposition gemengt, mä och d'Gemengerotsmembere vun der Majoritéit. Wou ee jo och heiansdo héieren hat, dass se net ëmmer um leschte Stand ware vun esou Projeten.

Dat géif dann och, ganz allgemeng, éischters zu engem méi grouss Verständnis féiere vun esou Projeten. Zweetens d'Diskussioun beliewen. An d'Méiglechkeet wär do, fir iwwert déi Projeten zu engem méi fréien Zäitpunkt, och an der Bevëlkerung, ze diskutéieren. Och dat ass eng Saach, dass een dat soll, wa grouss Projeten do sinn, méiglechst breet diskutéieren. An net eréischt zu deem Zäitpunkt, wou, loosse mer soen, näischt méi drun ze änneren ass. Oder ganz wéineg drun ze änneren ass. Dat wär also positiv, wa mer an déi Richtung kéinte goen. Et wär e Fortschrëtt.

Mä ech gesinn doran nach kee Renouveau an der Gemengepolitik zu Déifferdeng, muss ech nach eng Kéier soen. Well mer kënnen jo net maachen, wéi wann näischt geschitt wär. An ech bleiwen och bei deem, wat ech viru längerer Zäit geäussert hunn, dass hei, ier et ëm Inhalter gaangen ass, de Mann amplaz de Ball gespillt ginn ass. Ech bleiwe bei där Ausso. An ech wäert och nach an Zukunft, wann no an no verschidde Wourechtchen un d'Dageslicht kommen, dorun erënneren.

Et ass gesot ginn, ech hätt gelunn, wéi ech gesot hunn, hannert de Kulisse wäere Gespréicher gelaf, fir eng aner Kotalitioun ze maachen. Et sinn aner Leit, déi wëssen dat besser, géif ech soen. Ech

1. Motion pour le renouveau de Differdange

hunn an engem Interview an enger Da-geszeitung gelies, dass ee vun de Schäfte vun der Gemeng dat bestäetgt huet, dass et do Gespräicher gi sinn. Dat huet mer och de fréiere Buergermeeschter bestäetgt, dass do scho Gespräicher gef-laf sinn.

Ech wëll dat elo net unzweiwelen. A mir ass dat och, ganz éierlech gesot, wann dat geschitt – et ass jo och esou, op nationalem Niveau huet d'CSV jo ni anerer gefrot, fir dës Regierung ze kip-pen, fir dann eng aner Partei mat hir dohin ze stellen. Dat weess jo all Mënsch, dass do ni eppes geschitt ass hannert de Kulissen. Dat ass jo ganz kloer. A wann ee mat esou Saache kënnt, ass et ganz schwierig, e Renou-veau ze maachen. An da muss mer emol kucken, wéi dat da weidergeet.

Ech wäert op alle Fall och an Zukunft – och wann déi eng oder déi aner Dro-hung kënnt oder soss Saachen – net dervun zrückschrecken, dat ze soen, hei an op anere Plazen, wou ech mengen, dass et d'Wourecht ass.

Ech wëll awer soen, dass ech déi Mo-tioun, wou wierklech eng Rei Fuerde-rungen drastinn, déi d'Kommunistesch Partei an der Vergaangenheet och ge-stallt huet, ënnerstëtzt wéilt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Ruckert. Da géif ech dem Här Frenz Schwachtgen d'Wuert nach ginn.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, léif Bierger dobaussen, léif Press heibannen, ech wëll prinzipiell am Numm vun deene Gréngen an och a mengem perséinle-chen Numm nach eng Kéier ganz kloer soen, dass déi Affär, déi elo ronderëm de Roberto Traversini entstanen ass, eis leeddeet. An dass mer déi net konnten, an deem Sënn, beaflossen, dass se net passéiert ass.

Déi hei Motioun ass elo en Ausdrock vun deem, wat dann an der Gemeng ronderëm leeft. Mir begrëssen esou eng Motioun a wäerte se och stëmmen. Och an deem Sënn, dass inhaltlech all déi Wäerter, déi hei ugeschwat ginn –

Deontologie, Zesummenaarbecht, In-formatioun an demokratesch Diskus-sioun –, am Wesentlechen och eis gréng Wäerter sinn. A mir wëllen déi gréng Wäerter an deem Sënn nach eng Kéier opwäerten. Dat steet iwwregens, wéi mer gemierkt hunn, an eise gréng Stä-tuten.

D'Fro bleift natierlech – an ech men-gen, dat soll een elo an deene ganze Punkten hei analyséieren, wa mer all zesummen, sou wéi et den Uschäin huet, dës Motioun stëmmen, wat ech mer och wënschen –: Ass dann ze er-waarden, datt en eenzelt, perséinlecht falscht Verhale verhënnert gëtt?

Ech fäerten, och dee bescht gemengten, opgefreschten Deontologiekodex wäert dat net kënne verhënnern an Zukunft. Et gëtt ëmmer Feeler vu Leit, aus alle Richtungen. Aus der Oppositioun an aus der Majoritéit, déi jo och ka wiesse-len. Déi vläicht den Artikel 20 vun der Loi communale net méi kennen oder ni gelies hunn. Déi och vläicht aner Punk-te vun eisem Gesetz net respektéieren.

An dat sinn ebe Faiten, déi elo hei passéiert sinn. Den Här Traversini huet jo eng Partie Feeler zouginn. Mä ech wëll awer och rappelléieren – ech wëll net op déi Froen, déi herno kommen, agoen, si sinn awer kuerz vum Här Muller ernimmt ginn –, mir sinn an en-ger Affaire en justice. An ech mengen, dorunner solle mer eis halen. A wann een heibanne belaschtend oder ent-laschtend Beweiser huet, da soll en, wannechgelift, un de Parquet goen an dat do hannerleeën.

Dat misst elo eng Kéier ophéieren, dass mer Vermuddungen, Gespräicher dorëmmer féieren. Jiddwereen ass sen-séiert – och de Schäfferot an och mir alleguer –, déi Piëcen erauszeginn, déi mer zur Verfügung hunn. Fir Kloerheet an déi Saach ze bréngen. An da soll e Geriicht urteilen. An da soll dat eraus-kommen, wat mer da mussen aktéieren. Ech mengen, dat soll een emol eng Kéier wierklech kloer soen. Dass mer elo op engem Punkt sinn, wou dann e Renouveau ugeschwat gëtt, ënner eis, déi elo dann hei iwwreg bleiwen.

An ech mengen, ee Renouveau kann och an deem Sënn sinn, dass Kollateral-schied vun engem eventuelle Feeler, vun egal wem och ëmmer, och verhënnert

reste convaincu qu'il était moins question de contenus que d'un homme. Il ne manquera pas de revenir sur ce point lorsque la vérité sera connue.

On a dit qu'Ali Ruckert avait menti en disant que des discussions au sujet d'une autre coalition avaient eu lieu dans les coulisses. Or un échevin de la commune l'a confirmé dans un quotidien. En outre, l'ancien bourgmestre le lui a dit personnellement et Ali Ruckert n'en doute pas. Il ironise sur le fait que ce type de discussions n'ont jamais lieu. Tout le monde sait par exemple que le CSV n'a jamais essayé de faire tomber le gouvernement. Quand on agit de la sorte, un renouveau devient difficile.

Même si on le menace, Ali Ruckert n'hésitera pas à dire la vérité à l'avenir.

Cependant, il approuvera la motion, qui contient d'anciennes exigences du parti communiste.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

se dit désolé de l'affaire qui s'est créée autour de M. Traversini. Malheureusement, les écologistes n'ont rien pu faire pour l'éviter.

Les écologistes saluent la motion présentée aujourd'hui et l'approuveront. Les valeurs de déontologie, collaboration et information sont des valeurs auxquelles déi gréng tient. Le parti veut les revaloriser.

Frenz Schwachtgen a l'impression que la motion sera approuvée à l'unanimité. C'est une bonne chose. Mais il se demande si cela suffira à empêcher quelqu'un de commettre des erreurs. Même le meilleur des codes de déontologie ne suffira pas. Il y aura toujours des erreurs, que l'on appartienne à la majorité ou à l'opposition. Il y a des gens qui ne connaissent pas l'article 20 de la loi communale ou qui ne l'ont jamais lu, et qui ne respectent peut-être pas d'autres articles non plus.

Cette affaire est survenue à Differdange. M. Traversini a reconnu certaines erreurs. Frenz Schwachtgen rappelle qu'il s'agit désormais d'une affaire en justice. Si quelqu'un dispose d'éléments à charge ou à décharge, il devra les communiquer au parquet. Tout le monde est censé remettre les pièces à la jus-

1. Motion pour le renouveau de Differdange

tice. Un tribunal prendra ensuite les décisions qui s'imposent.

Le renouveau signifie aussi éviter les dommages collatéraux causés par d'éventuelles erreurs. Les informations devront sortir de manière plus fluide tout en tenant compte de la situation de confidentialité. La méthode et le résultat contribueront à renforcer la confiance entre conseillers communaux et la confiance vis-à-vis des employés communaux et de la population.

Frenz Schwachtgen tient par ailleurs à signaler que le rapport entre la majorité et l'opposition était déjà démocratique avant. Le collège échevinal a communiqué des informations lors de séances secrètes ou publiques. Frenz Schwachtgen fait partie de ceux qui ont toujours exigé de la transparence. Déi gréng et le CSV veilleront à améliorer encore les choses. Frenz Schwachtgen se réjouit du fait que le collège échevinal ait discuté avec l'opposition ces derniers jours de la façon d'améliorer la collaboration au-delà de l'affaire Traversini. La motion représente un consensus. M. Ruckert a clairement dit que certaines situations peuvent mener à des luttes internes pouvant se révéler particulièrement sales. Frenz Schwachtgen espère qu'après cette séance du conseil communal et après un remaniement du collège échevinal les conseillers communaux pourront se regarder dans les yeux et parler ouvertement comme cela a toujours été le cas. Sur le plan national, il reste du pain sur la planche.

(Interruption de M. Bertinelli)

Frenz Schwachtgen répète que la collaboration devra être honnête. Il ne s'agit en aucun cas de cacher des choses.

Les écologistes souhaitent une amélioration de la déontologie et de la démocratie. Mais cela ne signifie pas qu'il faut museler les partis. Les arguments doivent être exprimés librement. Il faut être fermes, mais équitables. Chacun doit pouvoir avancer ses arguments et se faire entendre. Frenz Schwachtgen lance un appel au conseil communal pour que tout soit fait dans ce sens.

La motion doit aussi lancer un message positif au personnel. Car

ginn. Dass déi méi fléissend opgekläert ginn. Dass méi Informatioun erausgeet, déi natierlech och an enger gewässer confidentieller Situatioun am Ufank musse stattfannen. Souwuel d'Method wéi herno d'Resultat kënnen eis da méi wäit bréngen an eisem Vertrauen, wat ee géintiwwer deem anere muss hunn. An eisem Vertraue vis-à-vis vun eise Beamten an eisen Aarbechter. An eisem Vertraue vis-à-vis vum Bierger.

Loosse mer hoffen, dass dat eppes déngt an op dee Wee goen. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet Saach wollt ech awer och kloer soen zum Renouveau démocratique: Et soll elo net den Uschäin hunn, wéi wa bis elo keen Demokratieverständnis vun der Majoritéit par rapport zur Opposition bestanen hätt. Ech ka mech u ganz vill Beispiller erënneren, an der geheimer Sitzung, an der öffentliche Sitzung, wou vill Informatioun erausgaangen ass. A wou net hannert der Heck bliwwen ass mat Informatiounen.

An ech selwer sinn een, dee wierklech dorobber gehalen huet an och ëmmer wäert halen. Eis gréng Linn an eis Linn vun der CSV wäert och dofir suergen, dass mer an Zukunft zesummeschaffen, gutt zesummeschaffen. An och déi Saachen, déi mer bis elo probéiert hunn unzepaken, nach ze verbessern.

Ech sinn och frou, dass eis Leit aus dem Schäfferot, a mir all zesummen, déi lescht Deeg mat der Opposition geschwat hunn. An oppen openeen zougaange sinn, wéi et an Zukunft soll ausgesinn hei zu Déifferdeng, iwwert d'Affär Roberto Traversini eraus. Wéi eng besser Qualitéit an der Zesummenaarbecht ka gemaach ginn.

Dës Motioun ass jo e Konsens vum ursprénglechen Text. Et deet mer och leed, dass vläicht dann den Här Ruckert, dee ganz kloer Wieder geschwat huet – och an der leschter Conseilssitzung ganz kloer geschwat huet – iwwer Hannergrënn, déi ënner Partie kënnen zu ganz schroen internen a vläicht dann och dreckege Kämpf féieren.

Deen, loosse mer soen, Politikampf, deen elo nach an der Stad leeft, ass zu Déifferdeng ofgewannt ginn. Ech mengen, no dëser Sitzung a mat enger neier

Besetzung vum Schäfferot wäerte mer eis erëm kënnen – an ech hoffen, mer konnten dat ëmmer maachen – an d' Ae kucken an offe matenee schwätzen. Leider si mer um nationale Plang nach amgaangen dermadder, fir dat opzeschaffen.

(Interruption)

Jo, opschaffen ass kloer, Här Bertinelli. Och hei opschaffen. Mä ech mengen, an engem Geescht vun éierlecher Zesummenaarbecht. An et ass ganz kloer, do soll näischt ënnert den Teppesch gekiert ginn, wat net dohinner gehéiert.

Wéi gesot, mir hoffen och op eng Verbesserung vun eisen deontologesche Verhältnissen, op eng Verbesserung vun eisem demokratesche Wiesen hei zu Déifferdeng. Domadder wëllt awer kee soen, dass de Partie soll e Maulkuerf ugedoe ginn. Am Géigendeel.

D'Argumenter sollen, wéi bis elo, och mat staarke Wieder kënnen ausgetosch ginn. Vläch nom Motto „haart, awer fair“. Wéi am Sport, soll dat och fir d'Politik gëllen. Et dierf ee géigesäitig Meinunge soen. Déi och haart genuch verrieden, fir dass se och gehéiert ginn. Well soss huet een och näischt an der Politik verluer.

Ech wier frou, wa mer dat kéinte fäerdigbréngen. An ech maachen do en Appell un eis alleguerten, dorunner ze schaffen.

Dës Motioun soll e positive Message weiderginn. Virun allem un eist Personal, eis Aarbechter, eis Beamten, déi jo total veronséichert musse si vun deem, wat ofleeft. An ech fillen do mat hinne.

An ech mengen, do musse mer dann och kucken, wéi et do weidergeet a wéi mer do kënnen an engem neie Geescht ufänken. Well et ass jo dacks e verierfte Geescht, deen nach am Gemengewiesen herrscht. Dee vill méi laang ass wéi elo dës Koalitioun. Dee vill méi al ass och vläch wéi aner Saachen.

Ech denken, de Message soll virugoen un eis Bierger, déi nach un eng propper Demografie gleewen. Oder un déi, déi de Glawe vläch e bèsse verluer hunn, dass se deen erëmfannen. Si hunn all Erwaardungen un eis. An déi Erwaar-

1. Motion pour le renouveau de Differdange

dunge mussen mer probéieren ze erfolle. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn den Tour de table gemaach. Wann een esou héiert, da si mer e bëssen alleguerten op darselwechter Linn. Mir sinn an deene leschte Wochen, muss ech wierklech soen, och ech perséinlech, béis duerchernee gerëselt ginn. Mer hunn eis Froe gestallt. An op déi Froen hu mer versicht Äntwerten ze ginn. Mir hoffen elo mat engem neien Ufank ze starten. Dass mer eis an Zukunft kënnen ëm eis Bierger këmmen an ëm Déifferdeng këmmen. An dass mer net mussen dauernd an der Defensiv sinn.

An deem Sënn wëll ech awer och dem Roberto Traversini vun hei aus eng Kéier Merci soen. Fir all déi Joren, wou en hei geschafft huet. Wou en Déifferdeng awer no vir bruecht huet. Ech mengen, et ass e Mënsch. E Mënsch ka Feeler maachen. An dat sollt een och emol berécksiichtegen. Dat soll net seng Meritter schmähleren, déi en awer an der Vergaangenheet fir Déifferdeng gemaach huet. Et war e ganz engagéierter Mënsch.

Domat géif ech dann ofschléissen. A mir géifen zum Vott kommen.

Der Press soll ech soen, mir géifen nom Vott vum Buergermeeschter nach eng Kéier opmaachen. Wann Der dann nach Froen oder esou hutt, da kënn Der erëm erakommen. Oder interviewen. Oder wat och ëmmer.

Et geet ëm d'Motioun en faveur du renouveau de la Ville de Differdange, déi d'Oppositionsparteien zesumme mat der Majoritéit ausgeschafft huet. A mir géifen déi elo zum Vott stellen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la motion suivante en faveur du renouveau de la Ville de Differdange initiée par les partis politiques LSAP Déifferdeng, DP Déifferdeng et déi Lénk Déifferdeng:

Le conseil communal

- *considérant les événements récents qui ont touché l'administration communale de la Ville de Differdange;*
 - *considérant que la confiance entre collègue échevinal et le conseil communal, et celle entre les différents acteurs de l'administration communale a été ébranlée;*
 - *considérant que chaque institution et chaque organisation est exposée aux risques d'abus;*
 - *relevant que plusieurs questions restent ouvertes et nécessitent un éclaircissement total et honnête;*
- invite le collègue des bourgmestre et échevins*
- *à répondre dans les meilleurs délais aux questions posées par des conseillers communaux de façon écrite et en joignant toutes les pièces y relatives. Les réponses seront apportées suivant le règlement d'ordre intérieur, le code de déontologie et selon la loi communale en vigueur;*
 - *à élaborer en collaboration étroite avec tous les membres du conseil communal un code de déontologie qui aura comme objet d'assurer une séparation nette entre la fonction de l'élu et ses intérêts privés;*
 - *à adapter en étroite collaboration avec tous les membres du conseil communal le règlement interne de 2006 qui porte sur le fonctionnement du conseil communal et des commissions consultatives;*
 - *à mettre en place un conseil de recrutement qui inclut un membre de l'opposition, le/la chargé-e du Job-center, un membre de la délégation, l'échevin-e responsable du service en question et le/la chef de service dans le processus de recrutement et qui se base sur les lignes directrices de la politique d'embauche communale adoptées par le conseil communal;*
 - *à mettre en place dans les meilleurs délais une commission économique qui aura comme but d'élaborer un concept pour le développement économique de la commune ainsi*

l'état d'esprit du personnel survit en général les coalitions et les affaires.

C'est aussi le message qu'il faut lancer aux citoyens qui croient encore à une démocratie propre et à ceux qui n'y croient plus. Le conseil communal doit essayer de combler leurs attentes.

TOM ULVELING (CSV) *a l'impression que tous les partis sont sur la même longueur d'onde. Au cours des dernières semaines, la commune a été secouée. Le conseil communal s'est posé des questions auxquelles il faut essayer de répondre. Tom Ulveling espère qu'à l'avenir le conseil communal pourra s'occuper des citoyens au lieu d'être constamment sur la défensive.*

Tom Ulveling tient aussi à remercier M. Traversini pour toutes les années au cours desquelles il a travaillé à la commune. Il a fait avancer Differdange. Un homme peut faire des erreurs. Il faut en tenir compte. Ces erreurs ne doivent pas diminuer les mérites qu'il a eus par le passé. M. Traversini était une personne très engagée.

Tom Ulveling informe la presse qu'elle pourra poser ses questions après la nomination du bourgmestre.

Il passe au vote de la motion pour le renouveau de la Ville de Differdange.

(Vote)

1. Motion pour le renouveau de Differdange

Tom Ulveling passe à la séance à huis clos.

que de surveiller la bonne mise en œuvre;

- à informer les partis politiques et les commissions consultatives communales concernées au stade de l'avant-projet sommaire (APS) afin qu'ils puissent donner leur avis en-deans deux semaines pour les projets de construction publics;*
 - à mettre en place un comité d'accompagnement pour les initiatives d'envergure et de grand intérêt pour la Ville de Differdange.*
-

Domadder ass d'Motioun unanime ugeholl ginn. Mir géifen dann an de Huis clos goen. Wéi gesot, d'Press kann duerno nach eng Kéier erakommen.

CERTIFICATS

Les certificats suivants sont disponibles au bureau de la population sur présentation de la carte d'identité respectivement de la carte de séjour/attestation d'enregistrement/titre de séjour :

- Certificat de résidence ;
- Certificat de résidence élargi ;
- Certificat de vie ;
- Certificat d'inscription aux listes électorales ;
- Certificat d'autorisation parentale.

Les enfants mineurs partant à l'étranger sans être accompagnés par leurs parents peuvent demander une autorisation parentale. Ce certificat est établi par le bureau de la population. À cet effet, un des parents de l'enfant doit se présenter personnellement au bureau de la population en fournissant les renseignements suivants :

- Date de départ et date de retour de l'enfant ;
- Destination de l'enfant (pays et localité) ;
- Nom de l'accompagnateur (doit être majeur).

Il est impératif que l'un des parents se présente en personne au bureau de la population, puisque sa signature devra être légalisée. L'enfant devra garder sur soi cette autorisation et la présenter sur demande ensemble avec sa carte ou son titre d'identité.

Les certificats de résidence, de résidence élargie et d'inscription aux listes électorales peuvent aussi être demandés par courrier électronique avec copie d'une pièce d'identité annexée à biergeramt@differdange.lu.

DÉCLARATION DE DÉCÈS

Lors d'un décès, le médecin établit un document retenant les causes du décès qui ne peut être ouvert ni par les proches du défunt ni par le fonctionnaire communal qui établira l'acte de décès. Ce document constituera la déclaration de décès.

Procédure à suivre pour effectuer la déclaration de décès

En principe, un décès doit être déclaré dans les 24 heures au bureau de l'état civil de la commune où la personne est décédée, c'est-à-dire :

- Si une personne est décédée sur le territoire de la commune de Differdange, la déclaration se fait auprès de l'officier de l'état civil de l'administration communale de Differdange ;
- En cas de décès sur le territoire d'une autre commune, la déclaration est à faire auprès de l'officier de l'état civil de la commune en question (p. ex. : le décès d'une personne au Centre hospitalier Émile-Mayrisch à Esch-sur-Alzette est déclaré à la commune d'Esch-sur-Alzette).

La déclaration de décès peut être faite :

- soit par l'entreprise des pompes funèbres contactée par la famille ;
- soit par la personne la plus proche du défunt ou par toute autre personne.

Tous deux doivent être munis de leur carte d'identité ou passeport.
La personne chargée de faire la déclaration à l'état civil doit présenter :

- une attestation médicale certifiant le décès ainsi que les causes du décès ;
- le livret de famille du défunt si possible ou, à défaut, toutes les pièces d'identité et documents concernant le défunt (acte de mariage ou de naissance, documents d'identité) ;
- en cas d'incinération, le certificat médical attestant qu'il n'y a ni signe ni indice de mort violente ainsi qu'un certificat médical attestant que la personne défunte n'est pas porteuse d'un stimulateur cardiaque.

Organisation des funérailles

L'enterrement ou le dépôt des cendres se fera uniquement sur base d'une autorisation écrite, délivrée par l'officier de l'état civil. Différentes situations peuvent se présenter :

- En cas de décès sur le territoire de la commune de Differdange, l'autorisation peut être demandée au moment de la déclaration de décès ;
- En cas de décès sur le territoire d'une autre commune, l'autorisation est établie selon le permis de transport délivré par la commune où est survenu le décès ;
- En cas de décès à l'étranger, l'autorisation est délivrée sur base des renseignements officiels fournis à l'officier de l'état civil s'il les juge suffisants.

L'incinération d'une personne décédée au grand-duché de Luxembourg ne peut avoir lieu que sur autorisation de l'officier de l'état civil du lieu de décès. Cette autorisation est accordée sur présentation :

- d'un acte exprimant la volonté du défunt d'être incinéré ou à la suite de la déclaration d'un membre de la famille le plus proche du défunt ;
- d'un certificat médical attestant qu'il n'existe ni signe ni indice de mort violente ;
- d'un certificat *pacemaker* destiné au crématoire.

Lieu d'inhumation ou du dépôt de cendres

L'enterrement dans un des cimetières de la commune de Differdange est réservé aux personnes (résidents ou non) possédant une concession funéraire valable ainsi qu'à leurs ascendants et descendants avec les conjoints respectifs. Les personnes qui sont décédées peuvent également être enterrées dans un cimetière communal. En fait, différentes situations peuvent se présenter en fonction desquelles l'officier de l'état civil vous fournira toutes les informations utiles.

Dans l'optique d'une incinération, l'urne peut être déposée soit dans la tombe familiale, soit dans un columbarium. Les cendres peuvent également être dispersées sur la pelouse réservée à cet effet aux cimetières de Differdange, Niederkorn, Oberkorn et Lasauvage.

Il est possible d'opter pour un enterrement civil ou un enterrement religieux. La famille pourra choisir une mise en terre du cercueil. De même, l'option d'un dépôt de cendres ou la dispersion pourra se faire au cimetière forestier *Bei den Gruben* à Niederkorn ou dans tout autre cimetière.

Si vous optez pour une cérémonie civile, un responsable communal sera présent à vos côtés et trouvera les paroles qu'il faut pour rendre hommage au défunt lors d'une cérémonie.

Préparation de la succession

Un formulaire concernant les démarches administratives à faire lors d'un décès vous sera remis par l'officier de l'état civil du lieu de déclaration de décès.

Problemer ?

Ruff un !

116111

oder online www.kjt.lu



Le KJT est géré par Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l., en association avec la Fondation Kannerschlass, la Croix-Rouge luxembourgeoise, la Ligue médico-sociale dans le cadre d'une convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (CO-FC/014/2008 et EF/SFCA/007).





6+7 MARCH 2020

CONCERTS /// CONTEST /// WORKSHOPS

CLIVE BUNKER

ROBERTO GATTO /// FEDERICO PAULOVICH

FRANCK AGULHON /// POL BELARDI /// GILLES BERNARD /// PIT DAHM

NIELS ENGEL /// JEFF HERR

INFORMATION, PROGRAMME, REGISTRATION ON
www.drummerdays.lu



**ÉCOLE DE MUSIQUE
DE DIFFERDANGE**



**Ville de
Differdange**

**CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT ● ● ● ● ●
STADHAUS
Differdange**